
# INFO BLAT

°09 25

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 10. DEZEMBER 2025




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 09.25


COMPTE-RENDU DU 10 DÉCEMBRE 2025

5-84

PÉDIBUS

85

DIFFMAP

86



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 09/2025,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 10 DÉCEMBRE 2025

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Morgan Engel (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation, à titre exceptionnel, du lieu de réunion de la séance du conseil communal.**
2. **Communications du collège échevinal.**
3. **Finances communales : budget rectifié 2025 et budget initial 2026 — prises de position des groupements politiques et des conseillers communaux — réponses du collège échevinal — vote.**
4. **Projets communaux — devis à l'appui du document budgétaire :**
   a. Travaux de rénovation et d'amélioration énergétique de la maison au 2, rue Saint-Paul à Niederkorn — devis, article budgétaire 4/132221312/26058 ;
   b. Foyer de jour Kornascht : divers travaux de parachèvement — devis, article budgétaire 4/241/221312/26045 ;
   c. 1535° Creative Hub bâtiment A : travaux de transformation (ancien local Wok) — devis, article budgétaire 4/493/221311/25012 ;
   d. 1535° Creative Hub bâtiment A : travaux de rénovation de la toiture — devis, article budgétaire 4/493/221311/23014 ;
   e. Réfection des chemins ruraux aux lieudits Hannert de Krëschtchen / An den dreckigen Wisen / Op der Kielchen — devis, article budgétaire 4/542/221313/19040 ;
   f. Infrastructures publiques : pistes cyclables Haneboesch — rue des Ligures — rue Pierre-Gansen — devis, article budgétaire 4/624/221313/25006 ;
   g. Infrastructures publiques : pistes cyclables rue de Bascharage et avenue du Parc-des-Sports — devis, article budgétaire 4/624/221313/26012 ;
   h. École des garçons de Differdange : travaux d'aménagement d'une salle de danse pour l'école de musique au sous-sol — devis, article budgétaire 4/836/221311/26009 ;
   i. Hall gymnastique Josy-Stoffel : travaux de rénovation de la toiture — devis, article budgétaire 4/822/221312/26029 ;
   j. École des filles de Differdange : travaux de rénovation et transformation phase 3 — avant-projet détaillé et devis, article budgétaire 4/910/221311/26022 ;
   k. Travaux de rénovations d'une maison unifamiliale sise à Lasauvage, 37, Balcon — devis, article budgétaire 4/611/221312/26066 ;
   l. Travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise à Niederkorn au 38, rue des Ligures — devis, article budgétaire 4/611/221312/26067 ;
   m. Travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise à Differdange au 85, rue de l'Hôpital — devis, article budgétaire 4/611/221312/26068 ;
   n. Travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise à Differdange au 52, Grand-rue — devis, article budgétaire 4/611/22131226069 ;
   o. Travaux de rénovation d'une résidence sise à Differdange au 3, rue du Parc-de-Gerlache — devis, article budgétaire 4/611/221312/26070.

5. **Déifferdeng, eng Stad hëlleft : projets et actions soutenus en 2025 — deuxième tranche.**
6. **École de musique : organisation scolaire définitive 2025-2026 — deuxième validation.**
7. **Personnel communal : adaptation de l'organigramme — création d'un poste pour les besoins du service logement.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Contrat de bail établi suivant les dispositions relatives au logement abordable pour deux logements locatifs au sein du complexe Gravity à Differdange et visant la mise en œuvre du projet Mini-ViTo-Home initié par la fondation Jugend- an Drogenhëllef ;
   b. Contrats de mise à disposition de deux maisons sises au 77 et 79, avenue Charlotte, à Differdange ;
   c. Contrat de bail d'un bureau situé au premier étage dans l'immeuble connu sous la dénomination de Markenhaus à Differdange au 7, avenue de la Liberté ;
   d. Contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub ;
   e. Contrats de baux agricoles visant les terrains situés à Niederkorn aux lieudits Am Kannerbongert et Tinnesgruendchen ;
   f. Contrat de bail visant la location d'un terrain sis aux abords de la rue Aeppelboesch à Niederkorn ;
   g. Premier avenant à un contrat de bail établi suivant les dispositions relatives au logement abordable pour un logement locatif au sein du complexe Gravity à Differdange.
9. **Règlements communaux :**
   a. Adaptation du mode d'attribution de l'allocation de solidarité communale ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
10. **Syndicats des communes : programme d'action Sicona Sud-Ouest pour l'exercice 2026.**
11. **Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**

# 1. Lieu de réunion / 2. Communications

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- an dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer dobaussen, ech si frou, Iech ze begréissen op eiser Gemengerotssitzung vum 10. Dezember. Wéi Der gesitt, hu mer e chargéierten Ordre du jour, dofir sinn ech frou, dass mer esou pénktlech ukommen, an dass jiddweree connectéiert ass um Internet. Wéi Der gesitt, si mer an engem neie Sall.

Ier mer zum Punkt 1 kommen, géif ech d'Froen opschreiwen, déi mer als Punkt 12 traitéieren, ier mer an d'Nonpublique ginn. Wann ee Froen huet, kéint Der Iech elo mellen. Wann net, mir wäerten och Är Froen, déi Der iwwer dee ganze Budget an esou hutt, probéieren Iech ze beäntwerten.

Da géife mer zum Punkt 1 komme vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Designatioun vum Sall. Do musse mer ofstëmmen, ob dat fir Iech an der Rei ass, deen neie Sall, vun deem mer mussen haut hei profitéieren, vu dass deen anere Sall, wou mer soss ëmmer sinn, gebraucht gëtt fir eis Seniorefeieren.

Ech mengen, mer hunn alles hei, wat mer brauchen. Ech wëll direkt ee grousse Merci soen, deene Leit, déi dat hei amenagéiert hunn an déi eis déi technesch Moyenen zur Verfügung gestallt hunn, fir dass mer dobaussen, hei am Sall an iwwerall gutt ze héiere sinn. An dass mer och eng gutt Connectioun mam Internet hunn, fir dass dat Ganzt gutt ofleeft.

Wann dat ok ass fir Iech, da wier ech frou, wann Der géift d'Hand hiewen, da kéinte mer zum Punkt zwee iwwergoen. Deen hei Punkt ass d'Designatioun vum neie Sitzungssall. Fein. Ech soen Iech Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner, à titre exceptionnel, la salle de réunion de la SportFabrik comme lieu de réunion de la séance du conseil communal.*

Punkt 2, d'Kommunikatioun vum Schäfferot. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, bonjour. Ech hunn eng Kommunikatioun ze maachen, nodeems ech eng falsch Informatioun déi leschte Kéier ginn hat a menger Budgetsried zum Projet mat ArcelorMittal fir d'Réckgewënnung vun der Hëtzt. Déi Hëtzt gëtt net an elektresch ëmgewandelt, mee déi Hëtzt gëtt direkt an eise Systeem iwwergeleet. Dat war net richteg. Dofir wollt ech dat kloerstellen. Net dass Der do vu falschen Informatiounen ausgitt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Da géif ech d'Wuert viruginn un d'Madamm Charlé. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moien och vu menger Säit jiddwerengem haut.

Ech hätt e puer kuerz Informatioune virunzeginn, vu datt mer eis jo elo bal zwee Méint net gesinn. Dann hutt Der déi Informatiounen, ier Der dës a Fro stellt. An zwar uganks nächst Joers wäerten et verschidden Ännerunge ginn, wat den Diffbus ubelaangt. Dat war schonn eng Kéier an engem virege Gemengerot ugeschwat ginn.

Do ass et esou, d'Linn Nidderkuer, déi wierklech bal net genotzt ginn ass, wäert gestrach ginn. An amplaz kënnt eng aner Linn, déi all eis Quartieren zu Déifferdeng matenee verbënnt. Dës Linn fiert dann eng Kéier deen een Tour an eng Kéier deen aneren Tour, dat heescht an déi zwou Richtungen. Ech denken, dat wäert eis ganz, ganz gutt hëllefen, fir eis Quartieren zesummen ze verbannen. Dat wäert, wéi gesot, uganks nächst Joer am Januar starten.

Eng aner Informatioun ass de Quartier Lasauvage, mat der Vignette résidentielle, wou mer och schonn driwwer geschwat haten an ofgestëmmt haten.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance du conseil communal du 10 décembre. Il se réjouit d'accueillir les conseillers, les représentants de la presse et les auditeurs. Il souligne que l'ordre du jour est chargé et se félicite de la ponctualité de chacun ainsi que de la bonne connexion Internet.*
*Il précise que la séance se tient dans une nouvelle salle, l'ancienne étant occupée par les fêtes des séniors. Il remercie chaleureusement les personnes qui ont aménagé les lieux et mis à disposition les moyens techniques nécessaires.*
*Il invite les conseillers à poser leurs questions, qui seront traitées au point 12 avant la partie non publique.*
*Il soumet ensuite au vote la désignation de la nouvelle salle de séance.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend la parole pour rectifier une information erronée qu'il a communiquée lors de son discours budgétaire précédent. Il précise que, dans le cadre du projet avec ArcelorMittal portant sur la récupération de chaleur, celle-ci n'est pas convertie en électricité, mais directement transférée au réseau de la commune.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *communique plusieurs informations. Concernant le Diffbus, la ligne de Niederkorn, très peu utilisée, est supprimée et remplacée par une nouvelle ligne reliant tous les quartiers de Differdange dans les deux sens, à compter de janvier.*
*La vignette résidentielle pour le quartier de Lasauvage entre en vigueur le 1er février pour des raisons organisationnelles.*
*Enfin, le stationnement payant à Haneboesch ne débutera qu'en avril, le parking locatif mensuel n'étant pas prêt avant cette date, la commune souhaitant lancer les deux dispositifs simultanément.*
*Zenia Charlé informe ensuite le conseil que le petit parking de courte durée situé devant Aquasud, qui n'a malheureusement pas toujours été utilisé à cette fin, est supprimé en raison de la forte demande de transport en bus. Cet espace est transformé en quais pour*

*autobus. Elle précise qu'un grand parking couvert se trouve juste à côté, où l'on peut toujours stationner gratuitement pendant trente minutes, de sorte que la situation ne change pas fondamentalement pour les usagers.*

*Elle communique ensuite une information concernant le nouveau calendrier de collecte des déchets. À la suite des retours négatifs reçus l'année précédente, le format du calendrier est doublé afin d'être nettement plus lisible. Elle se réjouit que le conseil des séniors ait approuvé cette nouvelle version. En complément, le magazine communal « Diffmag » contient désormais des pages détachables couvrant chacune un trimestre, que les habitants peuvent afficher chez eux et sur lesquelles prendre des notes. Ce dispositif vise à répondre aux demandes formulées l'année passée.*

*Enfin, l'échevine revient sur une information erronée qu'elle avait donnée lors d'une séance précédente, vraisemblablement à monsieur Cillien, au sujet des poubelles laissées sur la voie publique. Contrairement à ce qu'elle avait affirmé, il est bel et bien possible de verbaliser ces infractions. Depuis l'élargissement des compétences des agents municipaux, des amendes de 25 € à 250 € peuvent être infligées, ce qui a déjà été fait.*

*Elle nuance toutefois en expliquant que la commune effectue peu de contrôles, car de nombreux résidents ne disposent ni de garage, ni de cave, ni de jardin pour entreposer leurs conteneurs et sont contraints de les laisser dans le couloir de leur immeuble. Par souci d'équité, la Commune évite les contrôles massifs.*

*Elle invite néanmoins les habitants confrontés à des problèmes excessifs dans les résidences à contacter les agents municipaux ou l'administration communale. Elle présente ses excuses pour l'erreur commise précédemment.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Charlé et annonce le passage au point 3 de l'ordre du jour, consacré aux finances communales, à savoir le budget rectifié 2025 et le budget initial 2026. Il précise que les différents partis politiques pré-*

Dëst wäert starten den 1. Februar, einfach aus organisatoresche Grënn, well do awer eng jett Leit mussen hir Vignette an esou weider siche kommen. Dëst start wéi gesot den 1. Februar.

Dann Haneboesch, wou mer geschwat haten iwwer de Parking payant an der ganzer Zon. Hei wäerte mer eréischt kënnen am Abrëll starten. Well dee Parking, deen een op de Mount ka lounen, net éischter wäert fäerdeg sinn, a mer dat awer wëlle kohärent maachen. Soudass béides zesummen ufänkt.

Eng aner Informatioun, wéi Der vläicht gesinn hutt: Virum Aquasud gouf et dee klenge Kuerzzäitparking, deen zwar, leider, net ëmmer fir Kuerzzäitparke benotzt ginn ass, awer dofir geduecht war. Opgrond vun der viller Nofro vun de Bussen, huele mer dëse Parking ewech an e wäert zu Bus-Quaien am Fong ëmgewandelt ginn. Niewendrun ass e grousst Parkhaus, wou een nach ëmmer problemlos och kann 30 Minutte gratis parken. Dat heescht, schlussendlech ännert sech do net esou vill. Mee wann Der Iech vläicht frot, wat dee Chantier soll.

Eng ganz interessant Informatioun, ier mer an dat neit Joer starte mat engem neien Dechetskalenner fir ze kucken, wéini de Müll ofgeholl gëtt. Do hu mer dëst Joer, opgrond vun de verschiddene Kommunikatiounen, wou d'Leit manner zefridde waren, de Kalenner an der Form vum leschte Joer am Fong verduebelt. Dat heescht, e wäert däitlech méi grouss sinn.

Mir si ganz frou, dass de Seniorerot eis dëse Kalenner als positiv befonnt huet a säin OK ginn huet, datt mer dëst esou maachen. Als Zousaz gëtt et am Diffmag Ausrappsäiten, wou ee sech da kann ëmmer all dräi Méint erausrappen. Januar, Februar, Mäerz, zum Beispill, kritt Der dann am Dezember. Da kënnt Der Iech dat erausrappen, ophänken an do kann een dann och sech kleng Notten dobäi huelen. An dat gëtt et dann ëmmer erëm all dräi Méint. Soudatt mer hei versicht hunn, den Demandë vum leschte Joer nozekommen.

Eng lescht Informatioun: Och ech hat, leider, d'leschte Kéier – ech mengen, et war dem Här Cillien – eng falsch Informatioun ginn zu de Poubellen. Ech hat gesot, dat kéint een net protokolléieren. Dat ass esou net richteg. Dat kann ee protokolléieren. Säit der Kompetenzerweiderung vun eisen Agents municipaux ass dat och do dran. Et kënnen Amendë ginn tëschent 25 an 250 Euro.

Et gouf och scho gemaach. Mir maachen et relativ wéineg, well mer ganz vill Stéit an Déifferdeng hunn, déi keng Alternativ hu fir hir Dreckskëscht. Déi keng Garage, kee Keller oder Gaart hunn, fir hir Dreckskëschten hinzestellen. Wat heescht, dass vill Leit hir Dreckskëscht missen am Gank zum Beispill stoen hunn.

An einfach fir jiddwereen d'selwecht ze behandelen, gouf eebe gesot, dass mer do net massiv kontrolléieren, well mer jiddwereen och wëllen do d'selwecht behandelen. Sollten awer elo exzessiv Probleemer a Residencë sinn, da mellt Iech ganz gäre bei eisen Agenten oder iwwer d'Gemeng, da leede mer dat weider, dass si dat kënnen an Ugrëff huelen. Op jidde Fall, et deet mer leed fir déi Informatioun, ech hat do Verschiddenes vermëscht déi leschte Kéier. Mee da sidd Der och do um leschte Stand.

Dat war et vu menger Säit. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé, fir déi Explikatiounen. Da kéime mer zum Punkt 3 vun eisem Ordre du jour. Do befaasse mer eis mat de Gemengefinanzen, dem Budget rectifié 2025 an dem Budget initial 2026. Do kréie mer dann haut eng Stellungnam vun deene verschiddene politesche Parteien. Duerno wäerte mir als Schäfferot dorop äntwerten. An da kéime mer zum Vott.

Ech géif ufänke mat dem Vertrieder vun der DP, dem Här Meisch. Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer a Lieser, d'Eckdate vum Budget sinn dann elo bekannt.

Wat de Rectifié 2025 betrëfft, do gëtt et gréisser Schwankungen, wann een de Verglach mam Initial mécht. Plazeweis

gëtt et verständlech Erklärungen oder Argumenter, op anere Plaze manner. Dat war schonn oft esou. Dat ass awer net onbedéngt verwonnerlech.

Als Spriecher vun der Demokratescher Partei huelen ech Stellung zum Budget 2026. Ech konzentréiere mech op déi Punkten, déi eis am meeschten um Häerz leien.

Ech muss awer soen, dass knapps siwen Deeg fir eng uerdentlech Analys vum Budget net duergeet. Do dernieft muss een nach a säi Kommitee, seng Fraktioun an da kommen nach eng Hellewull aner Punkten um Ordre du jour derbäi. Dir schafft ee ganzt Joer un deenen Dossieren, a mir mussen an e puer Deeg alles analyséieren. Fir mech ass dat net am Sënn vun der Saach a relativ schwiereg. Do dernieft musse mer och nach schaffe goen, sinn net an der Pensioun an hunn net deen néidege Congé politique. Mee et sief.

Ech wäert net nach eemol all d'Eckdate vum Budget widderhuelen, déi goufen all bei der Presentatioun genannt, a meng Kolleegen aus der Fraktioun wäerten nach punktuell méi an den Detail goen.

Am Numm vun eiser Partei wollt ech als Éischt alle Beamte Merci soen, déi um Budget geschafft hunn, alle Leit aus der Administratioun, aus alle Servicer an Déngschter. Dem Léierpersonal an de Schoulen an och an den Opfangstrukture soe mir Merci fir all déi Aarbecht, déi 2025, ënner dach emol heiansdo méi schwierege Bedéngungen, geleescht gouf a wënschen elo scho schéi Feierdeeg.

Dat wichtegst Dokument, iwwer dat am politesche Joer diskutéiert gëtt, ass de Budget vun der Gemeng. Domadder steet a fält d'Fonctionnement vun enger Stad. A wat eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttgréisst Stad am Land, mat mëttlerweil wäit iwwer 30.000 Awunner, hu mer folglecherweis zolidd Zomme vu Suen ze geréieren. Wa mer déi ordinär an extraordinär Ausgaben zesummerechnen, da si mer bal bei 300 Millioune Euro. Ee gewëssene Seriö ass deemno verlaangt vun eis alleguer.

Dat fir sech mat deem Dokument ze beschäftegen an déi Analys mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchzeféieren. Alles anescht wär onverantwortlech.

Mir sinn elo quasi am drëtte Joer no de Walen, do misst een am Fong an d'Gäng kommen, fir säi Programm ëmzesetzen. Do misst een déi nei Projeten an Iddien erkennen, Etüde misste fäerdeg sinn, et misst ee gesinn, wou et soll higoen, wou een hi wëll.

Ech denken u gréisser Projeten aus dem Koalitiounsaccord: Lieux de rencontre, Zones de loisir haaptsächlech fir Jonker sollen a verschiddene Quartieren entstoen. Et gouf vu Parkhaiser oder ënnerierdesche Parkinge geschriwwen. D'Barriär tëscht Déifferdeng an Uewerkuer, de PN15, soll verschwannen. Shared-Space-Zonen am Zentrum a bei de Schoule goufe versprach. Eng Gare ferroviaire souwéi och routière solle geschafe ginn. Eng Maison des associations, ee Liichtathleetikstadion, a sou weider.

Am Koalitiounsaccord goufen da weider eng Jugendherberg erwäänt, ee botanesche Gaart, ee Klotergaart – alles just e puer vun den Notizen, déi mer gemaach hunn. An, ech zitéieren: „Construire de toute urgence des établissements scolaires à Differdange, Fousbann, Woiwer et Niederkorn." Fir e puer Millioune ass elo mol ee Container op de Woiwer geplënnert.

Nëmme wéineg Usätz zu de genannte Punkte fanne mer am Budget.

Och iwwer eis Tromp hei zu Déifferdeng, der Kreativwirtschaft, eisem 1535° Creative Hub hätte mer eis Impulser zu enger Weiderentwécklung gewënscht. Wéi soll et weidergoen? Wat kéint déi nächst Etapp sinn? Sollte mer net an d'Richtung goen, fir nieft dem aktuelle Standard am 1535°, och méi gehuewe Bürosflächen unzebidden? Natierlech zu engem anere Präis.

A mir mussen een zweet Standbee vun der Kreativwirtschaft – ech widderhuele mech –, am Déifferdenger Zentrum etabléieren. Nieft dem Evenementiel ass et fir eis dat, wat zu engem gesonde Beliewe bäidroe kann. Dat kéim och dem alen Déifferdenger Stadkär mat den traditionelle Geschäftsstroossen zegutt. Et musse mat alle Partner alterna-

*sentent leurs prises de position, auxquelles le collège échevinal répond avant de procéder au vote. Il donne la parole au représentant du DP, monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *s'adresse au conseil, à la presse et aux auditeurs. Il relève que le budget rectifié de 2025 présente des écarts notables par rapport au budget initial, certains d'entre eux étant explicables, d'autres moins, ce qui n'est pas inhabituel. Il concentre son intervention sur le budget 2026 et déplore que le délai de sept jours accordé pour analyser ce document soit insuffisant, d'autant que les conseillers doivent également consulter leur commission et leur fraction, tout en exerçant leur activité professionnelle.*

*Il remercie l'ensemble des fonctionnaires, de l'administration, des services, du personnel enseignant et des structures d'accueil pour le travail accompli en 2025. Il souligne que le budget constitue le document politique le plus important de l'année et que Differdange, troisième ville du pays avec plus de 30 000 habitants, gère près de 300 millions d'euros de dépenses ordinaires et extraordinaires, ce qui exige le plus grand sérieux.*

*Il constate que, à mi-mandat, les projets phares de l'accord de coalition, comme les lieux de rencontre, les zones de loisirs pour les jeunes, les parkings souterrains, la suppression de la barrière entre Differdange et Oberkorn et les espaces partagés, n'ont pas encore été concrétisés dans le budget. C'est également le cas pour la gare ferroviaire et routière, la maison des associations, le stade d'athlétisme, l'auberge de jeunesse, le jardin botanique ou le parc d'escalade. Il regrette également l'absence d'impulsions pour le développement du 1535° Creative Hub et plaide pour l'implantation d'un second pilier de l'économie créative dans le centre-ville, en collaboration avec les commerçants et les propriétaires, afin de revitaliser les rues commerçantes traditionnelles.*

*François Meisch affirme que de nouveaux concepts et idées sont nécessaires. Il insiste avant tout sur le fait que les conditions doivent être*

*transparentes et identiques pour tout le monde, et qu'il faut y travailler. Il estime qu'il faut cesser de se convaincre qu'un tissu commercial vivant et diversifié est encore possible dans une commune comme Differdange. Ce phénomène n'est pas seulement local : les habitudes d'achat ont changé, c'est un fait, et il n'y a plus de retour en arrière. Il faut accepter cette mutation. L'époque des petits commerces est en grande partie révolue, sauf peut-être dans des créneaux très spécifiques, et les concepts de magasins d'usine ne fonctionneront pas non plus.*

*Il rappelle qu'il répète ce constat depuis plus de neuf ans : la Commune doit engager activement cette transition, véritable changement structurel, sans perdre davantage de temps. Differdange a de grandes chances d'être étroitement liée à l'industrie créative. Environ 500 personnes travaillent désormais au 1535°, ce qui constitue une véritable réussite. Des centaines d'emplois dans les domaines les plus divers sont nés sur des friches industrielles autrefois abandonnées. De nombreuses jeunes entreprises et artistes créatifs ont découvert Differdange et continueront de le faire.*

*Selon lui, le moment est venu depuis longtemps de planifier l'extension de l'économie créative dans la commune afin d'assoir Differdange sur des piliers économiques solides, de créer de nouveaux emplois attractifs et surs pour les habitants et de décentraliser l'activité économique du pays. Rapprocher le travail et l'habitat favorise la mobilité et inspire confiance auprès des acteurs économiques.*

*Pour l'ancien centre-ville, il ne voit qu'une seule chance : y établir un second pôle de l'industrie créative. Le démarrage nécessite une masse critique, idéalement un grand bâtiment à réaménager avec des ateliers et des espaces de cotravail, avant d'étendre le dispositif aux locaux vacants. Il cite le nouveau directeur du 1535°, qui salue le courage de Differdange et qualifie le site de bijou pour le développement économique, qui compte presque autant d'emplois qu'ArcelorMittal. Il faut désormais faire preuve du*

tiv Konzepter an Iddie fir de Commerce an Déngschtleeschtungen ausgeschafft ginn: der Gemeng, de Geschäftsleit an de Proprietären.

Eidel Geschäftslokaler opkafen oder lounen ënnerstëtze mer natierlech, mee eng generell Iddi feelt eis nach. D'lescht Joer hat ech an de Raum geworf, fir dem neie Geschäftsmann à la base just d'Chargen ze verrechnen. Duerno awer, wärend den éischte Joren, mat engem gewëssene Prozentsaz un engem eventuelle Benefice bedeelegt ginn.

Nei Konzepter, nei Iddie ginn an deem Sënn gebraucht! Virun allem mussen d'Konditiounen awer fir all Mënsch transparent an d'selwecht sinn. Do musse mer dru schaffen.

Mir mussen ophalen, eis anzerieden, dass eng lieweg an ofwiesslungsräich Geschäftswelt haut nach esou méiglech ass a Gemenge wéi eiser. Dat ass net nëmmen ee lokaalt Phenomeen, d'Akafsverhale vun de Leit huet sech geännert, dat ass ee Fakt, an do gëtt et keen Zeréck méi.

Mir mussen dee Wandel akzeptéieren. D'Zäit vu klenge Geschäfter ass gréisstendeels eriwwer, ausser nach vläicht fir spezifesch Beräicher. An och Iddie vun Outlet-Geschäfter wäerten hei net fonctionéieren.

Ech widderhuelen dat hei scho säit méi wéi néng Joer! Mir mussen d'Transitioun, quasi e weidere Strukturwandel, aktiv ugoen an net nach weider Zäit verléieren. Mir hunn déi grouss Chance, dass mer d'Kreativindustrie enk mat Déifferdeng verbonnen hunn. Mëttlerweil schaffen eng 500 Leit am 1535°. Eng Success Story!

D'Stad Déifferdeng huet enormt Potenzial, wann et richteg ugepaakt gëtt. D'bescht Beispill ass eis Kreativfabrick. Honnerten Aarbechtsplazen an de verschiddenste Beräicher sinn op Industriefrichen, déi brooch louchen, entstanen. Déi verschiddenst Startuppen a kreativ Kënschtler hunn a wäerten och weider Déifferdeng kenneléieren an entdecken.

An eisen Aen ass et scho laang de Moment, fir den Ausbau vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen a sou schnell et geet entstoen ze loossen, fir Déifferdeng och an Zukunft wirtschaftlech op staark Pilieren ze stellen. Fir kloerzemaachen, datt d'Gemeng dat als eng grouss Prioritéit gesäit, weider nei Aarbechtsplazen op hirem Territoire ze schafen an deem dote Secteur. Fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden an déi wirtschaftlech Aktivitéit am Land ze dezentraliséieren.

Schaffen a Wunne méi no bréngen, dat fërdert d'Mobilitéit. Sou kënnen déi ekonomesch Acteure Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng kréien.

Fir eis gëtt et just eng eenzeg Chance fir eisen ale Stadkär: en zweet Standbee vun der Kreativindustrie am Zentrum etabléieren. Fir de Start bräicht een natierlech eng gewësse Masse critique, also beschtefalls ee grousst Gebai, dat dann ëmbauen, wéi am 1535°, mat verschiddenen Atelieren a Coworking Spaces. Duerno dann ausbauen op eidel Lokaler.

Fir déi eidel Lokaler: Och un déi denken, wou den initiale 1535° vläicht d'Konventioun mam Staat net däerf unhuelen.

An dësem Kontext zitéieren ech deen neien Direkter vum 1535°: „Déifferdeng huet Courage gewisen, fir de 1535° opzebauen. Wat een esou net siche geet zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun. Et ass ee Bijou fir d'ekonomesch Entwécklung an der Kreativindustrie. De 1535° huet elo scho bal esou vill Aarbechtsplaze wéi ArcelorMittal".

Déi Wierder kënne mer nëmmen ënnerstëtzen. An elo musse mer erëm Courage beweisen. An dat ass an dësem Budget an deem Sënn net ze erkennen.

Am Budget stinn 100.000 Euro 1535° – études annexe Rue Victor Hugo. Ech mengen, Dir hutt nach net verstanen, wat fir eng Chance mir mam 1535° hunn a wéi et aktuell an eisem ale Stadkär ausgesäit. Et ass genau d'Kreativwirtschaft, déi kéint en Deel vun der Léisung sinn.

Ech verstinn net, wéi ee kann esou resistent vis-à-vis vun enger eventueller Léisung sinn. An et ass eppes, wat mer scho jorelaang hei widderhuelen. All

aner Initiativen hunn net gehollef, au contraire. An 100.000 Euro fir eng Etüd betreffend eng kleng Spelunk kënne mer einfach net eescht huelen.

Virun enger Rei Jore war den ekonomesche Kader ideal fir ze investéieren. Dat gouf verpasst. Déi ekonomesch Situatioun ass amgaangen, sech nees ze entspanen. A mir sollten net fäerten, an d'Zukunft ze investéieren. Net just a Saachen, déi néideg sinn a sech just op der demografescher Entwécklung vun eiser Stad upassen.

Elo ass virgesinn, 30 Milliounen an ee Fonds de réserve ze placéieren. Dogéint wär am Fong näischt anzewenden, awer net, wann ee masseg Projeten aus dem Koalitiounsaccord nach net ugepaakt huet a Projeten, déi eminent wichteg si fir eis Stad, net ëmgesat ginn.

E puer Elementer stinn da just „pour mémoire" am Budget mat engem minimale Montant fir Frais d'études. Wou bleift den ënnerierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum? Grad sou wéi d'Parkhaus um Contournement, gouf dat schonn 2017 virun de Gemengewale mediewierksam presentéiert. Geschitt ass net vill.

Um Contournement soll elo ee private Projet et reegelen. Domadder kënne mer liewen. Mee elo si mer gläich 2026.

An nieft dem Kulturzentrum wär et esou wichteg, och en vue vum komplette Ëmbau an der Vergréisserung vun der Gemeng ouni Parking, wou virgesinn ass. De Chaos ass do virprogramméiert.

Vu dass all Manque vun néidegem Invest eng Schold fir déi nächst Generatioun bedeit, hätte mer eis gewënscht, dass deen nächste Budget méi wäit géif goen, mat alle finanzielle Konsequenzen. Mir hätten eis dee politesche Wëlle gewënscht. Och wann et spéit wär.

Bei ville vun eisen Infrastrukture si mer hannendran a mir kënnen eise Bierger net dat bidden, wat se sech vun enger ëffentlecher Verwaltung, vu politesche Verantwortlechen, ech betounen, mat eise Moyenen, erwaarden. Bescht Beispill ass, dass weider Millioune mussen ausgi gi fir Schoulcontainer, well et massiv u Schoulraum feelt. Déi Entwécklung war och scho viru Joren ze erkennen.

Am Koalitiounsaccord stinn och nach vill aner interessant Saachen: de PN15, ech hat e genannt, Shared Space zu Nidderkuer, Déifferdeng, eng Maison des associations, e Liichtathleetikstadion, e Jardin botanique, e Musée an der Centrale thermique mat der Groussgasmaschinn, eng Jugendherberg, ee Lieu de rencontre pour jeunes pro Quartier, eng Maison sociale an esou weider.

Verschidde Stroosse musse weider drop waarden, déi néideg Aarbechte missten do gemaach ginn. Aner Infrastrukture leie brooch oder et ass net ze erkennen, wat domadder geschéie soll.

D'Place Jéhan Steichen ass definitiv e Schandfleck, als Beispill. A scho jorelaang wësse mer dat. Mir wënschen eis wierklech, dass zäitno e Konzept dofir presentéiert wäert ginn.

Och d'Parkplaz-Situatioun am Quartier ass schwiereg. Probéiert emol, mat enger Vignette owes no der Aarbecht do eng ze fannen. Nëmme fir dee Quartier ze nennen.

Wat déi oppe Schwämm betrëfft, déi säit Joren zou ass, krute mer gesot, et wéilt ee vum Chantier Ancien Maxim's profitéieren, fir bei der Demolitioun och direkt mat de Baggeren do unzerappen.

De fréiere Maxim's ass elo scho laang ofgerappt, mëttlerweil geet et scho lass mam Bau vum Rez-de-chaussée. An der fréierer oppener Schwämm ass awer nach näischt geschitt bis elo. Se war fréier dat Aushängeschëld vun eiser Gemeng, mëttlerweil just nach en Trauerspill. Och mat der Phas 2 vum Ëmbau an der Extensioun Aquasud wäert esoubal keng oppe Schwämm zu Uewerkuer opgoen.

Ganz vill Froe bleiwen also am Raum stoen: Wéi kënne mer besser op déi sozial Schiflag an eiser Gemeng awierken an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage bekämpfen? Wéi kënne mer alle Kanner gerecht Zukunftschancë bidden? Wéi kënne mer Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen? Et muss en Zil sinn, Schaffen, Wunnen a Liewe méi no beieneen ze bréngen. Dat fërdert d'Mobilitéit an erhéicht

*même courage, ce que le budget actuel ne reflète pas.*
*Il juge dérisoires les 100 000 € inscrits au budget pour une étude annexe rue Victor-Hugo. Il estime que la Commune n'a pas compris l'ampleur de l'opportunité offerte par le 1535°. Toutes les autres initiatives ont échoué. Il rappelle que le cadre économique était idéal il y a quelques années pour investir et que cette occasion a été manquée. La situation s'améliore à nouveau et il ne faut pas craindre d'investir dans l'avenir.*
*Il critique la décision de placer trente-millions d'euros dans un fonds de réserve alors que de nombreux projets du programme de coalition restent en suspens : le parking souterrain près du centre culturel et le parking sur le contournement, annoncés dès 2017 sans résultat concret. L'absence d'investissements nécessaires constitue une dette pour la génération suivante. Les infrastructures accusent du retard, comme en témoigne la nécessité persistante de recourir à des conteneurs scolaires faute de locaux suffisants.*
*Il énumère d'autres projets en suspens : le PN15, le « shared space » à Niederkorn et à Differdange, une maison des associations, un stade d'athlétisme, un jardin botanique, un musée dans la centrale thermique, une auberge de jeunesse, des lieux de rencontre pour les jeunes, une maison sociale… La place Jehan-Steichen reste un point noir depuis des années. La piscine extérieure, ancienne vitrine de la ville, demeure fermée, sans qu'aucun travail n'ait commencé, malgré les promesses.*
*Il poursuit en posant plusieurs questions fondamentales : comment lutter contre le chômage supérieur à la moyenne, offrir des chances équitables à tous les enfants, rapprocher l'habitat, le travail et les loisirs pour améliorer la qualité de vie et la mobilité ? Il évoque enfin les phases de test récentes à Niederkorn et dans le centre de Differdange, visant à réduire le trafic de transit dans l'espoir que les automobilistes français empruntent enfin la liaison Micheville.*

*François Meisch évoque les réseaux sociaux, où les débats ont été particulièrement vifs et polémiques dans le contexte des phases de test de circulation. Il déplore que certains se permettent, sous couvert d'anonymat, de s'en prendre de manière indigne à des personnes qui essaient simplement d'améliorer les choses. Il juge cette attitude préoccupante et triste.*

*Il rappelle que lors du conseil communal du 29 octobre, son parti avait exprimé ses craintes et son scepticisme quant au risque que ces phases de test désavantagent une grande partie des habitants. Pour les citoyens de Lasauvage, le préjudice était manifeste.*

*Concernant le centre de Differdange, le trafic a certes diminué de manière visible, mais uniquement parce que les gens ont cherché à éviter le centre. Il constate ce phénomène chez lui-même : alors qu'il s'y rendait trois à quatre fois par semaine auparavant, il n'y allait plus qu'une seule fois, trouvant les déplacements trop chronophages et chaotiques. Les informations recueillies auprès du directeur d'Opkorn, de l'association commerciale et de divers commerçants — opticiens, magasins de chaussures, bouchers — font toutes état d'un net recul du chiffre d'affaires, suscitant une vive colère.*

*François Meisch affirme que la nécessité d'un apaisement du trafic dans le centre est incontestée, mais qu'il faut d'abord créer une solution de rechange au passage à niveau PN15, qui constitue une barrière entre Differdange et Oberkorn. Ce n'est qu'ensuite que l'on pourra envisager des concepts tels qu'un espace partagé. Pour le DP, l'apaisement du trafic ne peut aller que de pair avec la suppression du PN15. Des plans existaient déjà lorsque le DP faisait partie de la majorité, et cette question doit désormais constituer une priorité absolue. Couplée à des mesures urbanistiques, au développement de l'industrie créative et à une offre évènementielle élargie, cette démarche insufflera une vie nouvelle au vieux centre-ville.*

*Il aborde ensuite la pénurie de places de stationnement, qui n'a pas significativement diminué. Il*

d'Liewensqualitéit. Nëmmen esou kënnen déi ekonomeschen Acteure Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng kréien.

Der Verkéiersproblematik an eiser Gemeng entgéintzewierken ass definitiv net einfach. Duerfir gouf et jo rezent als Usaz Testphasen an der Hiel zu Nidderkuer an am Déifferdenger Zentrum, dat mam Zil, den Duerchgangsverkéier ze reduzéieren an der Hoffnung, dass déi franséisch Automobilisten endlech op d'Liaison Micheville zréckgräifen.

Haaptsächlech op de Soziale Medie war jo an deem Kontext vill lass, zum Deel och poleemesch. Och wann engem eppes net passt, gëtt dat kengem d'Recht, onwierdeg op d'Leit ze klappen, déi just probéieren, eppes ze maachen oder ze verbesseren. An déi meescht maachen dat op de Soziale Medien ënner dem Schutz vum Anonymat. Dat fannen ech ganz bedenklech an traureg!

Am Gemengerot vum 29. Oktober hate mir zu dësen Testphasen eis Angscht a Skepsis geäussert, dass dat zum Nodeel vun engem groussen Deel vun eisen Awunner kéint ausgoen. Fir d'Lasauvager Bierger war dat jo manifest.

Wat den Déifferdenger Zentrum ugeet, do huet de Verkéier siichtbar ofgeholl, mee dat ganz einfach, well d'Leit probéiert hunn, eisen Zentrum ze evitéieren. Awer leider net nëmmen d' Fransousen. Ech hunn dat u mir selwer gesinn. Virdru war ech dräi- bis véiermol d'Woch am Zentrum, fir meng Saachen ze erleedegen. Duerno war et awer just nach knapp eemol d'Woch. An och domadder hunn ech mech schwéiergedoen, well einfach ze zäitopwänneg a relativ chaotesch.

Mir hunn dann och Informatiounen agesammelt, ënner anerem beim Direkter vum Opkorn, dem Geschäftsverband a bei eenzele Geschäfter wéi Optiker, Schonggeschäfter, Metzler an esou weider. Si hunn alleguer vun engem däitleche Réckgang vum Chiffre d'affaires geschwat a waren zum Deel richteg, richteg rosen.

Dass mer eng Verkéiersberouegung am Zentrum brauchen ass onëmstridden. Mee wéi mer et scho viru Joren hei gesot hunn, musse mer als Éischt eng Alternativ zum PN15, der Barriär tëscht Déifferdeng an Uewerkuer, schafen. Dann eréischt kann een iwwer Konzepter fir eng Verkéiersberouegung am Zentrum schwätzen, wéi engem Shared Space oder Änleches.

Fir eis geet eng Verkéiersberouegung am Zentrum just Hand an Hand mat engem Ewechfale vum PN15. Wa mer déi puer Geschäfter, déi mer nach hunn, net vergraule wëllen, dann ass dat de Wee. A mir hoffen, dass net nach méi Jore verginn ouni Verbesserung oder Léisung.

Fir de PN15 gouf et scho Pläng, wéi d'DP nach an der Majoritéit war. Dat muss elo eng absolutt Prioritéit fir eis alleguerte sinn. Duerno steet enger Verkéiersberouegung am Zentrum näischt méi am Wee. Gekoppelt mat urbanistesche Moossnamen, dem Ausbau vun der Kreativindustrie an enger Erweiderung vun der evenementieller Offer wäert dat eisem ale Stadkär neit Liewen anhauchen.

A wa mer am Zentrum sinn: D'Parkplaz-Penurie huet sech net weesentlech verbessert, och net fir d'Leit, déi op Déifferdeng schaffe kommen. Mam Asaz vun externen Investisseuren, déi de Projet City Parking um Contournement wëlle realiséieren, hoffe mer, dass e bëssi Entlaaschtung kënnt. Dee Chantier misst dann awer och iergendwann lassgoen a soll awer e puer Joer daueren. Eng punktuell Alternativ ass um Site vun ArcelorMittal virgesinn, notamment e Parkhaus vu bis zu 500 Plazen, haaptsächlech fir Leit, déi berufflech am Zentrum am Asaz sinn. Dat si mer jo aus der Press gewuer ginn.

Punkto Parkplazen am Zentrum nach e puer Notizen: Déi méi kleng Parkhaiser am Zentrum wéi Grousststrooss oder Rue St. Nicolas muss ee publik maachen. D'Leit kenne se leider nach net genuch.

Zu de bestoende Parkhaiser: Déi ëmmer erëm optauchend Probleemer misste behuewe ginn. Déi eng kréien d'Diffcard net gelies, bei aneren ass ee reegelméisseg an- oder ausgespaart.

De sougenannte Parkleitsystem: Ech hoffen, dass et, no laange Joren, dann zu enger Léisung komm ass, sou wéi annoncéiert.

Punkto Mobilité douce ass villes geschitt a villes bleift ze maachen. Mee do, mengen ech, sidd Der um richtege Wee. Et kann een net eis Topografie änneren, mee eben dat maachen, wat méiglech ass.

Punkto ëffentlechen Transport mussen déi eenzel Linne besser openeen ofgestëmmt ginn. Och den Diffbus, wéi mer virdrun och schonn héieren hunn.

Punkto Zuch ass et natierlech ee grousse Probleem, dass mer als drëttgréisst Gemeng am Land just ee Bushaischen als Gare hunn. Zu Spëtzenzäite stréimen do Honnerte Leit gläichzäiteg op déi grouss Kräizung. Et ass verwonnerlech, dass do bis elo nach net méi geschitt ass.

D'Relatioune mat der CFL waren an der Zäit emol gutt. Hoffen, dass een do kann am Interêt vun eiser Stad uknäppen. Et besteet dréngenden Handlungsbedarf och a punkto Sécherheet.

Scho länger steet eng Étude générale sur la mobilité am Budget – an dat mat zolitte Montanten! Fir 2025 650.000 Euro am Rectifié a fir 2026 schonn erëm 400.000 Euro.

Et gëtt reegelméisseg op déi Etüd verwisen, mee bis elo krut de Gemengerot näischt ze gesinn. Also op déi Etüd si mer wierklech gespaant a wäre frou, endlech iergendeppes gewuer ze ginn. Hoffentlech ass et net just „Außer Spesen nix gewesen"!

Wa mer bei de Spesen sinn, nach e Wuert zu de Finanzen. Punkto Paie leie mer mëttlerweil bei gutt iwwer 50 % vun den Dépenses ordinaires. Dat musse mer awer elo am A behalen. De Plaffong ass erreecht. Mam aktuelle Staff muss et méiglech sinn, en héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren, also dem sougenannten Déngscht um Bierger.

Punkto Finanzen nach d'Remark, dass bei de Recettes extraordinaires eng ganz Rei Subsiden opgefouert sinn, wou et punktuell onrealistesch schéngt, dass déi Suen an deem Mooss 2026 scho fléisse wäerten. Dat gesäit éischter esou aus, wéi wann ee just de Budget wéilt an den Equiliber bréngen an dann am Rectifié muss zréckrudderen.

Am selwechte Kontext ass sécherlech ze erwänen, dass een hofft, dass de Ministère de fréiere Gulliver Tower, haut de sougenannte Karro, géif fir 12,6 Milliounen ofkafen. Eng Zouso gëtt et net, d'Recette steet awer am Budget! Ass e bëssen abenteuerlech.

Eis Informatioune ginn net an déi Richtung. Mee et kann een et anscheinend emol einfach esou, ouni Zouso, an en offiziellt Budgetsdokument schreiwen.

Ee groussen Deel vun deene Subside betreffen de Logement. Mer begréissen ausdrécklech, dass d'Gemeng weider wëll aktiv bleiwen, laang Joren hu mer dat hei gefuerdert. Ënner verschiddene Konditioune kënnen esou bis zu 75 % staatlech Subventioune méiglech sinn. Mir schafe Patrimoine a kënne laangfristeg vun de Recettë profitéieren. Dat gëllt zum Beispill fir de Projet Gravity oder fir déi, déi ënnerwee sinn: den ancien Monopol, de Komplex beim fréiere Maxim's oder de Projet an der Rue des Ligures zu Nidderkuer a sou weider.

Eise Patrimoine immobilier muss och weider stänneg ausgebaut ginn, och well Projete vun der Gemeng vum Wunnengsbauministère deemnächst bis zu 100 % finanzéiert kënne ginn, dat no der Optimiséierung vum Gesetz iwwer de Logement abordable. Elo sinn et jo nach 75 % Subventioun. An Zukunft kënnt eng Zort Rendement garanti op deenen anere 25 % derbäi. Zum Beispill 3,5 % pro Joer op dee Montant. A kann och réckwierkend op besteeënd Projeten applizéiert ginn.

Da sollte mer nach vill méi maachen an eis elo schonns dorop astellen. Dat gëllt dann och fir d'Renovatioun vun alen Haiser. Mam neie Gesetz, wat wäert kommen, gëtt de Plaffong fir staatlech Zouschëss bei Renovatiounen ëm 15 % eropgesat. Dat ass gutt fir de Klimaschutz, gutt fir eist Stadbild a gutt fir méi bezuelbare Wunnraum. D'Gemeng kéint also zum Beispill al Haiser am Zentrum opkafen a se renovéieren. Domadder wär och eppes fir d'Opwäertung vum Zentrum oder Quartier gemaach.

Awer virun allem am Zentrum, wéi och ënner anerem zu Uewerkuer bei der Maartplaz, musse mer onbedéngt oppassen, eng besser Mixitéit an de Quar-

*place ses espoirs dans le projet City Parking sur le contournement, porté par des investisseurs externes, ainsi que dans un parking de 500 places prévu sur le site d'ArcelorMittal, destiné principalement aux personnes travaillant dans le centre.*

*Il recommande par ailleurs de mieux faire connaitre les petits parkings existants, comme ceux de la Grand-Rue ou de la rue Saint-Nicolas, et de résoudre les problèmes récurrents liés aux Diffkaarten non lues et aux barrières défaillantes. Il espère que le système de guidage vers les parkings, annoncé depuis longtemps, est enfin opérationnel.*

*En matière de mobilité douce, il reconnait que beaucoup a été fait et que la direction est la bonne, malgré la topographie contraignante.*

*Quant aux transports en commun, il insiste sur une meilleure coordination des lignes, y compris le Diffbus. Il juge problématique que la troisième commune du pays ne dispose que d'une simple aubette en guise de gare, où des centaines de personnes affluent simultanément aux heures de pointe vers un grand carrefour, avec un besoin urgent d'agir en matière de sécurité.*

*François Meisch s'étonne que l'étude générale sur la mobilité, inscrite au budget avec des montants conséquents — 650 000 € au rectifié 2025 et 400 000 € pour 2026 —, n'ait toujours pas été soumise au conseil communal.*

*Sur le plan financier, il relève que les dépenses de personnel dépassent désormais 50 % des dépenses ordinaires et que le plafond est atteint. Il note que certaines recettes extraordinaires, notamment des subsides, semblent irréalistes pour 2026, donnant l'impression que l'on cherche simplement à équilibrer le budget avant de devoir rectifier par la suite. Il qualifie d'aventureux le fait d'inscrire au budget une recette de 12,6 millions d'euros pour la vente du Karro au ministère sans aucun engagement formel.*

*Enfin, il salue la volonté de la commune de rester active dans le domaine du logement. Il souligne que les subventions étatiques peuvent atteindre 75 %, voire 100 %, avec l'optimisation future de la loi sur le logement abordable, et qu'une ga-*

*rantie de rendement sur les 25 % restants est prévue.*
*Il encourage la Commune à acquérir et rénover des maisons anciennes dans le centre, ce qui servirait à la fois le climat, le patrimoine urbain et le logement abordable, tout en veillant à une meilleure mixité dans les quartiers. Le logement social, massivement subventionné, constitue un investissement minimal pour la Commune, qui reste propriétaire et perçoit l'intégralité des loyers.*
*François Meisch soulève plusieurs questions récurrentes concernant le logement : comment offrir davantage de logements abordables et attractifs à Differdange, comment s'assurer que les jeunes lient leur avenir à la ville, et comment rapprocher les lieux de travail et d'habitation ? Il salue le fait que des mesures concrètes soient enfin prévues en matière de logement d'urgence et de logement transitoire.*
*Dans le domaine du sport, il constate que les infrastructures sportives sont régulièrement rénovées et se trouvent dans l'ensemble en bon état. Les travaux de réaménagement et d'extension des installations du Bock et du centre sportif d'Oberkorn sont achevés, et il estime que des interventions doivent désormais avoir lieu au Woiwer. Il évoque les problèmes récurrents liés à l'état du gazon dans les stades des clubs de division nationale, où d'importants investissements ont été consentis pour le drainage, en espérant qu'une solution durable aura été trouvée.*
*La numérisation progresse dans les stades de Niederkorn et d'Oberkorn avec des panneaux d'affichage et des bandeaux publicitaires DEL, ce qu'il considère comme un standard à poursuivre.*
*Les terrains synthétiques continuent d'être remis en état, et une tribune couverte est ajoutée à Oberkorn, où les spectateurs étaient jusqu'ici exposés à la pluie. Il signale toutefois que les hautparleurs de la contretribune d'Oberkorn sont hors d'usage et que, contrairement à d'autres stades, ils ne sont pas orientés vers le terrain, ce qu'il propose de corriger lors de travaux de sonorisation.*

tier ze kréien, am Interêt vun alle Bedeelegten.

Mir mussen eis also weiderhi virun Ae féieren, dass soziale Wunnengsbau extreem staark subventionéiert gëtt. Ënner dem Stréch ass den Invest fir d'Gemeng minimal, mir bleiwe Proprietär an zéien de komplette Loyer an. Et kann een nëmme gewannen.

Verschidde Froen an deem Beräich musse mer eis ëmmer erëm stellen: Wéi kënne mer nach méi fir bezuelbaren an attraktive Wunnraum zu Déifferdeng suergen? Wéi kënne mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen? An ëmmer erëm: Wéi kënne mer Schaffen a Wunne méi no beienee bréngen?

Fir de Logement ofzeschléissen dann nach d'Remark, dass mer et begréissen, dass punkto Logement d'urgence oder transitoire elo eppes soll geschéien.

Am Beräich vum Sport ginn eng Rei noutwendeg awer och gutt Saache gemaach: D'Sportsinfrastrukture gi stänneg erneiert a si global an engem gudden Zoustand. Den Ëm- an Ausbau vun den Infrastrukturen um Bock oder der Uewerkuerer Sportshal sinn ofgeschloss. Elo misst dann deemnächst um Woiwer eppes geschéien.

Probleemer hu mer ëmmer erëm mam Zoustand vun dem Wuess op de Stadione vun eisen Nationaldivisiounsveräiner. An den Drainage gouf vill investéiert. Ze hoffen ass, datt d'Léisung fonnt gouf. Affaire à suivre.

D'Digitalisatioun am LED-Beräich op de Stadionen zu Nidderkuer an Uewerkuer gëtt weider gedriwwen. Dat gëllt fir d'Anzeigetafelen wéi fir d'LED-Werbebanden. Op engem gewëssenen Niveau ass dat haut Standard a mir sollten dat och gären nach weider ausbauen.

Eis syntheetesch Terraine goufen a gi weider an d'Rei gesat. Zu Uewerkuer kënnt eng iwwerdaachten Tribün bäi. D'Leit stounge bis elo do am Reen.

Wa mer am Stadion zu Uewerkuer sinn, nach d'Remark: D'Lautsprecher op der Géigentribün kraache just nach. Dat war vun Ufank u just esou ee klengen Triichterlautsprecher, fir beschtefalls Duerchsoen ze maachen. An elo si se ganz hinüber.

Zu Uewerkuer ass och ee vun de wéinege Stadionen, wou d'Lautsprecher just op d'Tribün geriicht sinn an net op den Terrain. Wann un der Sonorisatioun geschafft gëtt, da kéint een dat anengems verbesseren. Ech schaffen do gäre mat.

Eng Fro zum Stadion um Thillebierg. Eng weider Etapp vu villen ass am Budget 2026 virgesi fir verschidden Aarbechten um Site – an der Zäit ee vun deene schéinsten am Land! Mee wat ass genau de Plang vun der aktueller Majoritéit fir deen traditiounsräiche Site? Wa mer masseg Suen drapompelen – an et wäerten der nach vill gebraucht ginn –, da sollte mer wëssen, wat do entsteet.

Souwéi ech d'lescht Joer schonn erwäänt hat, si mer frou, dass de LIHPS, de Luxembourg Institute for High Performance in Sports, sech zu Uewerkuer niddergelooss huet. Déi gréisser Waasserschied si mëttlerweil behuewen. Mir wollte froen, ob do elo Preventiounsmoossnamen an d'Weeër geleet goufen, fir eng weider Iwwerschwemmung ze vermeiden.

Punkto oppe Schwämm – déi zou ass – hat ech mech virdru scho geäussert.

Kuerz Remark punkto Sécherheet: D'Installatioun vu Kameraen ass an d'Weeër geleet, dat op Plazen, wou et néideg ass a wou et Sënn mécht. A wann et néideg sollt ginn, da verschléisse mir eis net enger Erweiderung. Trotzdeem muss d'Presenz vun der Police, eisen Agents municipaux a vun de Streetworker weider héich bleiwen a soll punktuell intensivéiert ginn, wéi zum Beispill op der Place des Alliés.

Wéi all Joer sinn och eng Rei vun Investitioune geplangt fir Astandsetzungsaarbechten, dat fir Trottoiren oder Reprofilage vu Stroossen.

Verschidde Stroosse wäerte ganz op de Leescht geholl ginn. Ech mengen, dogéint ka kee sinn, virun allem, wann all d'Reseaue materneiert wäerte ginn.

De Quartier Wangert ass elo endlech voll am Chantier. Mir hoffen, dass et do gutt weidergeet, an dass keng gréisser

Iwwerraschungen op eis zoukomme wäerten.

Mir begréissen et doriwwer eraus, dass a gewinntem Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreiung, Inklusioun, Chancëgläichheet a Seniorebetreiung sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an dësem Zesummenhang musse genannt ginn.

Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwer deen anere finanziell iwwer d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun Ae féieren. Besonnesch wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwer d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Mir als Gemeng Déifferdeng stinn an der Verantwortung, dass Inklusioun eng Normalitéit ass am Alldag, de Crèchen, de Maison-relaisen, de Schoulen, datt déi Kanner duerno als Jugendlecher an als Erwuessener d'Chance hunn, dës Inklusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwousch, kënnen ze erliewen.

An dëse Beräicher gi säit Joren Efforte gemaach. Eis Leit an de betraffene Servicer leeschten do gutt Aarbecht. Dat gëllt och fir dee ganze Volet Senioren.

Mir mussen awer een An drop geheien, dass all d'Servicer och an Zukunft iwwer adequat Raimlechkeete respektiv Aarbechtsbedéngunge verfügen. Dat geplangten neit Gemengenhaus sollt do dann Ofhëllef verschafen.

Zum Schluss vun dëser Interventioun zum Budget nach e Wuert zu de sougenannten Etüden: Masseg Etüde fir Projete stinn am Budget 2026, awer verschidde Projete ginn elo schonn e puer Joer mat engem klenge Montant pour mémoire oder just fir soi-disant Etüde matgeschleeft. Vill Froe stinn nach op. A wa se Joer fir Joer just mat engem klenge Montant pour mémoire am Budget optauchen, da gëtt dat eis net d' Gefill, dass engem eppes géif dru leien oder dass et wichteg genuch wär.

Punkto Etüde falen déi natierlech an d'Aen, déi den EU-Programm NetZeroCities betreffen. Substanziell Montante sinn do virgesinn. Mir hoffen, dass aus all deenen Etüde schnell konkreet Projete ginn, déi dann och kënnen ëmgesat ginn, an dass et net punktuell bei den Etüde bleift.

Äntwerten oder ee Plang vermësse mer a villen Elementer: de massive Mangel u Schoulraum, de Centre Noppeney zu Uewerkuer – do si mer jo elo aus enger anerer Ursaach ausgebremst ginn –, de sougenannte Klenge Casino op der Maartplaz, eis eidel Geschäftslokaler, de Centre médico an der Grousstrooss, d'Museksschoul, déi aus allen Néit platzt, dat fréiert Klouschter respektiv Fleegeheim – wat soll do no der zäitlech begrenzter Notzung vun de verschiddene Gemengeservicer geschéien? –, d'Place Jéhan Steichen zu Uewerkuer, de Stadion um Thillebierg, ech hat e genannt, an esou weider.

Ervirsträichen a begréisse wëlle mer nach déi massiv staatlech Investitiounen zu Déifferdeng, déi eis vill Probleemer ewechhuelen. De Lommelshaff, d'Renovatioun kascht iwwer 16,3 Milliounen Euro à la base, gedroe vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend. Esou kann de Lommelshaff zum gréissten Deel erhale bleiwen. E gëtt komplett renovéiert an ausgebaut. Esou entstinn dräi soziotherapeutesch Zentren, ee fir de Grondschoulberäich, ee fir de Secondaire an e spezialiséierten Zentrum fir Kanner a Jugendlecher mat enger Autismus-Spektrum-Stéierung, ergänzt duerch en ambulante Service. Dës Infrastrukture si sécher eng Plus-value fir eis Gemeng.

Dann nach de weideren Ausbau vun der EIDE, der internationaler Schoul. Hei ass um Site vun de fréiere Gemengenateliere geplangt, eng Schwämm plus Sports- a Klassesäll entstoen ze loossen. D'Nofro ass grouss, och zu Déifferdeng. Ugeduecht ass och, am selwechte Komplex Wunnengen ze bauen. Dat wär dann ee Pilotprojet.

Den Ausbau vum Lycée Privé Emile Metz. En ass gutt gestart, et gëtt eng grouss Nofro. Endlech nees Klasse vum traditionellen ESG, also dem Enseignement secondaire général, zu Déifferdeng. Endlech nees Beruffsausbildung, den LPEM, sougenannt Industrieschoul

*Concernant le stade du Thillenberg, il note qu'une nouvelle étape de travaux est inscrite au budget 2026 et demande quel est le plan précis de la majorité pour ce site historique, autrefois l'un des plus beaux du pays, avant d'y investir des sommes considérables. Il se réjouit de l'implantation du LIHPS à Oberkorn et s'enquiert des mesures de prévention mises en place à la suite des dégâts causés par les eaux survenus sur le site. Il rappelle également sa préoccupation concernant la piscine en plein air, toujours fermée.*
*En matière de sécurité, il soutient l'installation de caméras aux endroits pertinents, sans exclure une extension si nécessaire, tout en insistant sur le maintien et le renforcement ponctuel de la présence policière, des agents municipaux et des travailleurs de rue, notamment à la place des Alliés.*
*Il mentionne les investissements prévus pour la réfection des trottoirs et le reprofilage des rues, ainsi que le chantier du quartier Wangert, désormais pleinement lancé.*
*Il salue les investissements dans le domaine social — chômage, pauvreté, garde d'enfants, inclusion, égalité des chances, prise en charge des séniors — et rappelle la responsabilité des élus envers les habitants en difficulté financière. Il insiste pour que l'inclusion devienne une réalité quotidienne dans les crèches, les maisons relais, les écoles et la vie associative, et souligne que les services concernés doivent disposer de locaux adéquats, ce que la nouvelle maison communale devrait permettre.*
*Il exprime une réserve concernant les nombreuses études inscrites au budget 2026, dont certaines sont reconduites depuis des années avec de faibles montants pour mémoire, ce qui ne traduit pas une réelle volonté d'aboutir. Il espère que les études liées au programme européen NetZeroCities aboutissent rapidement à des projets concrets.*
*Il énumère plusieurs dossiers pour lesquels manquent des réponses ou un plan : le manque massif de locaux scolaires, le centre Noppeney, le Petit Casino de la place du Marché, les locaux commerciaux vides, le centre médicosocial de la Grand-*

*Rue, l'école de musique saturée, l'ancien couvent, la place Jehan-Steichen et le stade du Thillenberg.*
*Il met en avant les investissements étatiques majeurs à Differdange : la rénovation du Lommelshaff pour plus de 16,3 millions d'euros, qui accueillera trois centres sociothérapeutiques et un service ambulatoire spécialisé dans l'autisme ; l'extension de l'EIDE avec une piscine, des salles de sport et de classe, ainsi que des logements pilotes ; le développement du lycée privé Émile-Metz, qui propose à nouveau un enseignement secondaire général et une formation professionnelle adaptée à Differdange.*
*Il souligne l'importance de respecter la mixité sociale lors de l'attribution des logements acquis par l'État, notamment dans le quartier du Mathendahl.*
*François Meisch indique que le Luxembourg Science Center continue de recevoir trois-millions d'euros par an de l'État.*
*Revenant au budget de Differdange, il constate qu'il ne contient aucun plan pour développer de nouvelles idées susceptibles de donner de véritables impulsions à la ville, des idées qui iraient au-delà de ce qui doit de toute façon être fait pour assurer le fonctionnement courant de la commune. Il affirme qu'il ne suffit pas de réagir à la croissance et d'apporter des ajustements ponctuels : une commune moderne et sociale doit fixer des priorités plus ambitieuses.*
*En tant qu'opposition, il estime que sa responsabilité consiste à poser les questions nécessaires plutôt qu'à approuver aveuglément. Il reconnait que Differdange a besoin d'investissements et de modernisation, mais soutient qu'investir trop peu ne constitue pas un concept, et investir mal est encore pire.*
*Un budget requiert une vision, une direction et une hiérarchisation des priorités. Il observe que le budget actuel présente une longue liste de projets sans véritable plan d'ensemble. Il pose plusieurs questions stratégiques : comment Differdange peut-elle se déployer en tant que pôle éducatif, avec une vie étudiante dynamique et tout ce qui l'accompagne — logement, gastronomie, commerce, emploi ? Com-*

vum 21. Joerhonnert a passt ideal bei eis Stad Déifferdeng.

Nieft dem staark subventionéierte Wunnengsbau, wat ech virdru scho genannt hunn, huet de Staat am Logement och verschidde Residenzen an der Gemeng opkaf, fir sécherzestellen, dass se, wéi geplangt, kënnen ëmgesat ginn.

Do wäert et bei der Attributioun vun de Wunnenge wichteg sinn, dass déi sozial Mixitéit respektéiert gëtt. Mat den Ännerunge vum Gesetz wäert och dat méiglech ginn. Ech denken do beispillsweis un de Quartier Mathendahl.

Da gëtt de Luxembourg Science Center weider pro Joer mat dräi Millioune vum Staat ënnerstëtzt.

Ofschléissend zréck zum Déifferdenger Budget: Mir gesinn am Budget näischt vun engem Plang, wéi nei Iddie kéinten entwéckelt ginn. Iddien, déi d'Zil hunn, eiser Stad nei Impulser ze ginn, Iddien, déi méi si wéi just dat, wat souwisou muss gemaach ginn, fir datt eis Stad funktionéiert.

Et geet net duer, just op Wuesstum ze reagéieren a punktuell Upassungen ze maachen. Eng modern a sozial Gemeng muss méi staark Prioritéite setzen. Als Oppositioun ass et eis Verantwortung, net blann zouzestëmmen, mee Froen ze stellen, déi gestallt musse ginn.

Jo, Déifferdeng brauch Investitiounen. Jo, mir si fir Moderniséierung. Mee ze wéineg investéieren ass kee Konzept, a falsch investéieren nach vill manner. E Budget brauch eng Visioun, eng Richtung an eng Prioriséierung. An dësem Budget gesi mer eng Oplëschtung vu ville Projeten, mee et ass keen eigentleche Plang ze erkennen.

D'Politik ka Friichten droen, wann ee sech eng stabil Richtung gëtt: Wou wëlle mer hin? Wéi kënne mer eis als Bildungsstanduert entfalen, mat engem faarwegen an aktive Studenteliewen a mat allem, wat dozou gehéiert, wéi dem Logement, der Gastronomie, dem Commerce, den Aarbechtsplazen an esou weider? Wéi kënne mer Déifferdeng als bedeitenden Acteur an der Kreativindustrie weider placéieren an eis Stäerkt op dësem Gebitt ausbauen?

Mir hunn Iddien dofir, wéi Wunnen awer och Schaffe kann zu Déifferdeng ëmmer méi attraktiv ginn an de Bierger méi Liewensqualitéit zegutt kënnt. De Budget ass en Instrument am Déngscht vum Bierger. Et geet drëms, zesummen eng gerecht, solidaresch a widderstandsfäeg Gemeng ze bauen.

Ee Budget muss net nëmmen Ambitiounen, mee och eng gerecht an integrativ Visioun vun der Zukunft projezéieren oder erëmspigelen. Elementer, déi eis an dësem Budget feelen.

Nieft de ville staatlechen an och zum Deel privaten Investitiounen, feelt et eis einfach un ze villem. Et sollt elo net geknéckt ginn, mee elo soll Déifferdeng prett gemaach gi fir d'Zukunft. D'Zukunft kann een net viraussoen, mee et kann ee se preparéieren. En plus ass de finanzielle Spillraum do!

Mat all deene Remarken, déi ech opgelëscht hunn, kënne mir als Demokratesch Partei Déifferdeng an dëser Form de Budget net matdroen.

Ech hu lo gréisstendeels global iwwer de Budget gekuckt a just e puer Theemeberäicher e bëssi méi ëmrass. Meng Fraktiounskolleege wäerten dës Interventioun nach ergänzen an op aner Theemefelder agoen an déi uschneiden.

Mir wënschen Iech all, an och eiser Beleegschaft an den Déifferdenger Bierger, elo scho schéi Feierdeeg. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch, fir déi Informatiounen. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, Dir Dammen an Hären alleguer, déi dobaussen nolauschteren, am Numm vun der LSAP huelen ech zum Budget rectifié 2025 an dem Budget initial 2026 Stellung.

Erlaabt mer ugangs op déi explizitt Presentatioun vun eise Finanzspezialisten,

dem Här Max Felten an dem Här Andy Hansen, leschte Mëttwoch anzegoen an hinnen zwee ee grousse Merci ze soen. Dank dëser Presentatioun wäert ech mech haut a menger Analys eppes méi kuerz hale kënnen, wat déi eenzel Chifferen ubelaangt.

De Budget ass all Joer ee groussen Exercice fir déi Leit, déi en ausschaffen, sief et Politiker, mee speziell eis Administratioun. An dofir wëll ech eisem Sekretär dem Henri Krecké, mam ganze Service, awer och eise Chefs de service vun deene verschiddenen Departementer en häerzleche Merci soen.

Ech géif da mam Budget rectifié 2025 ufänken.

D'Joer 2025 schléisst mat engem viraussiichtleche Boni vu 37,6 Milliounen of, dat och bedéngt duerch en Iwwertrag vun 43,1 Millioune vum Kont vun 2024.

Mir fannen, wéi all Joer, Differenze par rapport zum Budget initial, souwuel am Budget ordinaire wéi och am extraordinaire. D'Erklärungen heifir hu mir kritt. Dofir wëll ech net méi drop agoen.

Feststelle kënne mer awer, dass am Budget ordinaire op der Recettësäit den FDGC, de Fonds de dotation globale des communes, deen 135,6 Milliounen – dat sinn ëmmerhi 67,3 Prozent vun de gesamte Recetten am Ordinär – ausmécht, ëm 3,2 Milliounen eropgaangen ass géigeniwwer 2024.

Bei den Depensen am Budget ordinaire sinn d'Personalkäschte mat 78,1 Milliounen den héchste Posten.

Am Total beschäftegt d'Stad Déifferdeng op den 31.12.2025 966 Persounen an ass domadder sécherlech dee gréissten Arbeitgeber an eiser Gemeng. Mir soen hinnen alleguer ee grousse Merci fir hiren alldeeglechen Asaz an eiser Gemeng.

Eng Gemeng ass ee modernen Déngschtleeschtungsbetrib a muss den Ufuerderunge vun hire Biergerinnen a Bierger gerecht ginn.

Zum Budget extraordinaire rectifié 2025. Ech wëll nach drop agoen, well do awer eng Partie interessant Projeten ofgeschloss gi sinn, zum Beispill gesi mer den Ausbau vum ale Stadhaus, verschidde Projeten am Kader vum Logement abordable, dorënner och Studentewunnengen am Maxim's fir d'LUNEX, den Amenagement vum Quartier Wangert an Haut-Wangert.

Anerer sinn ofgeschloss ginn, zum Beispill ee vun deene gréisste Projeten an de leschte Joren, mat engem Käschtepunkt vu 75,9 Millioune Brutto, eise CID, d'Gemengenatelieren zu Nidderkuer.

Mir felicitéieren nodréiglech nach eng Kéier alle Mataarbechter aus dem CID fir déi impeccabel Plënneraktioun a wënschen hinne vill Erfolleg an Zefriddenheet an hirem neie Gebai.

Och ass d'Kärsanéierung vun der Sportshal Uewerkuer dem Centre sportif John Scheuren fäerdeggestallt an ageweit ginn. E Bruttoinvestissement vun 29 Milliounen. No Ofzuch vun de Subside bleift en Nettoimpakt vu 27 Milliounen.

Wann een nach d'Bock-Schoul dobäi zielt, de leschten aktualiséierte Käschtepunkt ass 45,8 Millioune brutto, da sinn déi lescht Joren dach eng ganz Partie gréisser Investissementer an d'Zukunft vun eiser Stad realiséiert ginn.

Eng Investitioun am Interessi vun der Sécherheet vun eise Biergerinnen a Bierger ass d'Installatioun vun Iwwerwaachungskameraen um Site vun eise Schoulen, awer besonnesch ronderëm dem Parc Gerlache. Dës Aktioun huet, nieft dem Material an dem Visupol-System fir d'Ausstattung, 540.000 Euro kascht an ass nach net ofgeschloss.

Eng aner, net manner wichteg, Initiativ, a Relatioun mat eisem Campus scolaire Woiwer, ass den Transfert vum modulare Schoulgebai vum Bock op dëse Site. Esou kënne mir a Rou den zukünftegen Ausbau vum Campus Woiwer plangen a realiséieren.

Da wëll ech nach e Wuert soen iwwer eis Aktivitéiten am Kader vun NetZeroCities mat Déifferdeng als Ville pilote. Dëse Projet huet eng nei Dynamik entwéckelt. All déi direkt concernéiert Servicer schaffen, mat gebündelte Kompetenzen, pluridisziplinär un der Klimaneutralitéit 2030.

*ment la ville peut-elle renforcer sa position d'acteur majeur dans l'industrie créative ?*
*Il assure que son parti dispose d'idées pour rendre Differdange plus attrayante, tant pour y habiter que pour y travailler, et pour améliorer la qualité de vie des citoyens.*
*Il souligne qu'un budget doit projeter une vision juste, solidaire et intégrative de l'avenir, éléments qui, selon lui, manquent à ce document.*
*Il ajoute que la marge de manœuvre financière existe et que le moment est venu de préparer Differdange pour l'avenir.*
*Pour toutes ces raisons, le Parti démocratique ne peut pas soutenir ce budget dans sa forme actuelle. Il précise que ses collègues de fraction compléteront son intervention en abordant d'autres thématiques, et souhaite à tous de bonnes fêtes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *prend la parole au nom du LSAP pour se prononcer sur le budget rectifié 2025 et le budget initial 2026. Il remercie les spécialistes financiers Max Felten et Andy Hansen pour leur présentation détaillée, ainsi que le secrétaire Henri Krecké, l'ensemble de l'administration et les chefs de service.*
*Il note que l'exercice 2025 se clôture avec un boni prévisionnel de 37,6 millions d'euros, favorisé par un report de 43,1 millions d'euros provenant de 2024. Il relève que le Fonds de dotation globale des communes s'élève à 135,6 millions, soit 67,3 % des recettes ordinaires, en hausse de 3,2 millions par rapport à 2024.*
*Les frais de personnel, à 78,1 millions, constituent le poste de dépenses le plus élevé : la ville emploie 966 personnes au 31 décembre 2025, ce qui en fait le plus grand employeur de la commune.*
*Il souligne que plusieurs projets importants ont été achevés dans le cadre du budget extraordinaire rectifié, notamment le CID à Niederkorn pour 75,9 millions bruts, la rénovation du centre sportif John-Scheuren à Oberkorn pour 29 millions bruts, et l'école du Bock pour 45,8 millions bruts.*
*Il mentionne également l'installation de caméras de surveillance autour des écoles et du parc Gerlache*

*pour 540 000 €, ainsi que le transfert du bâtiment scolaire modulaire du Bock vers le campus Woiwer.*

*Enfin, il évoque le projet NetZeroCities, dans lequel Differdange agit comme ville pilote vers la neutralité climatique en 2030, et annonce que la ville a obtenu le titre de « Mission City », ce qui lui ouvre de nouveaux moyens. Erny Muller indique que les ministères ne font pas preuve d'ouverture concernant d'éventuelles subventions. En tant que représentant de la ville de Differdange au sein du Pro-Sud, où il occupe le poste de vice-président, il propose à monsieur Ulveling d'aborder ce sujet au sein du Pro-Sud. En effet, Differdange fait figure de précurseur non seulement pour le sud du pays, mais pour l'ensemble du territoire. Le Pro-Sud entretient des échanges réguliers avec les ministères.*

*En 2025, la Commune a réalisé d'importants progrès en matière de mobilité électrique, de bornes de recharge, de développement du photovoltaïque, et une étude est en cours pour un projet d'éoliennes sur la colline en direction de Niederkorn. La conversion de l'éclairage public en DEL a débuté et un projet de géothermie a été lancé à Oberkorn. Il exprime sa reconnaissance envers l'équipe de compétences de NetZeroCities pour son travail précieux, qui se poursuivra dans les années à venir.*

*Concernant le budget 2026, les recettes du service ordinaire dépassent désormais 200 millions d'euros pour atteindre 205 millions. La dotation de l'État progresse de 135,6 à 141,6 millions, soit une hausse de 6,1 millions. Les dépenses s'élèvent à 183,4 millions, dont 30 millions pour le fonds de réserve budgétaire.*

*Au service extraordinaire, les recettes atteignent 51,7 millions et les dépenses 108,5 millions. Après report du boni présumé de fin 2025, le boni propre de l'exercice 2026 s'établit à 2 465 000 €.*

*Deux mesures caractérisent ce budget. Premièrement, une dotation de trente-millions au fonds de réserve budgétaire, répartie en trois enveloppe de dix-millions chacune : logement, éducation et développement stratégique de la ville. C'est la*

Wéi et scho gesot gouf, hu mir, am Kader vun dësem wichtege Projet, Zougrëff op international Experten. Den Här Ulveling huet eis matgedeelt, dass Déifferdeng den Titel als Mission City kritt huet, wat eis fir d'Zukunft nach méi Aarbecht bréngt, awer och nei Moyenen.

Leider, huet hien eis och gesot, dass um Niveau vun de Ministèrë keen oppent Ouer wär betreffend eventuelle Subsiden. Als Vertrieder vun der Stad Déifferdeng am Pro-Sud, wou ech Vizepresident sinn, proposéieren ech dem Här Ulveling dëse Sujet um Niveau vum Pro-Sud ze thematiséieren, vu dass Déifferdeng jo Virreider ass, net nëmme fir de Süden, mee och fir d'ganzt Land an dësem Dossier. De Pro-Sud huet reegelméisseg Austausch mat de Ministèren.

Am Joer 2025 huet eis Gemeng vill Fortschrëtter gemaach um Niveau vun der elektrescher Mobilitéit, dat heescht den Elektrobornen. Awer och am Ausbau vun der Photovoltaik, an en neie Projet Wandmillen ass um Bierg, a Richtung Nidderkuer, an der Etüd. Mam Ëmbau vun der Stroossebeliichtung op LED ass ugefaange ginn. Eng aner Innovatioun ass de Projet vun der Geothermie zu Uewerkuer.

Deem ganze Kompetenzteam vun NetZeroCities gebiert eis Unerkennung fir hir wäertvoll Aarbecht, déi och nach iwwer déi nächst Jore wäert weidergefouert ginn.

Elo ginn ech op de Budget 2026 an. Eckdaten am Service ordinaire, wéi gesot, bei de Recette komme mer elo iwwer 200, mir kommen op 205 Milliounen. Och dës Kéier kënne mer nach eng Kéier op eng ganz staark Dotatioun vum Staat zielen. Déi ass dës Kéier vun 135,6 op 141,6 Milliounen eropgaangen. Dat si 6,1 Millioune méi.

D'Depensen och héich: 183,4 Milliounen. Mee dovun 30 Millioune fir de Fonds de réserve budgétaire.

An dann am Service extraordinaire Recetten um Niveau vun 51,7 Milliounen an Depensen 108,5 Milliounen.

Mir hunn, nom Iwwertrag vum Boni présumé vun Enn 2025, dann nach ee Boni propre vum Exercice 2026 vun 2.465.000 Euro.

Wat ass speziell an dësem Budget 2026? Dat sinn zwou Mesuren: éischtens eng Dotatioun an e Fonds de réserve budgétaire vun 30 Milliounen, besteeënd aus dräi Enveloppen: 10 Millioune fir de Logement, 10 Millioune fir d'Educatioun an 10 Millioune fir den Développement stratégique de la ville.

Et ass déi éischte Kéier an deene 27 Joer, wou ech schonn am Gemengerot dobäi sinn, dass eng Reserv vun esou enger Envergure am Budget festgehale gëtt.

Zweetens: e Remboursement vun engem Emprunt a Relatioun mam Parc des Sports vun 13 Milliounen. An domadder verbonnen eng Erspuernis un Zënsen iwwer d'Lafzäit vun 2,5 Milliounen.

Wéi mer aus dem Tablo vun der Situation des emprunts kënnen erkennen, geet domadder d'Gesamtschold vun der Gemeng erof. An zwar engersäits doduerch, dass de Préfinancement vum Bâtiment de police komplett zréckbezuelt gëtt an dësen Emprunt vun 12,9 Milliounen zréckbezuelt gëtt. Da bleift nach um Enn 2026 e Solde, en Emprunt vu 60,2 Milliounen.

Mir begréissen dës zwou finanztechnesch Initiativen.

Ech wëll dann eng Kéier op déi eenzel statistesch Kurve vun eisen Ekonomisten zréckkommen, wou mer konnte gesinn, dass de Verlaf vu Recetten an Depensen am Ordinär eis erméiglechen, e konstanten Iwwerschoss iwwer déi kommend Joren ze erwirtschaften an esou eisen Investissementer an Zukunft vun eiser Stad kënne gerecht ginn, ouni e weideren Emprunt opzehuelen, dëst a Relatioun mat eisem PPF, dem Plan pluriannuel de financement. Eng ganz positiv Entwécklung.

Dofir musse mer awer, wéi den Här Buergermeeschter a senger Budgetsried och gesot huet, eng virsiichteg awer wäitsiichteg Budgetspolitik bedreiwen an eis Depensë bei gréissere Projeten am Grëff behalen, zum Beispill duerch Ofwécklung nom Verhandlungsverfaren, eng Initiativ, mat där ech als ehe-

molege Schäffen eng gutt Erfarung gemaach hunn an nëmme begréisse kann.

Erlaabt mer e puer Froe respektiv Kommentaren zum Budget ordinaire an den neie Projeten 2026.

Zur Allocation de solidarité. Déi ass op 3,6 Milliounen Euro eropgaangen. Als President vum Office social weess ech genee, wéi wichteg dës Allocatioun fir d'Famillje mat engem méi bescheidene Revenu ass. D'Stad Déifferdeng bezilt 50 % vun der Allocation de vie chère vum Staat, déi 2026 ëm 10 % erhéicht gëtt. Am Kader vun der Simplification administrative gëtt se automatesch un d'Beneficiairen ausbezuelt, ouni dass dës mussen eng extra Demande maachen. Wat eng administrativ Erliichterung ass an esou den Office social entlaascht gëtt, deen déi Prozedur bis elo ëmmer ausgefouert huet.

D'LSAP begréisst dës Initiativ.

Zur Promotion tourisme. De Chiffer geet op 81.000 Euro erop. Mee méi wichteg, den Här Ulveling huet eis gesot, dass de Service de tourisme soll gestäerkt ginn, woumat mer absolutt d'accord sinn. Den Tourismus ass ee wichtege Facteur économique, deen d'Stad Déifferdeng muss stäerken a méi visibel maachen. An deem Zesummenhang kéinten och touristesch Offeren, zesumme mam Science Center, am Kader vum Dages- oder Weekendtourismus fir Familljen entwéckelt ginn.

À propos Science Center: Et ass roueg ginn ëm de Luxembourg Science Center. Menger Meenung no ze vill roueg. Dofir meng Fro: Besti Kontakter mat där neier Direktioun vum Science Center a wéi gesäit et mat deem zukünftege Projet vum Luxembourg Science Center ëm d'Gebaier vun der Groussgasmaschinn an der Centrale thermique um Plateau des Hauts-Fourneaux aus?

D'Participatioun um TICE geet 2026, am Kader vun der Reform, ëm 1,4 Milliounen erof. Den Här Buergermeeschter huet eis déi néideg Erklärunge ginn.

Zur Gestaltung vum Festival de la musique 2027 sinn 200.000 als Acompte en vue de la tenue, wéi et heescht, virgesinn. Vläicht kann den Här Wagner eis nach dozou e puer Explikatioune ginn.

Ënner Projete fir 2026 fanne mir, nieft der Weiderféierung vu Realisatiounen, och komplett nei Initiativen. Viru geet et mat diversen Aktiounen a Realisatiounen am Kader vun NetZeroCities, der Weiderféierung vum Projet Geothermie, zousätzleche Kamerae fir d'Sécherheet, der Weiderféierung vun der Étude de la mobilité.

Zu gréissere Projeten. Fir d'Modernisatioun vum Hôtel de ville sinn 11 Millioune fir 2026 am Budget virgesinn. Ee weidere gréissere Montant ass agesat fir d'Acquisitioun am Kader vum Logement abordable, ëmmerhi 17,3 Milliounen. Den Här Hartung huet eis déi néideg Erklärunge ginn. Dës Projeten, och d'Studentewunnengen am Kader vum ale Monopol, hunn eis voll Ënnerstëtzung. Wéi scho gesot ginn ass, kënne mer do bis zu 75 % maximum recuperéieren.

Ech wëll awer nach drop hiweisen, dass mer vläicht erëm musse méi diversifizéieren. Dat hei si jo alles Projeten am Kader vum Logement abordable, wat och ganz am Interêt vun eiser Populatioun ass. Anerersäits muss een och do vläicht kucken, wéi een eist Bestriewen, fir an enger Stad ze schaffen an ze liewen, hei zesumme kënne bréngen.

Well, ech géif soen, meeschtens hunn déi Leit, déi op Déifferdeng wëlle schaffe kommen, net direkt Zougang zu dëse Wunnengen. Duerfir gehéiert, zu enger Aarbechtsplazubiddung och deen néidege Wunnraum, wann ee wëllt an där Logik vu Schaffen a Liewen an eiser Stad operéieren. Do musse mer eis nach Gedanken driwwer maachen.

Als komplett nei Projete fanne mer en Interreg-Projet um Niveau vun TNT. Ech mengen, do geet jo nach eng Vertriederin vun eis drop an.

Mir begréissen d'Begréngung vun der Fassad vun der Schoul am Zentrum, iwwer de Projet Cool Neighbourhoods, wat d'Stad Déifferdeng zesumme mam Pro-Sud realiséiert.

Am Kader vu „Méi Natur an eise Stied an Dierfer" fanne mir 100.000 Euro. Awer ëmmerhi fir dee ganzen Dossier sinn 1.250.000 Euro virgesinn.

D'Ausschaffe vun engem Konzept fir Tiny Houses an de Ronnwisen zu Ue-

*première fois, en 27 ans de présence au conseil communal, qu'une réserve d'une telle envergure est inscrite au budget.*
*Deuxièmement, un remboursement anticipé de 13 millions d'un emprunt lié au parc des Sports, générant une économie d'intérêts de 2,5 millions sur la durée. La dette globale de la Commune diminue ainsi pour s'établir à 60,2 millions fin 2026. Le LSAP salue ces deux initiatives.*
*Les courbes statistiques montrent que l'évolution des recettes et des dépenses ordinaires permet de dégager un excédent constant dans les années à venir, sans recourir à de nouveaux emprunts, conformément au plan pluriannuel de financement. Cela exige toutefois une politique budgétaire prudente et clairvoyante, notamment en maitrisant les dépenses liées aux grands projets par le recours à la procédure négociée.*
*L'allocation de solidarité augmente à 3,6 millions d'euros. En tant que président de l'office social, il souligne l'importance de cette allocation pour les familles à revenu modeste. La Ville paie 50 % de l'allocation de vie chère de l'État, majorée de 10 % en 2026, et celle-ci est désormais versée automatiquement aux bénéficiaires, ce qui décharge l'office social.*
*Il évoque le renforcement du service de tourisme, facteur économique important, et suggère de développer des offres touristiques familiales en lien avec le Science Center, et demande des nouvelles concernant la nouvelle direction et le projet autour de la grande machine à gaz.*
*La participation au TICE diminue de 1,4 million dans le cadre de la réforme.*
*Il demande des explications concernant les 200 000 € provisionnés pour le Festival de la musique 2027.*
*Parmi les projets de 2026, il relève la modernisation de l'hôtel de ville (11 millions), l'acquisition de logements abordables (17,3 millions) et la création de logements étudiants dans l'ancien Monopol, tout en plaidant pour une diversification de l'offre de logements afin d'attirer*

*également les personnes souhaitant travailler et vivre à Differdange.*
*Il salue la végétalisation de la façade de l'école du centre, le projet Méi Natur d'un budget de 1 250 000 €, le concept de « Tiny Houses » à Oberkorn et demande instamment au collège échevinal de présenter au conseil, d'ici fin 2026 au plus tard, une variante définitive pour la suppression de la barrière d'Oberkorn.*
*Erny Muller présente les différents projets de parkings prévus : au Haneboesch, au Fousbann, sur le site d'ArcelorMittal, en face du 1535° et surtout sur le contournement. Il rappelle que monsieur Ulveling a exprimé l'espoir que le parking du contournement, essentiel pour le centre-ville, puisse bientôt être lancé, et demande comment la situation de stationnement sera gérée pendant la phase de construction. Il évoque le parking du Fousbann, un développement nouveau et intéressant, en rappelant qu'ArcelorMittal souhaitait y prévoir environ 200 places pour son propre personnel, et il invite monsieur Ulveling à communiquer l'état actuel de ce dossier, largement relayé par la presse. Il salue la vérification, sur le plan statique, de la possibilité d'ajouter un étage au parking Aquasud.*
*Il mentionne l'aménagement de nouvelles pistes cyclables dans le cadre de la mobilité douce, notamment les liaisons manquantes vers Sanem, Bascharage et la gare de Pétange. Il recommande que les panneaux d'information numérique prévus intègrent également des informations sur les évènements, le tourisme et le développement économique.*
*Concernant le sport, il se réjouit de l'avancement du projet sur l'ancien site du stade Thillenberg et de la nouvelle étude prévue pour le centre sportif du Woiwer. Il interroge le collège échevinal sur la forme que prendra l'investissement de 26 millions d'euros pour l'extension d'Aquasud et la rénovation de la piscine en plein air, dont 5 millions sont déjà prévus au budget de la première phase. Il souligne le succès de l'école de musique, qui bénéficie désormais de locaux dans l'école des garçons et pour laquelle*

werkuer gëtt mat 600.000 Euro amendéiert.

Dann, am Kader vun der Mobilitéit, de PN15, d'Uewerkuerer Barriär. Dës Barriär muss definitiv aus dem Alldagsverkéier verschwannen. Ech mengen, doriwwer si mir eis alleguer heibannen eens. Et si Gelder am Budget virgesinn, fir nach eventuell Gebaier oder Terrainen opzekafen an och fir weider kleng Etüden. De Gesamtprojet gëtt vun der CFL ausgefouert. Mir maachen e wäermsten Appell un de Schäfferot, fir dem Gemengerot bis speitstens Enn 2026 eng definitiv Variant vun der Ëmgeeung virzeleeën.

Nei Parkhaiser si geplangt: Am Haneboesch, um Fousbann, um Site vun ArcelorMittal, en face vum 1535° a virun allem um Contournement.

Den Här Ulveling huet gesot, dass hie géif hoffen, dass dëst fir eise Stadzentrum sou wichtegt Parkhaus um Contournement deemnächst kéint ugefaange ginn. Heizou wollt ech froen: Wéi gedenkt Der d'Parksituatioun wärend der Bauphas ze reegelen?

D'Parkhaus um Fousbann ass eng nei, awer interessant Entwécklung. An der Diskussioun war ëmmer, dass ArcelorMittal zirka 200 Stellplaze fir hir eege Beleegschaft an dësem Projet wéilt virgesinn. Et ass déi lescht Zäit vill heiriwwer an der Press geschriwwe ginn, vläicht kann den Här Ulveling eis de leschte Stand an dësem Dossier eng Kéier matdeelen.

D'Parkhaus am Hahneboesch ass scho méi laang op der Lëscht. Gutt fanne mir, dass d'Parkhaus Aquasud punkto Statik op d'Méiglechkeet vun engem zousätzleche Stack iwwerpréift gëtt.

Nei Vëlosweeër ginn amenagéiert am Kader vun der Mobilité douce. Do fanne mir och déi feelend Ubannungen erëm, déi sougenannte „Missing Lines" tëschent de Vëlospiste Richtung Suessem, Käerjeng a Péitenger Gare.

Op strateegesche Plaze gi sougenannte Panneaux de digitalisation informatique opgeriicht, fir besser mat der Populatioun ze kommunizéieren. Denkt wannechgelift drun, och Informatioune betreffend Events, Tourismus an och d'Iddie vum Développement économique et commercial matafléissen ze loossen.

An de Sport gëtt weider investéiert. Mäi Kolleeg Mich Scheuren geet heirop an.

Perséinlech freeën ech mech speziell drop, dass den eemolege Site vum Stadion Thillebierg virugeet. Fir de Woiwer, wou d'Sportshal an d'Jore komm ass, gëtt eng nei Etüd gemaach.

De Projet Aquasud gëtt ugefaangen, mat der Phas 1, mat fënnef Milliounen Euro am Budget. Hei ass meng Fro: Ënner wat fir enger Form gëtt den Invest fir den Ausbau vum Aquasud an der Erneierung vun der oppener Schwämm ëmgesat? Dee ganzen Invest betreffend dem Projet chiffréiert sech ëmmerhin op ronn 26 Milliounen Euro.

Wat eis Museksschoul ubelaangt, déi ee grousse Succès huet, gëtt dank der Direktioun an alle Mataarbechter, Chargés de cours, duerch d'Raimlechkeeten an der Bouweschoul am Zentrum, elo och eng ganz Sektioun an d'Liewe geruff. Fir eng éischt Etüd vun der Erweiderung vun der Museksschoul ass och ee Montant am Budget agedroen.

Als leschte Punkt géif ech dann nach op den Développement économique vun eiser Stad agoen. Als President vum CAE, Comité d'accompagnement économique, läit mer d'Zukunft vun eise Geschäfter a Betriber besonnesch um Häerz.

Zurzäit sinn eis Gastronomiebetriber op der Maartplaz erëm zou, obwuel vill Efforte vun der Gemeng gemaach goufen. Ech wëll duerfir dem Här Max Felten Merci soen, dee sech vill engagéiert huet an och ënner Drock stoung, fir schnell Léisunge fir déi eidelstoend Commercen ze fannen, wat awer net esou einfach ass, well mer als Gemeng jo net am Besëtz vun deene meeschte Lokaler sinn.

Op der Maartplaz awer gehéiert der Gemeng ee Lokal, den aktuelle Gaïa. An de Klenge Casino hu mer iwwer e längerfristege Bail de location gelount hunn. Et bleift dann nach den Autre Part a Privathand an déi aner Säit d'Walzstrooss, déi gutt leeft.

Et ass versicht ginn, fir erfueren Exploitanten aus der Gastronomie u Land ze zéien. Leider, huet dat awer, wéi mir wëssen, net esou gutt geklappt.

Ech wëll déi gelonge Renovatioun vun der Maison Moderne mam Café culturel ervirsträichen.

Mam Här Raphaël Scheuren huet de Service de diversification économique eng nei Kraaft kritt, déi sech elo voll a ganz op dës wichteg Missioun konzentréiert.

Momentan ginn am Service nei Konzepter a Strategien entwéckelt, fir den Zentrum mëttel- a laangfristeg ze dynamiséieren.

Kuerz- bis mëttelfristeg geet et drëm, de Leerstand am Zentrum ofzebauen an dobäi hunn d'Lokaler ëm d'Maartplaz absolutt Prioritéit. Mat der Gondola Junior ass schonns een Ufank gemaach.

Et gëtt en Internetportal ageriicht, a Relatioun mat de fräisteeënde Geschäftsflächen. Ee Konzept betreffend uniform a gestaffelt Loyere soll deemnächst de Proprietären an engem Forum virgestallt ginn.

Global gesinn – an dat ass eng komplett nei Entwécklung – schafft den neie Chargé de direction vum 1535° Creative Hub, de Kristian Horsburgh, zesumme mam Raphaël Scheuren un engem Konzept fir d'ekonomesch Entwécklung fir Déifferdeng.

De 1535° ass eng Success Story. D'Iwwerleeunge ginn dohin, fir de kreative Secteur nach weider auszebauen, zum Beispill a Richtung Industrie 4.0 an och um Niveau vun der Économie solidaire. Och sollen hei Gebailechkeeten erschloss ginn, do kann och eventuell op de Leerstand zréckgegraff ginn. Initiativen am Kader vum City-Management wéi City Branding an anerer, gehéieren och heizou.

Mäi Schlusswuert zum Budget 2025/2026: Ech sinn hei net esou pessimistesch wéi mäi Virriedner vun der DP.

(Gelaachs)

Et ass ee Budget vun der Kontinuitéit, wou gläichzäiteg eng Partie nei Akzenter gesat ginn. Den Investissementsniveau erméiglecht eis eng dynamesch Entwécklung vun eiser Stad, ouni d'Scholde weider eropzeschrauwen – au contraire, d'Charge vun den Emprunte gëtt erofgesat.

Am Kader vun NetZeroCities gëtt weider intensiv geschafft, fir eis Klimaziler mat Visioun 2030 ze erreechen. Eng ganz Partie Projeten, wéi zum Beispill d'Begréngung vun eiser Stad, Green City an nach eng Partie aner, setzen d'Liewensqualitéit vun eise Biergerinnen a Bierger erop. Et ass vill an eis Sportsanlagen a Schoulen investéiert ginn, an dat geet nach virun.

D'Sécherheet ass eng vun eise Prioritéiten. Eis Gemeng investéiert weiderhin an den abordabele Wunnraum. Et gutt Zesummeliewe vun alle Biergerinnen a Bierger, och um Niveau vun de Generatiounen an de verschiddenen Nationalitéiten, gëtt mat villen Aktioune vum Service vivre-ensemble ënnerstëtzt. Eis Schoulen, um Niveau vum Secondaire, wéi d'École internationale oder de Lycée privé Emile Metz, awer och d'LUNEX gi weider ausgebaut.

D'LSAP ënnerstëtzt dësen ambitiéise Programm a stëmmt souwuel de Budget rectifié 2025 wéi de Budget initial 2026. Ech wënschen och eiser ganzer Beleegschaft an alle Leit schéi Feierdeeg an och e ganz flott neit Joer a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Schéine gudde Moien, léif alleguerten hei am Sall, léif Nolauschterer dobaussen, zwou Fraktiounen hu sech zum Budget positionéiert, elo ass et dann um Tuer vun der gréng Fraktioun.

Ech géif einfach emol als Éischt a menger Intro ee grousse Merci ausschwätzen. Merci dem Gemengesekretär a sengem Team, déi ëmmer ganz vill Aarbecht mam Exercice vum Budget

*une étude d'extension est budgétisée.*
*Abordant le développement économique, Erny Muller, en tant que président du comité d'accompagnement économique, exprime sa préoccupation face à la fermeture des établissements de restauration sur la place du Marché, malgré les efforts de la Commune et de monsieur Max Felten. Il précise que la Commune possède le Gaïa et le Petit Casino, loué par bail de longue durée, tandis que l'Autre Part reste en mains privées et que la Walzstrooss fonctionne bien.*
*Il salue la réussite de la rénovation de la maison Moderne, avec son café culturel, ainsi que l'arrivée de Raphaël Scheuren au sein du service de la diversification économique. De nouveaux concepts sont en cours d'élaboration pour dynamiser le centre-ville, réduire la vacance commerciale et proposer aux propriétaires un système de loyers uniformes et échelonnés. Il souligne la collaboration entre le 1535° Creative Hub, véritable réussite, et le service économique afin de développer l'économie locale, notamment vers l'industrie 4.0 et l'économie solidaire.*
*En conclusion, il affirme que ce budget allie continuité et nouveaux accents, permet un développement dynamique sans alourdir la dette et soutient les objectifs climatiques dans le cadre de NetZeroCities. Il souligne les investissements dans la sécurité, le logement abordable, le vivre-ensemble, les écoles et les infrastructures sportives. Le LSAP vote en faveur du budget rectifié 2025 et du budget initial 2026. Il adresse ses vœux de fête à tous.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue l'assemblée et remercie le secrétaire communal et son équipe pour le travail accompli sur le budget, en citant nommément Carole Friedrich, Henri Krecké, Jean-François Leblond et Romaine Regenwetter. Elle remercie tout particulièrement monsieur Max Felten et monsieur Andy Hansen pour leur présentation éclairante lors de la dernière séance du conseil communal, sur laquelle elle annonce qu'elle reviendra ultérieurement.*

*Laura Pregno remercie ensuite chaleureusement chaque chef de service pour le travail considérable que représente l'élaboration du budget de son service et l'établissement des prévisions pour l'année à venir.*
*Elle confie que la préparation de la prise de position budgétaire constitue chaque année un exercice intéressant, mais difficile, qu'elle vit comme une tâche colossale devant laquelle elle a tendance à procrastiner, même si elle dispose désormais de moins en moins de temps pour le faire, le collège échevinal rapprochant de plus en plus les séances de présentation et de vote du budget. Elle souligne que ce rythme serré pèse aussi sur la démocratie participative au sein des partis et sur le travail des fonctionnaires.*
*Laura Pregno explique que le véritable travail des conseillers commence une fois que le collège échevinal a terminé l'élaboration du budget. Les conseillers l'examinent à plusieurs reprises, écoutent la présentation et en discutent en fraction, ainsi qu'avec les experts de la Commission des finances, jusqu'à ce qu'une vision d'ensemble se dessine progressivement. Elle compare ce processus au pointillisme pratiqué à l'école maternelle : il faut relier les points avec soin pour obtenir un motif cohérent.*
*Elle rappelle ensuite qu'un budget est un document complexe, mais fondamental pour une commune, et l'illustre par une analogie domestique : les recettes et dépenses ordinaires correspondent aux salaires, aux frais de logement et d'énergie d'un ménage, tandis que l'excédent permet de financer des projets extraordinaires, tels que la construction d'écoles, de pistes cyclables ou l'organisation d'évènements culturels. Pour Differdange, l'exercice 2025 se clôture avec un excédent de 37 millions d'euros, ce qui permet d'aborder 2026 de manière saine.*
*Laura Pregno aborde ensuite la situation des emprunts. La Commune a choisi de rembourser anticipativement le prêt du parc des Sports, assorti d'un taux variable de 3,06 %, ce qui représente un gain de 2,5 millions d'euros. Or, elle s'interroge : le remboursement*

hunn. Ech denken do och un d'Carole Friedrich, den Henri Krecké, de Jean-François Leblond an d'Romaine Regenwetter. Ganz besonnesch denken ech och un den Här Max Felten an un den Här Andy Hansen, déi eis an der leschter Sitzung vum Gemengerot eng ganz opschlossräich Presentatioun virgedroen hunn. Ech wäert méi spéit drop zréckkommen.

Donieft all eenzele Chef de service ee grousse Merci, well deen huet jo och ëmmer vill Aarbecht, fir de Budget fir säi Service opzestellen an d'Previsioune vu senge Projete fir dat zukünftegt Joer ze maachen.

Et ass all Joer een interessanten, wann och schwéieren Exercice, dës Prise de position zum Budget virzebereeden an opzestellen. Ech spiere mech ëmmer wéi virun enger Mammutaufgab, an ech weess, et gëtt just besser, wann ech ufänken. An awer wëll ech ni ufänken. Ech zéie mech dann eng Rei Deeg virun dësem Ufänken.

Ëmmer manner Deeg allerdéngs! De Schäfferot setzt d'Sitzung vun der Presentatioun vum Budget an d'Sitzung vum Vott vum Budget esou no beieneen, dass ech mëttlerweil net méi vill Zäit hu fir opzeschieben. Vläicht grad sou gutt, well opschieben ass jo u sech net esou positiv. An awer!

Ech denken do och un all déi Etappe vu Participatioun, déi an de Parteie stattfannen an et ass schlussendlech d'Basisdemokratie, déi ënner deem kuerzen Delai leit. Ech denken och, dass dëse Rhythmus fir d'Beamten e relativ ugezunnene Rhythmus ass.

Wann dem Schäfferot seng Aarbecht mam Opsetze vum Budget, entre guillemets, fäerdeg ass, da fänkt de Conseilleren hir Aarbecht eréischt un. An dat ass eng aner. Mir kennen de Budget net esou gutt. Mir kucken eis en un. Eemol, zweemol, dräimol. Lauschteren an der Presentatioun dem Schäfferot no. Schwätzen an der Fraktioun driwwer, mat eisen Experten an der Finanzkommissioun. An da lues a lues zeechent sech aus ville Punkten eng Form. E bëssi esou wéi beim Picken an der Spillschoul: Et muss een oppassen, dass een d'Punkten no genuch beienee mécht, fir dass et ee schéint Motiv gëtt an net einfach esou ratsch, ratsch derduerch fiert, wéi et sécherlech muncher ee vun eis gemaach huet – an der Spillschoul natierlech, net beim Liese vum Budget!

Zréck zum Budget. Fir vill Leit, déi eis nolauschteren oder méi spéit noliesen: E Budget ass e richteg kompliziéiert Dokument. Et ass awer eent vun de wichtegsten, dat eng Gemeng huet. Dofir verdäitlechen ech dat ëmmer gäre mat engem Beispill:

E Budget funktionéiert net vill anescht, wéi wann Dir bei Iech doheem Är finanziell Situatioun analyséiert: Wat kënnt eran duerch Är Salairen a wat geet eraus duerch Är Wunn- an Energiekäschten, d'Iessen, d'Assurancen etc.? Dëst sinn ordinär Recetten an Depensen, well se ëmmer erëmkommen.

Natierlech hofft jiddereen, dass um Enn Suen iwwreg bleiwe fir Imprevuen, wéi d'Reparatur vun enger Wäschmaschinn zum Beispill, oder fir extra Saachen, wéi zum Beispill e puer nei Schong oder vläicht eemol e klengen Ausfluch.

A genau dës Differenz erlaabt et och enger Gemeng, fir extra Projeten, wéi de Bau vu Schoulen, neie Vëlosweeër oder extrakulturell Evenementer ze organiséieren. Et ass also immens wichteg, dass tëschent den ordinären Depensen a Recetten ëmmer Suen iwwreg bleiwen.

Dëst ass fir d'Gemeng Déifferdeng och fir dat aktuellt Joer de Fall. An d'Resultat ass gutt. 2025 schléisse mir mat engem Iwwerschoss vu 37 Milliounen of a kënnen esou u sech ganz gesond an d'Joer 2026 starten.

An der Presentatioun vun den Häre Felten an Hansen d'lescht Woch, sinn eng Rei Faiten erkläert ginn. Ech ginn elo net op alles an, hiewe just déi ervir, déi eis net esou ganz kloer waren.

Als Éischt géif ech gären op d'Situation des emprunts agoen. D'Gemeng huet decidéiert, e ganzen Emprunt zréckzebezuelen. De Choix ass op de Prêt mam Intitulé Parc des Sports mat engem Taux variable vun 3,06 %, e relativ héijen Taux, wann ee vergläicht mat deenen anere Prêten, gefall.

De Gain fir d'Gemeng läit hei bei 2,5 Milliounen, well mir bezuelen 13 Mil-

liounen amplaz vu 15,5 Milliounen zréck. D'Fro, déi sech eis hei stellt, an op déi mir an dëser kuerzer Zäit net esou wierklech eng Äntwert kruten, ass, firwat net de Prêt mam Intitulé Équilibre budget, mat engem Taux variable vun 2,42 %, zréckbezuelt gëtt? Hei géif d'Gemeng 11,9 Milliounen zréckbezuelen amplaz 14,7. De Gain wär 2,8 Milliounen an domadder 300.000 méi héich wéi bei der gewielter Zréckbezuelung, wou de Gain 2,5 Milliounen ass. Dat schéngt eis net ganz logesch.

Elo géif ech gären op d'Käschte vun de Syndikater agoen. Jo, d'Syndikater generéiere Käschten, vill Käschten, an déi sinn och net ze evitéieren a si si sënnvoll. Mee firwat ginn dann net och parallel Recettë vun de Syndikater opgeléscht? De SIACH an den SES si jo awer quasi eng Nulloperatioun, well d'Bierger d'Majoritéit vun de Käschten droen. Ech fannen déi Approche relativ eesäiteg an net ganz transparent.

Am nächste Slide vun der Presentatioun ass op den Taux de croissance annuel moyen des recettes et des dépenses opérationnelles sur dix ans agaange ginn. Et gesäit esou aus, wéi wann den Taux de croissance vun den Depensë méi héich wär. Dëst si 6,72 % an den Taux de croissance vun de Recetten dogéint just 5,99 %.

Mee wéi kann een déi Zuele vergläichen, wann de Wäert am grousse Ganzen net vergläichbar ass? Ech erkläre mech: 5,99 %, also ronn 6 % vu ronn 200 Millioune maachen 12 Millioune Recetten aus. A vis-à-vis sti 6,72 %, ronn 7 %, vun 150 Milliounen, déi awer just 10,5 Milliounen Depensen ausmaachen. Et stinn also 12 Millioune Recetten, 10,5 Milliounen Depensë géigeniwwer. Den Diagramm vermëttelt de Contraire.

Et geet dach dorëms, Informatiounen oppen, éierlech a kloer ze kommunizéieren, fir dass all Bedeelegte genau versteet, wat passéiert. A grad als ëffentlech Institutioun ass dach eng oppen, richteg an och transparent Kommunikatioun esou wichteg. Oder ass et, wéi de Sir Winston Churchill sot: „Ech gleewe kenger Statistik, déi ech net selwer gefälscht hunn"?

Da kommen eng Rei Sliden iwwer d'Personalkäschten. Déi gehéiere jo och zu den Dépenses ordinaires vun der Gemeng. Sechs Slides vun enger Presentatioun, déi der am Ganzen 23 zielt. Et ass e wichtegt Theema, jo – an awer!

Ech erkläre mech: Engersäits gëtt betount, wéi stolz a frou een ass, dass mir als Gemeng net outsourcen a quasi all Déngscht an der Gemeng selwer an de Grapp huelen, net esou wéi eng Rei Nopeschgemengen et maachen. An anerersäits gëtt esou, en long et en large, op dësen héije Coût agaangen.

D'Astellungen hunn immens zougeluecht. Engersäits, natierlech, well d'Populatioun vun Déifferdeng klëmmt, an och natierlech déi domadder verbonne Gestion quotidienne. An awer och, well nei Strukturen, wéi zum Beispill dës Hal, d'Hal John Scheuren bäikomm sinn, déi natierlech och Aarbechtsplaze generéieren.

Et wär interessant, eng Kéier d'Augmentatioun vun den Aarbechtsplazen op der Gemeng par rapport vun der Augmentatioun vun der Populatioun vun Déifferdeng ze vergläichen. Da wär et och interessant, de reelle Besoin mat den Astellungen ze vergläichen. Mee dat ass en immens subjektiivt Theema a kann net gutt statistesch erfaasst ginn. Mir hunn eis laang agesat, fir en objektiivt a kompetent Astellen a bestinn och weiderhin drop.

Dann hu mir och vill Leit, déi an hirer Fin de carrière sinn. Dat bedeit natierlech och e Surplus u Fraisen, mee heescht awer och, dass d'Leit en général gären a gutt al ginn op der Déifferdenger Gemeng.

Ech weess och guer net, ob déi Zuelen iwwer de Budget vun der Masse salariale elo esou aussokräfteg sinn, dass se esou vill Sliden an der Presentatioun besetzen. Soll ech denken, déi verdénge vill, genuch, ze vill, net genuch, si hunn immens vill Sue bäikritt an der Lescht? Oder soll ech vläicht denken, si kréien net genuch?

Et gëtt vu Prozenter geschwat a vun Evolutiounen, ouni Zuelen ze vergläichen, vläicht iwwer eng Kafkraaftparitéit oder mat eppes anescht. Et erënnert mech un dat ëmmer erëm alljärlecht Opfëlle vum Summerlach mam

*du prêt, afin d'équilibrer le budget, dont le taux variable est de 2,42 %, aurait généré un gain de 2,8 millions d'euros, soit 300 000 € de plus. Ce choix ne lui parait pas logique.*

*Elle s'interroge également sur la présentation des couts des syndicats intercommunaux. Si les dépenses sont détaillées, les recettes correspondantes ne sont pas mentionnées, alors que le SIACH et le SES constituent quasiment des opérations neutres, puisque les citoyens en supportent la majorité des couts. Cette approche lui semble unilatérale et peu transparente.*

*Laura Pregno conteste également la comparaison des taux de croissance annuels moyens des recettes et des dépenses opérationnelles sur dix ans. Le taux de croissance des dépenses, à 6,72 %, semble supérieur à celui des recettes, à 5,99 %, mais ces pourcentages s'appliquent à des bases différentes : 6 % de 200 millions représentent 12 millions de recettes, tandis que 7 % de 150 millions ne font que 10,5 millions de dépenses. Le diagramme donne donc une impression contraire à la réalité, ce qui compromet la transparence.*

*Elle s'étonne que 6 diapositives sur 23 soient consacrées aux frais de personnel, alors que la commune se félicite par ailleurs de ne pas externaliser ses services. L'augmentation des effectifs s'explique par la croissance démographique et l'ouverture de nouvelles infrastructures, telles que le centre sportif John-Scheuren. Elle regrette qu'aucune diapositive ne porte sur les recettes ordinaires, qui auraient constitué un pendant indispensable, et conclut que toute présentation repose sur des choix comparables à ceux pédagogiques d'un enseignant. Laura Pregno indique qu'elle n'a pas bien compris ce choix.*

*Elle précise que le budget extraordinaire a été présenté par les différents échevins et qu'elle va se concentrer sur ses propres ressorts, tandis que madame Schütz et monsieur Aguiar aborderont les autres thèmes dans leurs prises de position respectives.*

*Elle rappelle que l'ensemble des projets de construction s'élève à*

*32,2 millions d'euros, dont 11 millions sont consacrés au seul nouveau bâtiment de l'hôtel de ville. Elle souligne l'importance du futur campus scolaire de Differdange, actuellement en cours de planification. Elle note par ailleurs plusieurs rénovations et réaménagements de bâtiments existants, qui ne présentent rien d'extraordinaire.*
*En matière de développement urbain, Laura Pregno exprime son intérêt pour les résultats à venir du service de diversification économique, dont une présentation récente l'a particulièrement impressionnée. Une enveloppe de 500 000 € est prévue pour ce dossier difficile, dans lequel d'autres ont déjà échoué.*
*Elle se réjouit des investissements substantiels dans le projet NetZeroCities, lancé sous le précédent collège échevinal vert-noir, dans le cadre duquel Differdange a été sélectionnée parmi 112 villes de 35 pays pour atteindre la neutralité climatique d'ici 2030. Elle regrette toutefois que l'enthousiasme initial du collège échevinal semble s'être essoufflé et que l'écho des ministères demeure faible, malgré la présence de politiciens partageant les mêmes convictions. Elle rappelle que c'est précisément ce projet et les engagements qui y sont liés qui avaient conduit les Verts à voter le budget l'année précédente.*
*Dans ce contexte, elle salue les nouvelles installations solaires et agrophotovoltaïques prévues, l'étude d'une installation de biogaz destinée à la lutte contre le gaspillage alimentaire, ainsi que le projet de géothermie à Oberkorn. Elle se félicite également de l'aménagement de quatre nouveaux espaces verts dans le tissu urbain, notamment à Niederkorn, près de la maison Lahure, qui contribuent à la biodiversité et au bienêtre des habitants. Les investissements dans l'économie de partage profitent aussi bien à l'environnement qu'à la cohésion sociale.*
*Sur la mobilité, Laura Pregno rejoint les propos de madame Charlé quant à l'importance d'un dialogue compétent et transparent, tout en constatant que la communication dans ce dossier a été maladroite. Elle déplore que l'étude de mobilité*

Verglach vun den Enseignantspaien. Net an de Kontext gesat, ouni Hannergrond, just fir eppes ze weisen.

Leider si keng Sliden iwwer d'Recettes ordinaires an dëser Presentatioun gewise ginn. Dëst wär jo dann als Pendant och immens interessant gewiescht.

Presentatioune si Choixen, e Choix vu wat ech weisen: Weisen ech dat eent oder dat anert? E bësse wéi an der Schoul, wann ee seng Stonne preparéiert. Do mécht een e Choix pédagogique baséiert op de Lehrplan, awer och, andeems een d'Interessien an d'Kompetenze vun de Schüler ferdert. Wat hei de Choix ugeet, hunn ech en elo net esou richteg novollzéie kënnen.

De Budget extraordinaire gouf an der Presentatioun vun den eenzelne Schäffe virgestallt. Ech ginn elo op meng Ressorten, entre guillemets, an. Mir hunn eis dat, wéi och soss ëmmer, am Gemengerot opgedeelt. D'Madamm Schütz an den Här Aguiar wäerten an hire Stellungnamen op déi aner Theemen agoen.

Am Ganze summéiert sech d'Zomm vun de Bauprojeten op 32,2 Milliounen, wouvun der eleng 11 fir de Bau vum neie Stadhaus sinn. Wichteg ass hei sécherlech de viraussiichtleche Bau respektiv d'Plange vum neie Schoulcampus vun Déifferdeng.

Zousätzlech fanne mir eng Rei Renovatiounen a Reamenagementer vun aktuelle Bauten, déi weider net aussergewéinlech erausstiechen.

Am Développement urbain si mir ganz gespaant op déi weider Resultater vum Développement économique. Mir konnte jo virun enger Rei Wochen un enger ganz interessanter Presentatioun vun dësem Service deelhuelen a si gespaant op déi éischt Resultater an dësem däregen a schwieregen Dossier, wou scho sou munch anerer dru gescheitert sinn. Heifir ass eng Enveloppe vu 500.000 Euro virgesinn.

Interessant a begeeschtert si mir vun de weidere substanziellen Investissementer an d'Projete vun NetZeroCities. De Projet, deen am virege gréng-schwaarze Schäfferot initiéiert gouf, a wou Déifferdeng als Mission City, also eng vun 112 Stied a 35 Länner ausgewielt gouf, bis 2030 klimaneutral ze ginn.

D'lescht Joer hat ech a menger Budgetsried gesot, ech zitéieren: „Et huet mech gefreet, dass ech entretemps eng gewësse Begeeschterung bei de Schäffe gespuert hunn, fir dëse Projet ze encadréieren an ze chapotéieren".

Entretemps hunn ech d'Gefill, dass d'Begeeschterung schonn e bëssi nogelooss huet. Et ass sécherlech immens vill Aarbecht, vill hin an hier, an obwuel gläichgesënnte Politiker an de Ministèrë sëtzen, ass anscheinend wéineg Echo do. Schued. Et ass esou ee wichtege Projet, deen Déifferdeng iwwer d'Jore méi nohalteg a liewenswäert wäert gestalten. An et war och dëse Projet an déi domadder verbonnen Engagementer an Investitiounen, déi an eisen Aen d'lescht Joer ausschlaggeebend waren, fir de Budget mat Jo ze stëmmen.

Am Kontext vun NetZeroCities begréisse mir awer déi weider Solaranlagen an Agri-Photovoltaikanlagen, déi geplangt sinn. D'Etüd fir eng Biogasanlag am Champ d'action vum Antigaspillage alimentaire an des Weideren de Projet vun der Geothermie zu Uewerkuer.

Och begréisse mir d'Amenagement vu véier weidere Gréngplazen am Tissu urbain an de verschiddene Lokalitéiten, wéi zum Beispill zu Nidderkuer bei der Maison Lahure oder an der Woiwer Strooss, déi dem groen Aspect vu Bëton a Goudron zegutt kommen a sécherlech e Stéck Biodiversitéit zréck an d'Stad bréngen. An och sécherlech den Awunner zegutt kommen. Vläicht ferderen dës Plazen, grad wéi och de Gemeinschaftsgaart hanner der Groussstrooss, e Stéckche Solidaritéit, Kooperatioun an Ënnerstëtzung an eiser Gesellschaft.

Och dee ganzen Invest an d'Sharing Economy kënnt souwuel der Ëmwelt wéi och de Lienen an eiser Gesellschaft zegutt.

En anert Theema, op dat ech wëll e bëssi agoen, an awer och net ze vill, ass d'Mobilitéit.

Ech schléisse mech de Wierder vun der Madamm Charlé lescht Woch un, wou si betount huet, wéi wichteg e kompetenten an transparenten Dialog ass,

deen net vu Frechheeten an Onverschämtheete vis-à-vis vu Persounen an de Kakao soll gezu ginn. Et weist allerdéngs och, dass d'Kommunikatioun an dësem Dossier net ganz glécklech gelaf ass. Ech mengen de Schäfferot war sech desse jo och bewosst.

Et hätt een op d'mannst e gudden Dialog mat de Commerçantë kéinte sichen a fannen. D'Testphas huet eis gewisen, wat d'Méiglechkeeten a sécherlech och d'Limitte vun der Mobilitéit zu Déifferdeng sinn.

Och an dësem Budget vum Joer 2026 stinn erëm 400.000 Euro als Etüd fir Mobilitéit dran. D'lescht Joer war et schlussendlech e Budgetsposte vu 650.000 Euro. An och hei sinn ech erëm meng Ried vu leschtem Joer siche gaangen an hu gelauschtert, wat ech zu deem Zäitpunkt sot: „D'lescht Joer" – also am Joer 2024 – „krute mir versprach, dass am Fréijoer" – also am Joer 2025 – „eng Etüd respektiv en neit Mobilitéitskonzept sollt virgestallt ginn. Rechnunge goufe jo mol bezuelt, mee inhaltlech ass et iergendwéi vag respektiv carrement inexistent".

Elo si mir Dezember 2025 a gläich 2026 a mir waarden ëmmer nach op déi Etüd. Jo, ech weess, Dir sammelt Zuelen a maacht hei an do, mee sidd dach schlau an huelt d'Parteie mat an d'Boot a gliddert si participativ an, sou wéi Dir et dach ëmmer wollt maachen, dee Moment, wou Dir an der Oppositioun waart. Mee iergendwéi zitt de Wand an eng aner Richtung.

Participatioun a Biergerbedeelegung, Schlagwierder, déi op d'mannst d'LSAP ëmmer erëm an de Mond hëlt a wou et dann awer oft beim eidele Konzept bleift an et un der Ëmsetzung feelt. Ëmsetzung vu Projeten, ouni d'Leit matzehuelen, op hir Bedenken an hir Kriticken anzegoen an hir Suergen eescht ze huelen. Ech denken do ganz besonnesch un de Fëscherweier, wou d'Leit vun Zowaasch mech nach viru Kuerzem drop ugeschwat hunn, ob d'Gemeng dann elo wierklech dëse Projet, deen net vun de lokale Leit gedroe gëtt, géif ëmsetzen. An, jo, e Fëscherweier fir e Club vun Nidderkuer zu Zowaasch ass lues a lues Realitéit a weist, wéi schlecht de Schäfferot säin Job hei gemaach huet. Schlecht fir déi eng, gutt natierlech fir de Club.

De Schäfferot huet och decidéiert, e Fonds de réserve unzeleeën, net just e Fonds de réserve vun enger Millioun, wéi et soss emol üblech war, mee 30-mol esou vill wéi soss emol. Eng Enveloppe vun 30 Millionen. 30 Millionen op d'Säit leeën, fir eng eventuell Kris oder en Imprévu. En Imprévu allerdéngs, deen entweeder zéng Milliounen am Logement abordable däerf kaschten, zéng Milliounen am Développement stratégique de la ville oder zéng Milliounen an der Educatioun. Hoffentlech kënnt deen Imprévu dann elo net an engem anere Beräich, dann dierft een déi Sue jo u sech net siche goen.

Zesumme mam Zréckbezuele vum Prêt vu ronn 12 Milliounen, leet de Schäfferot also 42 Milliounen op d'Säit. Ass d'Gemeng e Spuerveräi ginn oder feelt et dem Schäfferot einfach u Visiounen an Iddie vun neie Projeten?

Déifferdeng bougéiert, konnt ech wéini op enger Publikatioun vun der LSAP liesen. Jo, bougéiert. Wou? Mam Freedefeier – a nee, entschëllegt, Pyrotechnik fir Nationalfeierdag? Mam Chrëschtmaart am Tipi oder wou? Nom Prinzip „Brot und Spiele", wéi bei de Réimer.

Am Budget hunn ech nämlech net esou vill Bougéiers fonnt. E Budget ass dach do fir ze wëssen, wouhi mir steieren, ob mir nei Projeten ëmsetzen oder just renovéieren a reamenagéieren.

Wou sinn dann elo konkreet déi Projeten, déi sollen 30 Millioune kaschten an déi vläicht sollen am Laf vum Joer ëmgesat ginn? Déi nei Projeten, déi Déifferdeng weider innovativ liewe loossen, déi d'Solidaritéit, d'Diversitéit an d'Integratioun fërderen? Oder bleiwen déi Suen einfach emol fir 2026 agefruer an engem risege Fonds de réserve?

Mir, Déi Gréng, wéilte scho wëssen, bei wat mir de Schäfferot sollen ënnerstëtzen a wëlle keng Fräikaart gi fir alleméiglech Saachen.

En plus, wat mir net esou richteg alicht, ass: D'Gemeng huet sälleg Prêten. A Prête kaschten Zënsen. Mir decidéieren awer, 30 Milliounen op d'Säit ze leeën a weiderhin Zënsen ze bezuelen. Wann Dir keng Iddien hutt, da spuert dach richteg a bezuelt weider Prêten

*promise pour le printemps 2025 ne soit toujours pas présentée fin 2025, alors que des factures ont déjà été payées. Elle reproche au collège échevinal de ne pas associer les parties prenantes de manière participative, contrairement à ce qu'il prônait lorsqu'il était en opposition.*

*Elle critique plus largement le manque de participation citoyenne, en évoquant le cas de l'étang de pêche à Lasauvage, un projet qui n'est pas soutenu par les habitants locaux, mais que la Commune met néanmoins en œuvre.*

*Enfin, Laura Pregno s'interroge sur la constitution d'un fonds de réserve de trente-millions d'euros, trente fois supérieur à ce qui était habituel, réparti entre le logement abordable, le développement stratégique et l'éducation. Combiné au remboursement d'un prêt de 12 millions, le collège échevinal met ainsi 42 millions de côté. Elle demande si la commune est devenue une caisse d'épargne ou si le collège manque simplement de vision et d'idées nouvelles. Elle juge illogique de conserver une telle réserve tout en continuant à payer des intérêts sur des emprunts existants, et réclame de connaitre les projets concrets que ces sommes sont censées financer avant d'accorder son soutien.*

*Laura Pregno raconte que vendredi dernier, dans la kitchenette du lycée, elle a discuté avec un collègue philosophe lors de leur heure creuse commune. Chaque vendredi, ils échangent sur toutes sortes de sujets. Elle lui confie qu'elle est encore dans une phase d'hésitation face à la tâche considérable que représente la rédaction de son discours sur le budget. Le collègue lui suggère d'utiliser ChatGPT, qui maitrise désormais le luxembourgeois. Elle se demande toutefois si une intelligence artificielle peut restituer ses nuances, sa compréhension du budget, son humour et son sens critique.*

*Il ne s'agit ni d'un courrier formel ni d'un questionnaire pour ses élèves : elle tient à rédiger elle-même son discours. Lorsqu'elle lui a dit qu'elle ne savait pas trop quoi dire et qu'elle trouvait ce budget marqué par la continuité, peut-être un peu fade, le philosophe lui a répondu que la continuité vaut mieux que la régression, et lui a demandé d'imaginer à quel point ce serait pire. Elle lui donne raison sans hésiter.*
*Durant le weekend, elle a poursuivi son travail méthodiquement, point par point, seule, avec ses collègues de parti, en fraction, avec les experts financiers, en section. En parcourant les thèmes — NetZeroCities, logement abordable et mobilité douce —, elle a eu l'impression de se retrouver dans son cours de première année sur les stratégies durables pour l'Europe. La durabilité est le mot-clé du XXIe siècle, a-t-elle constaté.*
*Elle s'est alors demandé pourquoi elle était heureuse de vivre à Differdange : parce que cette ville a toujours incarné le dynamisme et l'innovation, avec des projets tels que le plateau du Funiculaire, le 1535° Creative Hub, la SportFabrick ou le Gravity. Or, elle ne retrouve pas ces projets innovants et solidaires dans le budget actuel. Les points qu'elle a relevés dessinent un budget de continuité, fait de rénovations et de réaménagements, mais dépourvu de projets neufs, d'innovation et de dynamisme.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie toutes les personnes ayant contribué à l'élaboration du budget 2026 et salue la qualité de la présentation des experts Andy Hansen et Max Felten. Il annonce qu'il prend position sur le budget, tandis que ses collègues, Emina Ceman et Claude Olten, interviendront ultérieurement sur leurs points respectifs.*

zréck, da spuert Dir wéinstens Zënsen. Wat sot Dir dann zu engem, deen e Prêt personnel mécht fir en Auto ze kafen, deen en awer schlussendlech net keeft, well e sech net kann decidéieren. E bezilt also einfach säi Prêt mat den Zënsen zréck, ouni Auto ze hunn. Net wierklech logesch. Soit.

Leschte Freideg hunn ech an der Kitchenette am Lycée mat engem Aarbechtskolleeg geschwat. Mir hunn all freides zesummen eng Sprangstonn. Hien ass Philosoph an drénkt Téi, ech si Geograf an drénke Kaffi. All Freideg hu mir en interessanten Austausch zu all méiglechen Theemaen. An ech war leschte Freideg nach a menger Phas „Ech zéie mech viru menger Mammutaufgab" an hunn him dovunner erzielt.

Hien huet gemengt, ech kéint jo den ChatGPT fidderen, entretemps kéint deen och Lëtzebuergesch. Firwat net, mee kann dann den ChatGPT och meng Nuancen, mäi Verständnis vu Budget, mäin Humor an awer och meng Kritik zréckginn? Et geet jo net ëm e formale Bréif oder ëm d'Opstelle vun engem QCM fir meng Schüler – dat kann den ChatGPT nämlech scho ganz gutt.

Nee, meng Ried, déi wëll ech scho selwer opstellen. Mee ech sot him, ech weess awer net esou richteg, wat ech soll soen. Ech war, wéi ech virdrun nach gesot hat, nach an der Phas vun der Form picken. Ech sot zu him: „Ech mengen, et ass e Budget vun der Kontinuitéit. Et ass näischt Neits. Vläicht e bëssi fad".

Do äntwert de Philosoph jo net: „Laura lauschter: Besser Kontinuitéit wéi Regressioun. Stell Dir dat emol vir! Dat wär jo nach méi schlëmm. Oder wat mengs du?" Eng philosophesch Fro. Ma absolutt, do hunn ech him misse Recht ginn. Dat wär definitiv méi schlëmm.

An iwwer de Weekend hunn ech weider gepickt. Schéi lues. Ee Punkt nom aneren. Eleng, mat menge Parteikolleegen, erëm eleng, an der Fraktioun, mat de Finanzexperten, eleng, an der Sektioun, schéi weider, ee Punkt nom aneren.

NetZeroCities, Logement abordable, Mobilité douce … iergendwa sinn ech mir virkomm, wéi a mengem Premièrescours iwwer nohalteg Strategië fir d'Europa vun haut a vu muer. Nohaltegkeet ass d'Schlagwuert vum 21. Joerhonnert.

Iergendwann de Weekend hunn ech mir d'Fro gestallt: Firwat sinn ech frou, zu Déifferdeng ze wunnen? Well Déifferdeng ëmmer fir eppes Neits stoung, dynamesch war, innovativ – en neit Konzept, en neie Quartier, wéi de Plateau du Funiculaire, e 1535° Creative Hub, eng Sportsfabrick, e Gravity et j'en passe. Wou sinn dann elo hei déi innovativ a solidaresch Projeten, déi Déifferdeng weider dynamiséieren an net op der Lëtzebuerger Landkaart verschwanne loossen? Ech hu se an dësem Budget net fonnt.

Op eemol hu meng gepickte Punkte Form erginn, d'Form vun engem Budget an der Kontinuitéit mat sëllege Renovatiounen, Reamenagementer, ouni nei Projeten, ouni Innovatioun an ouni Dynamismus.

Merci fir d'Nolauschteren a schéi Feierdeeg Iech alleguerten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Leit vun der Press an och all déi Leit, déi dobaussen eis nolauschteren.

Fir d'éischt wëll ech emol jiddwerengem Merci soen, deen dëst Joer un deem groussen Dokument, eisem Budget fir 2026, matgeschafft huet.

Wat mir, oder eis alleguerten, perséinlech ganz gutt gefall huet, war an der Presentatioun vum Budget eis Experten Andy Hansen a Max Felten, déi eis dat, menger Meenung no, gutt auserneegeluecht hunn.

Ech wäert zum Budget fir 2026 Stellung huelen. Wëssend, dass e Budget rectifié ëmmer muss hei an do mol ugepasst ginn. Duerno géif ech dann op verschidde Punkten, déi, déi mech ëmmer

betreffen, méi déif agoen. D'Madamm Emina Ceman an den Här Claude Olten wäerten zu hire Punkte spéider eppes soen.

An eisem ordinäre Budget, deen eis Funktiounskäschte vun eiser Gemeng hiergëtt, ass natierlech dee gréisste Budgetsposte vun de Personalkäschten. Et schaffe geschwë bal 1.000 Leit fir eis, soudass mir in etwa 55 % vum ordinäre Budget als Lounkäschte musse verbuchen. Wat awer, vis-à-vis vun anere grousse Gemengen, ëmmer nach an engem gudde Beräich läit, wéi eis wéini erkläert ginn ass.

D'Käschte wéi d'Einname klammen am ordinäre Budget steteg all Joer, bleiwen awer parallel. Wat eng gutt Situatioun ass.

Ee flotte Punkt ass d'Dotatioun vum Staat, déi ëm sechs Millioune geklommen ass. Mir kréien en equilibréierte Budget presentéiert, deen eis Sputt léisst, fir eng Reserv unzeleeë vun 30 Milliounen Euro, fir an nächster Zukunft an déi grouss Projeten, déi nach wäerte kommen, ze investéieren.

Och soll ee gréisseren Emprunt d'nächst Joer zréckbezuelt ginn.

Alles an allem sti mir finanziell op stabille Féiss, wat eis d'Méiglechkeet gëtt, weider eis Investitiounen an alle Beräicher héich ze halen.

Ech kommen elo zu de Bauten an dem Stroossebau.

Bauten a Stroossebau sinn, wéi all Joer, déi Posten, wou dee gréisste Budget am Extraordinär virgesinn ass. Eng Hellewull Projete goufen d'lescht Joer färdeggestallt, ech ka se elo net alleguerten opzielen. Et sinn awer vill nei Projeten, déi wäerte starten.

Hei stécht natierlech eist neit Stadhaus oder d'Renovatioun vum Stadhaus mat 11 Milliounen ervir. Et wäert ee Concours stattfannen, fir deen neie Schoulcampus beim ale Spidol ze plangen. Et gouf och no enger Léisung gesicht, fir mat esou mann wéi méiglech Käschten déi nei Sportshal, déi um Woiwer muss déi al ersetzen, ze plangen. D'Vergréisserung Aquasud soll an zwou Phase stattfannen. Heifir si fënnef Milliounen am Budget virgesinn.

Stadion Thillebierg geet an déi zweet Phas. Um Schéissstand zu Uewerkuer soll et elo endlech lassgoe mat der Renovatioun.

Wat eis besonnesch freet, et gesäit jo elo gutt aus, mat enger machbarer Léisung fir d'Suppressioun vum PN15. Ouni déi kënne mir den Zentrum, dee mer wëlle berouegen, kënne mer dat net duerchzéien.

Natierlech gëtt den Invest an eis Schoulen, Maison-relaisen an och an d'Sportinfrastrukturen héichgehalen.

Beim EIDE, um ale Site vum CID, solle weider Klassesäll, eng Schwämm an Turnsäll, kombinéiert mat Logement entstoen. Vis-à-vis heivunner soll um Parking beim Mittalsterrain ee Parking gebaut gi fir d'Personal, dass déi och do Plaz fannen, fir hir Gefierer ënnerzestellen.

Onbedéngt soll och no neie Méiglechkeete gesicht ginn, fir eis Kreativfabrick ze vergréisseren. Souguer, wann et géif passen, mat Logement derbäi, dass déi Leit do och kéinten op hirer Plaz praktesch schaffen a wunnen.

Am Stroossebau steet munches um Plang: Amenagement Feldstrooss a Waassergaass, endlech och de Wangert. Reamenagement vun der Rue Emile Mark. Verschidde Stroosse kréien nei Kanäl oder ginn einfach reprofiléiert.

Verkéier: Hei stinn ëmmer eng Hellewull u Frais d'études am Raum. Hoffe mer, dass mer an Zukunft eng Léisung fannen, fir de Verkéiersfloss zu Déifferdeng fir den Auto, de Vëlo an de Piéton ze verbesseren.

Vun dëser Plaz aus wëll ech nach eng Kéier eiser Verkéiersschäffin Merci soen. Si hat de Courage, fir dëst Joer eng Testphas ze maachen, fir ze kucken, wéi mir dee ganzen Trafick vläicht kënnen op een tolerabelen Niveau erofkréien.

Ee méi grousse Poste sinn d'Horodateuren, déi nach um Fousbann zum Deel gefeelt hunn. Et wäert ee Kontrakt gemaach gi mat Techniroute, fir de Marquage op de Stroossen a Stand ze halen an ëmmer um neiste Stand ze sinn. Dëst gouf am Averständnis mat

*Concernant le budget ordinaire, il en ressort que le poste le plus important est celui des frais de personnel, la commune employant bientôt près de mille personnes, ce qui représente environ 55 % du budget ordinaire, un ratio qui reste dans une bonne fourchette par rapport aux autres grandes communes. Les dépenses et les recettes augmentent régulièrement, mais restent parallèles, ce qui constitue une situation saine.*
*La dotation de l'État a progressé de six-millions d'euros. Le budget présenté est équilibré et permet de constituer une réserve de trente-millions d'euros destinée aux grands projets. Un emprunt important doit être remboursé l'année prochaine. La Commune se trouve sur des bases financières stables.*
*En matière de constructions et de voirie, de nombreux projets ont été achevés et d'autres démarrent : la rénovation de l'hôtel de ville pour 11 millions d'euros, un concours pour le nouveau campus scolaire près de l'ancien hôpital, une solution économique pour la nouvelle halle sportive du Woiwer, l'agrandissement d'Aquasud en 2 phases pour 5 millions, la deuxième phase du stade Thillebierg et la rénovation du stand de tir d'Oberkorn.*
*Il se réjouit de la solution envisagée pour la suppression du passage à niveau PN15, indispensable à l'apaisement du centre-ville.*
*Les investissements dans les écoles, les maisons relais et les infrastructures sportives restent élevés. Sur l'ancien site du CID, des salles de classe, une piscine, des salles de sport et des logements doivent voir le jour.*
*La KreativFabrik doit être agrandie, éventuellement avec des logements intégrés.*
*En voirie, plusieurs rues sont réaménagées ou reprofilées. En matière de circulation, il remercie l'échevine responsable d'avoir eu le courage de lancer une phase de test visant à réduire le trafic. Les horodateurs manquants sont installés, les parkings sont adaptés au nouveau système Indigo et les entrées de Differdange sont réaménagées pour réduire la vitesse.*
*Guy Tempels indique qu'une voie de bus doit être planifiée entre la*

*rue Émile-Mark et la route de Soleuvre, afin d'accueillir le futur bus rapide. Il évoque ensuite la construction d'une piste cyclable de 1,7 km dans le Haneboesch, pour un cout d'environ 1,5 million d'euros, en précisant qu'elle pourrait ultérieurement être prolongée jusqu'au Biff pour assurer la connexion. Il demande à l'échevine responsable des transports si la commune peut compter sur des aides de l'État pour ce projet.*

*Il se réjouit du déménagement du CID dans ses nouveaux locaux, qui offrent enfin des conditions de travail convenables au personnel. Il annonce la prochaine acquisition de l'outillage nécessaire ainsi que de vêtements de sécurité uniformes pour améliorer l'image des agents sur le terrain. Il souligne que les collaborateurs suivent régulièrement des formations pour rester à jour.*

*Le CID investit près de deux-millions d'euros dans des véhicules électriques : minibus, fourgonnettes, voitures, charriot élévateur, nacelle, camion-canal et camion-poubelle. Guy Tempels demande à l'échevin responsable si la halle, supprimée lors de la construction du CID et représentant une économie d'environ cinq-millions d'euros, pourrait être reconstruite ultérieurement, la situation financière le permettant désormais.*

*Concernant l'environnement, il relève un budget constamment élevé. Les Diffprimes ont augmenté pour atteindre 1,1 million d'euros en raison d'une forte demande, notamment pour les installations photovoltaïques et les pompes à chaleur. Ces investissements profitent aux calculs dans le cadre de NetZeroCities, même si la tendance devrait être à la baisse au cours des prochaines années, le pic étant probablement atteint.*

*Le parc de recyclage fait l'objet d'un nouvel appel d'offres, la Commune ayant constaté que le recours à un partenaire externe revient moins cher qu'une exploitation en régie propre.*

*Les syndicats SIACH et Minett-kompost coutent davantage, le premier atteignant 4,4 millions d'euros en raison des amortissements de la nouvelle installation. Un pro-*

der Voirie esou gekläert, well si all déi Saachen do net eleng stemme kënnen.

D'Parkinge musse fir den neien Indigo-System opgerüst ginn. Och heifir steet eppes am Budget.

D'Entrée fir an Déifferdeng wäert op ville Plaze mussen ugepasst ginn oder ëmgebaut ginn, fir dass méi lues gerannt gëtt.

(Gelaachs)

Tëschent der Rue Emile Mark an der Zolwer Strooss muss eng Busspuer geplangt gi fir dee méi neie schnelle Bus, dee soll kommen.

Um Schluss nach eis Pistes cyclables, Vëlospisten. Et gëtt eng 1,7 Kilometer laang Streck am Hahneboesch gebaut. Käschten: ongeféier annerhallef Millioun Euro. A wat flott kéint sinn, dat ass, dass déi och nach herno soll eventuell weider bis op d'Biff féieren an hei d'Verbindung wäert maachen. Hei eng Fro un eis Verkéiersschäffin: Hu mir do Aussiicht op Hëllefe vum Staat?

Dann den CID. Dëst Joer gouf endlech an den neien CID geplënnert. Elo kruten all eis Leit, déi hei schaffen, mol uerdentlech Aarbechtskonditiounen. Soudass mer hei an Zukunft éischter wäerten dat néidegt Aarbechtsgeschier uschafe fir eist Personal.

Een neie Posten, deen eis wichteg schéngt, ass d'Optriede vun eise Leit och dobaussen. Dëst wäert elo geschéie mat der Sécherheetskleedung, déi si wäerte kréien. Déi dann och elo wäert uniform ausgesinn.

Natierlech ginn eis Mataarbechter reegelméisseg an déi néideg Formatioune geschéckt, fir ëmmer à jour ze sinn.

Et gëtt konsequent, do, wou et machbar ass an och Sënn mécht, op elektresch Gefierer gesat. Fir bal zwou Milliounen Euro gi Minibusser, Fourgonnetten, Autoen, ee Gabelstapler, eng Nacelle, ee Kanalswon an een elektresche Müllwon ugeschaf. Heizou nach eng Fro un de responsabele Schäffen: Wou den CID gebaut ginn ass, hate mer deemools eng Hal ewechgelooss, déi fënneg Milliounen ongeféier agespuert huet. Ass ugeduecht, dës Hal an den nächste Jore vläicht nozebauen, well d'finanziell Lag géif et jo zouloossen? Oder besteet am Moment kee Bedarf méi?

Ech kommen dann op d'Ëmwelt. Fir de Beräich Ëmwelt hu mir e konstant héije Budget, wéi all Joer, wat och gutt ass. Ee Punkt stécht do eraus, dat sinn eis Diff-Primmen. Wéinst der héijer Nofro huet d'lescht Joer misse Budget nogestëmmt ginn. Elo soll en op 1,1 Millioun Euro klammen. Hei steet haaptsächlech eng héich Nofro fir PV-Anlagen, also vu Privatleit, PV-Anlagen an och Wärmepompelen am Raum.

Dës PV-Anlagen an all déi Investitiounen, déi kommen eis spéider bei de Berechnungen am Kader vun NetZeroCities zegutt. D'Tendenz ass awer éischter fir déi nächst Jore falend. Mer denken, dass schonn de Peak vun de maximalen Investitiounen erreecht ass.

Eise Parc recyclage gëtt nei ausgeschriwwen. Hei erwaarde mer eis méi ee modernt a benotzerfrëndlecht Konzept. Et gouf festgestallt, am Verglach mat anere Gemengen, dass mer fir d'Betribskäschten do gutt leien, wann een dee richtege Partner vis-à-vis un der Hand huet, amplaz selwer ze bedreiwen. Deen eis warscheinlech géif weesentlech méi kaschten.

D'Syndikater, déi ënner d'Ëmwelt falen, de SIACH an de Minett Kompost, kaschten eis méi. De SIACH mat 4,4 Milliounen, bedéngt duerch déi Ofschreiwungskäschte vun der neier Anlag an de Minett Kompost mat enger hallwer Millioun Euro.

Hei muss d'Ofwaasser vum Site an der Kläranlag verrechent ginn, wat bis elo net geschitt ass. Et gëtt awer un engem Projet geschafft, fir dëst Ofwaasser – et handelt sech ëm Presswaasser vum Kompost aus der Biogasanlag vum Minett Kompost – spéider als Dünger un d'landwirtschaftlech Betriber ofzeginn. Hei hätte mer dann och spéider vläicht mat engem manner héije Budget ze rechnen.

E flotte Projet och, deen a Kollaboratioun mam CELL wäert gemaach ginn, dat ass de Gemeinschaftsgaart, deen hanne bei den Terrasses de la Ville soll entstoen. Hei soll och eng flott Dréchemauer hikommen, well den Terrain dach zimmlech am Hang läit.

Herno solle mer och e Budget stëmmen, fir d'Feldweeër mat der ASTA erëm a Stand ze setzen. Hei ass leider de Feldwee vun Uewerkuer Richtung Bache Jang, dee mer scho viru Jore gestëmmt hunn, iergendwéi op der Streck bliwwen. Hei wär vläicht d'Fro och: Gëtt dee spéiderhin nogeholl? Oder wou si mer do drun?

De SICONA huet, wéi all Joer, en uerdentleche Plang zu Déifferdeng opgesat, mat zwee Weieren, déi wäerten op zwou Plaze bäikommen. Wa mir scho beim Weier sinn: Deen op der Zowaasch, dee muss a Konformitéit gesat ginn. Hei geet et ëm den Zoufloss vum Waasser aus der Crosnière, deen an de Weier leeft.

Dann hu mir nach e bësse Budget an Interreg-Projeten. Hei geet et eng Kéier ëm eng Päiperlekswiss op der Zounener Kopp. Déi ass eigentlech schonn do, et geet just drëm, fir se ofzeséchere wéinst de landwirtschaftlechen Aarbechten, déi heiansdo do vläicht ze wäit op déi Plaz féieren.

Am selwechte Kader am Interreg-Projet soll d'Mobilité douce iwwer d'Grenz gefërdert ginn. Hei wär zum Beispill och un de Wee vun der Maison Schneider erop op eise Bierg ze denken. Ech gesinn ewell Leit, déi hei erop op Lëtzebuerg schaffe fuere mam Vëlo.

Loftmoossunge gi weider gemaach. Woubäi ze soen ass, dass d'Miessungen déi lescht Zäit weesentlech besser gi sinn, säitdeem d'Schlake bei ArcelorMittal net méi bausse getippt ginn.

Ech kommen op NetZeroCities. Hei hunn d'Madamm Zenia Charlé an den Här Tom Ulveling mat hirer Ekipp sech jo een ambitiéist Zil gesat. Am Ganzen ass e Budget vun 2,5 Millioune virgesinn. Als Mission City gëlt et elo, déi 520 Punkte lues a lues a Realitéit ëmzesetzen.

Workshoppe goufen organiséiert, fir d'Leit, de Commerce an d'Industrie matanzebannen. Des Weideren hoffe mer awer och, deen een oder deen anere Subsid vun de betreffende Ministèren aus der Stad ze kréien, well mer wëssen, dass mer hei oft mat Projets phares ze dinn hunn, wou soss weider nach net am Land gemaach goufen.

Wat sinn déi Projeten, déi ëmgesat ginn? D'Stroossebeliichtung gëtt konsequent iwwer d'Joren op LED ëmgerüst. Elektrobornë goufen a ginn op sëllege Plazen installéiert. PV-Anlagen, sief et op eise Gebaier, als Ombrière op de Parkinge wéi och Agri-PV ginn ausgebaut. An et sinn der nach weider an der Planung.

Ee Projet Geothermie am Parc des Sports, op enger Plaz, wou terribel vill Energie gebraucht gëtt an och e Fernwärmenetz besteet, wär eng gutt Saach. Zemools mir hei mat enger Hëllef vu Säite vum Staat vun zwou Milliounen Euro kënne rechnen.

Ee Projet, deen ugeduecht ass, an et flott wär, wann e géif Realitéit ginn, ass fir d'Hëtzt, déi bei Mittal bei hirer Produktioun entsteet, an eist gemengeneegent Wärmenetz anzespeisen.

Eng Mikrobiogasanlag soll ugeschaf ginn, fir Kichenoffäll ze vergären. Hei sinn ech zwar e bësse skeptesch, well ech déi komplizéiert Virgäng e bësse kennen. Ech loosse mech awer gären enges Bessere beléieren.

Bei de geplangte Wandmille gëtt de Baart ëmmer méi laang. Hei wär et endlech un der Zäit, eng Kéier am zoustännege Ministère Kloertext ze schwätzen an eng kloer Äntwert ze froen, an net dat Gepiddels do.

Méi Gréngs an d'Stied oder an eis Schoulhäff. Hei si mer jo „Um Bock" amgaangen, e super Schoulhaff ze bauen. Déi aner Schoule sollen no an no nokommen. Hei sollt een och nach eng Kéier all deene Leit Merci soen, déi un dësen Appels à projets matgeschafft hunn an eis zu dach relativ héije Subside verhollef hunn, well mer Präisser gewonnen hunn.

Des Weidere solle véier Plazen an der Gemeng méi gréng gestalt ginn. Dëst wäert eng besser Liewensqualitéit mat sech bréngen.

Et ginn, an Zesummenaarbecht mat der Klima-Agence, gemengeneegen Haiser renovéiert. Och Privatleit fannen hei Ënnerstëtzung, wa si hir Haiser renovéiere wëllen.

No der Dronebefuerung vum Kanal ënner dem Mittalswierk wäerte mir

*jet vise à transformer les eaux de presse de l'installation de biogaz en engrais pour les exploitations agricoles, ce qui pourrait réduire les couts à terme.*

*Guy Tempels mentionne un jardin communautaire prévu près des Terrasses de la ville, en collaboration avec le CELL, ainsi que la remise en état de chemins ruraux avec l'ASTA, et demande des nouvelles du chemin entre Oberkorn et Bache Jang, resté en suspens.*

*Le SICONA prévoit deux nouveaux étangs et celui de Lasauvage doit être mis en conformité.*

*Des projets Interreg concernent une prairie à papillons et la promotion de la mobilité douce transfrontalière.*

*Les mesures de qualité de l'air se sont nettement améliorées depuis que les scories d'ArcelorMittal ne sont plus déversées à l'extérieur.*

*Quant à NetZeroCities, un budget de 2,5 millions d'euros est prévu pour mettre progressivement en œuvre 520 points. L'éclairage public est converti en DEL, des bornes électriques sont installées, des installations photovoltaïques sont réalisées et un projet de géothermie au parc des Sports est développé, qui bénéficie d'une aide étatique de deux-millions d'euros. Un projet ambitieux vise à injecter la chaleur produite par ArcelorMittal dans le réseau de chauffage communal.*

*Guy Tempels se montre sceptique quant à la microinstallation de biogaz pour les déchets de cuisine et réclame des réponses claires du ministère concernant les éoliennes.*

*Il salue les progrès en matière de verdissement des cours d'école et des espaces publics, la rénovation énergétique des bâtiments communaux et privés, ainsi que l'étude sur les pluies torrentielles, à la suite de l'inspection par drone du canal sous le site d'ArcelorMittal.*

*En conclusion, il estime que ce budget, qui investit dans tous les domaines sans excès, devrait pouvoir être soutenu par l'ensemble des partis. La dette par habitant de la commune est à un bon niveau et, selon lui, le budget demeure solide et devrait le rester au cours des prochaines années, ce qui place Differdange sur de bonnes bases financières. Il indique que son groupe peut donc soutenir à la fois le budget rectifié et le budget initial pour 2026.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *qualifie ce budget de « budget du renouveau ». Il estime qu'après des années marquées par des incertitudes et des investissements élevés, la Commune de Differdange retrouve une marge de manœuvre. Il souligne que Differdange n'a jamais connu de situation financière véritablement critique au cours des 15 dernières années, contrairement à ce que certains ont voulu faire croire. Il regrette toutefois que l'inaction passée ait engendré une dette en matière d'infrastructures, qui pèse aujourd'hui sur le budget communal ou sur celui des citoyens.*
*Il cite en particulier le retard dans l'extension de l'hôtel de ville, réalisée trop tard et rendue plus couteuse, ainsi que le retard accumulé dans le domaine du logement, où la commune est restée inactive pendant des décennies.*
*Il note que la marge retrouvée s'explique notamment par les effets positifs à long terme de l'indice, l'acquis social important au Luxembourg, obtenu grâce aux syndicats, qui influencent favorablement la dotation de l'État aux communes. Pour 2026, cette dotation devrait atteindre 141,5 millions d'euros, ce qui permettrait une gestion active de la commune. Il ajoute que Differdange a aussi créé ses propres ressources, que ce soit par des locations dans le domaine économique ou dans celui du logement.*
*Gary Diderich pose ensuite plusieurs questions précises. Il s'interroge sur le triplement du budget consacré au « teambuilding » du personnel, qui passe de 7000 € à 20 000 €. Il demande des explica-*

deemnächst déi scho méi laang gefrote Staarkreenetüd kréien an heimat da Punkte kënnen opweisen, wéi mer hei vläicht eng besser Situatioun kënne schafen.

Da kommen ech schonn zu mengem Fazit, et geet schnell! Eiser Meenung no e Budget, deen eigentlech all Partei hei am Sall misst kënne matdroen. Et gëtt weider investéiert a sämtleche Beräicher, awer ëmmer mat deem néidege Réckhalt. Et gëtt net iwwerdriwwen. Wéi seet den Här Ulveling ëmmer: „Den Nice-to-have, dee brauche mer net ëmmer".

Eis Pro-Kapp-Verscholdung drécke mir erof. Si ass op engem gudde Level. An eisen Aen ee Budget, deen och iwwer déi nächst Joren op dësem Niveau wäert bleiwen an eis finanziell op gudde Féiss stoe léisst. Soudass mir roueg dëse Budget rectifié wéi och de Budget initial fir 2026 kënne matdroen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Tempels. Deen nächste Riedner wär dann den Här Gary Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Ulveling. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Pressevertrieder*innen an interesséiert Bierger a Biergerinnen, dëse Budget ass ee Budget vum Opootmen. E gëtt der Déifferdenger Gemeng, no Joren, wou et méi enk war duerch Onsécherheeten an néideg héich Investments, erëm méi Sputt.

Déifferdeng hat awer an de leschte 15 Joer nach ni eng wierklech kritesch Finanzsituatioun, anescht wéi den Däiwel, dee verschiddener ëmmer erëm un d'Mauer gemoolt hunn. Dass dat gemaach ginn ass, huet eis eng Schold un Infrastrukturen ugeheeft, déi entweeder de Budget vun der Gemeng elo belaaschten oder de Budget vun eise Bierger.

Eise Budget an eist Funktionement als Gemeng ass duerch de verspéiten Ausbau vum Hôtel de Ville hypothekéiert. Ze spéit a méi deier duerch dës Verspéidung.

Och de Budget 2026 ass nach vun där Schold betraff. An et ass, wéi wa mir do ee Prêt mat ganz héijen Zënse géifen ofbezuelen.

Déi aner Schold, déi mir ugeheeft hunn, ass déi vum Logement. Joerzéngtelaang war d'Gemeng hei net aktiv an huet ee grousse Retard ugeheeft. Endlech gi mir dee Retard un. Mee am aktuellen Tempo wäerten awer vill Bierger nach laang fir dës Schold musse bezuelen.

Wéi de Budget 2026 hei ze bewäerten ass, wäert ech spéider a menger Ried méi genau kucken.

Datt mir awer elo dee Sputt kréien ass, ënner anerem, well d'Effete vum Index, engem wichtege sozialen Acquis zu Lëtzebuerg, deen de Gewerkschaften, zum groussen Deel, ze verdanken ass, laangfristeg positiv Effekter huet op d'Dotatioun vum Staat fir d'Gemengen, a besonnesch och eis Gemeng, mat deem aktuelle Schlëssel.

Fir 2026 soll se op 141,5 Millioun eropgoen. Dëst gëtt eis d'Moyenen, fir eng aktiv Gestaltung vun der Gemeng ze maachen.

Mir hunn awer och vill eege Moyenen als Déifferdenger Gemeng geschafen, ob dat duerch Locatiounen am Beräich vun der Ekonomie respektiv dem Emploi ass, oder och elo ëmmer méi am Beräich vum Logement.

Ier ech elo nach op weider grouss Beräicher aginn, hunn ech e puer ganz prezis Froen an eenzele Beräicher. Fir bei deene ganz klenge Montanten unzefänken: Den Teambuilding vun eisem Personal soll vu 7.000 op 20.000 Euro eropgoen. Kënnt Dir eis dozou méi soen? Wat soll do gemaach ginn? Participéiert do dat ganzt Personal? Wéi gëtt do decidéiert, wat gemaach gëtt? A gëtt et do Evaluatiounen, ob dat de gewënschten Effekt bréngt?

Dir kuckt mech ganz fraglech. Den Teambuilding fir eist Personal geet vu 7.000 op 20.000 erop, dat sinn zwar kleng Beträg, mee et ass awer souzesoe bal eng Verdräifachung. Da ginn ech dovun aus, dass sech do eppes Neies iwwerluecht ginn ass a wollt ech froen, op wéi enger Basis dat ass.

Een anere klenge Montant ass och an Ärem Beräich, Här Wagner. Do stinn all Joer 25.000 Euro fir Matériels audiovisuels fir d'Maison-relaisen dran. Ass vläicht ee klenge Posten, mee all Joer. Ass dat à l'infini ëmmer 25.000 Euro? Ech hu lo just déi Kolonne gesi gehat vun deem dote Budget.

Oder geet et do einfach drëm, eng Grondausrüstung fir all Maison relais ze maachen? Well ech hoffen, dass dat Material awer soss ansonste méi laang hält wéi ee Joer. An dass mer, wa mer esou vill vun Ecranen an esou weider schwätzen, mer elo eis Maison-relaisen net ze vill mat audiovisuellem Material ausstatten. Nee, dat ass elo guer net provokativ, et ass einfach d'Fro: Wat ass domadder gemengt?

Am Beräich vum Klima, do geet, trotz all deenen Efforten am NetZeroCities-Beräich – wat ech och einfach explizitt wëll begréissen. Ouni nach eng Kéier am Detail drop anzegoen, wat Virriedner a Virriednerinne bis elo scho gemaach hunn, ass et gutt a wichteg, dass déi Saache gemaach ginn. Ech froe mech just, firwat dann d'Subventioun vum Pacte Climat ëm 20.000 Euro erofgeet, vun 170.000 op 150.000. Obwuel mer jo awer, ech denken, méi wéi aktiv sinn an deem Beräich an zum Deel méi a méi an d'Ëmsetzung komme vu Saachen, déi mer eis do virhuelen.

Bei NetZeroCities hunn ech mech dann och gefrot, do gëtt et zwee Budgetsposten, déi fir mech awer iergendwou änlech sinn, 40.000 Euro fir Reesen a Frais de représentation an engem Budgetsartikel an dann een anere Budgetsartikel, dee vun 120.000 op 306.000 Euro eropgeet, awer och eng signifikant Erhéijung, an do ass de Libellé och Voyage, Konferenzen, Businesslunch, Evenementer. Dir verstitt, dass ech do awer nofroen, ob do zweemol Frais de représentation respektiv deier Iesse bezuelt ginn oder ob mer do nach am Beräich vun deem sinn, wat wierklech néideg ass a mer do net ze vill Nice-to-have eis leeschten.

NetZeroCities ass da jo awer och en europäesche Programm, an am Beräich vun den europäesche Programmer wollt ech dann nofroen: De Jumelage soll geboost ginn. Ech hat do e puermol dem Schäfferot E-Maile weidergeschéckt iwwer méiglech Finanzementsquellen aus europäesche Programmer fir genee d'Jumelagen. Do gesinn ech awer nach ëmmer kee Recetten-Posten, wann et doräms geet.

Do gëtt et den EU-Programm CERV, deen engem awer do wierklech Moyene gëtt fir am Jumelage, awer wierklech. Also dat, wat ee wëll maachen, kann een do maachen an doriwwer finanzéiert kréien. Dofir nach eng Kéier d'Ureegung, dat unzezapen.

Well am Fong sollt 2025 jo awer e grousst Europa-Joer zu Déifferdeng ginn, wärenddeem zu Lasauvage den TNT-Programm lancéiert ginn ass, wou awer vill Moyenen do waren, fir ze weisen, wat Europa an eiser Regioun grenziwwergräifend ka bedeiten. Hunn da parallel VIPen op der Maartplaz en Europa-Informatiounsbüro ugekënnegt, wou ech awer nach ni een an deem Haische beim Park do gesinn hunn. Do sollt eng diploméiert Persoun reegelméisseg schaffen. Hunn ech awer bis elo nach net konnten do untreffen.

Ech wollt nofroen, wat doraus ginn ass? Et steet nach ëmmer eppes am Budget an deem Beräich, awer um Terrain hunn ech dovunner bis elo nach näischt gesinn. Gott sei Dank ass dat fir den TNT-Programm anescht. An do kann een och aus dem Budget erausliesen, dass eng ganz Rei sënnvoll a wichteg Projeten awer elo an d'Ëmsetzung kommen, wat mer begréissen. Europa ass awer dat, wat mir brauchen, also d'Grondiddi vun Europa, an dat ass: Fridden, Solidaritéit an Diversitéit.

An dat ass net ze verwiessele mat der Europäescher Unioun, déi méi a méi zu enger Liberaliséierungsmaschinn ginn ass a wou ëmmer méi och Saachen verwässert ginn, déi fortschrëttlech waren, ob dat am Beräich vun der Deforestatioun war oder dem Liwwerkettegesetz. Mee dat ass jo elo net onbedéngt Gemengepolitik. Mee an der Gemengepolitik weise mir als Déifferdenger Gemeng awer, mengen ech, ganz gutt, wéi een déi Wäerter vu Fridden, Solidaritéit an Interkulturalitéit zum Ausdrock bréngt.

Den „Déifferdeng, eng Stad hëlleft", wat ech reegelrecht géif als e Fong nennen, dee gëtt enger ganzer Rei ONGe wichteg Mëttelen, fir global Ongerechtegkeeten unzegoen. An dat wollt ech

*tions sur le contenu, la participation et l'évaluation de ces activités.*
*Il s'interroge également sur le poste annuel de 25 000 € destiné au matériel audiovisuel des maisons relais, souhaitant savoir s'il s'agit d'un équipement de base ou d'un renouvèlement perpétuel, et espère que les maisons relais ne seront pas excessivement dotées d'écrans.*
*Dans le domaine du climat, il s'étonne que la subvention du Pacte climat diminue de 20 000 €, passant de 170 000 € à 150 000 €, alors que la commune est de plus en plus active dans ce domaine.*
*Concernant NetZeroCities, il relève deux postes budgétaires qui lui semblent similaires — l'un de 40 000 € pour voyages et frais de représentation, l'autre passant de 120 000 € à 306 000 € pour voyages, conférences et évènements — et demande si ces dépenses ne font pas double emploi.*
*Il aborde ensuite les jumelages et encourage la Commune à recourir au programme européen CERV pour les financer, rappelant qu'il a déjà transmis à plusieurs reprises des informations à ce sujet au collège échevinal.*
*Il s'interroge sur le bureau d'information européen annoncé sur la place du Marché, où il n'a encore jamais vu personne travailler, et demande ce qu'il en est advenu.*
*Il salue en revanche la mise en œuvre du programme TNT à Lasauvage, dont plusieurs projets avancent concrètement.*
*Il rappelle que l'Europe repose sur les valeurs de paix, de solidarité et de diversité, à ne pas confondre avec l'Union européenne, devenue, selon lui, une machine de libéralisation. Il estime que Differdange incarne bien ces valeurs, notamment à travers le fonds Déifferdeng, eng Stad hëlleft, qui accorde des moyens importants à plusieurs ONG pour lutter contre les injustices mondiales, ce qui souligne la stabilité de cet engagement.*
*Gary Diderich souligne l'importance de l'engagement de la Commune en matière de vivre-ensemble interculturel et salue le travail accompli en la matière. Il propose d'inviter activement les citoyens à signer le pacte citoyen sur la plateforme myguichet.lu, par lequel les*

*Luxembourgeois et non-Luxembourgeois déclarent vouloir participer au vivre-ensemble interculturel. Il rappelle que cette participation active est indispensable : si l'on ouvre un café des langues sans locuteurs luxembourgeois, personne ne peut apprendre le luxembourgeois. Chaque signature constitue un acte citoyen et rapporte en outre cinq euros par personne et par an au budget communal ; si 10 000 citoyens signent, un sixième du budget consacré à ce domaine est couvert.*

*Concernant la jeunesse, Gary Diderich se réjouit que le Plan communal pour la jeunesse ait enfin été adopté cette année, offrant une ligne directrice permettant un travail plus structuré. Il juge positif que ce plan soit accompagné d'un comité de pilotage, mais souhaite que celui-ci soit planifié plus en amont afin que chacun puisse y participer.*

*Pour poursuivre cette approche systématique, il plaide en faveur d'une étude sur la situation des jeunes dans la commune, estimant qu'un budget de 100 000 € à 150 000 € serait plus que justifié, comparé aux 200 000 € d'acompte prévus pour un festival électronique dont il demande d'ailleurs de connaitre le concept et le budget global.*

*Sur la mobilité, il exprime sa satisfaction de voir le dossier avancer, notamment en ce qui concerne les pistes cyclables et les liaisons importantes enfin réalisées.*

*Il salue le principe de tester des aménagements, comme la fermeture temporaire d'une voie de circulation, et soutient les phases de test menées pendant les vacances, lorsque la pression du trafic est moindre. Il insiste toutefois sur la nécessité d'accompagner ces expérimentations de stratégies de communication élaborées, car l'automobile est profondément liée au quotidien et à l'identité de nombreuses personnes, ce qui suscite de vives émotions.*

hei awer erwänen. Mir komme spéider nach eng Kéier dorop zréck, mee et ass awer wichteg. Och wa mer et all Joer erëmgesinn, ass eist Engagement hei stabil.

Och eist Engagement am Beräich vum Vivre-ensemble interculturel ass hei wichteg. An hei gëtt gutt Aarbecht geleescht. Als Ureegung wollt ech virschloen, eis Bierger aktiv ze invitéieren, de Biergerpakt ze ënnerschreiwen. Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger kënnen deen einfach op myguichet.lu ënnerschreiwen an domadder deklaréieren, sech aktiv um interkulturellen Zesummeliewe wëllen ze bedeelegen.

Nieft dëser aktiver Participatioun – als Beispill, déi brauch een och, wann een e Café des langues opmécht, an et huet ee keen do, dee Lëtzebuergesch schwätzt, da kann och kee Lëtzebuergesch léieren. Dat heescht, mir brauchen déi eng wéi déi aner an all de Programmer, déi mat interkulturellem Zesummeliewen ze dinn hunn. Dat ass och en Acte citoyen, einfach ze soen: „Jo, ech engagéiere mech dofir".

Vu dass mer jo hei an enger Budgetsdebatt sinn, dat bréngt awer och dem Budget eppes, fënnef Euro pro Persoun all Joer, deen dat ënnerschreift. Dat maach ee klenge Betrag am Eenzelen ze sinn, wa mer awer 10.000 Bierger dozou motivéiert kréien, dat ze maachen, dann ass schonn 1/6 vum Budget aus deem Beräich ofgedeckt.

Een aneren Aspekt, deen och wichteg ass punkto Zesummeliewen, a wichteg ass am soziale Beräich, dat ass eis Jugend. Do hu mer jo dëst Joer endlech e Jugendkommunalplang konnte stëmmen, deen elo mol eng Richtlinn gëtt. Wat gutt ass, dass mer déi hunn an déi mécht, dass mer déi Aarbecht méi strukturéiert uginn. Dat ass wichteg. Dat solle mer weidermaachen.

Et ass och gutt, dass dee weiderhi vun engem COPIL begleet gëtt. Wou et vläicht wichteg wär, dass dee Comité de pilotage e bësse méi matzäite geplangt géif, fir dass och jiddereen d'Méiglechkeet hätt, dorun deelzehuelen.

Mee fir déi systematesch Approche weiderzeféieren, musse mer awer och am Beräich vun der Jugend eis d'Informatiounen an d'Donnéeë ginn, déi et brauch, fir do cibléiert ze schaffen. An an deem Sënn wär et wierklech gutt, wann een do och eng Studie géif maachen, einfach fir ze wëssen: Wat ass d'Situatioun vun eise Jonken hei an der Gemeng? Mat wéi engen Aktioune kann ee weider drop agoen? Fir och eng Evaluatioun ze hu vun deem, wat mer maachen an deem Beräich.

Wann ech kucken, dass mer 200.000 Euro Acompte hu fir en Elektrofestival, mengen ech, dass eng 100.000-150.000 Euro fir esou eng Etüd méi wéi gerechtfäerdegt ass, well et en durabelen Effet huet. Well mer laangfristeg op déi Donnéeën zréckgräife kënnen.

Zu deem Elektrofestival wollt ech froen, wat do d'Konzept ass, also wat do de Gesamtbudget wäert sinn, wann am Budget hei elo mol just vun engem Acompte geschwat gëtt, ass dat jo awer e beträchtleche Montant.

Dann zur Mobilitéit, wollt ech elo net am Eenzelen op all Posten agoen, mee am Globale soen, dass ech ganz frou sinn, dass mer do a Beweegung kommen. Dat gehéiert jo och zur Mobilitéit. D'Vëlosweeër, endlech ginn do ganz wichteg Verbindunge gemaach, wat mech wierklech gefreet huet, dat an der Budgetsried gehéiert ze hunn.

Ech begréissen, an och als déi Lénk begréisse mir prinzipiell, dass mer mol Saachen testen. Dat hate mer jo och selwer ugereegt, zum Beispill mat der Emile-Mark-Strooss oder der Zolwer Strooss, do einfach, op d'mannst am Summer, eng Kéier just eng Bunn zouzemaachen.

Vläicht sinn och esou Periode vu Vakanz – hei ass jo och eng Vakanz genotzt ginn –, d'grouss Vakanz ass, mengen ech, ganz gutt och, fir verschidden Tester ze maachen, well do einfach manner Drock ass am Verkéier. Mee och déi heiten Testphas hu mir jo och prinzipiell ënnerstëtzt.

Ech mengen, d'Lektioun aus der Saach soll just wierklech sinn, dass den Auto awer fir ganz vill Persounen esou staark mat hirem Alldag, a quasi mat hirer Identitéit, verbonnen ass, dass dat immens vill Emotiounen ervirrifft, bei deenen enge méi wéi bei deenen aneren. An dass een dat dann onbedéngt, mengen ech, vu ganz elaboréierten an op-

wännege Kommunikatiounsstrategië muss begleeden, fir dass déi Testphasen och méiglechst dozou bäidroen eeben Akzeptanz ze fannen. An dass déi positiv Aspekter vun enger anerer Mobilitéit och zum Deel méi schnell zum Droe kommen.

Also ee Beispill vu sou Pop-up-Vëlosweeër, zum Beispill, ass jo Paräis, déi innerhalb vu kuerzer Zäit do einfach eng ganz positiv Dynamik geschafen hunn. An ech mengen, dorunner soll ee sech och eng Kéier inspiréieren.

Ech mengen awer och – also dat heite war gutt, deen Test ze maachen –, et ass elo wichteg, déi positiv Resultater dovunner wierklech ganz gutt ze kommunizéieren. Dass d'Leit matkréien, firwat dat gemaach ginn ass, wat dat och bruecht huet. Dass och déi positiv Temoignagen zur Geltung kommen.

Well et hunn och Leit sech positiv dozou ausgedréckt, an dass een eeben d'Konklusiounen och breet diskutéiert a kuckt: Wat kann dat doten, mat méi Virlaf, méi technesche Moyenen, och laangfristeg u Konklusioune bedeiten? A wa mer da bis erliewen, wéi et anescht ka goen, bei eise Schoulen, da wäerte mer och, mengen ech, d'Leit gewannen. An dann hoffen ech och, dass d'Commercen dat ze spiere kréien.

Natierlech, Ännerunge sinn ni einfach, do muss ee sech drun adaptéieren. Dat hu mer och beim Tram an der Stad gesinn, dass d'Commercen dogéint gaange sinn, dass se am Ufank dru gelidden hunn, och wärend der Chantiersphas. Awer laangfristeg, ouni den Tram, wären d'Commercen nach méi agaangen, wéi dat am Moment de Fall ass. An esou muss een dat och iwwerleeën, wann et ëm eis Mobilitéit hei an der Stad Déifferdeng geet.

Wat d'Loftqualitéit ugeet, huet et mech elo gefreet, dass den Här Tempels sot, do wären d'Wäerter scho besser ginn. Vläicht war dat an der Ëmweltkommissioun schonn oder den Här Tempels huet do Éischt-Hand-Informatiounen. Et géif mech freeën, wa mer dat eng Kéier am Gemengerot géifen thematiséieren, d'Loftqualitéit, och aus de Resultater eraus vun der Mobilitéit. Mee natierlech och an Zesummenhang mat der Schmelz.

Wou ech och frou war iwwer déi Ukënnegung, dass nieft de Schlaken, déi elo anescht getippt ginn, och nach e Filter bäikënnt am Laf vum nächste Joer. Dat ass ganz, ganz, ganz wichteg. An et wär gutt, nodeems ech virun e puer Joer dee Sujet ubruecht hat, do eng Kéier de Verglach ze maachen an ze kucken, wat mer do scho konnte bewierken.

Ech hat versprach, op d'Logementspolitik anzegoen, wéi ech se aus dësem Budget erausliesen. Am Numm vun déi Lénk begréissen ech ganz staark, datt konsequent weider an de Logement abordable investéiert gëtt. Wann een all d'Logementsprojeten an den Dépenses extraordinaires zesummenhëlt, a wéi een eenzege Projet hëlt, dann ass et mat 17,6 Milliounen deen déckste Projet bei den extraordinären Ausgaben.

Firwat awer elo beim Logement d'Projeten zesummegeschloe ginn an enger Kategorie an an anere Beräicher net, wéi bei de Schoulen oder de Stroossen, et net an der Presentatioun de Fall war, bleift mir awer nach e bësse schleierhaft. Vläicht ass et, well dat eeben nach relativ nei ass, datt mir reegelméisseg aktiv ginn an deem Beräich. Dat ass awer éischter eng Fro vu Presentatioun.

Wéi d'Madamm Pregno scho gesot huet, eng Presentatioun ass ëmmer e Choix. Et zitt ee Saachen eraus, et presentéiert ee se op eng gewëssen Aart a Weis. Dat, wat ech dann awer iwwer ee Joerzéngt hei am Gemengerot soen, gesäit een dann och elo am Budget am Detail wouerginn: Den Investments am Logement sti vill Recetten entgéint.

Iwwer 11 Millioune kommen u Subsiden eran, well mir jo bis zu 75 % vun den Acquisitiouns- a Renovatiounskäschte rembourséiert kréien. Ouni d'Loyeren ze rechnen, sinn also netto just sechs Milliounen, déi d'Gemeng schlussendlech fir de Logement ausgëtt. Wann een elo nach rechent, datt d'nächst Joer eng Gesetzesännerung kënnt, déi d'Investissementer an de Logement abordable nach méi rentabel maachen – ech erklären: Op déi 25 %, déi mir als Gemeng selwer abrénge pro bezuelbar Wunneng, wäerte mir an Zukunft e Rendement um Capital investi vun 3,5 % bis 5 % kréien.

Domadder kommen ech dann zréck op déi Scholden, déi mir hei ugeheeft

*Il cite l'exemple des pistes cyclables éphémères à Paris, qui ont créé une dynamique positive en peu de temps, et encourage la Commune à s'en inspirer. Il rappelle également l'expérience du tram à Luxembourg, où les commerces ont d'abord souffert avant de bénéficier, à long terme, de l'infrastructure.*
*Quant à la qualité de l'air, il se réjouit des améliorations signalées et souhaite que le sujet soit abordé en conseil communal, en lien avec les résultats de la politique de mobilité et avec l'usine, où l'installation prochaine d'un filtre supplémentaire constitue une avancée majeure.*
*Enfin, sur la politique du logement, Gary Diderich salue vigoureusement la poursuite des investissements dans le logement abordable. Il relève que l'ensemble des projets de logement représente, avec 17,6 millions d'euros, le poste de dépenses extraordinaires le plus important.*
*Il précise que plus de 11 millions reviennent sous forme de subsides, l'État remboursant jusqu'à 75 % des couts d'acquisition et de rénovation, de sorte que la charge nette pour la Commune n'est que de 6 millions.*
*Il annonce qu'une modification législative à venir rendra ces investissements encore plus rentables, avec un rendement compris entre 3,5 % et 5 % sur le capital investi. Il approuve la réserve d'un tiers des trente-millions du fonds de réserve pour le logement, mais juge cela insuffisant dans la situation actuelle : les prix des maisons existantes sont encore bas, le secteur de la construction a besoin d'un coup de fouet, et l'urgence climatique impose de rénover énergétiquement un maximum de bâtiments dans les meilleurs délais.*

*Gary Diderich constate que le programme Zesumme wuessen, qui reposait sur le préfinancement par des particuliers, n'a pas produit les résultats escomptés. Il faut envisager d'autres approches. En matière de logement, si la Commune achète et rénove elle-même des biens, elle est certaine de progresser dans ce domaine. Ce n'est donc pas le moment de rembourser un prêt par anticipation, assorti d'un taux d'intérêt de 3,7 %, dans l'espoir de réaliser des économies. Il vaut mieux utiliser ces fonds pour honorer la dette de la Commune envers ses habitants. Il parie que, dans dix ans, cette stratégie aura des effets financiers bien plus positifs que le remboursement anticipé du prêt.*

*Il n'est toutefois pas un joueur : sous la précédente bourgmestre, il a déjà obtenu la promesse que l'économiste engagé par la Commune calculerait en détail l'impact financier d'un plan pluriannuel en matière de logement. Il déplore vivement que ce travail n'ait toujours pas été réalisé et estime que cette lacune explique pourquoi la Commune avance encore avec le frein à main. Il a reçu l'assurance que ce calcul sera enfin effectué en 2026 et demande au collège échevinal d'attendre les résultats de ce plan financier avant de procéder à un remboursement anticipé. Si l'analyse démontre qu'il est plus avantageux de conserver ces fonds pour acquérir des immeubles et en tirer des subsides, des loyers et un rendement sur le capital investi, il n'y a aucune raison de rembourser ce prêt.*

*Cependant, si la puissance publique ne souhaite pas racheter la moitié de Differdange, il faut enfin prendre des mesures fiscales contre la spéculation. Gary Diderich est favorable à des acquisitions massives, mais, pour maitriser véritablement la situation du logement et les prix élevés, il faudrait acheter énormément, ce qui n'est pas réaliste. Chacun doit assumer sa responsabilité, en particulier les grands propriétaires.*

*La Commission du logement réclame depuis des années une augmentation de l'impôt foncier sur les terrains constructibles non bâtis. La réforme nationale a été trop af-*

hunn, als Gemeng, an déi eis Bierger bezuelen. Mir hunn elo d'Méiglechkeet, déi Scholden opzehuelen an domadder och nach laangfristeg eis Gemeng op méi stabil finanziell Been ze setzen. Well et net nëmme sozial, urbanistesch an ökologesch bénéfique wäert sinn, fir den Turbo anzeleeë beim Logement, mee och finanziell méi interessant wéi jee gëtt.

Ech begréissen, datt vun den 30 Millioune Fonds de réserve een Drëttel reservéiert ass fir de Logement. An de Schäfferot bereet ass, déi och bei enger gudder Geleeënheet ze mobiliséieren. An awer geet et an der aktueller Situatioun net duer!

Elo sinn d'Präisser nach niddreg bei Bestandshaiser. Elo brauch de Bausecteur e Boost, well e kränkelt jo bekanntlech, an dat verursaacht Chômage. Elo si mir mam Klimawandel konfrontéiert an d'Urgence ass grouss, fir schnell méi Haiser energeetesch ze sanéieren.

A mir hu jo gemierkt, dass de Programm „Zesumme renovéieren“, wou mer op d'Privatleit gesat hunn a wou si dat hätte misse prefinanzéieren, net dat ass, wat elo de groussen Duerchbroch bréngt. Mir mussen do aner Saachen iwwerleeën. Ënner anerem zum Beispill Prefinanzementer. Mee elo, fir beim Logement ze bleiwen: Wa mir selwer opkafen a renovéieren, da si mer sécher, dass mer an deem Beräich weiderkommen.

Dofir ass elo net de Moment, fir ee Prêt virzäiteg zréckzebezuelen, op deem mir 3,7 % Zënse bezuelen an da wéilten do aspueren.

Et gëllt, déi Suen elo ze huelen, fir eis Schold bei de Leit ofzebezuelen. An ech wetten, dass dëst finanziell an zéng Joer méi positiv Effete fir eis Gemeng a fir eis Leit souwisou huet, wéi elo dee Prêt zréckzebezuelen.

Ech sinn awer och kee Glécksspiller. Mir hu jo schonn ënner der vireger Buergermeeschtesch versprach kritt, datt den Ekonomist, deen agestallt ginn ass, am Detail wäert ausrechnen, wat e Méi-Jores-Plang am Beräich vum Logement finanziell fir eis Gemengefinanze wäert ausmaachen.

Datt dëst nach ëmmer net gemaach ass, bedaueren ech ganz staark a féiert menger Meenung no och dozou, datt mir ëmmer nach mat der Handbrems hei fueren.

Ech hunn elo nach eng Kéier versprach kritt, dass dëst 2026 endlech soll gemaach ginn a fuerderen de Schäfferot heimat op, d'Ausrechne vun deem Finanzplang ofzewaarden, ier de Prêt fréizäiteg rembourséiert gëtt.

A wann d'Resultat vun deem Finanzplang ass, dass et finanziell am Pluriannuel bei all deene Courben, déi mer gewise kritt hunn, besser wär, déi Suen ze halen a se auszeginn, fir Haiser ze kafen, an do da Subsiden a Loyeren a Rendement um Capital investi kréien, da gëtt et jo kee Grond, e Prêt zréckzebezuelen, dee mer hunn.

Mee wa mir als ëffentlech Hand net hallef Déifferdeng wëllen opkafen, da musse mir endlech och steierlech Mesurë géint Spekulatioun ergräifen. Also ech sinn natierlech ganz staark dofir, dass mer villes opkafen zu Déifferdeng. Mee fir wierklech d'Logementssituatioun an de Grëff ze kréien – an déi héich Präisser –, misste mer ganz, ganz, ganz vill opkafen. An dat ass och net realistesch.

Mir musse kucken, dass jidderee seng Verantwortung iwwerhëlt am Logement. A besonnesch déi, déi ganz vill Eegentum hunn, ganz vill Eegentum hunn. Net een, dee seng eege Wunneng huet a vläicht nach iergendeen Appartement verlount. Mee an der Däitscher Constitutioun heescht et: „Eigentum verpflichtet“. An dat muss och politesch agefuerdert ginn.

D'Logementskommissioun fuerdert zënter Joren, duerch etlech Avisen, datt endlech d'Grondsteier op bebaubaren Terrainen eropgesat gëtt. Also net op iergendwellech Terrainen, mee op Terrainen, déi bebaubar sinn an déi net bebaut ginn. Et geet net drëm, iergendengem en Terrain ewechzehuelen. Et geet drëm ze soen: „Hei, däin Terrain ka bebaut ginn, also maach et.“

Ech hunn elo dëst Joer och ëmmer erëm hei am Gemengerot dozou interveniéiert. Déi Reform um nationale Plang ass ze vill ofgeschwächt ginn a wäert

nach laang brauchen, bis se éischtens a Kraaft trëtt an zweetens gräife wäert.

Och de Leerstand vun Haiser muss endlech ugaange ginn. Wärend aner Gemengen dru schaffen, fir do juristesch Modeller ze fannen, fir waasserdicht Steieren op Leerstand ze erhiewen, leet den LSAP-CSV-Schäfferot hei zu Déifferdeng d'Hänn weider an de Schouss.

Esou laang dëse Schäfferot bei dëser promoteursfrëndlecher Politik bleift, déi just am Interêt vun deenen ass, déi 10, 50, 100, 500 Wunnengen oder Terraine fir Wunnengen hunn, ass et mat den Investments an de Logement abordable, wéi wa mir mat Eemeren d'Waasser aus engem Boot wéilten erauskippen, wann ee risegt Leck am Bug ass.

A wa mir da beim Waasser sinn, da kuerz zum Waasserpräis. 2026 ginn d'Recetten op der Part fixe ëm 700.000 Euro erop, also bal verduebelt. D'Part fixe ass deen ongerechtsten Deel vum Waasserpräis. Jidderee bezilt do deen nämmlechten Deel, egal wéi vill e verbraucht.

Nodeems d'Käschten op Gas, Stroum a Liewensmëttel eropgaange sinn, iwwer Joren, leet d'Gemeng hei nach mam Waasserpräis no, ouni ee sozial an ökologesch gerechten a geziilte Modell, wéi déi Lénk et jorelaang mam gestaffelte Waasserpräis gefuerdert huet.

Dëse Mëssstand beim Waasserpräis, bei der Grondsteier an och den Aspekt, dee mer all Joer kritiséieren als déi Lénk, dass mer mam Diffbus e privatiséierte Busservice hunn, dass mer mam Aquasud eng nach ëmmer privatiséiert Schwämm hunn.

An obwuel mer begréisst hunn, dass vill vun Insourcing geschwat ginn ass, an dass mer dat och a verschiddene Beräicher gemaach hunn, als Déifferdenger Gemeng, a beim Nettoyage a bei de Poubellen, also alles, wat Müllabfuhr ass, ni op de Wee gaange sinn, wéi aner Gemengen, déi ze privatiséieren, muss een awer soen, dass a Beräicher wéi Aquasud, Diffbus nach ëmmer op privat extern Kräfte gesat gëtt. An dass mer an der Steierpolitik, wat d'Taxen a wat d'Grondsteier an d'Steier op Leerstand ugeet, nach ëmmer net weiderkomm sinn, fir eng méi sozial a gerecht Politik anzegoen.

An deem Sënn kënne mir dëse Budget leider net ënnerstëtzen, obwuel eng ganz Rei positiv Usätz do sinn. An hoffen, dass de Schäfferot endlech och an deenen dote Beräicher gesäit, dass vill Efforten, déi en hëlt an déi gutt gemengt sinn, net deen Effet hunn, dee se sollen hunn, a sech dat d'nächst Joer endlech anescht iwwerleet.

Ofschléissend wëll ech deem ganze Personal, jidderengem, dee bedeelegt war um Ausschaffe vun dësem Budget an awer och an der Exekutioun vum Budget 2025 an an der Zukunft 2026 bedeelegt war, e grousse Merci ausschwätzen. Ouni d'Personal, dat dës Politik, déi mir hei debattéieren, a Musek ëmsetzt, an dat mat, wéi ech fannen, vill Engagement an Enthusiasmus, géif dat net vill bréngen, wat mir hei diskutéieren. Hinnen dofir ee grousse Merci. A jidderengem schéi Feierdeeg.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Léif Schäffen, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Nolauschterer, zum Budget 2026 ass elo scho vill gesot ginn. Ech wëll virun allem eisem Fraktiounsspriecher, dem François Meisch, Merci soe fir seng detailléiert Analys. Erlaabt mer, wannechgelift, nach e puer follgend Iwwerleeunge bäizefügen.

Zur Kultur an zum Stadzentrum. Kultur ass e vitalen Deel vun eiser Identitéit. Et gouf ëmmer erëm versprach, den ale Stadkär mat méi Liewen a Kultur ze fëllen. Mir gesinn awer nach ëmmer keng kohärent Strategie. Et feelt un engem kohärente Konzept, fir den Zentrum ze beliewen an eis Identitéit ze stäerken.

Eis Stad ass zanter deene leschten zéng Joer ëm bal 10.000 Awunner gewuess. Do denkt een dach, dass domadder och méi Servicer missten zu Déifferdeng

*faiblie et tardera à produire ses effets. La vacance des logements doit aussi être combattue : alors que d'autres communes cherchent des modèles juridiques pour taxer les logements vides, le collège échevinal LSAP-CSV reste les bras croisés. Tant que cette politique favorable aux promoteurs perdure, les investissements dans le logement abordable reviennent à se retrouver avec un bateau percé d'une énorme brèche.*
*Concernant le prix de l'eau, les recettes de la part fixe augmentent d'environ 700 000 € en 2026, soit un doublement. Or, la part fixe est la composante la plus injuste, car elle est identique pour tous, quel que soit le volume consommé. Après la hausse des couts du gaz, de l'électricité et des denrées alimentaires, la Commune alourdit encore la facture sans adopter un modèle socialement et écologiquement juste, tel que le tarif progressif défendu par déi Lénk.*
*Gary Diderich critique également la privatisation persistante du Diffbus et d'Aquasud, ainsi que l'immobilisme en matière de politique fiscale. Pour toutes ces raisons, son parti ne peut malheureusement pas soutenir ce budget, malgré plusieurs aspects positifs.*
*Il remercie chaleureusement l'ensemble du personnel communal pour son engagement et souhaite de bonnes fêtes à tous.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *remercie son collègue, monsieur Meisch, pour son analyse détaillée et souhaite ajouter quelques réflexions. En matière de culture et de centre-ville, elle constate qu'aucune stratégie cohérente n'a été mise en œuvre pour revitaliser le noyau urbain, malgré les promesses répétées. Alors que la ville a gagné près de 10 000 habitants en 10 ans, les commerces ferment et quittent le centre-ville. Elle impute cette situation à l'absence de solution au stationnement : la coalition n'a pas su offrir des places de parking près des commerces.*
*La place du Marché ne compte plus de restaurants, ce qu'elle juge honteux. Les plans de mobilité couteux ne résolvent rien. Le stationnement constitue, selon elle, la section la*

*plus faible de ce budget : ni les habitants ni les visiteurs extérieurs ne trouvent de place, que ce soit à Niederkorn, à Oberkorn ou autour de l'hôtel de ville.*
*Elisabeth Da Silva déclare que le budget consacre des sommes importantes à des études sur le stationnement, qui entrainent ensuite des dérapages financiers. Elle cite plusieurs exemples : 50 000 € pour une étude relative au parc de Sports, alors que les citoyens ont besoin de places de parking et non d'une nouvelle étude ; 50 000 € inscrits au budget pour le parking Nelson-Mandela, sans qu'aucun concept ni calendrier n'ait été présenté malgré des années d'attente ; 110 000 € déjà dépensés en études pour le parking Haneboesch, alors qu'il aurait suffi de constater qu'un parking y est nécessaire ; et 78 000 € dépensés pour découvrir que le projet de passerelle au 1535° ne fonctionne pas.*
*Elle souligne que, grâce aux efforts du ministre de l'Éducation du DP, le lycée Émile-Metz accueillera bientôt plus de 1200 élèves et environ 120 enseignants dans sa nouvelle phase III, ce qui nécessite des structures de mobilité et de stationnement adéquates.*
*Une ville en croissance comme Differdange ne peut se permettre que ses infrastructures prennent du retard. Elle pose donc plusieurs questions : quand le City Parking sur le contournement sera-t-il construit et achevé ? Quelles solutions de rechange existent pendant la phase de chantier pour éviter que d'autres commerces ferment ? Est-ce que le parking n'est pas déjà trop petit avant même d'être bâti ? Elle insiste sur l'urgence du projet et demande un calendrier clair.*
*Elle s'interroge également sur le lieu où se tiendra la kermesse pendant les travaux, rappelant que les évènements traditionnels contribuent à animer le centre-ville, mais risquent de pâtir d'un manque de stationnement.*

entstoen a sech nidderloossen. Mee mir gesinn de Contraire: Ëmmer méi Commercë maachen am Stadzentrum zou a verloossen eis Stad. Firwat kritt déi aktuell Koalitioun de Stadkär net nei belieft?

Et ass kee Wonner, wa mer un d'Parksituatioun denken. Dës Koalitioun huet et bis ewell verpasst, hei Fakten ze schafen an eise Geschäftsleit ze hëllefen, andeems si hire Cliente Parkplazen no bei de Geschäfter zur Verfügung ze stellen. D'Konsequenz gesäit een elo. Eleng op der Maartplaz gëtt et keen eenzege Restaurant méi. Dat ass eng Schan.

Déi deier Etüde fir d'Mobilitéitskonzept eleng bréngen hei keng Léisung. De Parking zu Déifferdeng ass de gréisste Souci vun eise Bierger. Mee net nëmme fir eis Bierger. Kaum zitt et Leit vun ausserhalb vun Déifferdeng bei eis, fir hei anzekafen oder zum Beispill u kulturellen Aktivitéiten deelzehuelen. Mir behaapten dofir, de Parking zu Déifferdeng ass déi schwächste Sektioun an dësem Budget. Net emol d'Awunner fannen owes eng Plaz. D'Penurie zu Nidderkuer, zu Uewerkuer an och ronderëm d'Stadhaus op der Place Nelson Mandela ass reell.

Punkto Parking liwwert de Budget virun allem deier Etüden oder Etüden, déi mat sech bréngen, dass de Projet duerno finanziell aus dem Rudder leeft. E puer Beispiller: Parc de Sports bezuele mer 50.000 Euro fir eng Etüd. Bierger brauche Parkplazen, net nach eng nei Etüd.

Fir de Parking Nelson Mandela gëtt et weeder e Konzept, nach e Kalenner. Mir waarden zanter Joren hei op eng Äntwert, mee mir schreiwen hei 50.000 Euro an de Budget.

Fir de Parking Hahneboesch hu mer bis elo just deier Studie gemaach fir 110.000 Euro. Hätten och mir Iech kënne soen, dass mer do ee Parking brauchen. An dat wier dann nach e Frëndschaftspräis gewiescht.

Mir liesen am „L'essentiel", dass mer bis elo 78.000 Euro bezuelt hunn, fir am 1535° erauszefannen, datt dat mat der Passerelle net funktionéiert.

Mat all deenen Efforte vun eisem DP-Bildungsminister, fir zu Déifferdeng endlech den néidege Schoulraum ze schafen, och fir Schüler aus dem Secondaire, wäert de Lycée Emile Metz an der neier Phas 3 geschwënn och iwwer 1.200 Schüler a ronn 120 Enseignanten hei zu Déifferdeng zielen.

Dat bedeit dann och do, dass mir adequat Mobilitéits- a Park-Strukture brauche fir dësen Zouwuess – dee mir natierlech all begréissen, mee fir dësen Zouwuess ze bewältegen. Eng wuessend Stad wéi Déifferdeng ka sech et net leeschten, dass d'Infrastruktur hannendru bleift.

Dofir stelle mir hei follgend Froen: Wéini gëtt de City Parking um Contournement gebaut Wéini ass e fäerdeg? Wéi eng Alternative gëtt et, wa wärend dem Bau d'Capacitéite limitéiert sinn? Dëst, fir dass wärend där Zäit net nach méi Geschäfter hir Dieren zoumaache mussen. An dann déi lescht Fro: Ass de Parking net schonn ze kleng, ier e gebaut gëtt?

Et ass kloer, dass dëse Projet urgent ass. Mir brauchen hei eng kloer Zäitschinn, déi d'Prioritéite vun dësem Bau definéiert. Déifferdeng däerf sech net an enger Situatioun erëmfannen, wou d'Verkéierssituatioun nach méi komplizéiert gëtt.

An da gëtt et och nach ëmmer déi grouss Fro: Wou fënnt d'Kiermes da wärend dëser Bauphas statt? Traditionell Evenementer wéi eng Kiermes droen dozou bäi, eise Stadkär mat Liewen ze fëllen. Mee wann d'Parkplazsituatioun net gekläert ass, riskéieren dës Evenementer ënner der Infrastruktur ze leiden.

Wa mer vun Organisatioun vun Evenementer schwätzen, wëlle mir als DP ervirhiewen, dass d'Sonorisatioun am Zentrum onbedéngt misst erneiert an dann och direkt ausgebaut ginn. D'Foussgängerzon gouf 2004 ageweit; déi Installatioun ass net méi zäitgeméiss an um Enn. Dat hu mir wärend der leschter Braderie all matkritt.

Et stinn och 200.000 Euro fir e Festival de musique électronique am Budget fir d'Preparatioune fir 2027. Mir froen eis: Wou soll dee Festival stattfannen? Gëtt et en Open Air? Well anscheinend ass

d'Akustik vun eisem neie Service technique jo net dofir gemaach.

Nach e puer Wierder zur Musek. Déifferdeng huet an der Vergaangenheet vill fir seng kulturell Entwécklung gemaach. Projete wéi de Blues Express hunn d'Identitéit vun eiser Stad gestäerkt. Awer et stellt sech weiderhin d'Fro: Wéi geet et weider mat der Museksschoul?

D'Museksschoul ass ee grousse Stolz an dréit zur Identitéit vun Déifferdeng bäi. D'Offer an d'Demande si souwuel bei de Schüler wéi bei den Enseignanten enorm grouss. Fir eis ass dat e positiivt Zeechen, dass eis Stad en héije Stellewäert op d'Bildung an d'Kultur leet. Awer mat dësem Wuesstem kommen och Probleemer, déi séier musse geléist ginn. Plazprobleemer. Eng Schoul, déi aus allen Néite platzt.

D'Zuel vun de Museksschüler huet sech an de leschte Jore verduebelt a mir wësse scho laang, dass d'Capacitéite vun der Schoul net méi duerginn. D'Museksschoul muss also net nëmmen expandéieren, si soll och strateegesch entwéckelt ginn, fir der Demande vun den Déifferdenger Bierger gerecht ze ginn.

De Jumelage ass e weidere wichtege Bestanddeel vun der Identitéit vun Déifferdeng. Mat sechs Partnerstied huet Déifferdeng déi eenzegaarteg Méiglechkeet sech international ze positionéieren an den Austausch mat anere Gemengen aktiv ze notzen. Leider gouf dëst Potenzial wärend de leschte Joren net genuch ausgeschëpft.

Dofir froe mir eis: Wat sinn d'Ziler vun engem Jumelage? Wat versiche mer domat ze erreechen? Geet et ëm Tourismus oder geet et ëm Partnerschafte mat engem kulturellen Austausch, dat heescht d'Méiglechkeet fir d'Awunner, d'Associatiounen, d'Schoulen oder d'Veräiner, eng aner Kultur, aner Liewensweisen aus éischter Hand kennenzeléieren, domat Brécke bauen a Mënschen aus verschiddene Gemengen zesummenzebréngen?

Am Koalitiounsvertrag gouf ugekënnegt: Entwécklung vu kulturellen, sportlechen an edukative Projeten, déi tëscht de Partnerstied kënnen organiséiert ginn. Engersäits politeschen Austausch, mee och Biergeraktivitéiten, déi méi Liewen an dës Partnerschafte bréngen.

Leider fanne mer am aktuelle Budget näischt, wat dorop hindeit, dass dës Iddien ëmgesat ginn oder iwwer punktuell géigesäiteg kuerz Besich ewechginn.

Vläicht ass et och besser am Moment, dass an dësem Beräich net ze vill leeft, well Hotelszëmmeren hu mer jo hei zu Déifferdeng och net méi vill!

Déifferdeng huet enormt Potenzial, a mir erwaarden, dass dëst och am Budget reflektéiert gëtt, mat Zäitschinnen, klore Prioritéiten a kohärente Strategien. D'DP wëll eng Stad, déi strateegesch denkt an zilbewosst investéiert an opbaut.

Mir musse feststellen, dass dëse Budget an der aktueller Form eisen Erwaardungen net gerecht gëtt fir eng Stad, déi esou séier wiisst. An dofir stëmme mer dëse Budget net mat. Merci fir Är Opmierksamkeet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Da Silva. Här Scheuren, wannechgelift.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, léif Leit dobaussen, ech huele Stellung zur Mobilitéit an zum Sport.

Der Madamm Charlé e grousse Respekt fir hir Etüd, déi si ugaangen huet, well si huet do vill missen astiechen! Dat ass jorelaang net gemaach ginn. An dofir bravo! Dat war eppes, wat wierklech néideg war, héich néideg. Ech si gespaant op d'Auswäertung herno vun deene ganzen Donnéeën. Op jidde Fall ass dat eng gutt Initiativ gewiescht.

Da gëtt et awer och aner Saachen, déi d'Leit direkt betreffen. Dat heescht, mir begréissen, dass um Fousbann déi zweet Phas vun den Horodateuren agefouert gëtt. Well d'Leit hunn do bis elo Probleemer kritt, well déi éischt Phas e bëssen de Probleem deplacéiert huet.

*Elisabeth Da Silva aborde ensuite la sonorisation de la zone piétonne, inaugurée en 2004, qu'elle juge obsolète et qu'il faut renouveler et agrandir de toute urgence, comme l'a montré la dernière braderie.*
*Elle relève que 200 000 € sont prévus au budget pour préparer un festival de musique électronique en 2027 et demande où il aura lieu et s'il s'agira d'un évènement en plein air, puisque l'acoustique du nouveau service technique ne s'y prête apparemment pas.*
*Elle évoque ensuite l'école de musique, source de fierté pour Differdange, dont l'offre et la demande sont considérables tant chez les élèves que chez les enseignants. Le nombre d'élèves a doublé ces dernières années et les capacités sont insuffisantes : l'école doit non seulement s'agrandir, mais aussi se développer stratégiquement pour répondre aux besoins des citoyens.*
*Concernant les jumelages, elle rappelle que Differdange compte six villes partenaires et dispose d'une occasion unique de se positionner à l'international, mais que ce potentiel n'a pas été suffisamment exploité. Elle demande quels sont les objectifs poursuivis — tourisme, échanges culturels, partenariats entre associations, écoles et habitants — et constate que le budget actuel ne reflète aucune mise en œuvre concrète des engagements du contrat de coalition.*
*Elle conclut que le DP ne votera pas ce budget, qu'il juge insuffisant pour une ville en pleine croissance.*

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** *prend la parole sur la mobilité et le sport. Il exprime un grand respect pour l'étude menée par madame Charlé, un travail considérable qui n'avait pas été réalisé depuis des années et dont il attend avec intérêt l'évaluation.*
*Il salue l'introduction de la deuxième phase des horodateurs au Fousbann, qui devrait résoudre le problème de déplacement du stationnement créé par la première phase et faciliter l'accès au parking résidentiel.*
*Il se réjouit également de l'installation prévue de ralentisseurs aux entrées de la ville, où les vitesses pratiquées sont inacceptables. Il men-*

*tionne enfin les nouveaux arrêts de bus et leurs affichages numériques.*
*Michel Scheuren aborde la question des pistes cyclables, qui doivent être raccordées à la piste cyclable nationale PC8. Cela concerne le Haneboesch, la route de Bascharage, ainsi que le centre, c'est-à-dire Oberkorn et le parc des Sports, où le réseau cyclable doit enfin être achevé. Il salue cette initiative.*
*En matière de mobilité douce, il est question de l'installation de bornes électriques, prévues au budget rectifié 2025, qui ne couteront presque rien à la Commune, une entreprise privée s'occupant de l'installation. Il se réjouit de tout ce qui favorise l'électromobilité et la qualité de l'air dans la commune.*
*Concernant la mobilité, il souligne un problème majeur : le passage à niveau PN15, évoqué par tous les groupes. D'après ses informations, le dossier est plus avancé qu'on ne le pensait, ce qui est très positif, car tout le concept et les études réalisées dépendent de ce passage à niveau. Il estime qu'il était grand temps que cela progresse.*
*Michel Scheuren passe ensuite au sport. Il affirme que le sport est essentiel à la cohésion sociale dans une commune à forte diversité, car il favorise l'inclusion. Chaque investissement dans le sport est donc un bon investissement. Il mentionne les projets réalisés dans les salles, notamment le centre sportif John-Scheuren, qu'il juge excellent, ainsi que la mise en ligne des panneaux d'affichage et la rénovation des terrains. Tout cela permet d'encadrer les enfants et de les éloigner de la rue.*
*Il évoque également le programme Spodi 2, qui vise à amener davantage d'enfants dans les clubs sportifs, non seulement pour des raisons de santé, mais aussi pour renforcer la cohésion sociale.*
*Il souligne enfin l'importance de la révision à la hausse du Règlement des subsides, qui permet aux associations d'encadrer correctement les enfants et de les faire se déplacer à l'étranger pour se développer, y compris dans le sport de haut niveau. Il remercie monsieur Wagner pour ses initiatives dans le domaine*

Soudass ech mengen, dass déi Leit dann am Parking résidentiel e bësse méi einfach Plaze fannen.

Ze begréissen ass och, dass Ralentisseuren an d'Entrée vun der Stad solle kommen, well do gi jo Vitesse gefuer, déi haarsträubend sinn. Wat onbedéngt muss ënnerbonne ginn.

Dann hu mer nach Busarrêten, déi sollen dobäikommen, och ze begréissen. Virun allem och déi digital Anzeigen, déi virgesi sinn, dass d'Leit wëssen, wéini e Bus kënnt. Wann ech dat richteg verstanen hunn, ass dat jo an déi Richtung, an déi et geet. Dat ass op jidde Fall och ze begréissen.

Dann hu mer Pistes cyclables, déi sollen ugebonne ginn un d'national Pistes cyclables. Ech weess elo d'Nummer net méi …

**ERNY MULLER (LSAP):**

8.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

PC8 voilà. Dat heescht den Haneboesch, Route de Bascharage. An awer och méi am Zentrum, dat heescht: Uewerkuer, Parc des Sports soll endlech de Vëloswee fäerdeg ausgebaut ginn. An dat ass natierlech och ze begréissen.

Beräich Mobilité douce, do si Borneelectriquen, déi bäikomm sinn. Dat ass éischter de Rectifié 2025, wat eis, Gott sei Dank, net vill kascht, well dat eng privat Firma ass, déi déi installéiert. An natierlech ze begréissen alles, wat Elektromobilitéit ass, och fir eis Loftqualitéit an der Gemeng, déi schonn e puermol ugeschwat ginn ass.

Punkto Mobilitéit gëtt et awer virun allem méi e grousse Probleem, an dat ass de PN15. Ech mengen, dat ass ugeschwat gi vun eis alleguerten. A souwäit ech e bëssen am Hannergrond elo matkritt hunn, si mer do méi wäit wéi gewosst. An dat ass absolutt ze begréissen, well esou e ganzt Konzept, och mat den Etüden, déi gemaach gi sinn, dat steet a fält mat deem PN15. Mir fannen et gutt, dass et do virugeet. Et ass och héich Zäit ginn, loosse mer esou soen.

Dann nach e puer Wuert zum Sport. Do ass et natierlech esou, dass mer net nëmme „Brot und Spiele" hunn. Sport ass och tatsächlech wichteg fir eis sozial Kohäsioun an der Gemeng, well mer tatsächlech eng immens breetgefächert Populatioun hunn, dat dréit natierlech zur Inklusioun bäi. An dofir ass all Investissement an de Sport e gutt Investissement.

An do gëtt et fantastesch Projeten, déi mer an den Halen elo gemaach hunn, ënner anerem hei an der John-Scheuren-Hal, déi einfach topp ass. Dann hu mer awer och nach d'Digitaliséierung vun den Anzeigen, déi usteet, d'Renovatioun vun den Terrainen, déi ugepaakt gëtt. Et geschitt immens vill. An dat ass gutt, fir eis Kanner propper vun der Strooss ze kréien an encadréiert ze kréien.

Dann hu mer nach am Beräich vum Spodi, de Spodi 2, deen uleeft. Wou mer kucken, d'Kanner an d'Sportveräiner ze kréien. Wat ganz wichteg ass, fir eeben nach méi Kanner an de Sport ze kréien. Et sinn der schonn Dausenden, mee am léifsten hätte mer se alleguer am Sport. Net nëmmen aus gesondheetleche Grënn, mee och, wéi gesot, déi sozial Kohäsioun ass och extreem wichteg.

E leschte Punkt, wat mer och wichteg ass, well ech och do mat dru geschafft hunn, dat ass d'Subsidereglement, déi massiv eropgesat ginn. Dat erméiglecht de Veräiner, déi Kanner anstänneg ze encadréieren an et erméiglecht, sech och emol an d'Ausland ze deplacéieren, fir sech anstänneg developpéieren ze kënnen um Niveau och vum Héichleeschtungssport.

An dofir soe mer dem Här Wagner och Merci fir seng ganz Initiativen am Sport.

Dat war mäi Bäitrag. Ech soen Iech Merci a wënschen Iech alleguer schéi Feierdeeg.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren, fir déi Stellungnam. Ech géif proposéieren, mir maachen zéng Minutte Paus an da fuere mer virun. Merci.

(Paus)

Da géife mer virufuere mat dem Här Aguiar. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Leit dobaussen, e schéine gudde Moie vu menger Säit.

Le budget qui nous a été présenté est techniquement équilibré. Nous le reconnaissons. Il permet d'assurer le fonctionnement de la commune et de financer plusieurs projets importants. Mais un budget ne se limite pas à un exercice comptable. Ce que nous attendons au-delà des chiffres, c'est une vision claire de l'avenir de Differdange. Et c'est précisément là que ce budget montre ses limites.

Comme chaque année, je reviendrai sur la jeunesse, le sport, le logement et le vivre-ensemble, et je terminerai par l'informatique.

La jeunesse est le moteur d'une ville vivante, moderne et tournée vers l'avenir. À Differdange, nos jeunes représentent une force considérable : l'énergie, la créativité, l'engagement. Ils sont au cœur de la vie sociale, culturelle et sportive de notre commune.

Je tiens tout d'abord à saluer le travail sur le terrain du Jugendtreff Déifferdeng, accompli par ses éducateurs et bénévoles, qui y réalisent un travail remarquable auprès des jeunes. Cet engagement mérite d'être reconnu.

Naturellement, mir begréisse le financement dans le cadre d'une convention collective ou d'une convention avec le ministère de l'Éducation nationale, de l'enfance et de la jeunesse. Et je souhaite également souligner la bonne collaboration entre les éducateurs de rue et le CollecDiff, le Youth & Work, avec un financement de 120 000 €, et désormais le Jugendwohnen, géré par le service du vivre-ensemble.

Cette mise en réseau est positive et va clairement dans la bonne direction, mais il faut aussi être lucide. Aujourd'hui, Differdange accuse un sérieux retard dans sa stratégie de jeunesse. Le Plan communal jeunesse accuse un retard de deux ans. La place pour les jeunes, annoncée depuis des années, n'est toujours pas concrétisée. Et surtout, il manque un outil fondamental et, comme monsieur Diderich l'a également dit, une étude approfondie de la situation réelle des jeunes de notre commune.

Et je le répète depuis longtemps : chaque année, ce poste n'est pas budgétisé. On affirme que la jeunesse est une priorité, mais on refuse d'investir dans les données essentielles : démographie, santé, éducation, emploi, loisirs, besoins réels. Comment peut-on élaborer une politique de la jeunesse sérieuse sans connaitre la réalité du terrain ? C'est contradictoire. On finance d'autres études, parfois secondaires, mais pas celles qui concernent directement notre avenir collectif.

Les jeunes méritent mieux que des retards et des annonces. Ils méritent une vision et une direction claires. Et, naturellement, comme chaque année, la fermeture de la structure de jeunesse à Lasauvage envoie un signal négatif qui va à l'encontre du discours affiché.

Je remercie néanmoins le service jeunesse pour son engagement au quotidien.

Maintenant, je passerai au sport. Concernant le sport, nous constatons des progrès positifs. Ça commence bien. En ce qui concerne les subsides budgétisés pour 2026, ils connaissent une hausse importante. C'est une bonne chose. Près de 610 000 € sont consacrés aux associations sportives au programme national Qualité+, à la carte de membre pour les moins de 19 ans, aux sportifs de haut niveau et aux grands évènements sportifs.

Je souhaite saluer en particulier le retour de la Nuit du sport. C'est un évènement fédérateur, qui dynamise la ville et constitue une véritable vitrine pour nos clubs.

Dans la partie extraordinaire, plusieurs projets sont à relever : les travaux de rénovation de Thillebierg, phase 2 — wichteg — pour un montant de 2,8 millions d'euros, qui vont dans le bon sens. Mais une question demeure :

*sportif et souhaite de bonnes fêtes à l'assemblée.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *reconnait que le budget présenté est techniquement équilibré et permet d'assurer le fonctionnement de la Commune et de financer plusieurs projets importants. Toutefois, un budget ne se limite pas à un exercice comptable : il attend une vision claire de l'avenir de Differdange, et c'est précisément là que ce budget montre ses limites.*
*Il aborde d'abord la jeunesse, qu'il considère comme le moteur d'une ville vivante et moderne. Il salue le travail du Jugendtreff Déifferdeng, de ses éducateurs et de ses bénévoles, ainsi que la bonne collaboration entre les éducateurs de rue, CollecDiff, Youth & Work et Jugendwunnen. Cette mise en réseau va dans la bonne direction.*
*Cependant, il constate un retard sérieux : le Plan communal jeunesse accuse deux ans de retard, la place pour les jeunes n'est toujours pas concrétisée et, surtout, il manque une étude approfondie de la situation réelle des jeunes. Ce poste n'est jamais budgétisé, ce qu'il juge contradictoire lorsqu'on prétend faire de la jeunesse une priorité. Il déplore également la fermeture de la maison des jeunes à Lasauvage, qu'il perçoit comme un signal négatif.*
*Concernant le sport, Paulo Aguiar reconnait des avancées positives. Les subsides connaissent une hausse importante, avec près de 610 000 € consacrés aux associations sportives, au programme Qualité+, à la carte de membre des moins de 19 ans et aux sportifs de haut niveau.*
*Il salue le retour de la Nuit du sport.*
*Il relève les travaux de rénovation du Thillebierg, phase II, d'un montant de 2,8 millions d'euros, mais s'interroge sur l'existence d'une vision claire pour l'avenir de ce stade, car les clubs ont besoin de perspectives. Il salue enfin l'engagement continu concernant le stand de tir, en espérant qu'une solution digne et sécurisée aboutira.*
*Paulo Aguiar salue l'installation de la tribune au terrain du Woiwer, qu'il juge positive, mais s'interroge*

*sur la disparition du budget de 25 000 € initialement prévu pour le stade Jaminet à Oberkorn, ramené à zéro cette année.*
*Il reconnait l'utilité des travaux réalisés au centre de gymnastique Josy-Stoffel, notamment la toiture, mais soulève la question persistante du manque d'espace, rappelant que de nombreux clubs ne partagent pas l'optimisme affiché quant à la situation des infrastructures. Plusieurs associations signalent déjà qu'elles dépassent leurs capacités d'accueil, et il demande quelles mesures concrètes sont prévues pour augmenter la capacité là où la demande excède largement l'offre.*
*Il insiste sur l'importance du projet Aquasud, doté d'un budget de cinq-millions d'euros, dont l'extension des espaces intérieurs, la modernisation de la piscine extérieure et les travaux d'assainissement constituent un ensemble structurant que son parti soutient pleinement, notamment grâce à la collaboration envisagée avec LUNEX.*
*Il relève également les 25 000 € budgétisés pour une étude sur un stade d'athlétisme régional et demande s'il y a des discussions en cours.*
*Il remercie les bénévoles des clubs sportifs ainsi que le service des sports.*
*Sur le logement, il affirme qu'il s'agit d'un besoin humain fondamental et non d'un dossier administratif, et que le logement abordable est une condition essentielle de dignité et d'égalité des chances. Son parti reconnait les investissements réalisés, mais estime que la vision politique reste incomplète.*
*Concernant les logements étudiants, il demande quelle politique d'accompagnement est prévue en matière de mixité sociale, d'intégration dans les quartiers et de transition écologique, soulignant que, pour une ville engagée dans NetZeroCities, l'ambition écologique devrait être bien plus visible.*

existe-t-il une vision claire de l'avenir de ce stade ?

Les clubs ont besoin de perspectives et de réponses. Donc, tout le monde se pose maintenant la question.

Je salue également l'engagement continu en faveur du stand de tir. En espérant que ce dossier pourra enfin aboutir à une solution digne et sécurisée.

Et, naturellement, l'installation de la tribune sur le terrain du Woiwer est positive. Mais nous nous posons la question : pourquoi est-ce que, pour le stade Jaminet à Oberkorn, il était prévu 25 000 €, et cette année, ça se retrouve à zéro ?

Concernant le centre de gymnastique Josy-Stoffel, les travaux réalisés sont utiles. C'est bien ze begréissen, la toiture respectivement la fosse, mais la question se pose, par rapport au manque d'espace. C'est ce que disent tous les autres clubs : on a souvent entendu dire qu'on avait une situation idéale ; ce n'est pas la position de tous les autres clubs, et cette question reste ouverte.

Plusieurs associations annoncent déjà qu'elles dépassent leurs limites d'accueil. Quelles mesures concrètes sont prévues pour augmenter la capacité des infrastructures là où la demande dépasse largement l'offre ?

Enfin, je souhaite insister sur l'importance du projet Aquasud, d'un budget de cinq-millions d'euros ; l'extension des espaces intérieurs, la modernisation de la piscine extérieure et les travaux d'assainissement constituent un projet structurant. La collaboration envisagée avec LUNEX et les perspectives vont dans le bon sens. C'est un projet cohérent et utile que nous soutenons pleinement.

Pour terminer, je voudrais souligner que vous avez budgétisé 25 000 € pour une étude portant sur la construction d'un stade d'athlétisme régional. Est-ce qu'il y a des discussions en cours ou pas ? Quelle est votre projection pour les années à venir ?

J'en profite pour remercier les bénévoles des clubs sportifs et les équipes du service des sports dont le travail au quotidien permet à nos infrastructures de fonctionner.

En ce qui concerne le logement, j'aime toujours commencer par dire que ce n'est pas un dossier administratif, c'est vraiment un besoin humain fondamental. Le logement abordable n'est ni un luxe ni un bonus. C'est une condition essentielle de dignité, de stabilité et d'égalité des chances.

Déi gréng pense que les investissements réalisés sont importants et nous les reconnaissons. On aime mobiliser les subventions obtenues, qui témoignent d'un effort réel. Et je pense qu'en ce qui concerne le logement, ce n'est pas seulement une question de chiffres, mais avant tout une question de vision politique. Et aujourd'hui, cette vision, à notre avis, reste incomplète.

Concernant les logements d'étudiants que nous construisons, c'est très bien, mais la question centrale reste : quelle politique d'accompagnement les accompagne ? Mixité sociale, intégration liée aux quartiers, transition écologique, stratégie globale : ces objectifs restent théoriques. Et pour une ville engagée dans NetZeroCities, l'ambition écologique devrait être bien plus visible dans les projets. Matériaux durables, énergies renouvelables, gestion de l'eau…, avec de tels investissements, je pense qu'on doit exiger davantage.

Le budget prévoit 250 000 € pour le vivre-ensemble, 100 000 € pour le budget participatif et environ 40 000 € pour le pacte communal. C'est une base solide. Mais trois questions fondamentales demeurent : quel est l'état réel du vivre-ensemble aujourd'hui à Differdange ? Quelles actions concrètes sont prioritaires pour 2026 ? Et surtout : quelle vision à long terme la majorité porte-t-elle pour renforcer la participation, l'inclusion et la cohésion sociale ?

Ce budget fait fonctionner la ville, mais il ne précise pas encore clairement où nous voulons aller. Et c'est précisément ce débat de fond que nous continuerons à porter.

C'est important non seulement à cause des nombreuses activités qu'on met en place, mais aussi, effectivement, de savoir où on veut aller et ce qu'on cherche.

Je terminerai avec l'informatique. L'informatique représente aujourd'hui plus de 5,5 millions d'euros dans notre budget 2026, tous les services confondus ! Ce qui montre clairement son importance. Pourtant, malgré cet investissement, nous n'avons toujours pas de vision globale de ce que Differdange veut devenir en matière de Smart City.

Ma question est simple : quand aurons-nous enfin une stratégie numérique cohérente avec des priorités claires et une feuille de route commune pour l'ensemble des services ? Ce manque de direction limite l'impact réel de nos investissements et complique le travail au quotidien du personnel.

J'en profite pour remercier le service informatique de son professionnalisme, de sa disponibilité et de sa capacité à maintenir nos infrastructures, malgré la complexité croissante.

En conclusion : ce budget montre que la ville dispose des moyens nécessaires, mais qu'il manque encore une vision cohérente pour guider nos priorités, notamment dans la planification stratégique. Sans cette direction claire, nos efforts restent dispersés et l'impact réel des investissements se réduit.

Je voulais terminer en remerciant l'ensemble du secrétariat communal pour la préparation de ce budget, ainsi que pour son travail indispensable tout au long de l'année. Et je terminerai par vous souhaiter à tous de bonnes fêtes. Merci de m'avoir écouté.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Ceman ginn, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, gudde Moien Iech all.

Ech wëll fir d'éischt all deene Leit Merci soen, déi um Budget 2026 geschafft hunn.

De Budget weist kloer, wou d'Prioritéite vun eiser Gemeng leien. Mir investéiere weider staark an de Logement, mat lafende Projeten an neie Studien, fir och an Zukunft abordabele Wunnraum ze schafen. Mat Acquisitiounen, Renovatiounen an engem geplangte Logement de dépannage suerge mer fir konkreet Léisungen. Finanzéiert mat staatleche Subventiounen, Recetten aus Loyeren a Mëttel aus dem Pacte Logement.

De Budget weist also kloer, wéi d'Gemeng Déifferdeng sech déi nächst Joren entwéckele wëll: sozial, nohalteg an no bei de Leit.

Mat substanziellen Investitiounen an de Logement setze mer also e staarke Fokus op bezuelbar Wunnraim an eng intelligent Urbanisatioun. Vun neien Appartementer iwwer Renovatioune bis hin zu innovativen Iddie wéi intergenerationellt Wunnen oder Tiny Houses.

An der Sozialpolitik geet Déifferdeng e konsequente Wee, mat enger staarker Erhéijung vun der Allocation de solidarité an Efforten, déi lokal Aarbechtsplaze schafen an d'Integratioun um Aarbechtsmarché verbesseren.

Och am Beräich vun de Senioren an am Beräich vun der Chancëgläichheet gi mer dee Wee konsequent weider, mat neie Projeten a Verbesserungen.

Mir perséinlech leien d'Schoulen hei zu Déifferdeng besonnesch um Häerz. Den Enseignement ass net nëmmen eng gesetzlech Aufgab vun der Gemeng, et ass eng Zukunftsaufgab. All Investitioun, déi mer haut an eis Kanner maachen, gesäit ee muer an enger sozial staarker a stabiller Gesellschaft. Dofir ass et fir eis eng Prioritéit, dass d' Schoulgebaier an d'Léierëmfeld dem Besoin vun haut an deem vum muer gerecht ginn.

Mat der Renovatioun vun der École des filles beispillsweis maache mer ee wichtege Schratt an déi Richtung, well eng Investitioun an eng modern an agreabel Léierplaz fir eis Kanner gemaach gëtt. Gläichzäiteg plange mer en neie Schoulcampus zu Déifferdeng, fir de staarke Wuesstum vun eiser Gemeng opzefänken.

*Sur le vivre-ensemble, il note les montants prévus (250 000 € pour le vivre-ensemble, 100 000 € pour le budget participatif et 40 000 € pour le pacte communal), mais demande quelle vision à long terme la majorité porte pour renforcer la participation, l'inclusion et la cohésion sociale.*
*En matière d'informatique, il relève que le budget dépasse 5,5 millions d'euros sans qu'il existe de vision globale de la ville intelligente, et réclame une stratégie numérique cohérente assortie d'une feuille de route commune. Il remercie le service informatique pour son professionnalisme.*
*En conclusion, il estime que la Ville dispose des moyens nécessaires, mais qu'il manque une vision cohérente pour guider les priorités, et remercie le secrétariat communal ainsi que l'ensemble des conseillers.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *remercie toutes les personnes ayant travaillé sur le budget 2026. Elle soutient que ce budget met en évidence les préoccupations de la ville en matière de logement : des investissements importants dans ce secteur, avec des projets en cours, de nouvelles études, des acquisitions, des rénovations et un logement d'urgence. Ces dépenses sont financées par des subventions gouvernementales, des revenus locatifs et le Pacte logement. La Commune mise sur un logement abordable et une urbanisation intelligente, incluant des idées innovantes telles que le logement intergénérationnel ou les « tiny houses ».*
*En politique sociale, elle souligne l'augmentation substantielle de l'allocation de solidarité, ainsi que les efforts en faveur de l'emploi local et de l'intégration sur le marché du travail.*
*Elle insiste particulièrement sur l'enseignement, qu'elle considère comme une mission d'avenir : la rénovation de l'école des filles et la planification d'un nouveau campus scolaire répondent à la croissance démographique de la commune. Elle affirme que chaque enfant, quelles que soient ses origines, a droit à une école où il se sent en sécurité, respecté et encouragé, et remercie toutes les personnes qui tra-*

*vaillent quotidiennement dans les écoles avec engagement.*
*Emina Ceman souligne que la bibliothèque de la ville poursuit son développement avec une offre élargie et que les archives contribuent à la préservation du patrimoine. Elle ajoute que l'école de musique demeure un pilier important de la commune.*
*Dans l'ensemble, elle considère que le budget 2026 constitue un plan équilibré, qui renforce la cohésion sociale, améliore la qualité de vie et oriente durablement Differdange vers l'avenir. C'est, selon elle, un budget qui récompense le travail accompli aujourd'hui et prépare celui de demain, permettant de continuer à bâtir une ville moderne, ouverte et vivante.*
*Elle remercie l'assemblée pour son attention et confirme que le CSV vote ce budget avec conviction.*

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *accueille chaleureusement les membres du collège échevinal, du conseil communal, la presse et les auditeurs. Elle observe que le budget révèle la direction que la Commune souhaite prendre, mais pose aussitôt la question : quelle direction exactement? Ses collègues de parti l'ont déjà évoqué : il s'agit d'un budget plat, sans grandes idées nouvelles, qui suscite beaucoup de questions et apporte peu de réponses. Dans ses domaines de compétence, principalement les affaires sociales et culturelles, elle ne trouve guère de nouveautés.*
*Elle attire d'abord l'attention sur un document adopté en 2018 par le conseil communal, un guide pour la planification, la construction, l'utilisation et l'exploitation durables des bâtiments. Ce guide s'applique directement à plusieurs postes des projets prévus pour 2026 et même à certains de 2025. La fraction verte demande au collège échevinal de garder ce document à l'esprit lors des prochaines rénovations ou constructions et d'encourager les maitres d'ouvrage privés à s'en inspirer, conformément d'ailleurs au programme de coalition, qui prône des matériaux de construction durables et respectueux de l'environnement.*

Mir wuessen a mat eis wiisst d'Unzuel u Kanner. Dëst ass eng positiv Entwécklung, mee si bedeit och Verantwortung. Mir brauchen deemno méi Klassen, méi Raimlechkeeten, méi Plaz fir eis pedagogesch Ekippen, mee virun allem brauche mer e qualitativ héichwäertege Schoulencadrement fir all Kand.

Well all Kand, egal vu wou et kënnt oder wat et matbréngt, Recht op eng Schoul huet, wou et sech sécher, respektéiert a geférdert fillt. Et ass ganz kloer un eis, de Kanner déi bescht Méiglechkeeten ze ginn. Ech soen dofir all deene Merci, déi Dag fir Dag an eise Schoule mat vill Engagement schaffen.

Des Weideren entwéckelt sech eis Bibliothéik mat breeden Offeren. An eis Archiven droen dozou bäi, de Patrimoine ze erhalen. Schliisslech bleift d'Museksschoul e staarke Pilier vun eiser Stad.

Am grousse Ganzen ass de Budget 2026 en equilibréierte Plang, deen d'Sozialkohäsioun stäerkt, d'Liewensqualitéit verbessert an d'Stad Déifferdeng nohalteg an d'Zukunft féiert. Et ass ee Budget, deen d'Aarbecht vun haut belount an déi vu muer virbereet a mat deem mer weider eng modern, oppen a lieweg Stad opbauen.

Ech soe villmools Merci fir d'Opmierksamkeet. D'CSV stëmmt dëse Budget ganz sécher mat Jo. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Ceman. Madamm Schütz, wannechgelift.

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, vu menger Säit. Dir Dammen, Dir Hären aus dem Schäfferot a Gemengerot, léif Leit vun der Press an all eis Nolauschterer dobaussen, e schéine gudde Moien.

De Budget weist eis, an dat ass elo schonns déi leschte Woch an haut vill gesot ginn, wou eis Gemeng histeiere wëll. Jo, an hei ass e grousse Mee. Well: Wou wëlle mir dann histeieren?

Meng Parteikolleegen hunn et schonns ugeschwat, et ass e platten, fade Budget mat kenge groussen neien Iddien. Also grouss Fro an net vill Äntwerten. An ausser e puer Froen un Iech an e puer aner Denkweisen, fannen ech a menge Beräicher, déi haaptsächlech déi sozial a kulturell Saachen ofdecken, eigentlech net vill Neies.

Virop wéilt ech op en Dokument hiweisen, wat 2018 am Gemengerot gestëmmt ginn ass. Et handelt sech heibäi ëm e Leitfade fir en nohaltegt Plangen, Bauen, Notzen a Bedreiwe vu Gebaier. Dëst zielt direkt fir verschidde Posten aus de kommende Projeten 2026 an awer och fir verschiddener scho vun 2025.

Mir als gréng Fraktioun géifen Iech bieden, bei de kommende Renovatiounen oder Bauten dorun ze denken, dass dëst Dokument existéiert an och vun Iech matgestëmmt ginn ass.

Och wann do drasteet, „Baumaßnahmen der Privatwirtschaft können sich freiwillig am Leitfaden orientieren" ass et dach, fannen ech, un Iech als Schäfferot, dëst versichen ëmzesetzen an deene private Bauhären dovunner ze zielen.

A wéi et an Ärem Koalitiounsprogramm jo och eigentlech drasteet: „privilégier des matériaux de construction durables et respectueux de l'environnement."

Éier ech ufänke mat menge Ressorten, wollt ech deene Leit, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, ee grousse Merci ausdrécken. Well net nëmme mir als Politiker verbrénge vill Zäit mat dësem Dokument, mee och d'Personal aus deene ganze verschiddene Servicer.

E grousse Merci och un dat ganzt Gemengepersonal fir déi Aarbecht, déi 2025 geleescht ginn ass. Iech all wënschen ech direkt, vu menger Säit aus, schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an d'neit Joer.

Als Gemeng, wou Sport groussgeschriwwe gëtt, wëll ech mat engem positive Punkt ufänken. Och wann dësen an de Beräich vun der Museksschoul fält. Eng vun de gréisste regionale Museksschoulen am Land hat bis dato en Département des arts de la parole an en Département de la musique. Virun en-

gem Joer a menger Budgetsried hat ech dëst Uleies do matgedeelt, wéi wichteg et wär, datt hei och géif en Département de la danse ugebuede ginn, dee bis dato jo hei gefeelt huet.

Net méi spéit wéi haut, oder virun enger Woch, si mer gewuer ginn, dass zwee Säll an der Planung wieren, déi fräi gi wären duerch de Boxclub, dee jo an déi nei Sportshal geplënnert ass. An ab der nächster Rentrée kéint dann eis Museksschoul hei zu Déifferdeng endlech och Danz ubidden. Domat gëtt e wichtege Volet ofgedeckt an d'Déifferdenger Kanner a Bierger hunn, wéi et sech fir eng Museksschoul gehéiert, elo dee ganze Choix.

Et sollt awer dobäi net an de Vergiess geroden, datt – hei widderhuelen ech mech och vum leschte Joer – d'Zuel vun de Schüler dauernd an d'Luucht geet an eis Raimlechkeete wierklech enk sinn.

Musek ass en Deel vun eiser Kultur. Dofir huelen ech gläich dëse Punkt aus dem Budget. Ech mengen, et brauch een net ze erwänen, dass d'Präisser an alle Beräicher an d'Luucht ginn an et ganz normal ass, dass all Joer méi héich Chiffere fir de Blues Express am Budget stinn. E Festival, dee wierklech eise Minett, besonnesch de Fond-de-Gras a Lasauvage an de Vierdergrond setzt a ville Leit aus dem ganze Land weist, wéi eng flott Plazen eis Gemeng ze bidden huet.

Ech bleiwe beim Fond-de-Gras. Hei hëlt d'Gemeng deel u Fraise vun 225.000 Euro. Dës betreffen natierlech ganz verschidde Punkten. Et kann een och behaapten, dass hei op dësem flotte Site vill geschafft ginn ass a vill Verbesserunge bruecht huet, mat flotter Spillplaz a sou weider. Awer eppes, wat eis dann trotzdeem en Dar an eisem A ass, an et ass hei am Gemengerot schonns vum Här Diderich ugeschwat ginn, hei handelt et sech ëm Tropenholz wat verschafft ginn ass, fir déi Gradinen do ze bauen.

Mir hunn erkläert kritt, dass et den INPA ass, deen dëse Projet verwierklecht huet. Mee mir als Gemeng, mir hunn dach do Matsproocherecht. Eis Gemeng ass schliisslech och mat engem Member am Minett Park vertrueden. En plus befanne mer eis hei an engem FSC-Bësch, wou et genau Oplagen a Bestëmmunge gëtt. Mir als Gréng fannen do awer absolutt elo keen Zesummespill doranner.

En plus gëtt et, duerch eng gréisser Pub, ewéi et am Budget geplangt ass – wat eis als Gemeng natierlech no vir bréngt, dat streiden ech guer net of –, trotzdeem ze bemierken: Méi Leit ginn ugeschwat a méi Leit ginn ugezunn, dëse flotte Site als Ausfluch anzeplangen. Dëst bréngt vill méi Autoen a vill méi Knascht mat sech.

Dofir musse mir onbedéngt oppassen, dass hei en Naturschutzgebitt ugegliddert ass. An hei sidd Dir gefuerdert, dat Ganzt am Sënn vun dësem unzepassen. Well eigentlech dräimol oder véiermol am Joer ee grousst Event ass dach net dat selwecht wéi eng ganz Saison laang am Summer all Weekend Full House.

Da kommen ech op eis wonnerschéi Bibliothéik, déi mir an eiser Stad hunn, an hei schwätzen ech dann net nëmme vum Gebai. Eis Bibliothéik huet wierklech ëmmer nei an aktuell Bicher, an dëst ass fir d'Liesraten eng immens Beräicherung. Et kann een hei immens vill Suen, Plaz, Pabeier spueren, wann een d'Bicher net muss selwer kafen. Gratis sinn net nëmmen d'Bicher, mee dann och nach d'Regal, wat ech mir misst doheem uschafen, fir all meng kaafte Bicher dran ze stellen.

Vill Leit notzen dës Raimlechkeeten, fir ze liesen oder Recherchen ze maachen. Wat elo en zousätzlech positive Punkt gëtt, sinn déi Gemeinschaftsspiller, déi ee sech an der Zukunft do kann ausléinen. Wat ass méi sozial wéi zesummen Zäit mat der Famill oder Frënn ze verbrénge mat engem traditionelle Gemeinschaftsspill. Merci fir dës flott Iddi!

Eis Fester sinn, zënter mer de Cup-System agefouert hunn, mat manner Offall belaascht. Dat lescht Joer ass Geschier kaaft ginn, am Kader vun NetZeroCities, an ass sécherlech ee vu ville klenge Bäiträg, eisen Offall nach méi ze reduzéieren.

Et wär dann awer elo vläicht och emol un der Zäit, dëst an de Vierdergrond ze stellen an op de Wee ze goen, dëst Besteck an d'Telleren a Betrib ze huelen. Solle mir dann hei zu Déifferdeng net

*Avant d'aborder ses ressorts, elle remercie chaleureusement toutes les personnes ayant contribué à l'élaboration du budget, notamment le personnel communal pour le travail accompli en 2025, et souhaite à chacun de joyeuses fêtes.*
*Elle commence par un point positif concernant l'école de musique. Cette grande école régionale disposait jusqu'ici d'un département d'art de la parole et d'un département de musique. Elle avait plaidé l'année dernière pour la création d'un département de danse, qui faisait défaut. Elle apprend avec satisfaction que deux salles libérées par le club de boxe, transférées dans la nouvelle halle sportive, permettront d'offrir des cours de danse dès la prochaine rentrée. Elle rappelle toutefois que le nombre d'élèves ne cesse de croitre et que les locaux sont vraiment exigus.*
*Passant à la culture, elle évoque le Blues Express, dont les couts augmentent naturellement chaque année. Ce festival met en valeur les Terres rouges, en particulier le Fond-de-Gras et Lasauvage, et fait découvrir à de nombreux visiteurs les atouts de la commune.*
*Au Fond-de-Gras, la Commune participe à hauteur de 225 000 €. Si le site a bénéficié de nombreuses améliorations, elle dénonce cependant l'utilisation de bois tropical pour la construction de gradins, un choix incompatible avec le fait que le site se trouve dans une forêt certifiée FSC.*
*Elle insiste aussi sur le fait qu'une publicité accrue attire davantage de visiteurs, donc davantage de voitures et de déchets, et qu'il faut veiller à respecter la zone de protection naturelle adjacente, car accueillir du public chaque weekend durant toute la saison estivale n'est pas comparable à trois ou quatre grands évènements annuels.*
*Elle salue ensuite la bibliothèque, qui propose en permanence des ouvrages récents et constitue un enrichissement considérable pour la lecture, tout en permettant d'économiser de l'argent et de l'espace. Elle se réjouit également de la future offre de jeux de société à emprunter.*
*Concernant les fêtes communales, elle note que le système de gobelets*

*réutilisables a réduit les déchets et demande que la vaisselle acquise dans le cadre de NetZeroCities soit mise en service sans attendre la loi de 2027.*
*Elle aborde les cours d'école, plaidant pour davantage de verdure et d'ombre afin de rendre ces espaces plus agréables lors des fortes chaleurs estivales.*
*Manon Schütz constate que le cycle fondamental sera bientôt déployé dans trois écoles supplémentaires, si l'on ne compte pas le Woiwer, mais que le budget ne prévoit cette année qu'une seule école supplémentaire, celle du Fousbann. En revanche, l'école Prince-Henri reçoit un nouveau terrain multisport, un équipement que les enfants utilisent beaucoup en dehors des heures de classe. Elle suggère de réfléchir aux tranches d'âge concernées, car ce sont souvent des jeunes de 10 à 16 ans qui jouent ensemble au ballon, et il serait dommage de les empêcher de jouer ensemble en raison d'une limite d'âge. Elle reconnait que, comme elle le sait de la Commission scolaire, il n'est pas simple de satisfaire tout le monde.*
*Elle est heureuse que le service de transport scolaire à pied, décrit par monsieur Wagner, ait été renforcé grâce à l'engagement de sa fraction, et qu'un cadre précis soit désormais en place en cas d'incident ou d'accident. Elle y voit la preuve qu'une bonne opposition est utile et que les deux parties tirent dans le même sens.*
*Elle salue également les deux cuisines pédagogiques, une belle initiative, en supposant qu'on ait vérifié que ces bâtiments ne manquent pas d'autres locaux.*
*Concernant le nouveau campus de l'ancien hôpital, elle relève que 500 000 € sont prévus au budget pour la démolition de l'ancienne maternité et s'interroge sur le calendrier et la suite des opérations : habituellement, on démolit puis on reconstruit immédiatement, comme ce fut le cas pour la nouvelle maison communale, mais ici, la démolition semble précéder une longue période de friche, ce qu'elle ne comprend pas. Elle note par ailleurs une enveloppe de dix-millions d'euros pour l'éducation,*

och eng Gemeng bleiwen, déi weist, dass mir ënner deenen Éischte sinn, och wann d'Gesetz eréischt 2027 a Kraaft trëtt?

Kommen ech zu de Schoulen. Hei geet et weider mat de Fräiraim fir eis Kanner, also de Schoulhäff. Mat méi Gréngs, also méi Schiet, wat et méi angeneem mécht, sech am Summer, och bei héijen Temperaturen, do opzehalen.

An dëst da geschwënn a weideren dräi Schoulen, wann een de Woiwer net derzou rechent. Am Budget fannen ech awer nëmmen dëst Joer eng weider Schoul, de Fousbann. Par contre, d'Prince Henri kritt een neien Terrain multispor. Dat ass eppes, wat d'Kanner wierklech och vill no der Schoulzäit notzen. Wou dann direkt awer och kéint dru geduecht ginn, fir wéi eng Altersgruppen.

Well oft sinn et eigentlech 10- bis souguer 16-Järeger, nenne mer se mol alleguerte Jugendlecher, déi hei zesumme Ballspiller ausüben. An et wär dach schued, wéinst Altersbegrenzung, se net géifen zesumme spillen ze loossen. Ech weess aus der Schoulkommissioun, dass et net einfach ass, jidderengem et gerecht ze maachen!

Här Wagner, an Ärer Ried hutt Dir de Pedibus am Detail virgestallt. Ech ginn elo net weider drop an. Ech sinn awer trotzdeem frou, a wëll dat hei dann och bemierken, dass en Uleies vun eiser Fraktioun gehollef huet, dass do nogebessert ginn ass an elo e kloert Verhältnis geschaf ginn ass, dee besteet am Fall vun engem Virfall oder Accident. Dir gesitt: Eng gutt Oppositioun ass net fir näischt. A mir zéien dann zesummen un engem Strang.

Op all déi kleng Renovatioune vun eise Schoule wëll ech elo hei net agoen. Awer déi zwou pedagogesch Kiche sinn natierlech eng flott Initiativ. An ech denken, et ass jo och bestëmmt gekuckt ginn, dass et an dëse Gebaier net un anere Raimlechkeete feelt.

Kuerz ugeschwat hutt Dir dann nach den neie Campus Aalt Spidol am Budget – oder egal wéi mer e spéider nennen. Do sti 500.000 Euro, fir déi al Maternité ofzerappen. Do stelle mir eis d'Froe wéi, wat, wou, wéini. Normalerweis rappe mer eppes of a bauen dann direkt duerno dorop dat Neit, wéi dat zum Beispill och bei eisem neie Gemengenhaus de Fall war. Hei rappe mir awer of, an dann? Bleift dat esou brooch leien? Eng weider Fro: Firwat?

Eng Enveloppe vun zéng Milliounen Euro, wou Educatioun derbäi steet. Eis feelt et hei un engem Plang fir d'Zukunft. A wat kann ech do derzou soen, zu dësem Plang fir d'Zukunft? Näischt.

Dann nach eng kuerz Fro zu der Schoul Entrée en ville. Hei handelt et sech jo just ëm e Prefinanzement dëst Joer vun 1.700.000 an d'nächst Joer vun 1.500.000 Euro. An et ass och jo eigentlech de Staat, deen do baut. Et wär awer trotzdeem flott, mol weider Informatiounen ze kréien, wou mir do mat dësem Projet stinn.

Ee Punkt am Ordinäre wäerte vill Fräizäitsportler frou maachen. Eng net kleng Zuel u Leit wunnt jo hei zu Déifferdeng an Haiser, wou et keng Garage gëtt, oder an Appartementer. Wou keng Méiglechkeet besteet, hire Vëlo mam Schlauch ze botzen. Eng Wäschstatioun fir Vëloe war eppes, wat bis elo hei zu Déifferdeng wierklech gefeelt huet. Dëst gëtt et jo schonn a vill anere Gemengen.

De 1535°, do ass dann d'Renovatioun vum Daach mat der Isolatioun endlech esouwäit a gëtt dann elo wierklech gestart.

Dann hunn ech nach eng Étude de faisabilité fonnt „pour la création d'une annexe" an der Rue Victor Hugo. Et handelt sech jo hei ëm déi Garagen ënner der Haushaltungsschoul. An an eiser Aarbechtssëtzung vum 26. November ass jo dovu rieds gaangen, dass de Creative Hub sech kéint an den Zentrum vun eiser Stad ausbreeden a kéint dozou bäidroen, méi Leit heihin ze drainéieren. Ech ka mir awer elo kaum virstellen, dass dës Etüd am Kader vun dësem Denken ass. Kéinte mir heiriwwer vläicht e puer méi Detailer kréien?

Et gëtt elo natierlech nach eng ganz Rei aner Ressorten, déi ech hei absolutt net erwäänt hunn. Mee wéi ech schonns am Virfeld bemierkt hat, ginn ech just op déi Punkten an, wou Verännerunge sinn.

Bei all deenen aneren ass eng Kontinuitéit ze gesinn. Natierlech, dëst ass berouegend. Mee feelt et dann trotzdeem net hei och un neien Iddien? A genau dat spigelt sech zréck, wéi Dir, Här Buergermeeschter, an Ärer Ried drop hiweist an ausgedréckt hutt: e virsiichtege Budget.

Mee Wäitsiicht? Déi gesinn ech elo net. Ech erënneren Iech un e Saz an Ärem Walprogramm, ech zitéieren: „Déifferdeng ka méi“. Eis Äntwert: „Jo, et kéint!“

Ech hu meng Froen, fir et méi einfach ze maachen, nach eemol dann hei all regroupéiert. Meng Aarbecht als Oppositiounspolitikerin ass elo hei deels gemaach. Et ass elo un Iech, Äntwerten op dës Froen ze ginn.

Éischtens: Gëtt net vergiess, dass eis Musekschoul misst vergréissert ginn?

Zweetens: Ass e Plang do, ausser deem vun de Felder, déi als Parking solle genotzt ginn, fir de Weekend, besonnesch am Summer, déi vill Leit am Fond-de-Gras opzefänken, ouni Verkéierschaos an d’Natur ze belaaschten?

Drëttens: Wéi gesäit et aus mat eisem Geschier an Tellere fir eis Fester? Wéini fänke mir dat un anzeféieren?

Véiertens: Wéi geet et weider um Site vum Ale Spidol an enger ofgerappter Maternité?

Fënneftens: Wou si mer mam Projet Entrée en ville drun?

Sechstens: Wéi eng Iddie vum 1535° stiechen hanner dëse Garagë vun der Rue Victor Hugo?

Ech soen Iech alleguerte Merci fir d’Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Madamm Huberty, wannechgelift.

**CAROLINE HUBERTY (LSAP):**

Ech soe Merci fir d’Wuert, Här Buergermeeschter. Léiwe Schäffen- a Gemengerot, léif Leit dobaussen, léif Press, ech wollt fir d’éischt emol eise Servicer Merci soen, déi eng super Aarbecht maachen an déi eisen detailléierte Budget iwwerhaapt méiglech maachen.

An duerno eisem Schäfferot, deen och Kritik nolauschtert, awer sech net vu senge ville Mesuren am Interêt public ofbréngе léisst. Politik ass net ëmmer einfach. Awer alleguer déi, déi hei sëtzen, versiche sech fir d’Déifferdenger Bierger anzesetzen. An dat ass gutt esou.

An der Politik geet ëmmer drëm, fir d’Zukunft ze gestalten. Et freet mech also, all déi Initiativen, am Kontext vun NetZeroCities, zur Kenntnis ze huelen an als jonk Mamm ganz begeeschtert ze begréissen.

Et freet mech och ze héieren, dass eis Gemeng sech ëmmer méi asetzt, wann ech déi Zuele kucken, fir d’Entsigelung, Diffprimmen, Économie circulaire, Foodsharing Station, innovativ Poubellen an esou weider.

A Politik ass och e Brécke bauen, esou wéi am Kontext vun TNT, wou mer, am Sënn vun der Groussregioun, Zowaasch mat Saulnes verbannen.

Grouss Politik setzt sech aus klenge Mesuren zesummen. Ech si stolz, dass eis Gemeng Virreider a villen Theemen ass an och konkreet Mesuren an deem Beräich am Budget virgesäit.

Politik ass awer och d’Konscht vum Zesummeliewen. Eent vun den Ziler war et 2023, eis Fester qualitativ auszebauen, mee och Neier ze initiéieren. Dat hu mer realiséiert, mat dem Ausbau vun der Megafuesend, dem Tipi um Chrëschtmaart, dem iwwerschaffte Virowend vun Nationalfeierdag, eisem Concertsfestival Made in Luxembourg op der Maartplaz an esou weider.

Kultur an Zesummeliewe sinn d’Fundament vun all Gesellschaft. Dofir sinn och déi Fester, Initiativen a Sportevenementer, déi mer an Zesummenaarbecht mat den Associatiounen a Societéite realiséieren, weiderhin e wichtege Punkt an eisem Kalenner, wou dann och ëmmer nees nei Manifestatioune bäikommen.

*mais déplore l’absence d’un plan d’avenir clair.*
*Elle demande des informations sur le projet d’entrée en ville, pour lequel un préfinancement de 1 700 000 € cette année et de 1 500 000 € l’année suivante est prévu, le projet étant piloté par l’État. Elle se félicite de l’installation prochaine d’une station de lavage pour vélos, un équipement qui manquait à Differdange et qui existe déjà dans de nombreuses autres communes.*
*Elle mentionne aussi la rénovation du toit et de l’isolation du 1535°, enfin lancée, ainsi qu’une étude de faisabilité pour la création d’une annexe rue Victor-Hugo, dans les garages situés sous l’école ménagère, et demande si ce projet s’inscrit dans l’idée d’étendre le Creative Hub au centre-ville.*
*Elle conclut en regrettant un budget certes prudent, mais dépourvu de vision à long terme, et rappelle au bourgmestre la promesse électorale « Differdange peut plus », à laquelle elle répond : « Oui, elle pourrait ! ».*
*Elle récapitule ses questions : l’agrandissement de l’école de musique est-il oublié ? Existe-t-il un plan pour accueillir les visiteurs du Fond-de-Gras sans chaos routier ni atteinte à la nature ? Quand la vaisselle réutilisable sera-t-elle introduite lors des fêtes ? Que deviendra le site de l’ancien hôpital après la démolition ? Où en est le projet d’entrée en ville ? Quelle est l’idée derrière les garages de la rue Victor-Hugo ?*

**CAROLINE HUBERTY (LSAP)** *remercie les services communaux pour leur excellent travail, qui rend possible un budget aussi détaillé, ainsi que le collège échevinal, qui écoute les critiques sans se laisser détourner de ses mesures d’intérêt public.*
*Elle se réjouit des initiatives liées au programme NetZeroCities et salue, en tant que jeune mère, les efforts croissants de la commune en matière de désimperméabilisation, de Diffprime, d’économie circulaire, de stations de partage alimentaire et de poubelles innovantes.*
*Elle évoque également la construction d’un pont reliant Lasauvage à Saulnes dans le cadre du projet*

*TNT, symbole de coopération au sein de la Grande Région.*
*Elle affirme que la grande politique se compose de petites mesures concrètes et se dit fière que Differdange soit pionnière dans de nombreux domaines.*
*Elle souligne enfin l'importance des fêtes, des initiatives culturelles et des évènements sportifs pour le vivre-ensemble, rappelant les succès récents, tels que l'extension du carnaval, le tipi au marché de Noël, la refonte de la veille de la Fête nationale et le festival Made in Luxembourg.*
*Caroline Huberty déclare que le marché et le monde commercial de la commune méritent un coup de pouce, ce que la Commune entreprend désormais en collaboration avec les équipes internes du développement économique.*
*Elle affirme que ce budget témoigne d'une commune vivante, tournée vers l'avenir. Lorsqu'on parle de jeunesse et d'école, une chose est claire, selon elle : la politique n'est pas de la théorie, elle sert à concrétiser des projets, et, dans ce domaine précis, les résultats sont là. La Commune ne se contente pas d'élaborer des concepts ; elle agit concrètement, notamment avec le projet TSA, la coopération renforcée entre l'école et la maison relais, la création et l'extension des classes CTSA, les nouvelles structures au Lommelshaff et la perspective d'un futur campus Differdange-Thillebierg. Ce ne sont plus de simples promesses, ce sont des projets en cours de réalisation.*
*Au quotidien aussi, la politique porte ses fruits : le pédibus se développe, un quatrième bus de campus renforce le transport scolaire, et les structures d'enseignement et d'encadrement s'adaptent progressivement aux réalités du terrain.*
*Le point le plus important, conclut-elle, est que ce budget montre que la politique fonctionne quand elle reste proche des citoyens et qu'elle a le courage de prendre aujourd'hui des décisions pour demain. Elle souhaite à chacun un joyeux Noël et une bonne année.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *remercie le bourgmestre et s'adresse au collège*

Kappzerbrieches mécht mer eise Maart an iwwerhaapt eis Geschäftswelt, wat mer elo awer gemeinsam mat eisen interne Leit vum Développement économique upaken.

Dëse Budget weist: Mir sinn eng lieweg Gemeng, déi vill Zukunft viru sech huet. Wann een iwwer d'Jugend an d'Schoul schwätzt, dann ass eng Saach kloer: Politik ass net Theorie; Politik ass do, fir Projeten ëmzesetzen. An ech mengen, grad an dësem Ressort kënne mir haut soen, et fonctionéiert.

D'Gemeng huet bewisen, datt se net nëmme Konzepter ausschafft, mee datt se konkreet handelt. Mam Projet ZASS, der staarker Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison relais, mat der Kreatioun an dem Ausbau vun de CTSA-Klassen, mat den neie Strukturen am Lommelshaff an natierlech mam grousse Bléck no vir op den neie Campus Déifferdeng-Thillebierg.

Dat sinn net méi just Verspriechen, dat si Projeten an der Ëmsetzung.

Och am Alldag gesäit een, datt d'Politik wierkt. De Pedibus wiisst a gëtt ëmmer besser ugeholl. E véierte Campus-Bus verstäerkt de Schülertransport an eiser Gemeng, an eis Schoulen- a Betreiungsstrukture ginn no an no un d'Realitéit um Terrain ugepasst.

A lo kënnt de wichtegste Punkt: Dëse Budget weist ganz kloer, d'Politik fonctionéiert, wa se no bei de Leit ass a wa se de Courage huet, haut Decisioune fir muer ze huelen.

Ech wënsche jiddwerengem schéi Chrëschtdeeg an e schéint neit Joer. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Huberty. Da kéime mer bei den Här Cillien, Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, Dir Damm an Hären aus dem Schäfferot, léif Kolleegen aus dem Gemengerot, Dir Dammen, Dir Hären, léif Nolauschterer dobaussen, nodeems eise Fraktiounssprieчer de Budget jo schonn a senger Integralitéit kommentéiert huet, géif ech nach gären op verschidde Punkten a Beräicher méi am Fong agoen.

Den éischte Beräich, op deen ech mech gäre méi am Detail géif fokaliséieren, ass den Enseignement.

Dësen ass an eisen Aen ee vun de wichtegste Beräicher an engem Budget. Investissementer an d'Educatioun sinn e strateegeschen Invest fir d'Zukunft, sinn eng laangfristeg sozial Investitioun. D'Educatioun dréit net nëmmen zum Erfolleg vun eise Kanner, zur Chancëgläichheet an der sozialer Kohäsioun bäi, mee erhéicht och d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng fir d'Familjen.

Dat wësse mer an hu mer jo scho virun zéng Joer, mat der Ouverture vun der EIDE an eiser Gemeng gesinn. Wouduerch Déifferdeng och op de Radar vu ville Famillje komm ass, déi virdrun net un eis Gemeng als Wunnuert geduecht hunn.

Eng Gemeng mat gudde Schoulen zitt méi Awunner un an dat belieft net nëmmen eis lokal Ekonomie!

An Äre Budgetsrieden, déi lescht Woch, hutt Dir betount, wéi vill vun Äre Punkten aus dem Koalitiounsaccord Dir schonn ëmgesat respektiv wat Der schonn an Ugrëff geholl hätt a wou Der dru schaffe géift.

Am Beräich vun der Educatioun si mer mat der Renovatioun vun existéierendem Schoulraum sécherlech um gudde Wee. Wann ech mer dat am Budget ukucken, gesi mer, datt fir déi drëtt Phas vun der Renovatioun vun der Meedercherssschoul am Zentrum 4,9 Milliounen Euro agedroe sinn. Hei gëtt substanziell an d'Mise en conformité investéiert, wat wichteg an iwwerfälleg ass. An den Avant-projet de loi an Devis wäerte mer jo och haut stëmmen. E wichtege Schratt, fir dass et gutt viruge-et.

Mee mir kommen awer net derlaanscht, iwwer de Schoulraum ze schwätzen, un deem et an eiser Gemeng, virun allem hei am Zentrum, nach batter feelt. Trotz neier Schoul zu Nidderkuer, dem neie Gebai „Um

Bock“ an de Renovatiounen huet een d’Gefill, datt mer hei der demografescher Entwécklung déi ganz Zäit hannendru lafen a mer et einfach net fäerdegbréngen, mat Wäitsiicht ze schaffen.

Zënter 2022 steet de Projet zur Ëmgestaltung vum ale Spidol fir en neie Schoulcampus am Budget. Och dëst Joer gesi mer erëm eng Kéier 500.000 Euro am Budget mam Vermierk „Frais d’études pour élaborer un projet“. Ma elo si scho véier Joer ëm, an ech muss och dëst Joer eng weider Kéier feststellen, dass mer nach ëmmer kee Projet presentéiert kruten.

Dat ass enttäuschend, well ech hat wierklech gehofft, dee Punkt net erëm a menger Budgetsried erwänen ze brauchen. Mee, ech kann et awer och net si loossen, well et nun emol batter u Schoulraum feelt.

Ech hoffe jo alt staark, dass net geplangt ass, eréischt mam Bau vun engem neie Campus am Zentrum unzefänken, wann d’Gemengenadministratioun aus dem ale Spidol eraus ass, well dat wier verantwortungslos. Eis Populatioun wiisst vu Joer zu Joer, ergo och d’Schülerzuelen. All Joer, wou mer hei näischt maachen, ass e verluerent Joer a mir hypothekéieren indirekt och d’Zukunft vun eiser Gemeng.

A wat fir de Schoulraum gëllt, ass genau sou richteg fir déi non-formal Bildung, well och do wäerten, op kuerz oder laang, méi Betreiungsplaze gebraucht ginn. Dat geet jo Hand an Hand.

Mer sollten och versichen, dohin ze kommen – an dat hunn ech schonn eng Kéier op dëser Plaz gesot –, dass déi non-formal Bildung esou wéineg wéi méiglech an de Klassesäll stattfënnt. Datt déi non-formal Bildung op hir Besoinen adaptéiert Raim huet. An do geet et mer mat Sécherheet net dorëms, dass d’Enseignanten hire Klassesall net wëlle mat den Educateuren deelen. Nee, et geet vill méi dorëms, datt et en Ënnerscheed tëschent Léierraum a Fräizäitraum gëtt. D’Kanner brauchen no der Schoul een anere Raum, fir ze spieren: Elo ass d’Léieren eriwwer, elo hunn ech Fräizäit.

Wann d’Betreiung am selwechte Klassesall stattfënnt, verschwannen dës Grenzen a vill Kanner kënne méi schwéier ofschalten.

Betreiung brauch Raim, déi ee fir ze spillen, bastelen, bauen oder einfach fir sech auszerouen, benotze kann, ouni datt een owes erëm alles ewechraume muss, well de Raum den nächste Moien nees fir den Unterrecht gebraucht gëtt.

An eegene Betreiungsraim kënnen d’Kanner d’Miwwele verréckelen, hir eege Spillraim gestalten, Projete wärend Deeg leie loossen. Dat stäerkt hir Autonomie, eppes, wat am Klassesall oft net méiglech ass.

Eege Raim fir d’Betreiung bidden de Kanner eng kloer Trennung tëschent Schoul a Fräizäit. Si entlaaschten dobäi och d’Léierpersonal an d’Betreiungspersonal a vereinfachen hir Zesummenaarbecht an Zesummeliewen, am Sënn vum Wuel vum Kand. Dat sollte mer net aus den Ae verléieren, wa mer un d’Schafe vun neie Campussen denken.

En anere wichtege Beräich ass dee vun der Jugend. Hei setzt de Budget e puer gutt Akzenter, virun allem am ordinäre Budget. Mer begréissen, dass Geld an de Grapp geholl gëtt, fir déi Jonk ze ënnerstëtzen: de Plan communal jeunesse, d’Aarbecht vum Jugendhaus an och all déi Aktiounen, déi déi sozial Inklusioun a Participatioun vun deene Jonken ënnerstëtzen.

Da fanne mer och endlech dëst Joer d’Schafe vun engem Poste fir e Lieu de rencontre pour jeunes fir 250.000 Euro an dësem Budget erëm. Dat war jo iergendwéi déi lescht Jore verluer gaangen. An et freet eis, datt hei dann, nodeems zënter 2022 näischt méi geschitt ass, endlech en neien Ulaf geholl gëtt.

Déi Plaz kënnt jo dann, wann ech dat richteg verstanen hunn, net op de Metzkimmert, wéi initialement virgesinn. Do soll jo, wann ech dat richteg gelies hunn, gekuckt ginn, fir e Sport- a Fräizäitpark ze implementéieren. Ech weess net, ob Der dat déi lescht Woch an Ärer Presentatioun gesot hutt, mee wou kënnt dee Lieu de rencontre fir déi Jonk dann elo hin?

Wann ech u Plazen denken, wou sech Jonker begéinen, denken ech natierlech och ëmmer un déi Plazen zréck, wou ech fréier higaange sinn. An dat war am

*échevinal, aux collègues du conseil communal et aux auditeurs. Il indique qu’après le commentaire global du budget par le porte-parole de sa fraction, il souhaite approfondir certains points.*

*Le premier domaine sur lequel il se concentre est l’enseignement, qu’il considère comme l’un des plus importants du budget. Investir dans l’éducation constitue un investissement stratégique à long terme qui contribue à la réussite des enfants, à l’égalité des chances, à la cohésion sociale et à l’attractivité de la commune pour les familles. Il rappelle que l’ouverture de l’EIDE, il y a dix ans, a mis Differdange sur la carte de nombreuses familles qui n’envisageaient pas auparavant d’y résider.*

*Concernant la rénovation des infrastructures scolaires existantes, il note que 4,9 millions d’euros sont inscrits au budget pour la troisième phase de rénovation de l’école des filles au centre, un investissement substantiel et nécessaire dont l’avant-projet de loi et le devis seront votés ce jour.*

*Toutefois, il souligne que le manque d’espace scolaire, surtout au centre, demeure criant. Depuis 2022, le projet de transformation de l’ancien hôpital en campus scolaire figure au budget, et, cette année encore, 500 000 € sont prévus pour des frais d’études sans qu’aucun projet concret n’ait été présenté en quatre ans, ce qu’il juge décevant et irresponsable face à la croissance démographique. Il espère vivement que la Commune n’attend pas d’avoir quitté l’ancien hôpital pour lancer la construction.*

*Il insiste également sur le fait que l’éducation non formelle nécessite des espaces adaptés, distincts des salles de classe, afin que les enfants puissent ressentir une véritable coupure entre le temps scolaire et le temps libre. Des locaux dédiés à l’encadrement permettent aux enfants de jouer, bricoler, construire et de laisser leurs projets en place, ce qui renforce leur autonomie et facilite la collaboration entre enseignants et éducateurs.*

*Enfin, concernant la jeunesse, il salue les accents positifs du budget, notamment le Plan communal jeunesse et le travail de la maison des*

*jeunes. Il se réjouit de retrouver cette année un poste de 250 000 € pour la création d'un lieu de rencontre pour les jeunes, disparu du budget depuis 2022. Il demande où ce lieu sera finalement implanté, puisque le site du Metzkimmert, initialement prévu, semble désormais destiné à un parc sportif et de loisirs.*
*Eric Cillien évoque les lieux de rencontre pour les jeunes et se souvient de la piscine en plein air, qu'il fréquentait autrefois en été. Il déplore que la situation de cet équipement soit tout à fait insatisfaisante. Si la deuxième phase de cinq-millions d'euros consacrée à Aquasud constitue certes un investissement utile, il juge incompréhensible que la remise en état et la modernisation de la piscine en plein air ne soient pas la priorité. Il qualifie de honte le fait que cette piscine soit fermée depuis des années sans qu'aucune date ne soit annoncée pour le début des travaux ni pour sa réouverture. Il affirme ne pas comprendre ce désintérêt, que ce soit en tant qu'élu ou au nom des citoyens.*
*Il aborde ensuite l'animation du centre de Differdange et la vitalité du commerce local, une préoccupation majeure pour sa fraction. Un montant de 500 000 € est prévu dans le budget pour un nouveau concept de développement économique de la ville. Il rappelle que de nombreuses annonces ont été faites au cours des deux années et demie écoulées — un centre de type « outlet », un chef étoilé souhaitant ouvrir un établissement à Differdange —, mais que rien de concret ne s'est encore matérialisé. Il souhaite que le nouveau concept donne de véritables impulsions afin que le centre-ville ne soit pas vivant uniquement lors de festivités.*
*Il consacre ses derniers propos au tourisme. Il souligne que la commune possède un patrimoine remarquable avec Lasauvage, le Minett Park, le Science Center, le Giele Botter et ses espaces verts, auxquels s'ajoute le projet de numérisation du site de la mine Renkert. La commune est très attrayante pour le tourisme de journée, mais le problème réside dans le manque d'hébergements : hormis quelques*

Summer déi oppe Schwämm. An do muss ech soen, kënne mer awer wierklech net zefridde sinn.

Déi zweet Phas mat fënnef Milliounen – fir den Aquasud si sécherlech e gutt Invest an och nëtzlech, mee et ass einfach onverständlech, firwat net déi éischt Prioritéit den Assainissement an d'Moderniséierung vun der oppener Schwämm ass. Et ass en Hon, datt déi oppe Schwämm schonn zënter Joren zou ass, an datt nach ëmmer keen Datum am Raum steet, wéini et dann endlech mat den Aarbechte wäert lassgoen, geschweige denn, wéini se dann erëm opgoe wäert.

Ech kann net novollzéien, dass op deem Punkt en Desintérêt besteet. Beim beschte Wëllen, dat ass net ze verstoen, net fir eis heibannen an och net fir eis Matbierger.

E weidere Punkt, deen eiser Fraktioun uewe läit a wou mer eng Urgence gesinn, ass d'Beliewen, an dat gouf och scho gesot, vum Déifferdenger Zentrum an d'Beliewe vun der Geschäftswelt. 500.000 Euro sinn am Budget verbucht fir en neit Konzept fir déi ekonomesch Entwécklung vun der Stad Déifferdeng. Ech muss soen, hei si mer gespaant.

Hei goufe jo scho vill Saache gesot an deene leschten zwee an hallef Joer. Hei war rieds vun enger Zort Outletcenter, vun engem Stärekach, deen zu Déifferdeng eppes opmaache wéilt an esou weider. Mee vill Konkreetes huet sech bis ewell awer nach net gedoen. Ech géif mer wënschen, dass dat neit Konzept gräift, datt et nei Impulser setzt, an datt mer et fäerdegbréngen, eiser Geschäftswelt erëm neie Schwong ze ginn, datt eisen Zentrum net nëmme wärend flotte Festivitéiten erëm richteg lieweg ass.

Zum Schluss géif ech nach gären e puer Wuert zum Tourismus soen. Mir hu mat der Zowaasch, mam Minett Park, mam Science Center, mam Giele Botter an am Allgemenge mat villem Gréngs ronderëm an an eiser Gemeng en immens flotte Patrimoine. An do hu mer och elo nach de Projet vun der Digitalisatioun vum Site vun der Mine Renkert. Eis Gemeng ass fir den Dagestourismus richteg attraktiv. An et gëtt bei eis an der Gemeng vill méi ze maachen an ze gesi wéi nëmme fir een Dag oder een Nomëtteg.

Mee do läit och d'Kromm an der Heck. Bis op e puer Zëmmeren am Presbytère, dem Gite op der Zowaasch an zu Nidderkuer dem Hotel N°151, hu mer keng weider Iwwernuechtungsméiglechkeeten. A wann ech en Tourist wëll unzéien an och fir e puer Deeg a menger Stad wëll halen, da brauch ech nun emol och Plaze fir ze iwwernuechten.

Do war am Koalitiounsaccord de Projet vun der Jugendherberg, e Projet, dee mer richteg gutt fannen a wou mer iwwerzeegt sinn, dass e kéint e Succès sinn. Mee dee schéngt iergendwéi verluer gaangen ze sinn. Leider. Well och Tourismus belieft eng Stad.

Ech kommen elo un d'Enn vu menger Ried, och wann ech nach vill méi hätt kënnen a wéilte soen. Mee last but not least, e ganz grousse Merci un all d'Mataarbechter, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, fir déi gutt Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Am Resümmee wéilt ech soen, datt dëse Budget eng Rei ganz gutt Usätz huet, mee awer op verschiddene wichtege Plaze vergësst, déi richteg a fir eis Stadentwécklung esou wichteg Jalonen ze setzen. An och Saachen enthält, déi mer net kënne matdroen. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren a wënschen Iech all elo scho schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Ech géif d'Wuert ginn un d'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Leit vun der Press an all déi, déi eis nolauschteren, ech wëll als Éischt jiddwerengem e grousse Merci soen, deen um Budget 2026 matgeschafft huet.

D'Virbereedungsphas war intensiv, mee si huet gewisen, wéi staark mir als Ekipp funktionéieren a wéi konstruktiv

mir all zesummeschaffen. All Bäitrag, grouss oder kleng, huet gehollef, dëse Budget auszeschaffen, deen d'Zukunft vun eiser Gemeng nohalteg gestalt. Merci all deenen, déi dozou bäigedroen hunn.

An deem Kontext wëll ech op déi Aarbecht agoen, déi am Beräich Jugend geleescht gëtt. Merci, Här Wagner, fir Ären detailléierten Iwwerbléck a fir déi konsequent Aarbecht, déi Dir mat Ärem Team an eiser Partei an dësem wichtege Ressort leescht.

Ech wollt just e puer Punkten ervirhiewen, déi mir besonnesch positiv opfalen. Et ass flott ze gesinn, dass mir elo dräi voll funktionéierend Jugendhaiser hunn, mat besserem Animateam a méi personelle Ressourcen. Dat ass net nëmmen eng konkreet Verbesserung vun der Infrastruktur, et bréngt direkt e grousse Benefice fir déi Jonk an eiser Gemeng. Déi Mesurë stäerken d'Qualitéit vun der Jugendaarbecht an erlaben eis, besser op d'Bedierfnisser vun de Jonken anzegoen.

Besonnesch wichteg fannen ech, dass mir ëmmer méi no un de Jonken dru sinn, net just iwwer d'Institutiounen, mee och iwwer déi informell Kontakter. Déi Jonk vun haut hunn aner Erwaardungen, eng aner Dynamik an aner sozial Realitéiten. Wann eng Gemeng op dëse Wandel reagéiere kann, weist dat, dass si d'Zeeche vun der Zäit erkannt huet an aktiv adaptéiert. Mir ginn de Jonken domat net just Strukturen, mee och Orientatioun, Sécherheet an eng Plaz, wou si sech eescht geholl fillen.

Och de Punkt mam Service Youth Outreach an deem weidere Streetworker ass ganz wichteg. Et weist, dass mir net nëmmen Iddien um Pabeier hunn, mee dass mir aktiv um Terrain sinn an déi Jonk direkt erreechen. Dat ass eng konkreet Aarbecht, déi mir als Gemeng direkt mussen ënnerstëtzen.

Ech fannen et och ganz positiv, dass d'Jugendwunnen elo an Eegeregie geleet ginn ass, an datt mir eis eege Philosophie an der Jugendaarbecht ëmsetzen. D'Zesummenaarbecht mam Schoul- a Jugendministère an d'Rekrutéiere vu bewäerten Educateuren ënnersträicht, dass mir hei eng stabil a laangfristeg Léisung hunn.

An deem Kontext ass et immens wichteg ze betounen, wéi vill Engagement hanner dëser ganzer Aarbecht stécht. Vill vun dëse Servicer funktionéieren nëmmen esou gutt, well d'Leit all Dag mat vill Passioun a Professionalitéit dru schaffen. Dëst Engagement sollt een net als Selbstverständlechkeet huelen.

Ech wëll d'Aarbecht vum ganzen Team luewen, et ass net ëmmer einfach, esou Projeten ëmzesetzen, mee et weist, wéi gutt mir als Partei an als Koalitioun zesummeschaffen. Déi Efforte si wierklech ze appreciéieren.

Zum Schluss: Dëst ass eng ganz konkreet an ëmsetzungstaark Aarbecht, déi mir als Gemengerot voll ënnerstëtzen. Mir kënnen eis wierklech glécklech schätzen, esou engagéiert Servicer ze hunn, déi d'Zukunft vun eiser Jugend an der Gemeng gestalten. Merci nach eng Kéier, Här Wagner, fir Äre wichtege Bäitrag. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Leit dobaussen, nodeems eise Fraktiounsspriecher, den Här Tempels, de Budget am grousse Ganzen duerchgaangen ass an d'Madamm Ceman op e puer eenzel Punkten agaangen ass, maachen ech dat dann och elo. An dat och nach als leschte Riedner, wéi ech dat hei matkréien.

Ech wollt als Éischt jidderengem Merci soen, deen un dësem Budget matgeschafft huet an och deenen, déi dat neit Subsidereglement fir eis Veräiner op de Leescht geholl hunn, wat mer d'nächst Joer am Gemengerot presentéiert kréien.

D'Veräiner, déi mir mat dem Subsid ënnerstëtzen, droen zum Zesummenhalt, Inklusioun, Gesondheet, Integratioun, fir nëmmen déi puer Beispiller ze nennen, bäi. Mir brauchen eis Veräiner. Duerfir sinn dës Gelder, déi mir hei an d'Hand huelen, gutt ugeluecht.

*chambres au Presbytère, le gite de Lasauvage et l'hôtel No 151 à Niederkorn, il n'existe aucune possibilité de nuitée. Il regrette que le projet d'auberge de jeunesse, inscrit dans l'accord de coalition, semble avoir été abandonné.*
*Il conclut en remerciant l'ensemble du personnel ayant contribué à l'élaboration du budget et en estimant que celui-ci comporte de bonnes approches, mais en omettant de poser des jalons essentiels pour le développement de la ville. Il souhaite à tous de bonnes fêtes.*

**MORGAN ENGEL (LSAP)** *remercie toutes les personnes ayant travaillé sur le budget 2026 et souligne que la phase de préparation, bien qu'intense, a démontré la force de l'équipe et la qualité de la collaboration.*
*Elle se concentre sur le travail accompli dans le domaine de la jeunesse et salue l'action de monsieur Wagner et de son équipe. Elle se réjouit que la commune dispose désormais de trois maisons de jeunes pleinement opérationnelles, dotées d'une meilleure équipe et de davantage de ressources humaines, ce qui renforce directement la qualité de l'encadrement des jeunes. Elle insiste sur l'importance des contacts informels avec la jeunesse, dont les attentes et les réalités sociales ont évolué.*
*Elle salue également le service Youth Outreach et le recrutement d'un travailleur de rue supplémentaire, preuves d'une présence active sur le terrain. Elle juge très positif que le logement pour jeunes soit désormais géré en régie propre, avec une philosophie communale autonome et la collaboration du ministère de l'Éducation. Elle rend hommage à l'engagement quotidien des équipes et conclut en affirmant le soutien plein et entier du conseil communal à ce travail concret.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *remercie toutes les personnes ayant contribué au budget, ainsi que celles qui ont élaboré le nouveau Règlement de subsides destiné aux associations, qui sera présenté l'année prochaine au conseil communal.*

*Claude Olten souligne que les associations soutenues par les subsides communaux contribuent à la cohésion sociale, à l'inclusion, à la santé et à l'intégration. Ces fonds sont donc bien investis.*

*En matière de loisirs, il indique que le réseau cyclable continue d'être développé et entretenu, notamment pour le marquage.*

*Les aires de jeux sont régulièrement contrôlées, réparées ou remplacées si nécessaire, en veillant à ce que les familles disposent de trajets courts pour s'y rendre. Sur le Thillebierg, une aire de jeux couverte pourrait voir le jour, ce qui serait une excellente idée en cas de pluie.*

*Sur le site de l'ancienne école de vélo au Metzkimmert, un parc de loisirs et de sports doit être aménagé, en cohérence avec la stratégie sportive « Differdange vit le sport ».*

*Les joueurs de pétanque du parc de la Chiers profiteront d'une pergola, d'un conteneur et de toilettes publiques, comme ceux du parc AS du Fousbann.*

*Il mentionne la promotion du tourisme communal par un clip vidéo et une journée touristique, et signale la création récente d'un club de randonnée qui fait découvrir les beaux sites de la commune. Des stations de lavage pour vélos seront installées à divers endroits.*

*Concernant la sécurité, les dernières caméras sont en cours d'installation et de calibrage, avec une inauguration officielle prévue en janvier, ce qui renforcera le sentiment de sécurité des citoyens grâce à la police locale. Des barrières de protection seront installées sur les lieux de rassemblement afin d'empêcher l'intrusion de véhicules.*

*En matière de culture, il demande si le lavoir restauré de Niederkorn pourrait être ouvert occasionnellement aux associations.*

*À Lasauvage, le hall électrique sera rénové au profit de l'école Nature et des scouts, et l'acoustique ainsi que l'éclairage de l'église doivent être améliorés, tout comme l'éclairage de l'Aalt Stadhaus, qui doit également être équipé d'un ascenseur pour les personnes en situation de handicap.*

Zum Loisir wollt ech soen, dass eist Vëlosnetz nach ëmmer gutt ausgebaut gëtt an an der Rei gehale gëtt, wéi zum Beispill de Marquage. D'Spillplaze gi kontrolléiert an, wann et néideg ass, an d'Rei gesat oder awer komplett ersat. Hei gëtt dann och ëmmer gekuckt, dass d'Leit kuerz Weeër hunn, fir mat hire Kanner op eng Spillplaz ze kommen.

Um Thillebierg soll eventuell eng iwwerdaachte Spillplaz entstoen. Wat eng ganz flott Iddi wär, wann et dann emol erëm, wéi sou oft, reent.

Um Metzkimmert, wou déi al Vëlosschoul war, soll e Loisirs- a Sportspark amenagéiert ginn, wou ee sech a senger Fräizäit ka beweegen, wat gutt zu der Sportsstrategie passt: „Déifferdeng lieft Sport" oder Active City.

Eng Pergola, wéi am Park AS um Fousbann, kréien dann och elo d'Boulisten aus dem Parc de la Chiers, mat engem Container an ëffentlechen Toiletten, wat dem Fräizäitangebot zegutt kënnt.

Wéi den Här Ulveling a senger Presentatioun vum Budget gesot huet, soll den Tourismus an der Gemeng promouvéiert ginn duerch e flotte Videoclip an enger Journée touristique.

Ech wollt hei dozou soen, dass zënter kuerzem e Wanderclub hei an der Gemeng gegrënnt ginn ass, dee sech zur Aufgab gemaach huet, ënner anerem, dass d'Leit eis Gemeng mat hire flotte Plaze besser kenneléieren. Dat kann och hëllefen, den Tourismus ze promouvéieren.

Et kommen dann och elo Vëlowäschstatiounen op verschidde Plazen an d'Gemeng, déi d'Vëlosfuerer ganz sécher vill wäerte benotzen.

Punkto Sécherheet ginn déi lescht Kameraen installéiert a kalibréiert. Am Januar ass déi offiziell Aweiung. Mat der Lokalpolice si mir dann endlech esouwäit, de Bierger an eiser Gemeng e bessert Sécherheetsgefill ze ginn.

Plazen, wou vill Leit zesummekommen, wäerten an Zukunft besser securiséiert ginn, a Form vu Barriären, déi et verhënneren, dass en Auto oder soss e Gefier op deene Plazen erafuere kann. Et gesäit ee jo oft, dass dat am Ausland geschitt, duerfir ass dëst eng wichteg Acquisitioun.

Kultur: Wou mir an deem schéinen Nidderkuer de Wäschbuer erëm schéi gemaach kréien, gëtt et do eventuell eng Méiglechkeet, deen ab und zu opzemaache fir Leit oder Veräiner, déi de Wäschbuer fir verschidden Zwecker wéilte gebrauchen?

Zu Lasauvage gëtt den Hall électrique renovéiert, wou d'Naturschoul an d'Scouten d'Raimlechkeeten notze kënnen. Där Raimlechkeeten huet een ni ze vill!

An der Kierch zu Lasauvage muss d'Akustik an d'Beliichtung verbessert ginn, souwéi och d'Beliichtung am Ale Stadhaus. A wou e Lift muss kommen, dass Leit mat enger Behënnerung och gutt op d'Bün kommen.

Fir eis Jugendlech an déi, déi et bliwwe sinn, ass e Festival mat DJen um Site vum neie CID fir 2027 geplangt. Hei gëtt dann, nieft dem Blues Express, deen d'nächst Joer um Programm steet, dësen neie Projet fir déi Jonk op d'Bee gestallt.

Mat der Minn Renkert hu mir e Patrimoine, deen et gëllt nach besser ze presentéieren. Mam Scannen an Digitaliséiere vun der Minn ass dat méiglech an och nach méi zougänglech fir jiddereen dee Moment.

Da kommen ech zum Sport. Do hunn ech e puer Posten erausgesicht. Als Éischt den Aquasud, dee vergréissert an ëmgebaut gëtt, wéi den Ausseberäich, wou en neit Spaassbad entsteet. Mat der Vergréisserung vum Aquasud kréien d'Schoulkanner vill méi Stonnen, wat eng gutt Saach ass, well all Kand soll schwamme kënnen.

Et ginn Etüde gemaach fir eng nei Sportshal um Woiwer. Déi besteeënd ass an d'Jore komm. Esou ee Projet soll gutt geplangt an duerchduecht sinn. De Bedarf fir esou eng Hal, deen ass wierklech do.

Um Stade Jos Haupert ginn nei Vestiäre gebaut, d'Bande électrique an den Ecran sollen ersat ginn. Den Haaptterrain ass jo mëttlerweil an d'Rei gesat ginn.

Um Thillebierg geet et an déi zweete Phas. Ech mengen, wann dee ganze Site bis fäerdeg ass, dann ass dat e Bijou.

Zu Uewerkuer um Stade municipal muss de syntheeteschen Terrain ersat ginn, d'Tribün gëtt amenagéiert an d'Beliichtung muss ersat ginn.

Um Schéissstand zu Uewerkuer si Renovatiounsaarbechte geplangt.

Den Daach vun der Turnhal zu Uewerkuer ass schlecht, dee muss nei gemaach ginn. Dat selwecht gëllt fir d'Fosse, déi d'Turner onbedéngt brauchen.

Um Site vum ale CID gëtt fir d'EIDE eng Schwämm gebaut mat Sportshal, déi d'Déifferdenger Schoulen an d'Veräiner kënne spéider benotzen. An et entsteet och neie Wunnraum.

Zum Schluss wollt ech ënnersträichen, dass eis Kultur- a Sportsveräiner eng wichteg Roll an eiser Gemeng a Gesellschaft spillen an eng enorm gutt Aarbecht leeschte fir eis Jugend. Duerfir musse mir si esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Olten. An ech wëll alleguerten de Conseillere Merci soe fir hir interessant an intensiv Stellungnamen zu eisem Budget vun der Gemeng.

Erlaabt mer am Virfeld e puer Iwwerleeungen an e puer Erklärungen, ier ech dann d'Wuert un déi verschidde Ressortschäffe ginn, fir an den Detail ze goen.

Et ass geschwat ginn hei am Raum vun Aarbechtsplazen. Aarbechtsplaze schafe bleift an ass weider eng grouss Erausfuerderung fir dëse Schäfferot. Et muss een awer feststellen, dass ech mech net kann u Joren erënneren, wou konkreet esou vill Aarbechtsplaze geschafe gi si wéi am Joer 2025 an 2026. Well déi si geschafe gi vun dësem Schäfferot, an Zesummenaarbecht mat hire politesche Kolleegen.

Ech mengen, dat sinn Zuelen, déi stinn am Raum an déi si fest. An dat sinn Zuelen, wou mer stolz drop sinn, an do wäerte mer och weider dru schaffen, fir déi Zuele weider auszebauen.

Dir hutt kritiséiert an Äre Remarken, dass verschidde Projeten net géife virugoen oder ëmmer nach Etüde géife gemaach ginn. Ech muss awer do als Erklärung ginn, dass den Timing, fir déi Projeten ze realiséieren, oft beaflosst gëtt duerch Ursaachen, déi eis friem sinn.

Dat heescht, mir musse PAG-Upassunge maachen, mir mussen d'Baugeneemegung kréien, mir mussen Autorisatioune kréie vun deene verschiddene staatlechen Instanzen, sief dat Environnement, sief dat Waasserwirtschaftsamt, sief dat Ponts & Chaussées, sief dat ITM an alles. Déi Autorisatioune musse virleien, ier mer iwwerhaapt en Dossier kënne virundreiwen a mir den Dossier an déi nächst Etapp kënne ginn.

Déi Delaien, déi eis do entstinn, entspriechen, leider, net ëmmer eisen Erwaardungen. An dofir gerode mir och mat verschiddene Projeten hannendran.

De Bildungsstanduert Déifferdeng ass ugeschwat ginn. Ech mengen, deen ass esou staark wéi nach ni. A mir fërdere weider dee Wuesstem vum Bildungsstanduert Déifferdeng. Mir wëssen, dass Déifferdeng aus der Cité du fer zu enger City of Sports ginn ass an elo eng Bildungsstad gëtt.

Ënner anerem, mierke mer dat, dass d'Phas 3 vum Institut Emile Metz an der Planungsphas ass, an dass och eis Europaschoul, wou mer och ganz stolz drop sinn, amgaangen ass, ausgebaut ze ginn, mat Sportsinfrastrukturen an och Infrastrukture mat Klassesäll. Wat och d'Zuel vun de Schüler vergréissert an och d'Zuel vun den Enseignanten, déi do schaffen. Also eng weider Dynamiséierung vum Zentrum vun Déifferdeng a vun eiser Stad, mat allem, wat dat mat sech bréngt.

De PN15 ass ugeschwat ginn. Selbstverständlech schaffe mer weider drun, mee et ass net esou, dass mir eleng fir deen Dossier do zoustänneg sinn. Mir sinn a ganz gudde Kontakter – wat och

*Un festival de DJ est prévu pour 2027 sur le site du nouveau CID, en complément du Blues Express.*
*La mine Renkert, patrimoine précieux, sera numérisée et scannée pour la rendre plus accessible. En matière de sport, Aquasud sera agrandi par la construction d'un nouveau bassin ludique extérieur, offrant davantage d'heures de natation aux écoliers.*
*Des études sont en cours pour une nouvelle halle sportive au Woiwer, dont le besoin est réel.*
*Au stade Jos-Haupert, de nouveaux vestiaires seront construits et l'écran ainsi que la bande électronique seront remplacés.*
*Le Thillebierg entre dans sa deuxième phase d'aménagement.*
*À Oberkorn, le terrain synthétique, la tribune et l'éclairage du stade municipal doivent être renouvelés, et le stand de tir ainsi que le toit de la halle de gymnastique nécessitent des rénovations.*
*Sur le site de l'ancien CID, une piscine et une halle sportive seront construites pour l'EIDE, ainsi que de nouveaux logements.*
*Il conclut en soulignant le rôle essentiel des associations culturelles et sportives auprès de la jeunesse.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie l'ensemble des conseillers pour leurs prises de position. Il affirme que la création d'emplois reste un défi majeur et que les années 2025 et 2026 sont marquées par un nombre record de postes créés au sein de ce collège échevinal.*
*Il reconnait que certains projets avancent lentement, mais explique que les délais sont souvent causés par des facteurs extérieurs : adaptations du PAG, autorisations de bâtir, approbations de diverses instances étatiques, comme le ministère de l'Environnement, l'Administration de la gestion de l'eau, les Ponts et Chaussées ou l'ITM.*
*Il met en avant le pôle éducatif de Differdange, plus fort que jamais, avec la phase III de l'institut Émile-Metz en cours de planification et l'extension de l'école internationale, qui dynamisent le centre-ville.*
*Guy Altmeisch passe au passage à niveau PN15 et indique que les travaux se poursuivent, tout en rappelant que la Commune n'est pas la*

*seule responsable de ce dossier. Il souligne que les relations avec les institutions étatiques, notamment les CFL, se sont nettement améliorées et qu'un dialogue constructif est désormais possible.*
*La Commune souhaite transformer les arrêts de bus actuels en arrêts adaptés aux besoins des usagers du transport public, en particulier ceux du train. L'idée est de rénover l'arrêt du centre de Differdange et, dans la foulée, de s'attaquer à l'élimination du PN15. Des terrains et des maisons sont en cours d'acquisition, et la Commune n'a jamais été aussi proche d'aboutir, mais le bourgmestre ne peut pas détailler les démarches en cours afin de ne pas compromettre les négociations.*
*Sur la question des subsides étatiques pour l'isolation des habitations privées, Guy Altmeisch explique que les particuliers font face à des couts considérables : l'isolation d'un toit représente 30 000 € à 40 000 €, et, si l'on ajoute la façade, la dépense atteint 60 000 € à 70 000 €. L'État travaille à des aides, et la Commune s'y adaptera dès que le cadre législatif sera clairement établi.*
*Par ailleurs, le bourgmestre exprime la volonté de rapprocher le travail et l'habitat en investissant dans le logement abordable et le logement dédié, afin de permettre à ceux qui travaillent sur le territoire communal de s'y loger à un loyer abordable, ce qui contribue à la mixité résidentielle.*
*En matière de sécurité, il plaide pour la flexibilité, notamment pour l'installation de caméras, et précise que les moyens budgétaires nécessaires ont été dégagés.*

am Virfeld net ëmmer war – mat staatlechen Institutiounen, déi CFL heeschen an esou virun. Wou mer elo mol erëm eng Dier op hunn, wou mer kënne mat deene schwätzen, wou mer kënnen en Dialog mat hinne féieren.

A wou mer ganz konstruktiv, wéi et bemängelt ginn ass, wat eis och keng Freed mécht, déi „Busarrêten“, déi mer haut hunn, wëllen zu adequaten Arrête maache fir eisen ëffentlechen Transport, deen dann Eisebunn heescht. An deen de Besoine vun haut an deene vum Utilisateur ugepasst ass. A mir waren der Meenung, a mir sinn nach haut der Meenung, dass wa mer den Arrêt verbesseren a renovéieren am Déifferdenger Zentrum, dass mer do och kënnen dann de PN15 vläicht mat an Ugrëff huelen, fir deen ze eliminéieren.

Mir sinn do amgaangen, Terrainen an Haiser opzekafen. A mer sinn esou no wéi nach ni, gleeft mer dat. Ech kann awer, leider, déi Demarchen, déi mer do maachen, nach net am Detail erklären, soss géif dat eis Knëppelen an d'Steng leeë fir eis weider Verhandlungen, déi mer do féieren.

Staatlech Subside sinn ugeschwat ginn, Isolatiounsprojete bei private Leit. Dee besteeënde Probleem ass follgenden: Leit, déi hir Privathaiser isoléiere wëllen, setze sech enger immenser finanzieller Belaaschtung aus. Wann ee vun enger Isolatioun vun engem Daach schwätzt, da schwätzt een net nëmme méi vu 5.000, 6.000 Euro, mee do schwätzt ee vun 30.000, 40.000 Euro. An da kënnt nach eng Fassad, déi déi selwecht Envergure unhëlt. Dann entsteet do eng Depense vu 60.000, 70.000 Euro. Déi Leit kënne sech dat net ëmmer leeschten.

De Staat ass amgaangen, dorunner ze schaffen. A mir wäerten eis als Gemeng och deenen Aiden upassen, déi de Staat deene Leit zur Verfügung stellt, wann dee Projet richteg feststeet an dat Gesetz deposéiert ass a genau konkreet visibel ass fir de Steierzueler, fir eis als Gemeng.

Eppes, wat eis nach um Häerz läit fir 2026: Mir wëllen d'Schaffen an d'Wunnen hei an der Gemeng méi no beienee bréngen. An dofir denke mer drun, fir nach weider an de Logement abordable a spezifesch un de Logement dédié ze investéieren. Fir de Leit, déi hei bei eis um Terrain schaffen och d'Méiglechkeet ze ginn, zu engem abordabele Loyer hei ze wunnen. Dat läit eis wierklech um Häerz. An dat ass och e weidere Schratt zur Mixitéit vun eise Logementer.

D'Sécherheet ass ugeschwat ginn. Wat d'Sécherheet ubelaangt, do musse mer flexibel bleiwen. Do ass gesot gi mat de Kameraen an esou virun, do musse mer flexibel bleiwen a mer mussen eis der Situatioun, déi mer am Alldag begéinen, wat d'Sécherheetsgefill vun de Leit ubelaangt, kënnen upassen. Dofir sinn déi budgetär Méiglechkeeten eis dann am Budget fräi geschalt ginn.

Weider wëll ech nach kuerz op de finanzielle Volet agoen. Do ass vum Emprunt geschwat ginn. Ech kann Iech just bescheinegen, dass, wéi d'Decisioun geholl ginn ass vum Schäfferot, fir en Emprunt zréckzebezuelen, dass eise Receveur, mat deene Responsabele vun de Banken a mat eisem Ekonomist, sech zesummegesat huet.

Et ass nämlech net esou, dass een all Emprunt kann zréckginn. Wann een en Emprunt huet mat Taux fixe, dee kann een, zum Beispill, net zréckginn. Huet een en Emprunt mat Taux flexible, dee kann een zréckbezuelen. An dat ass an Zesummenaarbecht mat den Experte vun der Bank a mat eisen Experte vu kommunaler Säit decidéiert ginn, fir deen doten, well dat dee fir eis, kommunal gesinn, lukratiivste Prêt ass, dee mer kënnen zréckbezuelen.

Des Weideren ass geschwat gi vun 30 Millioune Reserv, déi mer maachen. Ob mer déi géifen an e Spuerschwäi geheien oder wou mer déi géife placéieren an esou virun. Dat ass net esou virgesinn, dass mer déi placéieren. Mee et ass virgesinn, dass déi Projeten, déi viraussichtlech schonn an enger Phas sinn, wou se no beim Demarréiere sinn an eis verschidde Fraise maachen, dass déi da kënnen attackéiert ginn an ugefaange ginn, ouni dass mer do e weidere Prêt musse maachen. Dofir stinn déi Suen dran, sinn déi disponibel.

Weider ass geschwat gi vu Bauterrainen, déi net géife bebaut ginn, fir do eng Tax drop ze maachen. Eng kommunal Tax op Bauterraine respektiv Wunnengen, déi géife fräi stoen. Mir passen eis

do dem Gesetz un. Do ass e Gesetzestext, deen ass deponéiert. An noer Zukunft wäert deen och da public ginn a wäert deen dann och ugewannt ginn. Do wäerte mir eis als Gemeng deenen Texter upassen an deenen Artikelen, déi do dra stinn, respektiv déi am Arrêté grand-ducal stinn, fir d'Ausféierungsmoossname vun deem Gesetz ëmzesetzen. Do wäerte mir eis dorun upassen.

De 1535° ass ugeschwat ginn. De 1535° huet en immenst Potenzial. Ech wëll Iech erklären, dass mer fir de 1535°, dat Potenzial och scho säit laangem erkannt hunn. Dass mer eng nei Direktioun kritt hunn am Fréijoer, mat engem hypermotivéierte Chargé de direction, kann ech Iech nëmme confirméieren.

Ech war elo des Ëftere bei em, a mir sinn eis do eens an och am Schäfferot eens, dass et eis bewosst ass, dass mer de 1535° mussen an de Stadkär an de Stadzentrum verleeën. Dass mer de 1535° musse vergréisseren, fir dee Kreativhub nach méi no bei d'Leit ze bréngen. Dass et eis bewosst ass, dass eng Porte ouverte, wou mer e puer Dausend Leit eemol d'Joer begréisse kënnen um Site, ganz flott ass, mee et feelt eis einfach am Alldag de Kontakt zu deenen 30.000 an deem Kreativhub.

An dat wëlle mer realiséieren, andeem mer den Hub an den Zentrum vun Déifferdeng era vergréisseren an dann de Leit d'Méiglechkeet ginn, am Alldag, déi Kreativitéit vun deenen Artisten a vun deene kreative Leit, déi do schaffen, ze begéinen, ze bewonneren a sech dann do mat ze integréieren. Wat eng immens Plus-value fir eise Stadzentrum ass an och fir eis Awunner alleguer.

Dat ass et emol vu menger Säit, an enger éischter Phas. Ech géif dann d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn, dee seng Ressorte géif méi am Detail erklären. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt wëll ech emol bemierken, dass d'Diskussioun ganz sachlech hei elo war, dat begréissen ech.

Ech ginn dem Här Meisch Recht, wann e seet, si hätten net genuch Zäit gehat, fir den Dossier ze kucken. Well wann ech heiansdo Froen héiere respektiv Kriticken héieren, da soen ech mer, do war effektiv vläicht net genuch Zäit, fir den Dossier an aller Rou ze kucken.

Ech mengen, bei all deene Froen, musse mer awer och all déi intellektuell Éierlechkeet hunn, fir ze erkennen, dass déi Probleemer, déi ëmmer hei beschriwwe ginn, vu Parkhaus net do, Parking net do, hei net do, do net do – mee dat ass awer näischt, wat elo an zwee Joer entstanen ass. Mee dat ass iwwer Joerzéngte vu Verschiddenen, wou ech och deelweis dobäi war, vernoléissegt ginn. A mir versichen, déi Saachen opzeschaffen a wéi de Buergermeeschter seet, mir sinn, leider, tributär vu Geneemegunge vu Säite vun de Ministèren an esou weider. An dat geet ganz, ganz lues.

Ech héiere vun alle Säiten hei, et wäre keng Iddien do. D'Kritik ass jo, et ass keng Iddi do, et ass näischt do, et ass alles flaach, et ass ëmmer wéi ëmmer. An ech hunn elo hei näischt héieren, wou elo eng nei Iddi sollt komm sinn.

Elo zu de Froen. Wou fänke mer un? Ech fueren einfach der Rei no. Fänke mam Här Meisch un, dee sech opreegt, dass den ënnerierdesche Parking, net géif ugefaange ginn. Mee, Här Meisch, Dir misst jo matkritt hunn, dass mer amgaange sinn, d'Stadhaus ofzerappen, dass mer do eng Installation de chantier hunn, an dass mer eeben dofir blockéiert sinn, dass mer dat dofir net kënne maachen. Et ass eis bewosst, dass mer dat duerno brauchen.

Ech wëll awer direkt och soen, dass dee Chantier deelweis relativ gutt virugeet, mee deelweis hu mer mam ale Gebai Probleemer, well déi Struktur net esou ass, wéi am Ufank geduecht war. A mir schaffen elo do u Léisungen. Wéi gesot, dofir kann dee Parking elo net, à ce stade, direkt ugepaakt ginn.

Den Här Meisch seet, mir wären an den Infrastrukturen hannendran. Ech kann nëmme feststellen, datt ech an de leschten zéng Joer, ech weess net wéi vill Sportshalen, ech hat Iech dat gesot hei, opgeriicht hunn. Dass sämtlech Schoulen, déi scho Joerzéngten al sinn, alleguer renovéiert sinn. Déi sinn alleguer-

*Sur le volet financier, il explique que le remboursement anticipé d'un emprunt a été décidé en concertation avec le receveur, les banques et l'économiste communal : seuls les emprunts à taux variable peuvent être remboursés par anticipation, et c'est le prêt le plus avantageux qui a été choisi. Quant à la réserve de trente-millions, elle n'est pas destinée à être placée, mais à financer des projets sur le point de démarrer sans recourir à un nouvel emprunt.*
*Concernant la taxation des terrains constructibles non bâtis et des logements vacants, la commune s'alignera sur le texte de loi en préparation.*
*Le bourgmestre évoque ensuite le 1535°, dont il reconnait l'immense potentiel. Une nouvelle direction, portée par un chargé de direction très motivé, est en place depuis le printemps. L'objectif est de déplacer et d'agrandir ce hub créatif vers le centre-ville afin de le rapprocher des 30 000 habitants au quotidien, ce qui constituerait une plus-value considérable pour le centre-ville et pour l'ensemble des résidents.*

**TOM ULVELING (CSV)** *salue d'abord le caractère objectif de la discussion. Il donne raison à monsieur Meisch quant au manque de temps pour étudier le dossier, estimant que certaines critiques en témoignent. Il rappelle toutefois, avec toute l'honnêteté intellectuelle possible, que les problèmes évoqués (absence de stationnement, infrastructures insuffisantes) ne datent pas de deux ans, mais de plusieurs décennies de négligence auxquelles il a lui-même parfois participé. La Commune tente de rattraper ce retard, mais demeure tributaire des autorisations ministérielles, ce qui ralentit considérablement les choses.*
*Il note par ailleurs que les critiques dénoncent un manque d'idées sans en proposer de nouvelles.*

*Concernant le parking souterrain, il explique que la démolition de l'hôtel de ville en cours empêche le lancement de ce chantier. Des problèmes structurels imprévus dans l'ancien bâtiment compliquent les travaux.*
*Il réfute le reproche d'un retard en matière d'infrastructures, rappelant que de nombreuses salles sportives ont été construites et que toutes les écoles, vieilles de plusieurs décennies, ont été rénovées et mises aux normes.*
*Concernant la place Jehan-Steichen, critiquée par monsieur Meisch, il reconnait que la situation actuelle n'est pas satisfaisante et que la Commune cherche des solutions. À l'époque de la construction du parking, on avait indiqué qu'il était possible d'y ajouter un étage. Or, il apprend aujourd'hui que l'ancien bourgmestre a supprimé à la dernière minute les renforcements en béton, ce qui rend cette option impossible. La Commune étudie donc la possibilité de créer des places souterraines, ce qui pose des difficultés en raison de la présence de nombreuses sources et représente un cout élevé.*
*S'agissant du Thillebierg, également évoqué par monsieur Meisch, le projet sera présenté aux conseillers au cours des deux à trois prochains mois. Tom Ulveling le qualifie de « beau projet ».*
*Sur la question du stationnement, soulevée par plusieurs orateurs, dont madame Da Silva, il se dit étonné que l'on prétende que rien ne se passe. La Commune planifie le City Parking, un nouveau parking près d'ArcelorMittal, un autre dans la zone industrielle, et ouvre en février deux parkings provisoires, l'un chez Collé et l'autre au CID. Ces places à court terme doivent compenser celles perdues pendant la construction du City Parking, en attendant que la nouvelle école internationale soit bâtie sur ce site et que le projet avec ArcelorMittal, qui prévoit environ 450 places, progresse rapidement.*
*À propos du Science Center, Tom Ulveling constate un certain ralentissement. Il a échangé la veille avec le ministre Meisch, qui a confirmé que la réflexion se poursuit. Une nouvelle direction s'est installée et*

ten um neiste Stand. Mir hunn haut de Mëtten nach e leschten Deel vun der Meederchersschoul, an ech mengen, da kënne mer eis awer bretzen, wa mer de Kanner do wierklech adequat Raim zur Verfügung stelle kënnen.

Den Här Meisch huet och kritiséiert d'Place Jéhan Steichen. Dat ass e komplizéierten Dossier. Et ass eis bewosst, dass dat, wéi et elo ass, net esou ganz gutt ausgesäit. A mir sichen no Léisungen. An der Zäit ass eis gesot ginn, wéi dat Parkhaus gebaut ginn ass, dass een do kéint ee Stack drop bauen. Haut ass mer, elo no Nofro, gesot ginn, den deemolege Buergermeeschter hätt déi Verstäerkunge vun deem Bëton, also vun der Déngen, op eemol zum Schluss gestrach, soudass dat elo net méi méiglech ass.

Soudass mer also elo musse kucken, wa mer do nach wëllen iergendwéi nei Plaze schafe fir d'Autoen, dass mer ënnerierdesch ginn. An dat ass awer och keen einfache Probleem. Well mer wëssen, dass do vill Quelle sinn an esou weider. An dat gëtt dann en deiere Parking. Mee dat si mer amgaangen, an der Etüd ze hunn.

Thillebierg, huet den Här Meisch och gesot. An deenen nächsten zwee, dräi Méint, géif ech soen, wäert dee Projet Iech presentéiert ginn, an da kënne mer driwwer befannen. Et ass e flotte Projet.

Parkraum ass vu verschiddene Riedner ugeschwat ginn, notamment och vun der Madamm Elisabeth Da Silva, fir ze soen, do géif näischt geschéien. Ech sinn erstaunt doriwwer. Well: Mer plangen e City Parking, mir plangen en neie Parking bei der ArcelorMittal, mir plangen en neie Parking an der Zone industrielle, a mer hunn zwee nei Parkingen, déi mer am Februar opmaachen, deen ee beim Collé an deen aneren am CID.

Dat heescht, do hu mer versicht, kuerzfristeg Parkplazen ze schafen, wëssend dass, wann de Bau ugeet vum City Parking, mer déi Plaze musse kompenséieren, en attendant, dass op deem Site do jo dann déi nei international Schoul gebaut ass. An der Hoffnung, dass mer relativ schnell virukomme mat deem Projet, dee mer mat ArcelorMittal zesummen hunn, wou mer och eng 450 Parkplazen ongeféier wäerte schafen, relativ kuerzfristeg, wéi gesot, well mer versichen, déi Parkplazen, déi mer verléiere beim Bau vum City Parking, do ze kompenséieren. Also mengen ech schonn, dass mer eis Aufgab do richteg gemaach hunn.

Da war nach geschwat gi vum Science Center. Do ass effektiv e bësse Stëllstand. Ech hat gëschter nach d'Geleeënheet, mam Minister Meisch ze schwätzen, dee mer och gesot huet, dass se géife weider kucken, wat een do maache kéint.

À ce stade ass jo eng nei Direktioun, een neie Virstand do, deen huet sech missen aschaffen. An dee muss dann elo kucken, dass en d'Saach um Rulle behält. An do waren och Iddien, eventuell, dass ee kéint, dat huet den Här Meisch mer confirméiert, dass se géife kucken, eventuell e Gebai niewent der grousser Gashalmaschinn do opzeriichten, ob dat net eng Léisung wär, wéi dat anert. An dat anert kéint een dann zwar renovéieren, mee fir aner Zwecker ze benotzen. Et ass scho Mouvement an deem Dossier dran. Mee et geet lues virun.

Dann hat d'Madamm Pregno fonnt, ech wär manner begeeschtert mat NetZeroCities. Ech kann Iech awer do soen, dass souwuel meng Wéinegkeet wéi och d'Madamm Zenia Charlé, ganz intensiv un deem Dossier schaffen. A mir schaffe mat vill Freed drun, muss ech Iech soen, well mer eng ganz gutt Ekipp do hunn, déi ganz dediéiert ass an déi wierklech fir d'Saach schaffen an deenen och keng Stonn ze laang ass fir weiderzekommen.

An deem selwechte Kontext war d'Fro vum Här Diderich, dee gesot huet: Wou ginn déi Suen, Frais de représentation, wou geet dat hin? Engersäits sinn dat Konferenzen. Mir mussen am Kader vun NetZeroCities natierlech kommunizéieren, mat all deenen, oder engem Deel vun deene Cities, fir déi Partnerschaften, déi mer agaange sinn, fir e puer Saachen ze developpéieren.

Dat ass also de Climaborough, wou mer véiermol am Joer mussen higoen, dann hu mer de STEER-Projet, wou mer mussen higoen. Mir mussen op d'Mission Cities Conference. Dann ass eng NetZeroCities School, wou mer

musse Leit dohinner schécken an esou weider.

Mir hunn awer och Sue virgesinn, fir Stakeholder-Meetingen ze maachen, wat mer schonn eng Kéier haten hei virun engem Joer, wou mer déi kleng Entreprisë geruff haten. An elo, hat ech Iech jo gesot, versichen mer, elo am Ufank vum Joer déi méi grouss, déi grouss Industrien zesummenzekréien, fir mat deenen iwwer eis Problematik NetZeroCities ze schwätzen. An ze kucken, wéi si sech kënnen dru participéieren.

Dat alles kascht natierlech Suen. Dat heescht da muss ee sech natierlech och dann déi Sue ginn, wann een an engem Reseau ass. Deels gëtt et iwwer Videokonferenz gemaach, mee ech mengen, et ass awer och heiansdo wichteg, dass ee sech op der Plaz kann echangéieren, well do jo vill Acteure sinn. An dat ass awer wichteg.

Dann hat den Här Tempels gefrot nom Hall CID. Do ass et esou, dass, à ce stade, net geplangt ass, déi Hal elo ze bauen. Et ass beim Bau awer drop gekuckt ginn, dass déi Fondatiounen an alles esou do gebaut sinn, gi fir spéiderhin ouni vill Ophiewens do eng Hal drop kënnen ze setzen. De Moment sinn d'Saachen, wéi d'Schëlter an esou, déi stinn deelweis mat esou Zelter iwwerdaacht. An deem Sënn geet et elo. Dofir hu mer et elo net onbedéngt néideg fonnt, fir dat elo direkt nach nozebauen.

Den Här Tempels hat och vun där Mini-Biogasanlag do geschwat. Dat ass eng Saach, déi mer sollte kucke goen. Dat ass an der Géigend am Elsass. An dat sollte mer scho kucke goen, mee leider, den Dag, wou mer ausgemaach haten, et kucken ze goen, hu se eis gesot, hir Anlag wär nach net esou richteg a Betrib. An do hu mer gesot, da waarde mer léiwer.

Mee dat ass och eng Anlag, wann déi géif kommen, déi géif net vun der Gemeng Déifferdeng bedriwwe ginn, mee déi géif vun engem privaten Investisseur dohinner gemaach ginn. A mir missten eebe just kucken, dass mer all déi Offäll, wéi ech Iech erkläert hat, vun de Schoulen, vun de Kantinnen – dofir och déi Stakeholder-Meetingen, fir ze kucken ob déi Leit do matmaachen –, vum Spidol, dass een dat alles kéint do sammelen an dat dann do eebe verbrennen.

Kultur, do hu mer anscheinend kee Konzept, hunn ech héiere vun der Madamm Schütz. Dir wësst awer, dass mer amgaange si fir en neie Kulturentwécklungsplang, also deen alen eng Kéier ze iwwerhuelen. Do si scho Reunioune virgesinn.

Parkplaz, hutt Der gesot. Dat hunn ech gesot vum Parking Hahneboesch, dee kënnt. Do si mer drun. Well mer deen nach net hunn, hu mer elo de Parking vum Här Collé do deelweis matfinanzéiert, oder wäerte mer matfinanzéieren. Mee dat gëtt awer eng Nulloperatioun, well mer dat esou laang verlounen, dräi, véier Joer, mengen ech, war virgesinn, bis mer déi Suen erëm eran hunn. Also dat ass eng Saach, déi eis an deem Sënn, ënner dem Stréch, näischt direkt kascht.

Musek am CID, hat ee gefrot. Den Här Olten hat der Madamm schonn d'Äntwert ginn. Déi Technomusek soll am CID, an zwar dobaussen, stattfannen. 200.000 Euro hu mer emol virgesinn, falls mer zur Konklusioun kommen, dass mer et kënnen do maachen.

Well mer hunn deelweis scho mat der ITM geschwat, déi eis gesot hunn, mir mussen deen een oder aneren Noutausgang nach dozou bäibauen, oder e Lach an den Drot maachen, fir dass een do kéint fortlafen, en cas de besoin.

A wa mer dat da kënne maachen, hu mer déi Sue virgesinn, fir eventuell Artisten, déi een dann elo scho misst engagéieren – déi froen ëmmer deelweis eng kleng Avance, dass een déi kéint bezuelen.

D'Madamm Schütz huet iwwer de Jumelage geschwat. Do wëll ech soen, dass mer do ganz konkreet Iddien hunn. An déi Iddie spigele sech och an deem neie Subsidereglement erëm, wat mer déi nächst Sitzung wäerten um Ordre du jour hunn. Wou d'Veräiner, sief et d'Sports- oder d'Kulturveräiner, ganz staark subventionéiert ginn, wa se am Kader vum Jumelage iergendwellech Aktivitéiten an de mat eis juméléierte Stied wëllen organiséieren.

*doit se familiariser avec le dossier. L'idée d'ériger un bâtiment à côté de la grande machine à gaz est envisagée, tandis que l'édifice existant pourrait être rénové à d'autres fins.*
*En réponse à madame Pregno, qui le trouvait peu enthousiaste au sujet de NetZeroCities, Tom Ulveling affirme que lui-même et madame Zenia Charlé travaillent intensément sur ce dossier avec une équipe dévouée. À monsieur Diderich, qui interrogeait sur l'utilisation des frais de représentation, il explique que ces fonds servent aux conférences obligatoires du réseau : le Climaborough, le projet STEER, la Cities Mission Conference, la NetZeroCities School, ainsi qu'aux rencontres avec les parties prenantes, notamment les petites entreprises déjà consultées et les grandes industries que la Commune souhaite associer prochainement.*
*Concernant la halle du CID, en réponse à monsieur Tempels, Tom Ulveling précise qu'elle n'est pas prévue dans l'immédiat, mais que les fondations ont été conçues pour permettre sa construction ultérieure sans difficulté.*
*Pour la miniinstallation de biogaz évoquée par le même conseiller, une visite en Alsace était prévue, mais l'installation n'était pas encore opérationnelle. Ce projet serait exploité par un investisseur privé, la Commune se chargeant de collecter les déchets des écoles, des cantines et de l'hôpital.*
*À madame Schütz, qui déplore l'absence de concept culturel, il rappelle qu'un nouveau plan de développement culturel est en cours d'élaboration.*
*Sur le parking Haneboesch, la Commune cofinance provisoirement le parking Collé, une opération qui sera financièrement neutre sur trois à quatre ans.*

*Quant à la musique techno au CID, évoquée par monsieur Olten, elle se tiendrait en extérieur ; 200 000 € sont provisionnés, sous réserve de l'accord de l'ITM concernant les issues de secours.*
*Enfin, sur les jumelages, Tom Ulveling annonce un nouveau règlement de subsides encourageant fortement les associations sportives et culturelles à organiser des activités dans les villes jumelées, complété par des voyages citoyens destinés à tisser des liens durables entre les habitants.*
*Tom Ulveling explique que le centre de gymnastique Josy-Stoffel, évoqué par monsieur Aguiar, fait l'objet d'un projet de rénovation dont le concept existe déjà. La Commune mène actuellement une étude au Woiwer en vue d'y construire une nouvelle grande halle sportive, en attendant d'y bâtir également une école. Lorsque cette halle sera achevée, dans environ six à sept ans, le centre Josy-Stoffel pourra partiellement déménager dans l'ancienne halle du Woiwer, elle-même en mauvais état. La nouvelle halle Josy-Stoffel sera alors construite et l'ancienne halle du campus pourra être démolie, puisqu'elle nécessite également une rénovation. Cette stratégie permet d'éviter la location d'une halle provisoire, qui aurait couté huit-millions d'euros. Il y aura certes un peu de désordre, mais l'économie en vaut la peine.*
*Concernant le bois tropical utilisé au Fond-de-Gras, Tom Ulveling précise que la Commune n'a aucune influence sur ce choix, qui relève de l'INPA. La situation est regrettable, puisque la Commune s'oppose à cette pratique, mais l'information est arrivée trop tard.*
*Il rappelle que la Commune peut suggérer aux particuliers de suivre sa charte de construction, sans toutefois pouvoir les y contraindre par le Règlement des bâtisses. Si un promoteur privé refuse de s'y conformer pour des raisons qui lui sont propres, la Commune doit l'accepter faute de base légale.*

Soudass do och, mengen ech, e bësse méi Driff dann drakënnt. Well de Jumelage ass, wéi gesot, a mengen Aen net nëmmen do, fir eemol dohinner ze fueren an eng Kéier e gudde Patt zesummen ze huelen, mee do soll och méi geschéien. An dofir maache mer jo och déi Biergerreesen – déi mer wëllen och d'nächst Joer erëm maachen –, fir ze kucken, dass d'Leit vun deene verschiddene Stied Kontakter knäppen, dass dat da weider wiisst.

De Centre de gymnastique Josy Stoffel war vum Här Aguiar ugeschwat ginn. Dee gëtt renovéiert. Do ass schonn e Konzept do. Ech mengen, ech hat Iech versicht ze erklären, dass mer jo elo eng Etüd maachen um Woiwer, fir do eng nei grouss Sportshal ze bauen, en attendant, dass mer och do eng Schoul bauen.

A wann déi fäerdeg ass – dat ass awer elo a sechs, siwe Joer –, da soll de Josy Stoffel deelweis kënne plënneren an déi al Hal vum Woiwer, déi och net méi gutt ass. An da gëtt déi nei Sportshal Josy Stoffel gebaut. A wann déi da gebaut ass, da gëtt déi al Hal vum Campus warscheinlech ofgerappt oder kann ofgerappt ginn, well mer déi och musse renovéieren.

Soudatt eis dat awer erméiglecht – well eis Leit eis am Ufank gesot haten, mir sollten op de Wee goen, fir eng provisoresch Sportshal ze lounen an déi dann opzeriichten. Dat hätt awer aacht Milliounen Euro kascht. Dann hu mer gesot, déi aacht Milliounen Euro kënne mer awer liicht spueren, wa mer esou hin an hier fueren. Et gëtt dann e bëssen Duercherneen, mee dann ass et eeben esou.

Dat mam Fond-de-Gras, mam Tropenholz: Ech mengen, do hu mir keen Afloss. Dat ass den INPA, deen dat esou gemaach huet. Ech kann do näischt anescht maachen. Wa si dat do maachen, dann ass et net glécklech an deem Sënn, well mir dat jo am Fong op eiser Lëscht hunn, dass een dat net soll maachen, mee leider war et ze spéit, bis mer dat matkritt hunn.

Dir hutt jo selwer gesot, mir kënnen de Leit suggeréieren, eis Bau-Fibel do ze huelen, mee mir kënne se net duerch d'Bautereglement obligéieren, dat esou ze maachen. Wa se mat eis op de Wee ginn, dann ass et gutt. Mir versichen, se ze motivéieren, mee et kann awer och sinn – dat war och do vläicht mat där Steewoll déi Problematik d'leschte Kéier, wou gesot ginn ass, et ass e private Promoteur. Mir kënnen deem dat noleeën, mee wann dee seet, aus deem an deem an deem Grond wëll ech dat net maachen oder kann ech dat net maachen, da musse mer dat leider akzeptéieren, well mer keng direkt Handhab hunn.

D'Madamm Schütz hat nach no de Felder gefrot vum Parking. Dee Parking op deene Felder, deen ass fir ze vermeiden, dass d'Leit weiderhin erof fueren an de Fond-de-Gras an do dann alles blockéieren.

Mëttlerweil hu mer d'Autorisatioun kritt vum Ministère, fir déi Felder am Summer iwwer de Weekend kënnen ze bedreiwen. Mir hu jo eng Navette agesat. Déi wäert weiderhi fueren, a mir hunn och weider Kreditter kritt vum Ministère – dofir soen ech och scho Merci.

Mir wëlle keng Autoe méi direkt um Site vum Fond-de-Gras hunn, ausser Leit, déi handicapéiert sinn oder eeler Leit, déi kënnen nach erof fueren. Mee all déi aner sollen entweeder ze Fouss duerch de Bësch goen – dat si genau aacht Minutten – oder si waarden op d'Navette, déi erop- an eroffiert. An da wäert dat sech och iergendwann eng Kéier areien.

Dir hat gefrot mam Ofrappe vum ale Spidol. Jo, do rappe mer of. Mir wëlle schnell elo virukommen an deem Dossier, dofir rappe mer of, fir dass mer direkt, nodeem mer dee Concours d'architectes gemaach hunn, kënnen do demarréieren. An dann ass déi Viraarbecht geleescht.

D'Garagen an der Rue Victor Hugo. Dat war am Fong eng Iddi vun eise Leit vum zweete Stack, fir ze soen: Déi vergammelen do, solle mer do net eng Aart Box in the box maachen, fir do eben effektiv schonn unzefänke mat dem 1535°, fir d'Leit ze delokaliséieren. An déi géifen dann anengems d'Stad beliewen.

Ech sinn awer frou, muss ech soen, dass esou vill iwwer Tourismus geschwat ginn ass hei. Dat war soss am Fong ni

d'Thematik hei. An ech mengen, dass mer eis all bewosst sinn, wéi wichteg et ass, dass net nëmme mir eis hei wuelfillen, mee och aner Leit sech hei wuelfillen. An deenen anere Leit weisen, dass ee sech hei ka wuelfillen.

Dofir hu mir jo och déi Persoun deelweis hallef agestallt, zumindest, fir dass déi dat kann elo epauléieren. An ech menge schonn, dass mer do e flotte Programm wäerte kënnen opstellen.

Meng Iddi war jo ëmmer esou „Un jour à Differdange" oder „Un weekend à Differdange", mat engem gewëssene Programm, wou s de dann eraussichs: Ech gi gär an de Science Musée oder ech gi gär an den Aquasud an esou weider. Mee do krute mer da gesot, dat dierfte mir als Gemeng net ubidden. Dat misst e Reesbüro ubidden.

Mee mir kënnen de Leit awer eng Suggestioun maachen a soen, voilà, wann Der elo heihinner kommt, hutt Der déi Méiglechkeet an déi Méiglechkeet an déi Méiglechkeet.

An da mengen ech schonn, dass dat – fréier war et esou, zu menger Zäit gouf et „Un jour à la mer". Do bass de mam Zuch op Ostende gefuer an da war s de een Dag do an da bass de erëm zréckkomm. Esou wollt ech dat hei och maachen.

Probleem Jugendherberg, dat ass richteg, dat steet am Koalitiounsprogramm. Mir haten och schonn éischt Iwwerleeunge gemaach, dat ass awer net esou einfach. Éischtens muss de Ministère do matgoen a gewëllt sinn, do Subsiden ze ginn.

Zweetens hate mer geduecht, um Thillebierg, an deem ale Gebai, wou fréier Lux-Hygiène war, de Mangers, fir do eventuell eppes ze maachen. Mee dat schéngt awer net esou evident ze sinn. Dat heescht, d'Iddi hu mer am Hannerkapp, mee eng richteg Léisung hu mer, à ce stade, nach net.

Wat de Stand de tir ugeet, do ass et elo esou, dass mer virun dräi Deeg oder zwee Deeg vum Ministère e Schreiwes kritt hunn, wou dra geschriwwe steet, eisen Dossier wär net komplett, mer missten en erëm ganz nei maachen. Well si sinn dovunner ausgaangen, dass do ëmmer eng Aktivitéit gewiescht wär, mee si hätten elo erausfonnt, do wär zënter 13 Joer keng Aktivitéit gewiescht.

A wann eng Aktivitéit do gewiescht wär, da wär dat just mat enger Loftbéchs, an elo géife mer jo mat richtege Kugele schéissen an elo wär dat awer eng ganz aner Saach. Folglech si mer erëm op der Case de départ.

Obwuel mer um Ministère waren, wou et iwwer Eidechsen oder esou goung, do misste mer nach kucken, ob déi net gestéiert géifen, an do war alles an der Rei. Mee gëschter koum dann de Bréif zu eisem grousse Erstaunen, wou dann erëm alles a Fro gestallt gëtt.

Wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet, et ass wierklech net einfach, heiansdo, mat verschiddene Ministèrë virunzekommen.

An ech wäert dann ofschléisse mat Aquasud, wou mer natierlech versichen – an dat ass eis jo bewosst, dass dat eng Attraktioun ass, an dass mir dat onbedéngt wëllen hunn. Mee och do après-coup, mengen ech, hu mer e klenge Feeler gemaach, andeems mer gesot hunn, mir maachen eng Cessation d'activité, amplaz dass mer gesot hätten, mir maachen einfach eng Rénovation, eng Modification substantielle. Dann hätte mer nämlech ënner aneren Dénge geleeë wéi elo. Well elo geet erëm dee ganze Buttek vu vir un.

Elo hu si Chloriden iergendwou fonnt an enger Bëtonsdall, an elo piétinéiere mer sur place. Mee gleeft eis, den Här Krecké, den Här Wagner an ech selwer, mir schaffe wierklech drun, dass deen Dossier soll virugoen. D'Pläng si plus ou moins fäerdeg. A mir ginn ausgebremst. Eist Zil ass nach ëmmer, dat sou schnell wéi méiglech opzemaachen.

Ech mengen, ech hunn elo op all Fro geäntwert, déi ech mer mol hei opgeschriwwen hunn a gemengt hunn, et wär aus mengem Beräich. Mee wann nach eppes sollt sinn, ech ginn Iech déi gär dann duerno beim Patt. Merci.

*Au sujet du parking sur les champs près du Fond-de-Gras, Tom Ulveling indique que l'autorisation ministérielle permet désormais d'exploiter ces terrains le weekend en été, afin d'éviter que les visiteurs ne descendent en voiture sur le site. Une navette est en service et continuera de fonctionner. Seules les personnes handicapées ou âgées peuvent encore accéder au site en véhicule ; les autres empruntent le sentier forestier, soit huit minutes de marche, ou attendent la navette.*
*Quant à la démolition de l'ancien hôpital, elle est prévue afin d'entamer rapidement, avec le concours d'architectes, les travaux.*
*Les garages de la rue Victor-Hugo pourraient accueillir un concept de « box in the box » pour commencer à délocaliser les activités du 1535° et animer la ville.*
*Tom Ulveling est content que le tourisme soit une discussion au conseil, ce qui n'était pas le cas auparavant. La Commune a engagé une personne à mi-temps pour développer ce volet et envisage de proposer un programme du type « Un jour à Differdange » ou « un weekend à Differdange », avec des suggestions d'activités. La Commune ne peut toutefois pas vendre de forfaits touristiques, cette compétence relevant des agences de voyages.*
*Sur le projet d'auberge de jeunesse, inscrit au programme de coalition, les premières réflexions ont porté sur l'ancien bâtiment de Lux-Hygiène au Thillebierg, mais la faisabilité reste incertaine et le soutien ministériel n'est pas acquis.*
*Concernant le stand de tir, le ministère vient d'informer la Commune que le dossier est incomplet et doit être entièrement refait, le site n'ayant connu aucune activité depuis 13 ans et le passage du tir à air comprimé au tir à balles réelles changeant la donne. La Commune se retrouve donc au point de départ.*
*Enfin, pour Aquasud, Tom Ulveling reconnait qu'une erreur stratégique a été commise en déclarant une cessation d'activité plutôt qu'une rénovation, ce qui alourdit les procédures. La découverte de chlorures dans un élément en béton retarde encore le dossier, mais l'équipe tra-*

*vaille activement à sa réouverture dans les meilleurs délais.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *salue l'assemblée et les auditeurs. Il admet le rôle légitime de l'opposition, qui souligne que le quart du programme de coalition n'a pas encore été mis en œuvre dans ses domaines de compétence. Il souligne cependant que les trois quarts des engagements ont bel et bien été mis en œuvre. Il confirme que le nouveau campus scolaire de Differdange est en cours de planification et annonce qu'il reviendra en détail sur l'intervention de monsieur Cillien à ce sujet.*

*Concernant l'auberge de jeunesse, il indique que le collège échevinal s'est rendu à Schladming quelques semaines auparavant pour visiter une auberge de jeunesse susceptible de servir de modèle à un projet similaire à celui de Differdange. Il rappelle que le programme de coalition prévoit l'évaluation d'une telle possibilité et que la Commune cherche activement un emplacement adapté, tout en reconnaissant que tout n'est pas réalisable, comme c'est le cas dans le secteur hôtelier.*

*S'agissant du stade d'athlétisme, Thierry Wagner explique qu'il s'agit d'un centre régional d'athlétisme dont la planification relève désormais de la région du bassin de la Chiers, avec le SIKOR en tête. La Commune inscrit néanmoins sa contribution au budget afin de participer à ce projet.*

*Concernant les installations de football, il confirme qu'un retard existe, mais que des travaux sont en cours, notamment l'installation de panneaux DEL, déjà réalisée et également prévue à Niederkorn. L'objectif est de mettre les infrastructures sportives aux normes actuelles.*

*Concernant la qualité du terrain du stade, il estime qu'elle demeure correcte malgré les travaux en cours à Niederkorn et les conditions météorologiques. La Commune envisage l'acquisition d'un robot de tonte et poursuit l'installation de lampes infrarouges, déjà testées à certains endroits stratégiques du terrain, tout en précisant que le budget communal ne permet pas de*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech géif dann d'Wuert un den Här Wagner ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass bal zwielef Auer, et kann ee soen, schéine gudde Mëtteg och vu menger Säit un eis Nolauschterer och dobaussen, natierlech och hei am Sall. Ech versichen dann, op déi verschidde Punkten anzegoen, wou Der eis gesot hutt. Ech wäert och der Rei no goen, wéi d'Leit intervenéiert hunn.

Do géif ech da mam Här Meisch och ufänken. An ech weess, dass et och u sech d'Aufgab ass vun der Oppositioun – dat ass och gutt esou –, Saachen ze kritiséieren, an dann och ze bemängelen, dass awer bal ee Véierel vum Koalitiounsprogramm nach net esou richteg erfëllt ginn ass.

Elo wat meng Ressorten, zum Beispill, och ubelaangt, muss een awer soen, et sinn awer dräi Véierel Saachen ëmgesat ginn. Dat muss een awer och emol ënnersträichen. An dat hu mer och d'lescht Woch gesot.

An natierlech, d'Schoul Déifferdeng, neie Campus Déifferdeng, ass an der Maach. Dat ass jo och planifiéiert. Dat ass jo um Rullen. Ech ginn op dem Här Cillien senger Interventioun do an den Detail, wat ech do wëll soen domadder.

Jugendherberg, huet den Här Ulveling elo grad gesot: Effektiv, et ass nach net esou laang hier, dass mer virun e puer Wochen zu Schladming waren, wou mer eis eng Jugendherberg ugekuckt hunn, wat eng Méiglechkeet kéint sinn, fir och bei eis esou eppes ëmzesetzen.

Mir hu gesot, am Koalitiounsprogramm steet och „Évaluation d'une possibilité". Dat heescht, mir versichen elo händeréngend ze sichen, wou dat méiglech wär. An et ass wéi bei engem Hotel: Et ass net ëmmer alles machbar. Och net an der „schönen heilen Welt", wéi mer eis dat ëmmer virstellen. Mee mir ginn eis awer drun, fir verschidde Punkten awer kënnen op Déifferdeng ze bréngen.

De Stadion Liichtathleetik ass e Beispill. Et ass e regionale Liichtathleetikzenter, dee geplangt ass. An dat ass elo eng Aufgab vum Kordall ginn, wou de SIKOR natierlech federféierend ass. Mir hunn natierlech och eppes an de Budget matagesat, well mer mussen eise Bäitrag jo och leeschten an där ganzer Planung, fir een neie Liichtathleetikstadion an der Regioun Kordall.

Fussball-Installatiounen, huet den Här Meisch gesot, am Allgemenge wären eis Installatioune punkto Sport gutt. Dat ass och esou. Et sinn och aner Riedner, déi dat ënnerstrach hunn. Zu eise Fussballsinfrastrukturen hunn ech och d'lescht Woch gesot, dass mer nach Nachholbedarf hunn. Wou mer awer och schonn amgaange sinn. Déi Saache si jo och gesot ginn.

Respektiv LED-Banden, dat sot Der ganz richteg, Här Meisch, dass een déi hautzedaags brauch. An dat hu mer jo och ëmgesat. A mir wäerten dat och elo nach zu Nidderkuer maachen. Dat heescht, mir versichen eis Fussball-Installatiounen op den neiste Stand ze bréngen.

D'Qualitéit vum Terrain hutt Der ugeschwat. Um Stadion do uewen ass décke Betrib am Moment, aus enger Situatioun, déi eeben esou ass, well zu Nidderkuer geschafft gëtt. Ech denken awer, dass d'Qualitéit vum Terrain aktuell awer, an där Meteophas, an där mer am Moment sinn, awer mol guer net esou schlecht war, iwwer déi lescht Wochen.

Mir versichen awer trotzdeem, ëmmer nach nei ze investéieren. E Méiroboter hu mer eis elo mol ugekuckt, ass eng Alternativ, déi ganz interessant ass. A mir wäerten dat och versichen ëmzesetzen.

Infraroutluuchten hu mer jo och schonn um Stadion agesat. Dat war mol eng Testphas, fir ze kucken, wat dat bréngt op verschidde strateegesche Punkten um Terrain. Mir wäerte versichen, dat och nach auszebauen. Mir ginn och do verschidde Modeller kucken. Mir kënnen net 1:1 e Bundesligaveräin oder e Premier League Veräin ginn, dee Budget hu mer einfach net. Punktuell kënne mer awer eise Stadien domadder hëllefen a se entlaaschten.

LIHPS, hat Der och gesot, Sportsfabrick. Dat ass jo u sech hei uewendriwwer an ënnendrënner. Mam Waasser. Jo kloer, et ass ze evitéieren. Mee dat war jo och e Probleem beim Chantier. Dat war jo net de Probleem, dass d'Waasser vun ënne komm ass, mee éischter vum Plaffong, vum Daach, deen einfach net ofgeséchert war. An d'Wann selwer vum LIHPS, ass an de leschte Wochen och ëmmer kontrolléiert ginn, do war eigentlech näischt méi, och wou et elo méi gereent huet.

Thillebierg, den Här Olten huet dat ganz richteg gesot, dat gëtt e flotte Projet. D'nächst Joer wäerte mer Iech dat presentéieren. Do hu mer nach e puer Ëmbauaarbechten oder Planungsännerungen, soe mer esou, an de Projet matafléisse gelooss. Dat war och deelweis néideg. Dat wäert Der an noer Zukunft gewise kréien.

Centre national de Karaté, wollt ech just niewebäi soen, dat hu mer ënnerschriwwen. Wat och en Deel an eisem Koalitiounsprogramm ass, fir national Infrastrukturen aus dem Sport heihinner ze kréien. De Karate huet elo wärend enger gewësser Zäit d'Méiglechkeet, zu Nidderkuer an der Sportshal ze trainéieren. Wou se am Fong elo als Veräin waren. De Veräin ass awer elo hei zu Uewerkuer erëm. Dat heescht, d'Federatioun huet do eng Méiglechkeet kritt, wou mer mam Sportsministère eng Konventioun ausgeschafft hunn.

Aquasud, ech mengen, do huet den Här Ulveling alles richteg erkläert. Do ginn ech elo net méi weider drop an. Et ass e wichtegen Dossier awer, an do si mer um Ball.

Den Här Muller hat eppes gesot vun der Musique électronique am Budget. Dat huet den Här Ulveling jo och gesot, do si mer elo an der Phas, wou mer dat da versichen hinzekréien, eng Etüd ze maachen, ob mer do eppes beim CID kënne maachen oder net.

D'Fläch ass gutt, ass ideal. Et läit elo net direkt bei de Leit, bei den Haiser, an dat wär eng ideal Plaz, fir effektiv do mol nach Concerten ze organiséieren. Mee mir mussen dat awer fir d'éischt emol am Viraus e bësse plangen, wat do machbar ass oder net.

D'Madamm Pregno, sinn ech ganz houfreg drop, dass se „Brot und Spiele" erwäänt huet. Et ass schonn e Sträppchen hier, do ass den Här Buergermeeschter Meisch och mat „Brot und Spiele" am Feierkrop esou ernimmt ginn, hei zu Déifferdeng hätt en nëmmen dat am Kapp. Dat war zum Beispill den Intervilles.

An, jo, Déifferdeng ass domadder awer virukomm. Et war méi Animatioun, et war méi lëschteg a virun allem: D'Leit si gären heihinner komm op Déifferdeng. A wa Leit op Déifferdeng kommen, dann ass dat och eppes fir eis Geschäftswelt. An ech wäert mech awer do net ginn. Ech wäert och versichen, weider Manifestatiounen ze maachen an Eventer. A firwat net erëm eng Kéier en Intervilles, zum Beispill. Dat ass alles méiglech. A mir wäerten do weider investéieren och an Zukunft.

Den Här Diderich, dee konkreet Froe gestallt huet – wat ech wëll ënnersträichen, wat ech och begréissen, virun allem. Teambuilding, déi Geschicht, wou en do uginn huet, dat ass ganz kloer, dass eist Personal wiisst. D'Unzuel un Agenten, et kommen der ëmmer méi dobäi. An Teambuilding ass awer trotzdeem eppes, wat mir eigentlech ganz wichteg fannen, dass eis Leit och zesumme besser kommunizéieren a virun allem zesumme besser schaffen.

Teambuilding-Mesurë sinn haut um Aarbechtsmarché eng richteg Normalitéit ginn. Den Timeout, zum Beispill, hu mer geheicht. Dat sinn dann esou Aktivitéiten, wou eist Personal, ausserhalb vun der Aarbechtszäit, kann zesumme maachen.

Och punkto ZASS ass den Teambuilding ganz wichteg. Dat heescht an der Zesummenaarbecht Schoul a Maison relais, och do investéiere mer an den Teambuilding.

Matériel audiovisuel: 25.000 Euro. Dat ass effektiv esou, dass dat dat zweet Joer elo schonn ass, well mir all eis Maison-relaise mat Walkie-Talkien ausstatten. Dat heescht, dass d'Educateuren, d'Erzéier net méi den Handy sollen huelen. Wat jo och weist, dass mer dat net wëllen och bausse weisen, mee Walkie-Talkien ass haut de Moment wichteg, wann d'Elteren d'Kanner siche kommen, dass mer d'Kanner

*rivaliser avec les clubs de Bundesliga ou de Premier League.*

*À propos du LIHPS et de la Sportsfabrick, Thierry Wagner précise que les infiltrations d'eau provenaient du plafond lors du chantier et non du sous-sol, et que les contrôles récents ne révèlent plus de problème.*

*Pour le projet du Thillebierg, il annonce une présentation l'année suivante, après l'intégration de modifications dans la planification. Il mentionne également la signature d'une convention avec la fédération de karaté pour l'établissement d'un centre national à Differdange, en collaboration avec le ministère des Sports, ce qui s'inscrit dans la volonté d'attirer des infrastructures sportives nationales.*

*Sur Aquasud, il renvoie aux explications déjà fournies par monsieur Ulveling.*

*Quant à la possibilité d'une scène électronique au CID, il indique qu'une étude de faisabilité est en cours, le site étant idéal, car éloigné des habitations et propice à l'organisation de concerts.*

*Thierry Wagner se dit fier que madame Pregno ait évoqué le concept de « Brot und Spiele », rappelant que l'ancien bourgmestre Meisch avait été associé à cette formule à l'époque d'Intervilles. Il souligne que ces évènements attirent du public à Differdange, ce qui profite aussi au commerce local, et affirme sa volonté de poursuivre l'organisation de manifestations et d'évènements, y compris un éventuel retour d'Intervilles.*

*En réponse aux questions de monsieur Diderich, il aborde le « team building », qu'il juge essentiel face à la croissance du personnel communal. Il cite le programme Timeout, qui propose des activités collectives en dehors du temps de travail, ainsi que le « team building » dans le cadre de la collaboration entre les écoles et les maisons relais. Concernant le budget de 25 000 € pour le matériel audiovisuel, il explique que cette somme sert principalement à équiper toutes les maisons relais de talkiewalkies, afin que les éducateurs n'utilisent plus leur téléphone portable lorsque les parents viennent chercher les enfants. Le*

*reste couvre le remplacement des appareils électriques.*
*Thierry Wagner détaille le Plan communal jeunesse : un rétroplanning est en cours, avec la constitution d'un comité de pilotage en janvier, l'envoi d'un questionnaire à tous les jeunes, suivi d'un second questionnaire plus ciblé, de visites dans les lycées, de groupes de travail et de tables rondes thématiques. Il insiste sur l'importance d'élaborer une méthodologie solide, préférant transformer l'« arbre à problèmes » en « arbre à solutions ».*
*Thierry Wagner évoque la question de madame Da Silva concernant la kermesse. Il reconnait que la situation pose quelques difficultés et que la Commune cherche des solutions pour continuer à organiser une kermesse attrayante à Differdange. Il y aura certainement des concessions à faire, peut-être quelques mètres carrés en moins, mais il reste confiant quant à la possibilité de maintenir une belle kermesse.*
*Concernant la sonorisation dans la zone piétonne, évoquée à propos de la braderie, Thierry Wagner précise qu'il y a deux braderies à Differdange et que celle d'été posait problème. Il annonce que le bon de commande pour la sonorisation a été signé la veille, que la commande part encore cette année et qu'elle figure au budget de l'exercice en cours.*
*Il mentionne brièvement le jumelage, qui relève du ressort de monsieur Ulveling.*
*En réponse à monsieur Aguiar, Thierry Wagner revient sur la question du 1,5 équivalent temps plein dans le domaine du logement pour les jeunes. Il explique que deux personnes sont engagées et que, grâce aux logements supplémentaires prévus rue Duchscher, le nombre atteindra deux équivalents temps plein financés par l'État. Il annonce également qu'il présentera l'année prochaine le bilan complet de l'Animateam, soulignant les efforts déployés pour recruter davantage de jeunes et développer non seulement la formation A, mais aussi la formation B, afin de permettre aux jeunes d'accompagner des enfants dans des colonies de vacances.*

ëmmer kënne siche goen. An dofir sinn eis Maison-relaisen elo ab nächstem Joer alleguerte mat Walkie-Talkien ausgestatt.

De Rescht ass natierlech – et sinn elo net nëmme 25.000 Euro Walkie-Talkien, mee et sinn och elektresch Apparater, déi mol ersat musse ginn, déi an deem Budget do mat drastinn.

De Plan communal jeunesse, do si mer mat engem Retroplanning amgaangen. Dat heescht, am Januar wäerte mer do déi éischte Kéier zesummekommen, de Comité de pilotage, deen nach zesummegesat gëtt.

Do kënnt och ee Questionnaire, deen un all eis Jonker wäert erausgoen. Déi sinn amgaangen, deen dann ze elaboréieren. An duerno kënnt nach e Questionnaire. Deen ass awer da méi cibléiert op verschidde Jonker baséiert.

Mir maache Visitten an eis Lycéeën; et sinn Aarbechtsgruppen, déi de Moment dann och opgestallt ginn, zu verschidden Thematiken. Eng Table ronde steet natierlech dann och iergendwann um Programm d'nächst Joer.

A virun allem ass et wichteg, dass mer eng Methodologie eraus ficeléieren an der Jugendaarbecht. Ee gutt Beispill, wat ech do ka ginn: Et gëtt den Arbre à problèmes, mee mir versichen en Arbre à solutions draus ze maachen. Dat ass, mengen ech, an der Jugendaarbecht ganz wichteg.

Op menger zweeter Säit – et si just zwou Säiten, déi leschte Kéier hat ech der véier, ass schonn net esou schlecht – ass d'Madamm Da Silva. Kiermesproblem, richteg, dat hunn ech jo och gesot gehat, dat mécht eis e bësse Kappzerbrieches. Mir sinn um Sichen no Solutiounen, fir eis Kiermes, déi flott ass, awer weiderhin esou kënnen iwwer d'Bün ze brénge wéi bis elo.

Et wäerte sécherlech Aschnëtter ginn, dass vläicht Meterkareeë feelen. Mee mir sinn awer gudder Déng, dass mer awer eng flott Kiermes nach ëmmer zu Déifferdeng – et bezitt sech jo haaptsächlech op Déifferdeng –, kënnen hikréien.

D'Sonorisatioun an der Foussgängerzon op der leschter Braderie, hutt Der gesot. Nee lescht Braderie war se am Fong gutt, dat war Hierscht. Déi am Summer hutt Der gemengt. Et sinn zwou Braderien zu Déifferdeng. An d'Sonorisatioun hu mer de Bong net méi spéit wéi gëschter ënnerschriwwen. D'Commande geet dëst Joer nach eraus a si steet nach am Budget vun dësem Joer. Dat heescht, do si mer dann och gutt ënnerwee.

Jumelage hat den Här Ulveling gesot, et ass jo och säi Ressort.

Dem Här Aguiar wollt ech nach eng Äntwert gi vu leschte Kéier, zu den 1,5 ETPen. Hat ech net drop geäntwert. Et ass esou, dass mer eigentlech zwou Persounen am Jugendwunnen engagéiert hunn, mee duerch d'Rue Duchscher, do wäerte Logementer jo nach bäikommen, déi kommen da mat do dran, dass mer duerno awer bei zwee ETPe leien. Déi mer da vum Staat bezuelt kréien.

Ech wëll nach eppes soen zum Animateam. Do wäert ech Iech d'nächst Joer de Bilan vum ganze Joer maachen, wat do erauskomm ass. Dass mer nach méi Jonker zesumme kritt hunn, fir sech am Animateam ze engagéieren. Mir versichen awer och d'Formatiounen auszebauen, net d'Formatioun A just, mee och d'Formatioun B. Soudass déi Jonk kënnen da mat de Kanner, oder anere Jonken, zum Beispill, a Kolonië goen. Wat mat der Formation A jo net méiglech ass. Dat baue mer aus.

Jugendhaus ass ëmmer en Theema. Natierlech si mer frou, dass d'Jugendhaus ganz aktiv mat eis zesummeschafft, an dat maache mer och gären. Ee Pilier vun der Jugendaarbecht ass ganz kloer de Jugendtreff. An ech hunn d'leschte Kéier scho gesot, dass zwar Lasauvage zougaangen ass, mee op där anerer Säit Nidderkuer awer vill méi grouss opgaangen ass. Esou hu mer zwee gläichwäerteg grouss oder dräi gläichwäerteg grouss Jugendhaiser. Déi net als Annex zielen, wéi den Educatiounsministère ëmmer seet, mee dass wierklech dräi Jugendhaiser fonctionéieren zu Déifferdeng.

Dat Haus oder dee Büro zu Lasauvage wëll d'Jugendhaus eis zréckginn. Mir sinn amgaangen awer ze analyséieren, ob mer net do e Jugendtreff maachen, wéi mer dat elo bei den Assisë vun der Jugend kennegeléiert hunn. An Däitsch-

land zu Adenau ass dat, do ass dat eng Jugendstuff u sech, wat ee kéint op d' Bee stellen. Dat si mer amgaangen ze kucken.

D'selwecht d'Place aux jeunes, déi eis ëmmer erëm Kappzerbrieches mécht. Mee d'nächst Joer, uganks Januar, wäerte mer eng Versammlung ofhalen, mat alle Leit, déi betraff sinn, virun allem och eise Service technique, fir Méiglechkeeten ze fannen.

Mir hunn zwou, dräi Saachen am A. Kann ech natierlech elo net soen, wéi eng dat sinn, mee déi sinn awer och ganz interessant, well mer och ee Bus kënnen notzen. Dat ass zum Beispill och zu Adenau genau d'selwecht, wéi mir et wëlles hunn, wou en ale Bus e bëssen als Jugendtreff op enger Plaz och ka genotzt ginn.

D'Nuit du Sport, hutt Der gesot, dass déi erëm do ass, ass natierlech ganz flott. Mee mir wäerte se awer ënner enger anerer Form maache wéi bis elo. Firwat? Well d'Zuelen eis beweisen, dass op enger Nuit du Sport oder um Kannersportdag, wou d'Kanner souwisou mussen dohinner goen – wat jo och flott ass, dass se de Sport méi nobruecht kréien –, mee bei esou Ateliere vum Sport, och um COSL Spillfest, d'Zuele weisen, dass ëmmer déi selwecht dohinner kommen. A virun allem déi Kanner dohinner kommen, mat hiren Elteren, déi souwisou Sport maachen.

An et geet jo awer dorëms, op enger Nuit du Sport, déi Jonk an d'Kanner zum Sport ze bréngen. An dat geet awer net ëmmer op esou enger flotter Dagesmanifestatioun, wou am Endeffekt dann ëmmer déi Leit kommen, déi souwisou Sport maachen.

Dat heescht d'Nuit du Sport kritt eng aner Form, wou mer versichen, effektiv do aner Kanner nach unzeschwätzen.

Thillebierg ass ugeschwat ginn, hat ech och virdrun drop geäntwert.

Luna, firwat déi keng Tribün zum Beispill kritt huet. Dee Punkt hat ech ni am Budget stoen. Dat ass nach vun Iech, Här Aguiar. Ech mengen, d'Luna huet eng flott Installatioun. Ech weess net, ob et elo onbedéngt néideg ass, do och nach eng Tribün dohinner ze setzen. Dat muss sech erginn. Dat kënne mer eng Kéier an aller Rou kucken.

Ech géif et méi wichteg fannen, um Woiwer eng Tribün bäizesetzen. Dee Veräi spillt an der éischter Divisioun, do komme méi Leit. Déi wäre bestëmmt och frou, am Dréchenen ze stoen. Dofir wäerte mer och do eng installéieren. Wann dat sech bewäert, déi Tribün, ass dat natierlech och machbar, duerno eng Kéier op der Luna dat ze maachen.

Turnhal, huet den Här Ulveling ganz gutt erkläert, wéi mer versichen, dat esou ze dréien an ze kéieren, dass den Turnsport net drënner leit. Ech hu scho mat de Veräiner, mat de Presidenten, inoffiziell natierlech, och geschwat iwwer dat, wat mer wëlles hunn ze maachen.

Si géifen et begréissen, dass den Turnsport net erëm an enger Sportsturnhal oder enger Schoulturnhal lant, wou se moies an owes alles mussen op- an ofriichten. Dat geet net. Dat ass net méiglech. Duerfir versiche mer dat elo an engem Modus ze erreechen, dass de Sport net virun der Dier steet, mee ëmmer an enger gudder Infrastruktur ka weider bestoen.

D'Madamm Schütz hat d'Ludothéik ugeschwat. Ech fannen dat e flotte Projet, wat awer och e Projet tëschent Schoul a Maison relais erëm ass, ass en nationale Projet deelweis och elo ginn, d'Ludothéik um Woiwer. A mir sinn och immens frou.

Ech versichen, dat och op deenen anere Campussen ëmzesetzen, dass dat och do genotzt ka ginn. Dass déi Spiller, déi Gesellschaftsspiller och kënnen ausgeléint ginn, an dass d'Kanner mat den Elteren doheem och kënnen zesumme spillen. Dat ass flott. E Gesellschaftsspill à l'ancienne huelen d'Kanner un, dat hu mer gesinn. Et muss net ëmmer beim Ecran sinn a virun allem eleng beim Ecran.

D'Spillplaz-Reglement, dat weess d'Madamm Schütz, ganz richteg, ass mer och e bëssen esou en Dar am A. Engersäits, dat huet se och richteg gesot, déi Jonk, déi elo net onbedéngt spillen am A hunn, mee aner Dommheeten, fir déi aus der Spillplaz erauszekréien, déi an engem Schoulhaff ass, dat ass alles schéin a gutt. Mee mir condamnéieren

*Thierry Wagner aborde ensuite les maisons de jeunes. Il se réjouit de la collaboration active avec celles-ci et rappelle que, si Lasauvage a fermé, Niederkorn a considérablement grandi, de sorte que Differdange dispose désormais de trois maisons de jeunes de taille équivalente, fonctionnant pleinement et non comme de simples annexes. Pour le local de Lasauvage, la Commune analyse la possibilité d'y créer un lieu de rencontre pour les jeunes, inspiré du modèle découvert à Adenau, en Allemagne.*

*La question de la « place aux jeunes » reste préoccupante ; une réunion avec toutes les parties concernées, y compris le service technique, est prévue en janvier pour explorer des pistes, dont l'utilisation d'un ancien bus comme espace de rencontre mobile.*

*Quant à la Nuit du sport, le bourgmestre confirme son retour sous une autre forme. Les chiffres montrent que ce sont toujours les mêmes familles, déjà sportives, qui participent à ce type d'évènements. L'objectif est d'atteindre des enfants et des jeunes qui ne pratiquent pas encore de sport.*

*Sur le Thillebierg et la question d'une tribune pour le terrain Luna, Thierry Wagner estime que l'installation actuelle est satisfaisante et qu'il est prioritaire d'équiper le Woiwer, dont le club évolue en première division et attire davantage de spectateurs.*

*Concernant la salle de gymnastique, il confirme les explications de monsieur Ulveling et indique que des discussions informelles avec les présidents de clubs ont eu lieu. Ceux-ci souhaitent que la gymnastique ne soit plus reléguée dans des salles scolaires, où il faut tout monter et tout démonter chaque jour.*

*Thierry Wagner salue ensuite le projet de ludothèque au Woiwer, évoqué par madame Schütz. Il souhaite l'étendre aux autres campus afin que les jeux de société puissent être empruntés par les familles. Il souligne l'importance de jouer ensemble plutôt que de jouer seul devant un écran. Quant au règlement des aires de jeux, il reconnait la difficulté de concilier l'éloignement des jeunes perturbateurs et le droit*

*des autres enfants à utiliser ces espaces.*
*Ensuite, Thierry Wagner mentionne le projet de station de lavage pour vélos, idéalement située près de la forêt pour les VTT, ainsi que la vaisselle réutilisable achetée pour les fêtes, dont un premier test est prévu l'année prochaine, en collaboration avec le service écologique et avec l'adhésion nécessaire des associations.*
*Thierry Wagner revient sur la question des locaux scolaires soulevée par monsieur Cillien. Il reconnait que la commune a déjà réalisé des investissements considérables dans la rénovation des écoles et des campus, comme l'a rappelé monsieur Ulveling. Cependant, il constate qu'il manque toujours des mètres carrés, c'est-à-dire de l'espace scolaire. Le nouveau campus de Differdange est en cours de planification et s'avère absolument nécessaire, car le centre de Differdange est saturé. Il pose la question, déjà évoquée par monsieur Ulveling, de savoir pourquoi ces projets n'ont pas été réalisés au cours des années précédentes, alors que la croissance démographique était prévisible. Il estime toutefois que cette période est révolue et qu'il faut désormais regarder vers l'avenir et avancer aussi vite que possible.*
*Thierry Wagner exprime néanmoins un désaccord partiel sur un point : des projets pilotes démontrent qu'il est possible de combiner l'espace scolaire avec l'éducation formelle et non formelle. Il mentionne le projet Lernlandschaften, dont la Commune s'est inspirée, qui permettrait de partager les locaux et de dégager davantage d'espace scolaire. Il précise que la réflexion en est encore à ses débuts et que le campus de Differdange servira de modèle pour les autres écoles. Il conclut en souhaitant de bonnes fêtes à l'ensemble des personnes présentes.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie l'ensemble des intervenants pour leurs prises de position constructives. Il confirme que la Commune jouit d'une situation financière saine, notamment grâce à une hausse significative des recettes, notamment la dotation de l'État, ainsi*

awer och dann déi aner Jonker, déi einfach nëmme wëlle Sport do maachen, respektiv d'Kanner och. Mee do si mer mam Reglement amgaangen a mir versichen, dat dann esou gutt wéi méiglech iwwer d'Bün ze kréien.

Wann een an der Schoulkommissioun war, do war eng Mamm, déi hat awer hir Bedenken, an déi huet ëmmer gesot, Jonker sollen awer ganz do eraus kommen. Dat ass dann à voir.

De Pedibus ass erwäänt ginn, do ginn ech elo net weider drop an.

Vëloswäsch, do si mer och amgaangen. Ech mengen, et si souguer zwee Sitten, wou mer wëllen eng Vëloswäsch maachen. Dat muss natierlech och ëmmer esou sinn, dass dat och no beim Bësch zum Beispill ass. Et huet jo kee Wäert, dass mer dat am Stadzentrum maachen, dass een do säi Vëlo botze kënnt, mee dat soll jo dann och éischter fir VTT-Vëloe sinn, dat heescht beim Bësch.

D'Geschier fir d'Fester, déi mer kaf hunn: Ganz gäre wëlle mer dat och eng Kéier ëmsetzen. Am Moment si mer nach ëmmer e bëssen an der Planung, mir si mam Service écologique amgaangen. Do sinn och nach aner Méiglechkeeten, déi et vläicht méi einfach géife maachen.

Wéi gesot, et ass nach net elo an der Planung, dass mer soen, elo dat nächst Fest do ass et esou. Mir wäerten awer d'nächst Joer op engem Fest emol testen, vläicht der zwee, an da komme mer iergendwann och un d'Rullen. Dat ass jo och eppes, wou d'Veräiner och musse mat adheréieren.

Den Här Cillien, dat war de Schoulraum. Den Här Ulveling huet gesot, wat mir schonn alles investéiert hunn, d'Renovatioune vun de Schoulen oder Campusse gemaach hunn, dat ass scho beachtlech. Mee et feelt effektiv awer nach ëmmer u Meterkareeën, also u Schoulraum.

Deen neie Campus Déifferdeng ass an der Planung. Deen ass batter néideg, well Déifferdeng Zentrum aus allen Néite platzt, dat wësse mer. Et stellt ee sech d'Fro – dat huet den Här Ulveling jo och e bëssen esou gesot –, firwat ass dat all déi Joren net gemaach ginn? An elo muss dat op eemol alles ëmgesat ginn, wuel wëssend dass d'Populatioun jo awer wiisst.

Firwat ass dann déi zéng Joer virdrun net scho geplangt ginn? Dat ass ganz richteg. An dat wëlle mer awer elo net – dat ass tempi passati, hunn ech d'lescht Woch scho gesot. A mir kucken no vir a versichen, dat esou séier wéi méiglech ze maachen.

Mat enger Saach sinn ech awer net esou ganz d'accord. Pilotprojete beweisen et, dass een de Schoulraum, formal an non-formal Bildung, deelweis och emol ka vermëschen. An deelweis, dat ass ganz richteg, mir hu jo och de Projet Lernlandschaften, wou mer eis e puer Iddie geholl hunn, wou déi Méiglechkeete bestinn, an dat géif jo och erëm Schoulraum u sech méi ginn, wa mer och emol géifen d'Raim deelen. Mee, wéi gesot, do si mer nach an de Kannerschong. An de Campus Déifferdeng gëtt eis do e bëssen de Modell, wéi mer et och bei deenen anere Schoule kéinte maachen.

Ech kucken e bëssen iwwer mäi Blat hei: Place pour jeunes, hat ech jo gesot, dat hat den Här Cillien och gesot. Ech mengen, da wär ech duerch.

Wann nach aner Froe wären, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, kënne mer déi herno nach beim Patt diskutéieren. Mee ech denken, plus/minus sinn ech doduerch. Ech wënschen, well duerno wäert ech och net méi schwätzen, all de Leit alles Gutts a schéi Feierdeeg. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci. Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger a Vertrieder vun der Press, gudde Moien.

Virop emol alle Riedner heibanne villmools Merci fir déi ganz sachlech Stel-

lungnamen. Effektiv hu mer eng finanziell gesond Situatioun, notamment, well d'Recetten däitlech geklomme sinn, besonnesch duerch d'Staatsdotatioun. Deels awer och, well mer vill Projete mat engem héijen Investitiounsniveau hunn, déi Subventiounen a wichteg Recettë generéieren.

An dat ass wichteg, well jo erwaart gëtt, datt mer ons an e puer Joer net méi grad esou op dës Staatsdotatioun kënne respektiv solle verloossen.

Punkto héich Investitiounen ass ee Volet de Logement, dat gouf e puermol hei ugeschwat. Effektiv kréie mer hei net nëmme bis zu 75 % Subventiounen, mir generéieren och mat de Loyeren nei ordinär Recetten op laang Siicht. Also och immens wichteg fir eise Budget.

Des Weideren erhéije mer der Gemeng hire Wäert vum Patrimoine immobilier. An da kritt een och fir de Pacte Logement jo nach zousätzlech Suen, jee nodeem, wéi aktiv an enger Gemeng d'Logementspolitik gedriwwe gëtt. Do krute mer fir dëst Joer knapps dräi Milliounen zougesprach.

Wann d'nächst Joer de Projet Heliosmart mat sengen eelef Appartementer, an déi nächst Joren d'Studenteresidenzen, eemol fir 75 an eemol fir 118 Studenten, fäerdeggestallt sinn, profitéiere mer hei och nach vum Pacte Logement.

Natierlech och déi aner Projeten, déi méi kleng Projeten, déi mer am Logement lafen hunn.

Des Weideren, déi sti jo elo net am Budget, mee do stinn nach véier Milliounen op fir eis, déi mir kréien, wann d'Gesetz endlech deementspriechend ugepasst ginn ass, datt een déi dann och kann zéien.

Logementspolitik ass net nëmmen d'Zuelen am Budget, mee virun allem och d'Zuele vu Leit, Familien an der Prekaritéit, deene mer kënnen hëllefen, een Daach iwwer dem Kapp ze ginn. An dat konnte mer effektiv an de leschte Joren, den Här Diderich huet dat jo och positiv ervirgehuewen, elo vill méi maachen.

An dësem Kontext koumen dann och e puer Froen an Ureegungen. Den Här Muller an den Här Tempels hu vun enger Stad geschwat, wou mer Schaffen a Wunne musse méi kombinéieren. Den Här Meisch, wéi mer Déifferdenger Leit punkto wunnen an Aarbecht méi kënnen hei bannen.

Aktuell hu mer jo eng Prioritéit bei der Vergab, fir déi Leit, déi zu Déifferdeng wunnen oder hei schaffen, natierlech no de Verdeelungskrittäre vum Logementsministère. Effektiv hu mir awer och schonn Iwwerleeunge gehat, fir Projeten iwwer de Logement dédié, mam Volet, déi zu Déifferdeng schaffen, ze prioriséieren.

Awer no aktuellen Erkenntnisser ass dat net esou einfach, well dëst u sech just dem Aarbechtgeeber zousteet. A wa mer esou ee Projet wéilten ugoen, missten déi verschidde Patronen, déi zu Déifferdeng aktiv sinn, och involvéiert ginn. Do muss een dann awer och wëssen, datt esou ee Projet géif bedeiten, datt wann eng Persoun hir Aarbecht wiesselt oder verléiert, si dann och hir Wunneng verléiere géif – natierlech net direkt, mee awer à moyen terme.

Do stelle sech dann als Gemeng natierlech och eethesch Froen hannendrun. Also d'Iddi ass gutt, awer net esou einfach, mee eng Pist, déi mer op jidde Fall wëllen analyséieren.

Da gouf monéiert, datt mer de Prêt vun 13 Milliounen ofbezuelen, amplaz nach weider mat dëse Suen an de Logement ze investéieren. Et muss ee jo wëssen, datt, wa mer dëse Prêt ofbezuelen, dann hu mer domadder déi nächst Joren automatesch erëm ronn annerhallef Millioun méi am Ordinäre fir Projeten.

Ech wëll dann deem entgéinthalen, datt mer ronn 30 Milliounen am Budget stoen hu fir 2026. Also do hu mer ganz héich Invester an de Logement virgesinn. Nieft 17 Milliounen am Artikel vum Logement abordable sinn nach zwou Grondsanéierunge vu Logementsgebaier op separaten Artikele virgesinn, souwéi déi Reserv vun zéng Millioune fir de Logement.

An deem Kontext muss een och beréck-siichtegen, datt mer virun zwee Joer eng Schold gemaach hu vun 30 Milliounen, fir, ënner anerem, deemools mat zéng Milliounen de Logement ze boosten. An datt mer do elo Suen

*qu'aux subventions générées par des projets à fort niveau d'investissement. Il souligne l'importance de cette solidité financière, car il est attendu que la commune ne puisse plus compter autant sur la dotation étatique dans les années à venir.*
*Concernant le logement, Jerry Hartung explique que la Commune bénéficie de subventions pouvant atteindre 75 % et génère également des recettes ordinaires à long terme grâce aux loyers, tout en augmentant la valeur de son patrimoine immobilier. Le Pacte logement a rapporté près de trois-millions d'euros cette année et les projets — Heliosmaart avec ses 11 appartements et ses 2 résidences étudiantes de 75 et 118 logements — permettront d'en bénéficier davantage. Il ajoute que quatre-millions supplémentaires seront attendus dès que la législation sera adaptée.*
*Jerry Hartung rappelle que la politique du logement ne se résume pas à des chiffres budgétaires, mais concerne avant tout les familles en situation de précarité auxquelles la Commune peut offrir un toit.*
*Il aborde ensuite la suggestion de combiner travail et habitat à Differdange, en précisant que la priorisation des personnes travaillant dans la commune pose des difficultés juridiques et éthiques, puisqu'un changement d'emploi pourrait entrainer la perte du logement. L'idée reste néanmoins une piste à analyser.*
*Il justifie le remboursement d'un prêt de 13 millions en expliquant que cela libèrera environ 1,5 million par an pour des projets, et rappelle que 30 millions sont inscrits au budget 2026 pour le logement.*
*Il assure la transparence du fonds de réserve, dont l'utilisation doit être approuvée par le conseil communal.*

*Enfin, il détaille les projets en cours et à venir — Heliosmaart, Maxim's, Monopol, études pour la Grand-Rue — et annonce l'élaboration d'un relevé détaillé des dépenses et des recettes liées au logement, dès que les taux définitifs du nouveau cadre légal seront connus.*
*Jerry Hartung indique qu'il est tout à fait possible de se réunir en temps voulu pour discuter de certaines questions en suspens.*
*Il aborde ensuite le rachat d'anciennes maisons dans le centre-ville, à la fois pour créer des logements conformes et accessibles et pour embellir le cœur de la ville grâce à leur rénovation. Il précise que les choses avancent bien : le parc Gerlache sera rénové l'année prochaine ; le projet Monopol concerne directement quatre immeubles anciens, auxquels s'ajoute une maison dans la rue adjacente ; d'autres adresses, comme le 80, rue de l'Hôpital ou le 33, avenue Charlotte, figurent également au budget. Il souligne toutefois que certains propriétaires réclament des prix dignes d'une villa alors que le bien est en ruines, et que d'autres refusent catégoriquement de vendre, citant l'un d'eux, qui a répondu que « le mot "vente" ne fait pas partie de son vocabulaire ». Il assure néanmoins que la Commune persévère.*
*Sur le volet social, il indique que la Ville maintient en 2026 un accent fort sur l'aide aux personnes en situation de précarité, aux séniors, aux familles et aux jeunes, notamment grâce à une plateforme destinée aux demandeurs d'emploi. La commune conserve volontairement de nombreux postes en interne — nettoyage, collecte des déchets, garde d'enfants — pour des raisons de responsabilité sociale. Cette décision explique la part importante des frais de personnel dans le budget.*

zréckkréien ass eeben och dorop zréckzeféieren.

Well e Budget vun engem Joer ass jo just eng Momentopnam, mee et muss een dat Ganzt jo kucken, op méi wéi een Ausschnëtt vun engem Joer.

Transparenz a Kontroll vun dëser Reserv ass ugeschwat ginn. Do ass et natierlech kloer, datt d'Notzung vun dësem Fond de réserve muss natierlech hei am Gemengerot ugeholl ginn, also ass natierlech déi Transparenz a Kontroll ginn.

Punkto grouss Projete kucke mer kloer no vir. Sinn déi eng nach amgaangen, ginn déi nächst scho geplangt, soudatt stänneg an de Logement investéiert wäert ginn.

De Projet Heliosmart soll jo d'nächst Joer ofgeschloss sinn. De Projet Maxim's ass d'lescht Joer ugelaf a kënnt gutt virun. De Projet Monopol soll d'nächst Joer ulafen. A fir d'Zukunft da schonn en nächste Projet prett ze hunn, stinn am Budget jo Etüde fir an der Groussstrooss. Also keng Angscht: D'Iddie ginn eis net esou séier aus.

Natierlech wäerte mer ee Listing erstellen, wat de Logement eis souwuel un Depensë wéi u Recettë bréngt. Well et ass jo och definitiv an eisem Interêt, fir dëst propper separat aus dem Budget erausgeschlësselt ze ënnermaueren, datt mer hei eng gutt Aarbecht maachen.

D'Situatioun ass awer déi, datt d'Gesetz jo d'nächst Joer ännert, also de Capital investi dobäi soll kommen. A wa mer do déi genee Tauxe matgedeelt kruten, aktuell gi mer fir den Terrain vun 3,5 % a fir de Bau vu 4,5 % aus, soubal mer dat definitiv wëssen, wäerte mer versichen, esou eng Rechnung ze erstellen.

Déi ass natierlech och net einfach, well do stelle sech da Froen, wéi: Wéi verrechne mer, zum Beispill, d'Personal vum Logementsservice? Oder wann den technesche Service Reparature mécht? Respektiv weess ee jo och net all déi kommend Reparaturaarbechten am Viraus. Mee, wéi gesot, wëlle mer och selwer hei déi Iwwersiicht a wäerten dat ugoen.

Ech mengen, do kann ee jo dann och, zur gegeebener Zäit, sech eng Kéier zesummesetzen, wa mer do esou Froen hunn, wéi ee wat soll virgesinn.

Da gouf ugeschwat, datt mer mussen al Haiser am Zentrum opkafen, engersäits fir Logement konform accessibel ze maachen, awer d'Renovatioun soll och natierlech de Stadkär verschéineren.

Do si mer jo u sech gutt amgaangen. Ech mengen, am Budget hu mer de Parc Gerlache, wou mer d'nächst Joer renovéieren, wou mer dëst Joer kaaft hunn. De Projet Monopol, do muss ee wëssen, dat si jo direkt véier al Immeublen, wou mer do op ee Coup – u sech fënnef, op der Säitestrooss ass jo och nach en Haus –, dann och erëm schéin hikréien. Dann 80, rue de l'Hôpital oder och 33, avenue Charlotte, direkt nieft dem Déifferdenger Schlass. Déi stinn all am Budget, well se konkreet sinn.

Natierlech si mir och mat villen anere Proprietären an dësem Sënn a Kontakt. Mee verschiddener ruffen dann awer Präisser op, wou ee mengt, et wär eng Villa, woubäi den Zoustand éischter eng Ruin ass. An et wëll jo och net all Proprietär verkafen.

Hei ee klengt Zitat, e Fall, dee mer rezent eng Kéier haten, wou ee Proprietär dem Här Altmeisch geäntwert huet, wou mer d'Propos gemaach hunn, fir et opzekafen: „Dat Wuert Verkaf steet net a mengem Vokabulär". Mee wéi gesot, mir bleiwen drun. A wéi seet ee sou schéin: Geet eng Dier zou, geet eng aner op.

Da kommen ech zum Sozialen. D'Stad setzt och 2026 e staarke Fokus op d'sozial Ënnerstëtzung. Hëllefen a Servicer fir Mënschen a Prekaritéit, Senioren, Familljen a Jonker ginn ausgebaut, fir op déi reell Besoine vun der Populatioun ze reagéieren, notamment mat enger Plattform, fir déi, déi eng Aarbecht sichen.

D'Gemeng behält bewosst vill Aarbechtsplazen intern, hei zu Déifferdeng an an der Ëmgéigend: Botzen, Poubellendéngscht, Kannerbetreiung, dat ass jo net outgesourced, well et ass eng sozial Verantwortung. Dat hu mer jo och d'lescht Woch hei esou kloer ënnerstrach.

Et gouf elo hei ugeschwat, firwat déi Personalkäschten esou ee grousse Volet an der Presentatioun hunn. Ma dat ass ganz einfach: Et ass jo och sou, dat gehéiert zu de Finanzen dobäi. A wann een déi wëll uerdentlech opstellen, muss dat eeben och an enger Presentatioun dran erëmzefanne sinn.

Ons sozial Servicer schaffe vill mat den Associatiounen zesummen. Et kann een och vill ëmsetzen, wat net ëmmer muss deier sinn. Sou hu mer jo selwer ënner anerem de Babbel Café, de SmartCafé oder de Café des langues, déi richteg gutt lafen. Natierlech och nach aner Projeten, de Bitzcours oder esou.

Da gi Projete punkto Zesummeliewen héichgehalen, dat gouf jo och esou hei ervirgehuewen. Notamment gouf de Pacte vum Vivre-ensemble interculturel ugeschwat. Dem Här Diderich säin Opruff kann ech just ënnerstëtzen, fir sech an de Biergerpakt anzeschreiwen.

An deem Kontext, wëll ech drop hiweisen: De 14. Dezember hu mer e Brunch citoyen am Parc Gerlache zum Theema Accueil des citoyens. Wou, nieft den Experte vum Ministère, eis Servicer an eis lokal Kommissioun present sinn. Op hirem Stand gëtt effektiv och dëse Biergerpakt promouvéiert an d'Leit kënne sech direkt sur place och do aschreiwen, fir datt se an Zukunft iwwer dës Plattform vill Informatiounen iwwer d'Zesummeliewen hei zu Déifferdeng kréien.

Et war gefrot ginn, vum Här Aguiar, wat d'Ziler vum Pacte vivre-ensemble wären. All Joer gëtt jo en neit Theema definéiert, zesumme mam Ministère, deen eis jo do suivéiert. Dat éischt Joer stoung d'Theema Diskriminatioun am Vierdergrond. Aktuell si mer am zweete Joer, an do ass et den Accueil des citoyens, wou eeben och participativ um Brunch citoyen da soll mat de Leit d'Erfarungen erfaasst ginn an och hir Wënsch a wéi een dat eebe kann änneren.

Zur Fro zum Budgetsartikel vum Teambuilding, den Här Wagner hat do schonn drop geäntwert. Ech mengen, mir hunn eng Gemeng mat elo bal 1.000 Mataarbechter, do ass, wéi den Här Wagner sot, esou ee Poste wichteg. Et ass och eng grouss Demande do vun de Leit, sief et intern an de Servicer, awer och transversal tëscht de Servicer.

An ech denken, wa mer do eng gutt Zesummenaarbecht bei esou ville Leit erméiglechen, dat ass jo och gutt, fir de Service um Bierger héichzehalen.

Da gouf nach d'Museksschoul ugeschwat, vun der Madamm Schütz, ënner anerem. Ech si frou, datt hei unerkannt gëtt, datt mer hei wierklech positiv Akzenter setzen, mat eebe grad no där laanger Sich no enger Lokalitéit, wou mer d'Museksschoul elo mat dem Département de danse zukünfteg komplett ofdecke kënnen.

Et ass eng flott zousätzlech Offer, déi eis Museksschoul de Schüler ubitt. Aktuell zielt eis Museksschoul 1.002 Schüler an de besteeënde Lokalitéiten. Elo kommen zwee Danzsäll am Département de danse fir d'Museksschoul bäi.

Et fält näischt ewech – au contraire, mer wëllen och d'Offer un Ensembelen ausbauen. Do hate mer ganz positiv Gespréicher mat der Direktioun vun der EIDE. Hinnen ee grousse Merci vun dëser Plaz, fir, esou wéi eis Sproochecoursen, parallel dozou dann och als Museksschoul verschiddener vun eise Cours collectifs bei hinne kënnen unzebidden.

A wann een de klenge Fanger gereecht kritt, hu mer direkt déi ganz Hand geholl an och hire schéine Festsall fir déi eng oder aner Opféierung gesëchert. Fir datt d'Schüler méi Méiglechkeeten an Optrëtter kréien, datt si och dat kënne weisen, wat si alles esou léieren.

Ofschléissend denken ech, kënne berouegt ze soen, datt de Budget 2026 ambitiéis ass an och vill Servicer an Offeren un d'Erwaardungen an un d'Besoine vun den Awunner ugepasst ass, mat héijen Invester an alle Beräicher an dat virun allem alles an engem finanziell gesonde Kader. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Madamm Charlé, wannechgelift.

*Il mentionne plusieurs initiatives peu couteuses, mais efficaces menées avec les associations : le Babbel Café, le SmartCafé, le Café des langues, ou encore des cours de couture.*
*Il évoque le Pacte du vivre-ensemble interculturel et annonce un brunch citoyen le 14 décembre au parc Gerlache, consacré à l'accueil des citoyens, où les habitants pourront s'inscrire au pacte citoyen. Il précise que chaque année, un nouveau thème est défini avec le ministère : la première année portait sur la discrimination, la deuxième sur l'accueil des citoyens.*
*Concernant le budget consacré au « teambuilding », il juge ce poste indispensable pour une commune comptant près de mille collaborateurs.*
*Il se réjouit ensuite des avancées de l'école de musique, qui compte désormais 1002 élèves et bénéficiera de 2 nouvelles salles de danse, ainsi que de la possibilité d'utiliser la salle des fêtes de l'EIDE pour des représentations.*
*Il conclut en affirmant que le budget 2026 est ambitieux, adapté aux besoins des habitants et inscrit dans un cadre financièrement sain.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *remercie d'abord l'assemblée pour la qualité des échanges, qu'elle juge positifs et respectueux comparés à ce qui se pratique ailleurs ou sur les réseaux sociaux, où un certain manque de respect est parfois perceptible. Elle estime que de tels débats constructifs donnent envie de s'engager en politique.*

*Elle aborde ensuite l'étude générale de la mobilité, évoquée à plusieurs reprises au cours de la séance. Elle explique que cette étude porte sur l'analyse des flux de bus, de piétons et de vélos, menée en collaboration avec le bureau d'études Schroeder et une firme néerlandaise spécialisée dans les pistes cyclables. L'objectif est de travailler non seulement sur les axes principaux, mais aussi sur les petits chemins menant aux quartiers résidentiels, afin de les sécuriser ou de les compléter. Elle considère ce point comme la priorité majeure des études prévues pour l'année à venir.*

*Zenia Charlé explique que la commune souhaite s'orienter de plus en plus vers le concept de ville du quart d'heure, c'est-à-dire une ville où chaque habitant peut accéder aux lieux essentiels — logement, commerces, travail et loisirs — en moins de 15 minutes. Ce concept sera naturellement intégré aux études en cours.*

*La démarche s'inscrit dans une vision de mobilité intelligente, où le centre-ville doit occuper une place centrale. C'est la raison pour laquelle la Commune prévoit de déployer davantage de capteurs autour du centre afin de réaliser diverses mesures, notamment sur le comportement des piétons.*

*(Interruption)*

*Zenia Charlé confirme que les mesures seront réalisées en temps réel. Concernant le concept de mobilité, Zenia Charlé reconnait qu'elle espérait, l'année dernière, pouvoir présenter des résultats avant le budget actuel, mais que cela n'a pas été possible. Elle explique que le concept de mobilité ne peut se limiter à Differdange seule : la commune participe régulièrement à des réunions avec les communes du bassin de la Chiers, les CFL et l'Administration des ponts et chaussées, dans le cadre d'un plan de mobilité*

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Fir d'Alleréischt géif ech gären ee klenge Merci an de Sall ginn, wann ee gesäit, wéi mer Diskussiounen iwwer de Budget kënnen hunn, déi awer ganz positiv sinn. Ech denken, et ass d'Aarbecht vu jiddwerengem, ze kritiséieren oder vläicht och einfach Saachen ze sichen, déi engem manner gutt gefalen oder vläicht och extra gutt gefalen. Ech fannen dat gutt, dass mer hei awer, wann een dat vergläicht mat vläicht och anere Gemengen oder och op anere Plazen, wéi flott dat am Fong hei awer nach iwwer d'Bün leeft. Dat fannen ech jiddefalls ganz, ganz wichteg.

Ech denken, mir sinn an engem Moment an enger Gesellschaft, wou heiansdo e bëssen e Manktem u Respekt, iwwer d'Sozial Medien zum Beispill, ze gesinn ass. An da maachen esou Plaze wéi dat heiten ëmsou Spaass, sech politesch ze engagéieren.

Ech géif vläicht op verschidde Froen agoen. Also et war mer net ëmmer ganz kloer, ob et da Froe waren oder net. Ech soen einfach elo mol déi Saachen. Wann herno awer do Froe sollten opbleiwen, déi ech da vläicht verpasst hunn, dann zéckt net dann hei bei eisem flotte Menü, dee mer grad ausgedeelt kruten, herno op mech duerzekommen.

**ENG STËMM:**

Beim Patt.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

A beim Patt, do si mer och.

Ech fänken u mat der Étude générale sur la mobilité, déi méi wéi eemol ugeschwat ginn ass. Wou vläicht e puer oppe Froe sinn: Wat ass dat genau oder wat steet do bevir? Ech mengen, et heescht net fir näischt générale, einfach, well do vill verschidden Aspekter matafléissen.

Gréisstendeels hu mer eis fir dat kommend Joer virgeholl, d'Bus-Fluxen, d'Foussgänger-Fluxen an d'Vëlos-Fluxen ze analyséieren. Mir hunn eng flott Zesummenaarbecht aktuell mam Bureau d'études Schroeder, déi mer schonn eng Kéier gesinn hunn, wéi mer d'nächst Joer eebe wéilte virgoen.

Wou mer eis mat enger hollännescher Firma, spezialiséiert op d'Vëlosweeër, zesummesetzen, fir net nëmmen eis Haaptachsen – wou Der jo gesinn hutt an deene gréissere Budgetsartikelen, a wéi eng Richtung et goe wäert –, mee doriwwer eraus och déi kleng Weeër net ze vergiessen. Fir déi Weeër, déi an d'Duerf ginn, dohinner, wou d'Leit wunnen, net ze vergiessen, an deels och ofzesécheren oder einfach bäizefügen. Dat ass vu menger Säit op jidde Fall emol de Point fort an deenen Etüden, déi virgesi sinn.

Ech mengen, mir wëllen ëmmer méi a Richtung, a mir hunn et och scho gesot, 15-minute City goen, dat heescht eng Stad, an där een ënnerhalb vu 15 Minutten op deenen essenzielle Plaze ka sinn. Ech soen elo mol Wunnen, Akafen, Schaffen an och de Loisir. Esou wäerte mer och an dësen Etüden dat natierlech mat eranhuelen.

Et geet an d'Richtung zu enger Smart Mobilitéit, e Konzept, wou och eise Stadkär muss matafléissen an net sollt vergiess ginn. An dofir och net fir näischt, datt mer nach eng Kéier wäerte verstäerkt Capteuren ëm eisen Zentrum maachen, wou mer verschidden Zielunge kënne maachen: Wéi verhält sech de Foussgänger an esou weider?

**ENG STËMM:**

En temps réel!

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

En temps réel.

Da gouf och iwwer d'Mobilitéitskonzept geschwat, wat natierlech e grousst Wuert ass. Ech ka mech nach ganz gutt un dat erënneren, wat ech d'lescht Joer am Budget dozou gesot hunn, datt ech hoffen, dass mer Enn dës Joers an hoffentlech virum Budget vun dësem Dag eppes prett leien hätten. Do hat ech mech wuel verschat.

D'Explikatioun dozou ass, datt mer an eisem Mobilitéitskonzept natierlech net just eis musse kucken, mee méi wéi

Déifferdeng musse kucken. Mir sëtzen aktuell reegelméisseg a Ronne mat de Kordall-Gemengen, zesumme mat CFL, Ponts & Chaussées a Co., wou et am Fong ëm e Mobilitéitsplang geet fir déi nächst Jore fir eis Gemengen.

Hei komme mer immens immens gutt virun. Et ass eng ganz positiv Ronn. An do wäert ënnerhalb dem éischten Drëttel vum nächste Joer en Zesummekomme si vun deene verschiddene Gemengerotsmemberen, déi sollen do invitéiert ginn, awer natierlech och d'Kommissiounen. Wou informéiert gëtt, wat global iwwer déi verschidde Gemengen d'Zil soll sinn.

An dofir ëmsou méi wichteg, datt mer elo net hei versichen – natierlech musse mer och eis Gemeng kucken, mir sinn awer och aktuell a gréissere Projeten dran. Ech soen elo mol einfach PN15 an natierlech och d'Gare, déi ech deslescht ugeschwat hat, wou mer den Okay krute vun der CFL. Dat sinn d'Piliere vun engem Mobilitéitskonzept. An dofir ass et ganz wichteg, dass mer do einfach nach e bësse méi konkreet kënne sinn, ier mer eppes an eisem Mobilitéitskonzept géife presentéieren.

Wat natierlech schued ass. An awer sinn dat keng Projeten, déi ee vun haut op muer maache kann. Mir si schonn eng Zäitchen domat amgaangen. An ech mengen, och déi vun der Oppositioun wëssen, wéi schwéier dee Projet vun deem PN15 war a wat do schonn alles geschafft gouf. An dofir bieden ech och ëm Verständnis, datt mer dat och net kënnen ënnerhalb vun e puer Joer einfach op eemol léisen. Mee mir sinn awer gudder Déng, datt mer der Saach méi no kommen.

D'Participatioun, wat d'Mobilitéit ugeet, huet mech effektiv e bëssen erstaunt. Well mer eng Rei Workshops jo schonn dëst Joer haten, och zum Theema Mobilitéit, déi och gutt besicht ware vun de Leit, déi an eiser Gemeng wunnen. A wou mer natierlech och ëmmer erëm frou sinn, wa Leit hei aus dem Sall dobäi sinn. Ass och reegelméisseg de Fall. Dat si wichteg Plazen, wou jiddwereen, heibannen an dobaussen, ka seng Meenunge matdeelen.

Mir hunn awer natierlech och eis Kommissioun. D'Kommissioun, dat huet sech verbessert, dat war vläicht net méi ganz esou gutt gelaf. Mir hunn awer do e Schratt no vir gemaach, dass mer do awer kënne soen, datt déi Leit, déi an de Kommissioune sinn, gutt matschaffen an ech denken och zefridde sinn. Sou denken ech, dass mer awer schonn net esou schlecht sinn an enger Participatioun, och wat déi verschidde Parteien ugeet.

Ech invitéieren awer jiddwereen, wa mer da schonn dobäi sinn: Dëse Samschdeg ass deen nächste Mobilitéitsworkshop, e Samschdeg de Moie vun 9:00 bis 12:00 Auer, wourun Der ganz ganz gäre kënnt deelhuelen. Mir freeën eis op jidde Fall, wann Der kommt.

D'Subsiden, dat war den Här Tempels, mengen ech, iwwer d'Subside fir Vëlosweeër. Zemools déi grouss, déi mer am Hahneboesch virgesinn. Do ass et esou, datt mer scho frou sinn, datt déi vill Viraarbecht elo geleescht gëtt vun der Strooss. Dat heescht si maachen eis global schonn alles esou prett, dass mir just d'Vëlospist musse maachen.

Dat kënnt eis natierlech schonn zuvir. An awer, kuerz ier mer virdru stinn, wäerte mer nach eng Kéier eng Demande maachen, fir zousätzlech Subsiden ze kréien. Do hu mer aktuell awer wierklech eng gutt Ënnerstëtzung vum Ministère an dëser Richtung.

Dann hat den Här Tempels och gefrot no deem Wee hanner dem Bache Jang. Dat ass jo dee Wee op der Heed Richtung Strauwelsheck, wann ech mech do net ieren. Och deen ass geplangt, zesumme mat der ASTA 2026. An do sollte mer dann och, wéi fir déi aner Weeër, déi geplangt sinn, 30 % Subside kréien. D'ASTA ass awer de Maître d'ouvrage. Dat heescht si wäert dat Ganzt leeden. Mir hu véier Weeër eraginn. Et kommen nach aner Weeër dobäi, ënner anerem zu Uewerkuer, Weeër Richtung Schwaarz Bréck, déi aktuell manner gutt à jour sinn.

Den Här Diderich hat gefrot Klimapakt-Recette, firwat déi erofgaangen ass. Déi Recette, déi do steet, ass eng Schätzung. Bei enger Recette huele mer natierlech eng Minimum-Variant un. Den Audit wäert eréischt d'nächst Joer sinn. Esou dass mer éischter net wëssen, wat genau déi Zuel wäert sinn.

*régional pour les années à venir. Ces travaux avancent très bien et, dans le premier tiers de l'année prochaine, une réunion est prévue avec les membres des différents conseils communaux ainsi que les commissions concernées, afin de présenter les objectifs globaux.*
*Elle souligne que la commune est également engagée dans de grands projets structurants, notamment le PN15 et la gare, qui constituent les piliers du futur concept de mobilité. Elle demande la compréhension de tous, car ces projets ne peuvent se réaliser du jour au lendemain, même si des progrès significatifs sont accomplis.*
*L'échevine se dit par ailleurs agréablement surprise par la participation citoyenne en matière de mobilité : plusieurs ateliers ont déjà eu lieu au cours de l'année, avec une bonne fréquentation des habitants. Elle note également que le travail au sein des commissions s'est amélioré et invite chacun à participer à l'atelier de mobilité prévu samedi prochain, de 9 h à midi.*
*Au sujet des subsides pour les pistes cyclables, notamment celle prévue au Haneboesch, elle indique que les travaux préparatoires réalisés par l'administration des ponts et chaussées facilitent grandement la tâche de la Commune et que des demandes de subsides supplémentaires seront introduites le moment venu, avec le soutien du ministère.*
*Le chemin situé derrière le Bache Jang, en direction de Strauwelsheck, est quant à lui planifié en collaboration avec l'ASTA pour 2026, avec un subside attendu de 30 %. D'autres chemins sont également prévus, notamment à Oberkorn en direction de Schwaarz Bréck.*
*Interrogée sur la baisse des recettes liées au Pacte climat, l'échevine précise que le montant inscrit au budget est une estimation prudente, l'audit n'ayant lieu que l'année prochaine. Elle ajoute que les subsides du Pacte climatique sont conçus pour diminuer progressivement sur dix ans, afin d'inciter les communes à développer leurs propres programmes.*
*Quant à la stratégie Smart City, Zenia Charlé rappelle que la Commune a signé un Climate City*

*Contract ainsi qu'un Climate Action Plan, qui présentent des projets concrets. Elle cite en exemple l'équipement des poubelles publiques avec des capteurs pour optimiser leur vidange, ainsi que les mesures effectuées aux entrées de ville, autant d'initiatives qui s'inscrivent dans cette direction.*

*Enfin, concernant les emballages, elle mentionne qu'un projet d'envergure pourrait voir le jour l'année prochaine, impliquant non seulement les évènements communaux, mais aussi les restaurateurs. Elle reconnait que le sujet est très complexe, comme en témoignent les difficultés rencontrées à l'échelle nationale.*

*Zenia Charlé exprime sa déception face aux critiques selon lesquelles la commune mène trop d'études, notamment lorsqu'il est jugé évident qu'un parking est nécessaire. Elle reconnait que l'on peut voir les choses ainsi, mais elle insiste sur le fait que les élus sont les représentants des citoyens et qu'ils travaillent avec l'argent de très nombreuses personnes, des sommes considérables. Il est donc essentiel de ne pas se lancer dans un projet de parking ou tout autre projet coutant des millions sans une analyse rigoureuse préalable.*

*Elle compare la situation à des travaux de rénovation chez soi : on réfléchit d'abord à la faisabilité avant de se lancer, car il ne s'agit pas simplement de repeindre un mur dont la couleur déplait. Ce sont de grands projets, importants pour l'avenir et pour celui des enfants, et cela ne doit pas être oublié.*

*Elle conclut en remerciant chaleureusement les services pour leur aide précieuse dans l'élaboration des budgets, en citant nommément Philippe Reuter et Luc Arend du programme NetZeroCities ainsi que Steve Faltz et l'ensemble des agents des services.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne qu'il partage pleinement l'avis de madame Charlé. Il exprime son appréciation pour l'atmosphère des débats budgétaires, depuis leur lancement dans la matinée jusqu'à leur conclusion, et manifeste son respect envers chacun des membres du conseil. Il considère que c'est la*

Mir hu mol manner agesat, well d'Subsiden am Klimapakt iwwer zéng Joer solle graduell erofgoen. Dëst ass an hirem Programm esou virgesinn, einfach fir d'Gemengen an d'Partner unzesporonen, e bësse méi Programmer a Projeten selwer op d'Been ze stellen. Ech weess net, ob dat esou ok ass als Äntwert.

Smart City, do gouf gesot – ech mengen, et war den Här Aguiar –, dass een e bësse vläicht nach sicht, a wéi eng Richtung mer punkto Smart City ginn. Mir hunn an eise Gemengeréit e Climate City Contract ënnerschriwwen, och e Climate Action Plan. Dat si ganz wichteg Dokumenter, an deenen och konkreet Projeten dra sinn.

A wann ee sech déi ukuckt, an och elo eise Budget analyséiert, da gesäit een, dass do awer wierklech ganz kohärent, wierklech ganz vill Saachen an eisem Budget dra sinn. Ech soen einfach, wat meng Beräicher ugeet, zum Beispill Decheten. Dass mer déi ëffentlech Dreckskëschte mat Capteure wäerten ausstatte fir ze kucken: Wéini mussen d'Dreckskëschten eidel gemaach ginn? D'selwecht, ee ganze System mat deenen Dreckskëschten, wou do kompriméiert ginn. Dat si lauter Saachen an déi Richtung.

Och iwwerall, wou mer an eisen Entrées en villes, an esou weider, Moossunge maachen, och dat ass Richtung Smart City. Ech denken, dass mer do wierklech op engem ganz gudde Wee sinn.

Ech hunn nach fir eng Minutt, dann hutt Der et gepackt. Merci.

D'Verpackungen hat den Här Wagner kuerz ugeschwat. Eise Service écologique ass do op engem ganz gudde Wee. Fir d'nächst Joer ass eng Eventualitéit, datt mer e gréissere Projet matmaachen, wou et ëm d'Verpackunge geet. Net nëmmen op eisen Events, mee vläicht och zesumme mat Restaurateuren. Ech mengen, do ass et elo och ze decidéieren, ob mer op esou ee Wee wëlle goen.

Et ass e ganz komplext Theema; et ass ganz schwiereg. Et ass jo net fir näischt, dass och op nationalem Plang scho geréckelt gouf, well et einfach wierklech, wierklech ganz kompliziéiert ass, datt jiddwereen do zefriddegestallt gëtt.

An en allerleschte Punkt, wou ech e bëssen enttäuscht sinn, soen ech elo mol, ass wann een da seet, mir maachen ze vill Etüden an et ass gewosst, mir brauchen do e Parking, da muss ee keng Etüde maachen. Natierlech kann een dat esou gesinn.

Op där anerer Säit ass et wichteg. Ech mengen, mir si Vertrieder vun de Leit. Mir schaffe mat Sue vu ganz ville Leit bei eis an der Gemeng, wierklech ville Leit, mat ganz, ganz grousse Zommen. An et ass ganz wichteg, dass mer net soen, fir e Parking oder fir e Projet, dee Millioune wäert kaschten, dass een do sech einfach seet, okay, mir maachen dat an et ass net uerdentlech analyséiert.

Analyse sinn immens wichteg. Wann ech doheem Ëmbaute maachen, dann iwwerleeën ech och fir d'éischt, ob et geet, ier ech et maachen. Et ass méi wéi einfach eng Mauer ustäichen, well mer d'Faarf net gefält. Dat si wierklech grouss Projeten a wichteg Projete fir eis Zukunft, fir d'Zukunft vun de Kanner. Dat soll net vergiess ginn.

An dann nach e klenge Merci u meng léif Servicer, déi mer ganz vill gehollef hunn an deene Budgeten – dat ass jo och net ëmmer ganz esou einfach. Hinnen, virun allem dem Här Philippe Reuter e grousse Merci, dem Här Luc Arend am NetZeroCities an dem Här Steve Faltz, déi déi lescht Zäit eng ganz ganz gutt Ënnerstëtzung waren. An all deenen aneren aus de Servicer natierlech och! Merci villmools.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Ech wëll nach ënnersträichen, dass ech ganz Ärer Meenung sinn, iwwer d'Klima, wat mer haut de Moien hei haten, wéi mer déi Budgetsdiskussiounen ugefaangen hunn a wéi mer zum Schluss komm sinn elo. Dat fannen ech, do kann ech nëmmen de Respekt ausdrécken u jiddwereen, deen heibanne sëtzt.

Ech mengen, et ass e Bewäis, dass, och wann een anerer Meenung ass, dass een et awer fäerdegbréngt, objektiv an am Respekt een zu deem aneren, iwwer verschidde Situatiounen ze diskutéieren. Et ass nëmmen esou, wou een zu

engem positive Resultat fënnt an zu engem positive Resultat kënnt fir eis Awunner vun der Stad Déifferdeng. An dat ass ganz kloer, dass dat jiddwerengem heibannen um Häerz läit.

Da kéime mer zum Vott. Da géife mer ufänke mam Budget rectifié 2025.

*Le conseil communal arrête avec 15 voix oui et 4 voix non le budget rectifié de l'exercice 2025.*

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwer de Budget initial 2026.

*Le conseil communal arrête avec 12 voix oui et 7 voix non le budget initial de l'exercice 2026.*

Ech soen Iech Merci. Da géif ech, nodeem mer de Fahrplan ausgedeelt kritt hunn, proposéieren, eng Paus ze maache vun 20 Minutten an dann erëm aktiv un déi aner Punkte géife goen. Ech soen Iech Merci.

(Paus)

Wannechgelift, da géife mer virufueren. Mir hunn nach e puer Punkten um Ordre du jour. Dat heescht mir géifen elo zügeg virufueren. Ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir eise Käch aus de Maison-relaise Merci ze soen, an dem ganze Personal, wat eis elo hei bekäschtegt huet. Ee grousse Merci un déi, déi gekacht hunn; e grousse Merci un déi, déi eis de Mëtten elo hei verwinnt hunn. An och e Merci un Iech, dass Der esou zügeg virukomm sidd mam Iessen, dass mer kënnen op de Programm iwwergoen.

Wéi am Virfeld beschwat, si mer elo beim Punkt 4 vum Ordre du jour. Mir géifen dann d'Explikatiounen zu 4a), 4b), 4c) a 4d) matenee maachen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

4i) a 4j) huelen ech och mat. Ech huelen alles mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An da géife mer eenzel awer driwwer ofstëmmen, wann dat okay ass fir jiddwereen. Dann hätte mer e bëssen Zäit gewonnen. Ech mengen, dat wär och am Sënn vu jiddwerengem. Natierlech si mir ëmmer bereet, nach Froen ze beäntwerten, wann Der eenzel Froen hutt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ausser wann een eppes wëll erausuelen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mer passen eis do un, wéi de Besoin ass vun Iech.

Da géif ech d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den éischte Punkt ass d'Renovatioun an d'energeetesch Sanéierung vum Haus Nummer 2, rue Saint-Paul. Dat ass dat fréiert Paschtoueschhaus zu Nidderkuer.

Aus deem Haus ginn der zwee gemaach, mat enger separater Entrée. Den Daach gëtt isoléiert, et gi Veluxen agebaut, et kënnt eng PV-Anlag op den Daach, d'Rollluede ginn ersat. De ganze Rescht, d'Fënsteren an esou, dat gouf schonn eng Kéier viru Jore gemaach.

Da gëtt de Keller isoléiert, et kënnt eng Wäermepompel, Heizkierpere ginn ersat, d'elektresch Installatiounen gëtt natierlech ugepasst, well jo aus engem zwee Logementer ginn. A fir dat ze trennen, ginn Trennwänn gezunn.

Dat Ganzt soll eng hallef Millioun kaschten. A vun där hallwer Millioun solle mer 85.000 Euro als Subsid fir d'Energiesanéierung kréien. Dat wär deen Éischten.

Deen zweete Punkt, dat ass de Foyer du jour Kornascht. Dat sinn Travaux de

*preuve que, même en cas de désaccord, il est possible de débattre de manière objective et respectueuse, et que c'est uniquement ainsi que l'on parvient à des résultats positifs pour les habitants de la ville de Differdange, un objectif qui tient à cœur à chacun des élus présents.*
*(Vote et pause)*
*Guy Altmeisch remercie les cuisiniers des maisons relais et l'ensemble du personnel qui a assuré la restauration durant la séance, puis invite le conseil à poursuivre les travaux efficacement.*
*Il annonce le point 4 de l'ordre du jour et propose de regrouper les explications des sous-points 4a à 4d, puis de voter séparément sur chacun d'eux, afin de gagner du temps, tout en restant disponible pour répondre aux questions éventuelles. Il cède ensuite la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il intègre également les sous-points 4i et 4j dans sa présentation. Il détaille ensuite plusieurs projets.*
*Le premier concerne la rénovation et l'assainissement énergétique de l'ancien presbytère situé au 2, rue Saint-Paul à Niederkorn : le bâtiment est transformé en deux logements avec entrées séparées, le toit est isolé, des fenêtres de toit sont installées, une installation photovoltaïque est mise en place, les volets sont remplacés, le sous-sol est isolé, une pompe à chaleur est mise en place et les installations électriques sont adaptées.*
*Le cout s'élève à 500 000 €, dont 85 000 € de subside pour l'assainissement énergétique.*
*Le deuxième projet porte sur des travaux de parachèvement au foyer du jour Kornascht pour 100 000 € : remplacement du sol dans quatre salles de classe, peinture, climatisation de la cuisine et aménagements extérieurs.*

*Le troisième projet concerne la transformation de l'ancien Wok dans le bâtiment A, pour 250 000 €, afin d'y installer le chauffage et l'électricité, de construire une rampe pour personnes à mobilité réduite et de réaliser des travaux de terrassement et de démolition, dans le cadre d'un engagement pris pour permettre à L'Essentiel de rester à Differdange.*
*Le quatrième projet, plus complexe, concerne le remplacement de la toiture du bâtiment A du 1535°. Il comprend un désamiantage et un assainissement du béton et est estimé à 1,9 million d'euros. Les travaux sont divisés en quatre zones afin de limiter les nuisances pour les occupants.*
*Enfin, la rénovation du toit de la salle de gymnastique Josy-Stoffel est estimée à 400 000 € : il faut réparer les infiltrations, démonter puis remonter les panneaux photovoltaïques et résilier un contrat de fourniture d'électricité moyennant une pénalité, cette solution devant tenir environ dix ans en attendant la construction de la nouvelle halle.*
*Tom Ulveling présente le dossier de l'école des filles de Differdange, un projet de rénovation et de transformation qui en est à sa phase III. Le cout total du projet s'élève à environ 6,5 millions d'euros, les phases I et II étant déjà achevées, tandis que la phase III représente à elle seule 4,8 millions d'euros.*
*Il s'agit de rénover les salles de classe de l'ancien bâtiment, distinct du bâtiment neuf construit en 2005. Lors de la phase II, l'école de musique a déjà été traitée, notamment par le remplacement des fenêtres et le nouvel aménagement, et il reste à installer une nouvelle porte. En 2024, durant la phase I, les travaux ont principalement porté sur la salle de musique, la porte d'entrée, les fenêtres munies de volets roulants et un rafraichissement intérieur. En 2005, une mise en conformité électrique a été réalisée, deux salles de photocopie ont été aménagées et le cloisonnement du sous-sol a été effectué.*
*La phase actuelle comprend la mise en conformité électrique des locaux techniques, l'installation d'un système de climatisation dans quatre salles du deuxième étage où la cha-*

parachèvement. Do geet et ëm eng Zomm vun 100.000 Euro. Do gëtt de Buedem a véier Klassesäll ausgetosch, an ugestrach gëtt do. D'Kiche kritt e Klimagerät, a fir dat ze maachen, mussen Ännerungen un de Kichefënstere gemaach ginn. An da solle mer nach an den Aussenanlagen e bësse schaffen. Dat wär also fir 100.000 Euro.

Deen drëtte Punkt ass de Bâtiment A, Transformatioun vun deem ale Wok-Lokal. Do gëtt haaptsächlech Chauffage an Elektresch doranner geluecht, et gëtt eng Ramp fir PMR gemaach, et mussen Terrassementer, Demolitioune gemaach ginn. Dat war am Kader, deemools, fir dass de L'essentiel sollt kënnen hei zu Déifferdeng bleiwen, hate mer versprach, dass mer déi Transformatiounen do géife maachen. An déi Transformatioune si virgesi fir 250.000 Euro.

Dann hu mer e bësse méi e komplizéierte Bau. Dat ass de Bâtiment A am 1535°, wou mer mussen d'Toiture ersetze respektiv en Désamiantage maachen, d'Etancheitéit vum Daach maachen an och en Assainissement vum Bëton. Dat eleng soll 1,9 Milliounen Euro kaschten.

Fir Iech e bëssen ze erklären, wéi dat sollt vir sech goen: Wichteg ass eis, dass wärend den Aarbechten déi Leit, déi do schaffen, net ze vill gestéiert ginn. Dofir hu mer a véier Zonen déi ganz Aarbechten opgedeelt. An da gi mer vun enger Zon an déi aner. Dat heescht, vu dass mer mussen eng Asbestsanéierung maachen, gëtt do, de schwaarze Beräich, eng Ëmhaisung opgebaut. Dat ass esou eng Aart Zelt, dat gëtt driwwer gestülpt, fir dann Asbest kënnen ze sanéieren. An dann, wann et an engem Secteur fäerdeg ass, gëtt dat Gerüst da weider geréckelt op deen nächsten, bis een dann um Enn ukomm ass. Et gëtt och e Gerüst opgebaut ronderëm dat ganzt Gebai. Wärend der Renovéierungsphas muss dat stoe bleiwen.

Den Daach eleng kascht 1,1 Millioun, fir deen ze sanéieren. Do si PV-Anlagen, déi mussen deelweis demontéiert ginn an erëm op montéiert ginn. Wat och eppes kascht.

Fir den nächste Projet, Hall de gymnastique Josy Stoffel, do si 400.000 Euro virgesinn, och eng Renovatioun vun dem Daach. Do sinn Infiltratiounen um Daach, a mir hunn eis do fir eng Léisung entscheet: Den Daach sollt ongeféier bis zu zéng Joer halen, bis mer dann déi nei Hal fäerdeg hätten. An do musse mer och déi Photovoltaik, déi drop ass, ofmontéieren, den Daach sanéieren an dann erëm opmontéieren.

A mir mussen natierlech, doduerch dass mer elo keen Elektresch méi do kënne liwweren, de Vertrag opléisen, an dofir musse mer eng Strof bezuelen. Dat alles zesumme soll 400.000 Euro kaschten.

Dann hu mer d'École des filles de Differdange. Do si mer elo schonn e bësse méi laang ënnerwee, do sinn Travaux de rénovation et de transformation, do ass elo d'Phas 3. Dir gesitt, dat Ganzt wäert eis eng 6,5 Millioune kaschten. D'Phas 1 an 2, déi si schonn ofgeschloss. Déi Phas 3, déi kascht dann eleng 4,8 Milliounen Euro.

Wat geschitt do? Do geschitt Follgendes: Do ass jo en aalt Gebai an en neit Gebai. En neit Gebai, wat 2005 bäigebaut gouf. An et handelt sech elo ëm d'Renovatioun vun deene Klassesäll aus dem ale Gebai.

An der Phas 2 ass schonn de Museksssall, also d'Fënstere sinn do schonn ersat ginn. Do ass scho geschafft ginn. Do muss nach eng nei Dier drakommen. Mee de Rescht ass do ofgeschloss. Dat heescht en neie Compartimentage ass do gemaach ginn.

Et handelt sech hei ëm – ech kann och elo soen, 2024 hu mer an der Phas 1 haaptsächlech de Musekssall gemaach, d'Aganksdier, d'Fënsteren an déi hunn och Rollluede kritt. An et ass och e bësse Rafraichissement gemaach gi bannen.

2025 ass eng Mise en conformité vum Elektreschen gemaach ginn, zwee Photokopiesraim sinn do gebaut ginn, an d'Compartimentéierung am Keller ass virgeholl ginn.

An elo an där Phas, vun där mer elo schwätzen, d'Finalisatioun, do gëtt d'Mise en conformité électrique mat de Locaux techniques gemaach.

Da kënnt um zweeten Etage a véier Säll eng Aart Klimaanlag, well et do ex-

treem waarm ass. Da kënnt eng PV-Anlag vun 10 Kilowattpeak. 14 Klassesäll gi renovéiert mat neiem Buedembelag. D'Maueren, d'Plaffongen, d'Couloire ginn ugestrach. D'Etancheitéit vun den Terrassen an de Gelännere muss iwwerpréift ginn. Et muss en Désenfumage an den zwee Trapenhaiser installéiert ginn. Um zweeten Etage kënnt eng Protection solaire mat Rouleauen, well do d'Sonnenastraalung extreem ass a well et do extreem waarm gëtt.

Dee ganze Réseau informatique, mat Telefonsprisen a Vidéophonie an esou weider gëtt nei gemaach. Et kommen Aueren op d'Mauer. Den Eclairage gëtt op LED semi-automatique ëmgeschalt. Dat heescht, wann een erageet, geet automatesch d'Luucht un, a wann een erausgeet, geet se erëm aus. An et kann ee se awer och manuell umaachen.

Dann d'Détection incendie muss erneiert ginn. Radiateure si virgesinn a sämtleche Säll. Et ass eng Adaptatioun virgesi fir PMRen. An och souguer esou Sonden, wou ee kann den $CO_2$ an de Klassesäll kontrolléieren, wann do e gewëssene Seuil iwwerschratt gëtt, da muss d'Joffer oder den Här Lehrer d'Fënster opmaachen, fir dass et e bësse besser aeréiert gëtt.

Wéini soll dat stattfannen? Dat soll stattfannen an der grousser Vakanz. Also, et gëtt e sportleche Chantier. Mee eis Leit, den Här Schenkels an den Här Schammo, déi jo och schonn esou Saachen zu Nidderkuer fäerdegbruecht hunn, mengen ech, bréngen och fäerdeg, vu Juli 2026 bis September 2026 all déi Aarbechten ze maachen. Fir dass, wann d'Schoul erëm lassgeet, dat alles soll gemaach sinn.

Dat sinn déi Chantieren, déi elo a mengem Beräich sinn. Wéi gesot, mir kënnen déi elo zesummen ofstëmmen. Oder wann een eppes gären eraus hätt oder eng Fro hätt, da beäntwerte mer dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech hunn eng Fro zum Punkt 4i), Hall de gymnastique Josy Stoffel, Travaux de rénovation de la toiture. Do steet am Devis: Démontage d'anciennes installations photovoltaïques. Mir wollte froen: Ass eng Installation photovoltaïque virgesinn herno?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi kommen erëm drop. Eng nei.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Eng nei. Mee dat steet net hei am Devis. Firwat net. Mir stelle just déi Fro.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi hei geet an d'Ukrain a mir maachen erëm eng nei drop.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Kënnt Der de Mikro umaachen, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir verschenken, déi, déi elo drop ass. Déi geet an d'Ukrain. A mir kréien awer eng nei. Wann d'Renovatioun fäerdeg ass, kréie mer natierlech eng nei do drop.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng Wuertmeldung zu deenen Erklärunge vum Här Ulveling? Da géife mer ofstëmmen. Dat heescht mir stëmmen elo iwwer d'Punkte 4a), 4b), 4c), 4d), 4i) a 4j) of.

*leur est extrême, ainsi qu'une installation photovoltaïque de dix kilowatts-crête.*
*Quatorze salles de classe seront rénovées avec de nouveaux revêtements de sol, des murs et des plafonds rafraichis, et les couloirs seront repeints. L'étanchéité des terrasses et des garde-corps sera vérifiée et un système de désenfumage sera installé dans les deux cages d'escalier.*
*Au deuxième étage, une protection solaire avec des volets roulants est prévue. L'ensemble du réseau informatique, y compris les prises téléphoniques et la vidéophonie, sera refait. Des horloges murales seront installées, l'éclairage sera converti en DEL semi-automatique avec détection de présence, et la détection d'incendie sera renouvelée. Des radiateurs sont prévus dans toutes les salles, une adaptation pour les personnes à mobilité réduite est prévue, et des sondes de CO2 permettront de surveiller la qualité de l'air dans les salles de classe. Les travaux doivent se dérouler durant les grandes vacances, de juillet à septembre 2026, afin que tout soit terminé pour la rentrée scolaire.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *interroge l'échevin au sujet de la salle de gymnastique Josy-Stoffel : le devis mentionne le démontage d'anciennes installations photovoltaïques, et il souhaite savoir si une nouvelle installation est prévue.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que l'ancienne installation sera offerte à l'Ukraine et qu'une nouvelle sera installée une fois la rénovation terminée.*
*(Vote)*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente trois dossiers. Le premier concerne la réfection de trois chemins forestiers déjà évoqués lors de la présentation du budget : un chemin dans le bois de la Heed, derrière le Bache Jang ; deux chemins à Oberkorn, près du pont noir ; et un chemin à Niederkorn menant du château d'eau vers le Fond-de-Gras. Le devis s'élève à 492 500 €, avec un subside de l'ASTA d'environ 30 %.*
*Le deuxième dossier porte sur une piste cyclable reliant le Haneboesch au PC8 via la rue des Ligures et la rue Pierre-Gansen, pour un montant d'un demi-million d'euros, en tirant parti des chantiers déjà en cours sur place.*
*Le troisième dossier concerne une piste cyclable dans le parc des Sports et une autre vers la rue de Bascharage, cette dernière étant prise en charge par le ministère, ce qui limite les couts communaux, bien que certains travaux restent planifiés du côté de la commune.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch (LSAP) remercie les conseillers et passe aux points 4h), 4k), 4l), 4m), 4n) et 4o), dont il confie la présentation à monsieur Jerry Hartung.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation et d'amélioration énergétique de la maison située au 2, rue Saint-Paul à Niederkorn.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour divers travaux de parachèvement au foyer de jour Kornascht.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de transformation de l'ancien local Wok au bâtiment A du 1535° Creative Hub.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour des travaux de rénovation de la toiture du bâtiment A du 1535° Creative Hub.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis des travaux de rénovation de la toiture du hall de gymnastique Josy-Stoffel.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avant-projet détaillé et le devis relatifs à la phase 3 des travaux de rénovation et de transformation de l'école des filles à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zu de Punkte 4e), 4f), 4g). Do géif ech d'Wuert der Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. De Punkt 4e) geet et ëm déi dräi Bëschweeër, vun deene mer schonn an der Presentatioun vum Budget geschwat hunn. Dat ass eng Kéier de Bësch op der Heed, dat ass hanner dem Bache Jang.

Dann eng Kéier zu Uewerkuer, bei der Schwaarzer Bréck. Dat sinn am Fong zwee Weeër, eng Kéier deen, deen no lénks geet an eng Kéier deen, deen no riets geet.

An dann zu Nidderkuer vum Waassertuerm erop Richtung Fond-de-Gras. Heifir hu mer en Devis vu 492.500 Euro. Hei kann een, wéi Der an den Dokumenter erausfannt, vun engem Subsid vun der ASTA ausgoen. Do kann ee mat zimmlech genau 30 % rechnen.

Dat zum Punkt 4e).

Am Punkt 4f) hu mer en Devis fir de Vëloswee, dee vum Hahneboesch iwwer d'Rue des Ligures an d'Pierre Gansen soll goen. Dee soll am Fong un de bekannte Vëloswee PC8 ugeschloss ginn. Hei profitéiere mer deemno och vun deene Chantieren, déi aktuell sur place sinn. Mir rechnen hei mat enger hallwer Millioun.

Punkt 4g), och e Vëloswee. Dat ass awer deen an der Parc des Sports an een aneren d'Rue de Bascharage. Do hu mer e bësse manner virgesinn, well de Vëloswee am Parc des Sports zwar eppes Bauleches soll ginn, dat awer do wäert duergoen. An déi aner Säit, dee Richtung Rue de Bascharage, dee gëtt eigentlech vum Ministère iwwerholl. Soudass do am Fong keng grouss Käschte wäerten ufalen. Mee datt mer awer do déi néideg Aarbechten, och vun eiser Säit, awer trotzdeem ageplangt hunn.

Dat wär et fir déi dräi Punkten. Wann Der do nach froen hutt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Keng Froe méi? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la réfection de chemins ruraux Hannert der Krëschtchen / An den dreckigen Wisen / Op der Kielchen.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la piste cyclable Haneboesch dans les rues des Ligures et Pierre-Gansen.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux pistes cyclables dans la rue de Bascharage et l'avenue du Parc-des-Sports.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zu de Punkte 4h), 4k), 4l), 4m), 4n), 4o), déi den Här Hartung eis géif erklären, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech maachen dann d'Rei voll.

Ech fänke mam Punkt 4h) un. Do geet et, wéi schonn am Budget vill beschwat, ëm den Danzsall, dee mer d'nächst Joer fir September 2026 wëlle prett hunn a soll opgoen. Do mussen am Virfeld nach e puer Aarbechte gemaach ginn. Sou mussen extra Danzbiedem mat speziellem Stoffiwwerzuch erageluecht ginn. Ee Sall fir modern Dänz an een anere fir klassesch Dänz, deementspriechend mat der richteger Déckt. Do gëtt et Ënnerscheeder. Hunn ech elo alles geléiert.

Da brauch et och Ekipement, wéi beispillsweis Danzbarre fir de Ballet, Spigelen an esou weider. An déi zwee Säll, déi sinn am Moment oppen. Awer déi wäerte mer mat enger hëlzener Verkleedung zoumaachen, mat natierlech enger Dier dran, datt een déi zwee Säll parallel notze kann.

Et muss ee soen, de Gank, Vestiär a Sanitär, déi waren u sech tipptopp. Déi goufe virun e puer Joer fir de Boxclub frësch gemaach. Quitte, datt danzen a boxen zwar zwou verschidde Saache sinn, awer punkto Vestiären, Sanitär brauche se datselwecht. An dat ass tipptopp. Soudatt mer nach just eppes fir den Ustrach virgesinn. An da komme mer op insgesamt 80.000 Euro.

Ech mengen, dat ass et wäert, fir datt an Zukunft eis Kleng an eis Grouss hei eng flott Offer punkto danzen hunn.

Da kommen ech zum Punkt 4k). Déi lescht fënnef Punkten, dat ass Logement. Do hu mer en Haus zu Lasauvage um Balcon kaf fir 300.000 Euro. Den Zoustand war deementspriechend. U sech war et esou e Réibau+. Vun dohier huet zimmlech vill misse gemaach ginn.

Et waren e puer technesch Installatioune schonn dran, awer mer hu wierklech misse ganz vill Aarbechten do virhuelen. Mauere vu bannen isoléieren, d'Baussemaueren, d'Plaffongen isoléieren, Rez-de-chaussée, de Buedem gouf och isoléiert. Et muss ee wëssen, d'Haus, dat steet um Buedem, mir hunn natierlech och d'Schapp an d'Plättercher all nei. Kichen, Sanitär, Buedembelag. Den Daach ass och isoléiert ginn.

Mer hunn 155.000 Euro virgesinn am Devis. Soudatt mer dann, mat dem Kafpräis, bei 455.000 Euro sinn. A mer schätzen, datt mer hei awer missen déi 75 % erreechen. Soudatt mer herno hei en Haus hunn, wat eis 125.000 Euro kascht. En Haus mat véier Zëmmeren. Dat zum Punkt 4k).

Da kommen ech zum Punkt 4l). Zu Nidderkuer, Rue des Ligures, do hate mer och en Haus kaaft fir 680.000 Euro. Dat war an engem zimmlech gudden Zoustand. Do hu mer just elo kleng Aarbechte misse maachen. Do gesitt Der, ass just fir 30.000 virgesinn. Dat war haaptsächlech Elektresch, den Ustrach an den Exterieur e bëssen. Esou datt mer hei am Total herno bei 710.000 Euro fir en top Haus mat véier Zëmmere sinn.

A wa mer déi 75 %, déi mer schätzen, datt mer se misste kréien, dat sinn da 530.000 Euro, déi mer vum Staat erëmkréien. Dann hu mer hei en Haus fir 180.000 Euro stoen.

De Punkt 4m), ass an der 85, Rue de l'Hôpital. Dat ass en zimmlech grousst

**JERRY HARTUNG (CSV)** *commence par le point 4h), qui concerne la salle de danse dont l'ouverture est prévue pour septembre 2026, comme cela a déjà été évoqué lors des discussions budgétaires. Plusieurs travaux préparatoires sont nécessaires. Les sols de danse doivent être spécifiques avec un revêtement adapté : une salle est destinée aux danses modernes, l'autre aux danses classiques, chacune requérant une épaisseur différente.*
*L'équipement comprend des barres de ballet, des miroirs et d'autres accessoires. Les deux salles, actuellement ouvertes l'une sur l'autre, seront séparées par un habillage en bois muni d'une porte, afin de permettre une utilisation simultanée. Les couloirs, les vestiaires et les salles de bain, rénovés il y a quelques années pour le club de boxe, sont en bon état et n'exigent qu'un rafraichissement de la peinture. Le cout total s'élève à 80 000 €.*
*Pour le point 4k), Jerry Hartung présente une maison acquise à Lasauvage pour 300 000 €, dans un état proche du gros œuvre. D'importants travaux sont nécessaires : isolation intérieure et extérieure des murs, des plafonds et du sol au rez-de-chaussée, isolation de la toiture, pose de carrelages, installation d'une cuisine, de sanitaires et de revêtements de sol.*
*Le devis s'élève à 155 000 €, portant le total à 455 000 €. Avec une subvention estimée à 75 %, la Commune disposerait d'une maison de quatre chambres pour environ 125 000 €.*
*Le point 4l) concerne une maison achetée à Niederkorn, rue des Ligures, pour 680 000 €. Celle-ci étant en bon état, seuls de petits travaux d'électricité, de peinture et d'extérieur sont prévus pour 30 000 €, soit un total de 710 000 €. Une fois la subvention de 75 % récupérée, la maison de quatre chambres couterait 180 000 €.*
*Au point 4m), Jerry Hartung évoque une grande maison au 85, rue de l'Hôpital, achetée récemment pour 490 000 €, destinée à accueillir six chambres meublées. Le mauvais état du bâtiment explique son prix modique. Le devis de*

*375 000 euros prévoit la démolition des murs, le réaménagement, l'isolation de la façade, initialement prévue en laine de roche, mais qui sera finalement remplacée par un isolant naturel suite aux discussions de la semaine dernière au conseil communal. Il inclut également l'installation des fenêtres et des portes, la cuisine, les salles de bains, le revêtement de sol, l'électricité, la peinture, la ventilation et le chauffage par pompe à chaleur. La classe énergétique C est visée.*
*Le cout total atteindrait 900 000 € et, avec 75 % de subvention, le bâtiment reviendrait à environ 625 000 € pour six résidents.*
*Le point 4n) porte sur un immeuble de la Grand-Rue dont la façade est défraichie. La commune prévoit un nouveau crépi avec filet, ainsi que de petits travaux intérieurs, notamment sur le chauffage, pour un budget de 20 000 €, dans un souci d'esthétique au centre de Differdange.*
*Enfin, le point 4o) concerne le 3, rue du Parc-Gerlache, un bâtiment acheté pour 450 000 € comprenant un commerce au rez-de-chaussée et trois studios aux étages. La structure étant correcte, une rénovation légère de 135 000 € est prévue : ferblanterie, descentes, étanchéité, électricité, sanitaires, pompe à eau, portes coupe-feu, revêtements de sol, kitchenettes, isolation du toit dans la cage d'escalier et peinture.*
*Le total s'élève à 585 000 €. La subvention de 75 % ne s'applique qu'aux trois studios, chacun d'entre eux revenant à environ 100 000 €.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *demande si les devis détaillés seront présentés au conseil communal.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que les devis soumis au vote servent à lancer les travaux et que le décompte final sera communiqué à l'issue des projets.*

Haus. Dat hate mer jo elo rezent kaf fir 490.000 Euro, mat der Iddi, fir hei sechs Chambres meublées a guddem Kader ze schafen. D'Haus war esou bëlleg, well et an engem ganz schlechten Zoustand war. Dat war eis deemools jo bewosst, hat ech och deemools esou hei kommunizéiert beim Kaf, datt mer hei 375.000 Euro am Devis stoen hunn.

Awer do muss een da wëssen, datt do elo wierklech alles dran ass, och herno d'Miwwelen. Also natierlech déi grouss Aarbechten, dat ass d'Demolitioun vu Maueren; et muss nei agezu ginn; d'Fassad muss isoléiert ginn. Am Devis, deen ass jo scho virun zwou Wochen erstallt ginn, hate mer Laine de roche virgesinn. No den Diskussiounen d'lescht Woch hei am Gemengerot, wäerte mer do awer switchen op en natierlechen Isolant. Fir dann deem gerecht ze ginn, wat hei gefrot gouf.

Fënsteren, Dieren, Kichen, Sanitär, Biedem, Elektresch, Ustrach, Beléftung, Heizung, mat Wäermepompel, den Exterieur. Do misste mer, vu datt mer hei esou grouss Aarbechte maachen, op eng Energieklass C kommen – ass emol viséiert.

Sou datt mer herno dann hei fir 900.000 Euro e Gebai mat sechs Chambres meublées hunn. Wou mer dann och déi 75 % misste kréien, wat realistesch ass. Dann hätte mer hei dat Haus fir sechs Persoune fir 625.000 Euro, wou mer da kënne Leit ophuelen.

Dann de Punkt 4n), dat ass méi eppes Klenges. Dat ass an der Groussstrooss. Do si mer Besëtzer vun engem Haus, wat elo net méi esou schéin ausgesinn huet. Do hu mer eis decidéiert, dann och d'Fassad frësch ze maachen, en neie Crépi mat Netz. Ech mengen, den ästheeteschen Aspekt am Zentrum vun Déifferdeng ass och wichteg. Mir profitéieren natierlech och, fir banne kleng Fléckaarbechten ze maachen, wéi d'Heizung. Do hu mer e Budget vun 20.000 Euro am Devis stoen.

An da komme mer zum Punkt 4o), dat ass 3, Parc Gerlache. Do ass um Rez-de-chaussée Commerce an driwwer dräi Studioen. Deen hate mer jo fir 450.000 Euro kaaft. D'Struktur war jo zimmlech korrekt, soudatt mer hei just eng liicht Renovatioun musse maachen, wou mer insgesamt op 135.000 Euro herno erauskommen.

Hei maache mer Ferblanterie, Kullang, d'Descenten, den Dauweschutz. Eng Ofdichtung am Bannenhaff ass virgesinn. D'Elektresch musse mer deels frësch maachen, Sanitär, Dusch, Toiletten, Heizung. Waasserpompel, fir op Nummer sécher ze goe punkto Keller, datt do kee Waasser Schued uriicht.

Natierlech mussen och Feierschutzdieren, Biedembeleeg a Kitchenette agezu ginn. Den Daach am Trapenhaus isoléiere mer. Ustrach ass virgesinn. E Gesamtmontant herno vu 585.000 Euro. Hei muss een elo wëssen, vu datt um Rez-de-chaussée Commerce ass, kréie mer just Subside vu 75 % op déi dräi Studioen uewen driwwer.

Mee och do misste mer u sech jeeweils e Studio fir 100.000 Euro normalerweis herno hunn.

Gëtt et Froen dozou?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Presentatioun, Här Hartung. Just eng Fro. Fir verschidden Aarbechte kréie mir déi richteg Devisen oder gëtt dat nach eng Kéier am Gemengerot presentéiert, déi verschidden, oder net?

**MÉI STËMMEN:**

Nee.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir kritt herno natierlech eng Ofrechnung, wann de Projet ofgeschloss ass. Do ginn natierlech herno Dekonten ugefrot, mee hei ass jo u sech den Devis fir ze stëmmen, fir unzekommen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir kréien en Dekont, wat et wierklech kascht

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Mir kréien awer den Dekont. Mir kënnen awer kucken …

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo, natierlech kritt Der en Dekont herno.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Verschidde Saache sinn elo hei ugeduecht, déi fir eis Gréng positiv sinn, zum Beispill d'Isolatioun vun der Fassad an esou. Mee an all deenen Devisen, do steet eigentlech ni dran, wéi ee Material geholl gëtt.

Et steet natierlech dran Isolation façade oder Sol en bois, mee genau preziséiert steet net dran. Dat heescht, dat kréie mer da just hei elo mëndlech matgedeelt. Dat zielt, wéi gesot, fir all d'Devisen. An déi Differenze si jo net nëmmen am Präis, mee och deels am Material. Heiansdo kann ee fir 10.000 Euro anstännegt Material kafen, mee awer och heiansdo eppes, wat net eise Krittären entspriécht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Heiansdo – dat ass dee richtegen Ausdrock. Mee ganz oft ass et esou: Wa mer wierklech an den ekologesche Beräich eraginn, mat enger Isolatioun, déi méi recyclabel ass an esou virun, dat ass ëmmer ee Präis, dee vill, vill méi deier ass wéi wa mer bei Styropor oder Styrodur géife bleiwen.

Soudass déi Devisen dat do awer berécksiichtegen, déi Virgaben, déi den Här Hartung gesot huet. Dass mer géifen sou wäit wéi méiglech an den ekologesche Beräich goen, Material, Isolanten zum Beispill, wat d'Fassade betrëfft, dass mer do net méi bei Styrodur an och net méi bei der Glaswoll sinn, mee dass mer do kucken, dat si jo Kokosfaseren, oder wat gëtt do geholl, dass dat berécksiichtegt gëtt.

Mee oft ass et esou, dass de Präis deementspriechend ass, wéi en hei am Devis virgesinn ass, an dass, wéi den Här Hartung seet, dass mir dorop oppassen, fir dass dat deementspriechend am Präis berécksiichtegt ass.

Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, merci, Här Hartung, fir dës Erklärungen. Ech begréissen et natierlech ausdrécklech, dass hei elo punkto Isolatioun gelauschtert ginn ass. Dat freet een natierlech als Oppositiounspolitiker, dass een Ureegunge ka maachen, déi och zréckbehale ginn.

E gëtt et elo hei eng ronn 10.000 Euro méi deier. Mee wann een dat op en Haus op 20 Joer rechent, schwätze mer vu 500 Euro d'Joer. Also ech mengen, da lount et sech. An dann hunn ech emol nach net gerechent, wat de Staat eis méi u Subside gëtt, well do gëtt et verschidde Bonussen, jee nodeem, wéi een ekologescht Material et ass.

Soudass ech denken, dass an der Zomm an och mat eisen Engagementer an Net-ZeroCities, mer hei eng ganz responsabel Decisioun dann huelen an deen Investment sech an eis Zukunft lount.

En effet, d'Madamm Schütz huet et gesot, gesäit een un den Devisen elo net den Detail, wéi ee Material benotzt gëtt. Mee ech ginn Iech dann do de Vertrauensvirschoss, dass Der Holzfaser, Kokosfaser, Cellulose, einfach organesch Matière benotzt, fir dat ze maachen.

Et ass do wichteg, dass dat richteg verschafft gëtt, soudass herno keng Algen oder Schimmel-Tracen op de Fassaden entstinn. Wat oft bei Crépi-Isolatioun de Fall ass. Mee do hoffen ech, dass déi Corps-de-métiere sech där Problematik bewosst sinn.

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que les conseillers recevront le décompte indiquant le cout réel.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *prend acte qu'il pourra consulter ces décomptes.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme qu'un décompte sera transmis ultérieurement aux conseillers.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *prend la parole et reconnait que plusieurs éléments évoqués dans les devis sont positifs du point de vue des Verts, notamment l'isolation de la façade et d'autres mesures similaires.*
*Toutefois, elle souligne qu'aucun des devis ne précise le type de matériau retenu. On y lit certes des mentions telles que « isolation façade » ou « salle en bois », mais sans détails concrets. Ces informations ne sont communiquées qu'oralement en séance. Cette remarque s'applique à l'ensemble des devis.*
*Or, les différences ne portent pas uniquement sur le prix, mais aussi sur la qualité des matériaux. Il arrive qu'on puisse acquérir un matériau convenable pour 10 000 €, mais il arrive aussi que le matériau choisi ne satisfasse pas aux critères exigés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que l'observation est parfois justifiée, mais que, dans la grande majorité des cas, le recours à des matériaux écologiques — par exemple, une isolation plus facilement recyclable — entraine un cout nettement supérieur à celui du polystyrène expansé ou extrudé. Il assure que les devis tiennent compte des orientations formulées par monsieur Hartung, à savoir privilégier autant que possible des matériaux écologiques pour l'isolation des façades, en se tournant vers des fibres de coco ou d'autres isolants naturels plutôt que vers le polystyrène ou la laine de verre. Le prix inscrit dans les devis reflète ce choix, et le collège échevinal veille à ce qu'il soit correctement pris en compte.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie le bourgmestre et monsieur Hartung pour leurs explications. Il*

*salue expressément le fait que les remarques concernant l'isolation aient été entendues et se réjouit, en tant que membre de l'opposition, de voir ses suggestions retenues.*
*Le surcout s'élève à environ 10 000 €, mais rapporté à un logement sur 20 ans, cela représente 500 € par an, ce qui en fait un investissement rentable, d'autant plus que l'État accorde des subventions et des bonus supplémentaires en fonction du caractère écologique des matériaux. Compte tenu des engagements de la Commune dans le cadre de NetZeroCities, il estime que cette décision est responsable et tournée vers l'avenir.*
*Il concède que les devis ne détaillent pas les matériaux utilisés, mais accorde un crédit de confiance au collège échevinal, en espérant que celui-ci recourt à la fibre de bois, à la fibre de coco, à la cellulose ou à d'autres matières organiques.*
*Il insiste sur l'importance d'une mise en œuvre soignée afin d'éviter l'apparition d'algues ou de moisissures sur les façades, un problème fréquent avec l'isolation sous crépi et encore plus marqué avec le polystyrène extrudé, qui se fissure rapidement et laisse des traces verdâtres sur les constructions neuves.*
*Il exprime enfin l'espoir que cette orientation écologique soit étendue à d'autres projets, y compris ceux qui n'ont pas encore été votés, tels que ceux de l'avenue de la Liberté ou de l'ancien Monopol.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Diderich, et assure que le collège échevinal intègre volontiers ces réflexions dans les projets en cours et à venir, en précisant que le collège partage pleinement cette vision.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au point 5, Déifferdeng: eng Stad hëlleft.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie l'ensemble des partis pour l'élaboration conjointe de la liste concernée, validée telle quelle par le collège échevinal, et propose de la soumettre au vote.*
*(Vote)*

Déi ass iwwregens vill méi staark bei de Styrodur-Isolatiounen, wou einfach ganz schnell esou kleng Rëss och geschéien. Dofir gesäit ee ganz vill vun deenen Neibauten, déi dann esou gréngelzeg ginn. An dat wäert hoffentlech awer da berécksiichtegt ginn.

An ech hoffen, dass mer da bei méi Projeten an och vläicht elo nach bei Projeten, déi nach net hei gestëmmt sinn, wéi bei der Avenue de la Liberté, beim Ale Monopol, och nach kënne mat klenge Supplementen – oder am beschte souguer ouni Supplementen – an déi do Richtung goen. Dat wär ze begréissen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Mir huelen déi Gedanken an déi Iwwerleeunge selbstverständlech mat an déi Projeten, déi virun der Dier stinn oder déi, déi mer elo amgaange sinn, de Cahier de charges ze préiwen an esou virun. Mir huelen déi Iwwerleeunge gäre mat. A mer sinn do als Schäfferot ganz ganz bei Iech, bei Ären Iwwerleeungen.

Gëtt et dozou nach eng Wuertmeldung? Da kënne mer zur Ofstëmmung kommen iwwer d'Punkte 4h), 4k), 4l), 4m), 4n), 4o).

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la piste cyclable Haneboesch dans les rues des Ligures et Pierre-Gansen.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise au 37, Balcon, à Lasauvage.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise au 38, rue des Ligures, à Niederkorn.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise au 85, rue de l'Hôpital, à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation d'une maison unifamiliale sise au 52, Grand-rue à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour les travaux de rénovation d'une résidence sise au 3, rue du Parc-Gerlache, à Differdange.*

Merci. De Punkt 5 ass Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Da géif ech nach eng Kéier d'Wuert dem Här Hartung ginn, fir eis d'Detailer ze ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Do e grousse Merci un all d'Parteien heibannen, de Listing gouf zesummen erstallt, wou all Partei present war. Den Detail hutt Der am Dossier leien. De Schäfferot huet dat 1:1 validéiert. Dofir géife mer proposéieren, dat dann och esou ze stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et Froen zum Punkt 5? Nee. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les montants versés dans le cadre de Déifferdeng, eng Stad hëlleft.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6, dat betrëfft eis Museksschoul,

déi zweet Validatioun vun der Organisatioun. Ech géif d'Wuert dem Här Hartung ginn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei hu mer elo déi definitiv Schoulorganisatioun fir eis Museksschoul virleien. Aktuell ziele mer genee 1.002 Schüler. Eng flott Zuel. Dovun hu 630 sech fir déi sougenannte Cours individuels ageschriwwen a 785 profitéiere vun eise Cours collectifs. Fir d'Kollektivcourse komme mer op 81 Stonnen an der Woch, an d'individuell Course schloen esouguer mat ronn 344 Stonnen zu Buch. Ech mengen, dat si schonn impressionnant Zuelen.

Des Weidere bidde mer an eise Crèchen eng musikalesch Grondausbildung un. 89 kleng Kanner hunn dëst Joer vill Freed dorunner.

All dës Course ginn ofgehale vun 31 Enseignanten. Vun hinne sinn der aktuell véier am Congé de maternité oder parental, mee déi ginn natierlech esou ersat, datt kee Cours soll ausfalen. Hei e richtege grousse Merci un all eis Enseignanten, un d'Direktioun an un d'Sekretariat fir déi exzellent Aarbecht mat de Kanner an och fir déi impeccabel Organisatioun hannendrun.

Dat ass jo och extreem wichteg, net just, datt et fir d'Schüler, d'Elteren, d'Enseignanten alles tipptopp ofleeft, mee och, datt mer d'Participatioun, déi mer zegutt hu vum Staat, optimal ausschëpfen a maximal rembourséiert ginn.

Do gesäit een d'Resultater: 2024 hu mer schonn 1,75 Millioune kritt. Dëst Joer si mer bei knapps iwwer zwou Milliounen Euro. D'nächst Joer rechne mer souguer mat enger weiderer Hausse vun 10 %.

Wéi am Budget ugekënnegt, kucke mer scho weider op d'nächst Rentrée mat der Danzschoul. Dat heescht, déi Zuele ginn nach weider erop.

Ech bieden Iech, déi definitiv Museksschoul-Organisatioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir déi Erklärungen. Keng Fro méi? Ech wollt Iech matdeelen, dass d'Madamm Huberty Caroline dem Här Michel Scheuren eng Procuratioun ausgestallt huet, an datt d'Madamm Morgan Engel dem Här Erny Muller eng Prokuratioun ausgestallt huet fir déi nächst Punkten, wa mer elo virufueren, mam Ofstëmmen. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive pour l'année 2025-2026 de l'école de musique de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7. Et wier nach eng Kéier um Här Hartung, d'Personal vun der Gemeng, eng Adaptatioun vum Organigramm a Relatioun mat de Besoine vum Service Logement. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Eise Logement wiisst, an domadder wiisst natierlech och d'Aarbecht fir de Service. A si verwalte jo net nëmmen déi stänneg klammend Zuele vun de Logementer vun der Gemeng, wou Aarbechten an och gréisser Renovatiounen ufalen, d'Locatairen e Suivi social garantéiert hunn, an all administrativ Demarche mam Locataire an dem Staat passend zum Gesetz muss berechent, erschafft a matgedeelt ginn. All Joer gëtt jo dann alles ugepasst un d'Situatioun vun de Leit, alles nei gerechent.

Mee si sinn och eng Ulafstell, wat déi ganz Locatiounen um private Marché ugeet, och d'Chambres meublées. Si si a Kontakt bei Probleemer mat de Bierger, fir si iwwer hir Rechter opzeklären, respektiv datt mer och Kontrolle maachen an déi néideg Suitten aleeden.

Deementspriechend brauch de Service méi Personal. Dofir hate mer jo scho fir 2026 e weideren administrative Poste virgesinn. Am Juli hate mer dee jo hei

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 6, relatif à la deuxième validation de l'organisation de l'école de musique.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente l'organisation définitive. Il y a exactement 1002 élèves inscrits à l'école, dont 630 en cours individuels et 785 en cours collectifs. Les cours collectifs représentent 91 heures hebdomadaires et les cours individuels environ 344 heures.*
*L'école propose également une éducation musicale de base dans les crèches, dont profitent 89 jeunes enfants. L'ensemble de ces cours est assuré par 31 enseignants, dont 4 sont actuellement en congé de maternité ou parental, mais dument remplacés.*
*L'échevin adresse ses vifs remerciements aux enseignants, à la direction et au secrétariat pour leur excellent travail et leur organisation impeccable.*
*Jerry Hartung souligne qu'il est extrêmement important que tout se déroule parfaitement pour les élèves, les parents et les enseignants, mais aussi que la commune tire pleinement parti de la participation financière de l'État et obtienne un remboursement maximal.*
*Les résultats sont visibles : en 2024, la commune a déjà perçu 1,75 million d'euros et, pour l'année en cours, ce montant dépasse 2 millions d'euros. Pour l'année prochaine, une hausse supplémentaire de 10 % est attendue.*
*Comme annoncé dans le budget, la Commune se projette déjà vers la prochaine rentrée avec l'école de danse, ce qui fera encore augmenter les chiffres. Il invite le conseil à voter pour l'organisation définitive de l'école de musique.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Hartung pour ces explications.*
*Il informe le conseil que madame Huberty a établi une procuration en faveur de monsieur Scheuren et que madame Engel a établi une procuration en faveur de monsieur Muller pour les points suivants soumis au vote.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch introduit le point 7 relatif au personnel communal et à l'organigramme en lien avec les besoins du service logement.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que le parc de logements communaux ne cesse de croitre, ce qui entraine naturellement un surcroit de travail pour le service. Celui-ci gère un nombre croissant de logements communaux nécessitant des travaux et des rénovations, assure le suivi social des locataires et effectue toutes les démarches administratives conformément à la loi. Chaque année, les dossiers sont réajustés en fonction de la situation des personnes. Le service constitue également un point de contact pour les locations sur le marché privé, y compris les chambres meublées, et intervient auprès des citoyens pour les informer de leurs droits et effectuer des contrôles.*
*Un poste administratif supplémentaire avait déjà été prévu et voté en juillet pour 2026, et un poste de travailleur social était envisagé pour 2027. Or, l'une des deux travailleuses sociales attend un enfant l'année prochaine. Plutôt que de la remplacer par un contrat à durée déterminée, la commune souhaite créer directement un poste en contrat à durée indéterminée, ce qui permet d'attirer des profils plus intéressants et d'éviter une double procédure de recrutement, sans incidence budgétaire notable.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 8a) relatif aux actes et conventions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente le projet portant sur deux appartements adaptés aux personnes à mobilité réduite dans la résidence Gravity. Le partenaire initial s'étant retiré faute de financement, la Commune a lancé un appel auprès de la FEDAS et de ses quelque 200 membres. Six associations ont répondu et toutes ont été reçues.*
*Le choix s'est porté sur la fondation Jugend- an Drogenhëllef, déjà très active dans le sud du pays. Le projet Mini-Vito-Home vise des personnes de plus de 45 ans, anciennement dépendantes de*

gestëmmt. An u sech war geplangt, da fir 2027 e weidere Sozialaarbechter anzestellen.

Elo ass et awer esou, datt mer een neie Moment hunn, u sech eng erfreelech Situatioun, well eng vun eisen zwou Sozialaarbechterinnen d'nächst Joer Mamm gëtt. Also misse mer si normalerweis mat engem CDD ersetzen. Mee vu datt, wéi uganks erkläert, hannendru jo souwisou ugeduecht war, een neie Posten do auszeschreiwen, 2027, wëlle mer en direkt als CDI ausschreiwen.

Da melle sech méi interessant Profiller an et brauch ee virun allem net zweemol d'Leit anzeschaffen. Budgetsméisseg fält dat net an d'Gewiicht, well den CDD jo dann net ufält.

Ech bieden Iech, dës Création de poste nach fir 2026 virzegesinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir déi Erklärungen. Froen oder Wuertmeldungen dozou? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'assistant social C6, statut salarié (CCT-SAS), pour les besoins du service logement.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 8 vum Ordre du jour, dat sinn d'Akten an d'Konventiounen. Do géif ech d'Wuert nach eng Kéier ginn un den Här Hartung, fir eis de Punkt 8a) ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei geet et ëm zwee Appartementer am Gravity, déi ursprénglech fir e Projet PMR-konform realiséiert goufen. Den initiale Partner huet sech awer zréckgezunn, well en d'Finanzement net geséchert krut. Aus deem Grond hu mer en neie Partner aus dem soziale Beräich gesicht.

Well an dësen Appartementer elo scho komplett PMR-Ausstattunge virleien an dës Ausrüstung jo och kascht an nëmmen an engem spezifesche Kader wierklech Sënn mécht, war et fir eis e wichtege Krittär, datt dës Infrastruktur geziilt agesat gëtt.

Et ass allgemeng bekannt, datt et um Marché e massive Manktem u PMR-Wunnenge gëtt. Vun dohier wier et onverantwortlech, funktionell an adaptéiert Logementer net ze notzen, wann se do sinn.

Onse Service logement huet dat bei der FEDAS, Fédération des acteurs du secteur social au Luxembourg, also bei hiren iwwer 200 Memberen, breet ausgeschriwwen. Dorop hate sech sechs Associatioune gemellt gehat. Mer hunn déi alleguer gesinn an ech muss soen, dat huet d'Entscheedung net méi einfach gemaach. Well se sech all mat vill Engagement fir hir Populatioun asetzen, déi oft a ganz prekäre Situatioune liewen a gären ze séier vergiess ginn. An dofir wëlle mer och alle Partner Merci soen.

Ons Entscheedung ass op eng Zesummenaarbecht mat der Jugend- an Drogenhëllef gefall. Hir Clientèle, déi si hei viséieren, si grad Leit mat Mobilitéitsaschränkungen. D'Associatioun ass, ënner anerem, am Süde scho ganz aktiv. Si hunn och e puer Wunnengen an eiser Gemeng. A virun allem gesäit hire Projet e ganz enke Suivi mat hire Clientë vir, dorënner eng Permanence 24/7.

Konkreet geet et ëm Leit iwwer 45 Joer, déi laang mat enger Drogenofhängegkeet gekämpft hunn, mëttlerweil net méi konsuméieren an déi, duerch hir Liewensgeschicht, dacks net méi an déi klassesch Strukture vum Wunn- a Betreiungssystem erapassen.

Si droen net nëmme kierperlech Follgeschied, natierlech vum laangen Drogekonsum, mee och psychesch Verletzungen. De Projet Mini-ViTo-Home, deen esou hei entsteet a bis zu maximal zweemol dräi Leit kann ophuelen, probéiert, genau hei unzesetzen.

Et geet ëm d'Schafe vun engem Liewensraum, dee Sécherheet, Respekt an eng nei Perspektiv bitt. Et geet drëm, dëse Mënschen ze weisen, datt och si eng Plaz hunn, wou si ukomme kënnen,

ouni Virverurteelung, ouni Exklusioun, mee natierlech mat dem néidegen Encadrement, dat et hinnen erméiglecht, erëm Stabilitéit an hirem Alldag ze fannen.

D'Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef steet de Bewunner mat engem multidisziplinären Team mat Fachwëssen, awer och mat Empathie zur Säit. Eng gutt ekipéiert Wunneng eleng geet jo net duer. Mee an engem Ëmfeld, wou déi betraffe Persoune sech gesinn, verstanen a begleet fillen, ka wunnen nees zu engem Liewensprojet ginn.

Et ass dat, wat mer mam Projet Mini-ViTo-Home hei wëllen erreechen: een Doheem, dat nei Chancen opmécht. E Raum, wou d'Würd vum Mënsch am Mëttelpunkt steet. An och virun allem eng kloer Obligatioun, datt keen, egal wéi schwéier säi Parcours war, soll aus eiser Gesellschaft ausgeschloss ginn.

D'Associatioun huet schonn den néidegen Agrement vum Bailleur social. Dëst war elo keen Haaptkrittär, mee ass awer en Avantage, fir séier unzekommen.

Mir si jo de Promoteur social a wäerten dann op dëse Projet bezunn dës zwee Appartementer konventionéiere loossen.

D'Logementskommissioun huet schonn e positiven Avis formuléiert. Ech bieden Iech, dëse Contrat de bail mat der Jugend- an Drogenhëllef matzestëmmen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Hartung. Froen dozou? Jo, den Här Diderich.

#### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hu keng Fro dozou. Mee ech wollt awer eppes dozou soen. Ech begréissen, dass mer elo endlech déi Wunnengen do och am Gravity verlounen. An ech fannen dat e ganz gudden Acteur, dee mer do erausgesicht hunn. Mat engem Public, dee wierklech och vun der Dispositioun vun deene Logementer ka Gebrauch maachen, wou dat sech lount, dass se esou ageriicht sinn. A wou et och wichteg ass, einfach an eiser Gesellschaft, Wunnraum ze schafen, well awer leider nach do vill Virurteeler bestinn.

Wat ech just bedaueren, an deem heite Fall, ass d'Durée, wéi laang déi Wunnengen elo awer eidel stoungen, an dass mer net einfach op de Wee gaange sinn, fir un en Acteur vun der Gestion locative sociale déi Wunnengen ze verlounen, bis mer dann den idealen definitive Projet fonnt hunn. Dat ass bedauerlech.

Normalerweis si mer méi schnell an esou Saachen. An dësem Fall war et iergendwéi méi kompliziéiert. Zum Deel och, well Verschiddener drun interesséiert waren, dann erëm ofgespronge sinn – ech kenne jo e bëssen de Parcours. Mee do hätt een, mengen ech, awer méi schnell reagéiere kënnen, ganz am Ufank.

Et ass jo och grad de Virdeel vun der Gestion locative sociale, dass een eng temporär Notzung ka virgesinn. An normalerweis hunn déi Gestionnairë vun der Gestion locative sociale eeben och d'Méiglechkeet, d'Leit ze relogéieren, no zwee Joer – ech mengen, mir schwätzen hei vu mindestens zwee Joer, wou dat dote fräi war –, fir déi Locatairen dann erëm enzwousch anescht ze logéieren.

Et ass elo esou, wéi et ass. Ech hoffen, dass mer dat an Zukunft anescht maachen. An ech si frou, dass mer haut driwwer ofstëmmen, dass déi Wunnengen endlech an d'Locatioun ginn. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Hartung nach eng Kéier.

#### SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Natierlech versiche mer, alles esou séier wéi méiglech ëmmer bewunnbar ze maachen. Hei muss een awer wëssen: Éischtens, et war eeben een aneren um Projet drop. Wou mer vill Diskussiounen haten, wou och deelweis nach ëmmer Zousécherunge komm sinn. An op eemol war et dann awer Nee.

*drogues, qui ne consomment plus, mais portent les séquelles physiques et psychiques de leur parcours. Ces personnes ne correspondent plus aux structures d'hébergement classiques.*
*Le projet, pouvant accueillir jusqu'à six résidents, offre un espace de vie sécurisé, respectueux et accompagné par une équipe pluridisciplinaire avec une permanence 24 heures sur 24. L'objectif est de redonner stabilité et dignité à ces personnes, sans préjugés ni exclusion. L'association dispose déjà de l'agrément de bailleur social.*
*La Commission du logement a émis un avis favorable. Monsieur Hartung invite le conseil à approuver ce contrat de bail.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue la mise en location de ces logements de Gravity. Il estime que l'acteur choisi est tout à fait pertinent et que le public visé peut réellement bénéficier de l'aménagement adapté de ces appartements. Il souligne l'importance de créer de l'espace de vie pour ces personnes dans une société où, malheureusement, de nombreux préjugés persistent.*
*Gary Diderich déplore la durée pendant laquelle les logements en question sont restés vides. Il regrette que la Commune ne se soit pas tournée plus rapidement vers un acteur de la gestion locative sociale pour louer temporairement ces logements, en attendant de trouver le projet définitif idéal. Il reconnait que la situation a été plus compliquée que d'habitude, notamment parce que certains acteurs intéressés se sont finalement désistés. Il estime néanmoins qu'une réaction plus rapide aurait été possible dès le départ.*
*Il rappelle que l'avantage de la gestion locative sociale réside précisément dans la possibilité de prévoir une occupation temporaire, les gestionnaires disposant des moyens de reloger les locataires ailleurs au terme d'une période d'environ deux ans. Il se réjouit toutefois que le conseil vote enfin la mise en location de ces logements.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que la Commune s'efforce toujours de rendre les logements habitables le*

*plus rapidement possible. Il explique qu'un autre porteur de projet était initialement engagé, que de nombreuses discussions ont eu lieu et que des assurances avaient même été données, avant que ce partenaire ne se rétracte finalement.*
*Il ajoute que des travaux intérieurs restaient à effectuer. Dans le bâtiment Gravity, plusieurs défauts moins visibles nécessitaient des corrections, et les appartements situés aux étages supérieurs présentaient des problèmes d'humidité. Les derniers travaux ont été achevés en décembre, et certaines factures ne sont pas encore réglées. Il espère que les premiers résidents pourront emménager à partir du 1er janvier.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 8b), relatif à un contrat de mise à disposition de deux maisons situées aux numéros 77 et 79 de l'avenue Charlotte.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que ces maisons ont récemment été acquises par la Commune et que deux ménages y résident encore. La Commune ne compte pas les mettre à la rue, mais prévoit de les reloger. Selon les informations dont il dispose, ces ménages satisfont aux conditions de logement abordable. En attendant leur relogement, un contrat entre le propriétaire et les locataires est nécessaire, d'où les deux contrats de mise à disposition soumis au vote.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente ensuite les points 8c) à 8f). Le point 8c) concerne la location de 19 m2 au Markenhaus, avenue de la Liberté, à une entreprise qui y installe des machines à coudre pour transformer de vieux vêtements et les remettre en vente.*
*Le point 8d) porte sur un contrat de bail au 1535° pour une nouvelle entreprise. Le point 8e) concerne un contrat agricole portant sur deux terrains communaux situés à Niederkorn, aux lieudits Kannerbongert et Tinnesgrënnchen. La commune y installe une centrale photovoltaïque et les deux exploitants agricoles concernés s'en-*

Et ass awer och esou, hei waren nach Aarbechte bannenan virzehuelen. Ech mengen, am Gravity, wat ee vläicht net ëmmer direkt gesäit, mee och do sinn nach vill Klengegkeeten, déi mussen nogebessert ginn. Grad déi hei, déi sinn zimmlech uewen, déi Appartementer, an do waren elo nach e puer Probleemer mat Fiichtegkeet. Et war elo nach am Dezember, wou elo nach déi lescht Aarbechte gemaach gi sinn.

Mir mussen och soen, datt mer do nach net déi ganz Rechnunge bezuelt hunn, well eeben do nach net alles prett ass. Mee u sech soll dat elo am Dezember ofgeschloss ginn. A fir den 1. Januar, hoffe mer u sech, datt déi éischt Awunner do kënnen eranzéien. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail établi conformément aux dispositions relatives au logement abordable pour deux logements locatifs au sein du complexe Gravity et visant la mise en œuvre du projet Mini-ViTo-Home initié par la Fondation Jugend- an Drogenhëllef.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 8b), Contrat de mise à disposition vun zwee Haiser, 77 an 79, avenue Charlotte. Här Hartung, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei maache mer zwee Kontrakter vu Mises à disposition. Déi Haiser, déi den Här Buergermeeschter grad opgezielt huet, déi hu mer jo kaf rezent, an do wunnen aktuell nach zwee Menagen dran. Déi setze mer natierlech net op d'Strooss. Mee geplangt ass, si ze relogéieren. Eisen Informatiounen no erfëlle si och d'Konditioune vum abordabele Wunnen.

Entretemps, vu datt si am Moment awer nach do wunnen, brauch et jo dann och e Kontrakt tëscht dem Proprietär an dem Locataire. An duerfir dës zwee Kontrakter vu Mises à disposition. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen? Nee. Mir kënnen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition de la maison sise au 77 , avenue Charlotte, avec monsieur Christian Marco Antoine Francioni.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition de la maison sise au 79 , avenue Charlotte, avec les consorts madame Maria De Lurdes Dos Santos Miranda et monsieur António José Domingues Sabrano.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 8 si verschidde Contrat-de-bailen. Ech géif d'Punkten 8c), 8d), 8e), 8f) beieneen erklären. De Punkt 8c) ass e Contrat de bail am Markenhaus, 7, avenue de la Liberté, wou mer 19 Meterkaree enger Firma verlounen, déi zwou Bitzmaschinnen dohinner stellt, aalt Gezei ëmtransforméiert an dat nei an d'Vente bréngt. Wat eng ganz gutt Saach ass.

De Punkt 8d) ass e Contrat de bail am 1535°, eng nei Firma, déi sech do etabléiert. D'Detailer hutt Der an der Diffcloud.

An da géif ech zum Punkt 8e) kommen. Den Här Tempels misst ee Moment virun d'Dier goen. En ass schonn ënnerwee. Merci, Här Tempels. De Punkt 8e) ass e Contrat agricole vun zwee Terrainen, déi zu Nidderkuer leien, um Lieudit „Am Kannerbongert" an „Um Tinnesgruendchen". Dat ass eng Situatioun, wou der Gemeng déi Terraine gehéieren, a mer riichten eng Photovol-

taikanlag do op. An déi zwee concernéiert Agrarbetriber halen eis déi propper. Déi méien eis dat an halen dat an der Rei, dat tëschent der Photovoltaikanlag, dass dat ëmmer bestoe bleift an operationell bleift.

An de Punkt 8f), dat ass e Contrat de bail mat enger Fra, déi am Äppelbësch wunnt, an dat wier fir eng Mise à disposition vun engem Terrain vun 30 Meterkaree, dee si géif als Gaart exploitéieren an deen doduercher och méi propper wier wéi den Ist-Zoustand vun haut ass.

Wann Der Wuertmeldungen hutt respektiv Froen, da wier ech bereet, Iech déi ze beäntwerten. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Zum Punkt 8e), wou et ëm déi Terraine geet am Kannerbongert, hätt eis Fraktioun d'Fro: Goufen do alleguer d'Bauere kontaktéiert, déi an der Gemeng schaffen? A wann net: Firwat?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Si hate schonn e Kontrakt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Deen Terrain, deen elo besat gëtt, duerch déi Photovoltaikanlag, dat ass deen Terrain, dee schonn ënner Kontrakt war vun deenen agronomesche Bedreiwer. An elo maache mir eng Photovoltaikanlag drop.

Virdrun hu se eng gewësse Locatioun bezuelt fir den Terrain ouni Photovoltaik. A mir ginn hinnen e lo zu engem symboleschen Euro, well se awer den Terrain an der Rei halen, mat der Photovoltaikanlag drop. Duerfir hu mer net un déi aner geduecht, well déi heiten awer Bailleur si vum Terrain an deen esou elo, mat engem anere Präis, zu där neier Destinatioun awer matiwwerhuelen.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dat heescht, et sinn déi selwecht Baueren?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Genau.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Alles an der Rei.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng Wuertmeldung? D'Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech wollt just froen: Den Här Tempels ass jo virun d'Dier. Kënne mer net just dee Punkt, wou dat betrëfft, eenzel huelen? Da kann en awer déi aner Punkte matofstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, dat ass ganz richteg. Ech hunn dem Här Tempels gesot, hie bräicht nëmme virun d'Dier ze goe fir de Punkt 8e). Wann en heibanne wier, an ech meng Erklärunge géif ginn, dass en Iech net do kéint beaflossen duerch seng Mimik an esou virun, duerch säin Drock, deen hie kéint maachen, ass en elo, well en en Diplomat ass, virun d'Dier gaangen.

E kann awer selbstverständlech, wa mer driwwer ofstëmmen, erëm erakommen. Net dass mer e vergiessen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

En däerf just net bei deem Vott …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Just net beim Punkt 8e), jo.

*gagent à entretenir les surfaces entre les panneaux.*
*Le point 8f) est un contrat de bail avec une résidente de l'Äppelbësch pour la mise à disposition d'un terrain de trente mètres carrés qu'elle exploite comme jardin, ce qui contribue à la propreté du site.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande si, pour le point 8e), tous les agriculteurs actifs dans la commune ont été contactés. Sinon, pourquoi cela n'a-t-il pas été possible ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *indique que ces exploitants disposaient déjà d'un contrat.*

**GUY ALTMEISCH (DP)** *précise que les terrains concernés étaient déjà loués à ces mêmes exploitants agricoles avant l'installation de la photovoltaïque. Désormais, la Commune leur cède l'entretien pour un euro symbolique, puisqu'ils maintiennent le terrain en bon état autour de l'installation. Il n'y avait donc pas lieu de solliciter d'autres agriculteurs.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *confirme qu'il s'agit bien des mêmes exploitants et se déclare satisfait.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *suggère de voter séparément le point concernant monsieur Tempels pour que celui-ci puisse prendre part aux autres votes.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique qu'il a demandé à monsieur Tempels de sortir de la salle pour le point 8e). Il précise que si monsieur Tempels restait à l'intérieur, il pourrait influencer les conseillers par sa mimique ou par la pression qu'il exercerait. En sa qualité de diplomate, monsieur Tempels s'est donc retiré de plein gré.*
*Le bourgmestre ajoute que monsieur Tempels pourra naturellement revenir lorsque le vote sur ce point sera terminé, et qu'il ne faut pas l'oublier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que monsieur Tempels ne doit pas être présent uniquement pour ce point précis. Le bourgmestre hoche la tête et suggère de commencer par*

*voter sur le point 8e), suivi d'un retour de monsieur Tempels pour les votes sur les points 8c), 8d) et 8f).*
*Il demande s'il y a des interventions, des remarques ou des propositions d'amélioration concernant les points qu'il a présentés. En l'absence de réaction, il procède au vote sur le point 8e).*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *fait revenir monsieur Tempels et lance le vote sur les points 8c), 8d) et 8f).*
*(Votes)*
*Guy Altmeisch passe ensuite au point 8g) et donne la parole à monsieur Hartung.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *indique qu'il s'agit d'une simple formalité : un avenant à un contrat dans le cadre du projet Gravity. La composition du ménage de la famille a changé, ce qui nécessite la conclusion d'un nouvel avenant avec le locataire.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *aborde le point 9 de l'ordre du jour, consacré aux règlements communaux, et redonne la parole à monsieur Hartung pour présenter la dotation et l'attribution de l'allocation de solidarité.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce qu'à partir de 2026, la commune propose une modification importante et positive de cette allocation. La nouvelle mise en œuvre repose sur le principe de la simplification administrative et du « Once Only » : les citoyens n'ont plus qu'à déposer une seule demande auprès du ministère, et tout est réglé pour eux.*
*La Commune peut ensuite, sur la base du listing du Fonds national de solidarité, verser automatiquement l'allocation de solidarité sans que les bénéficiaires aient à remplir un formulaire séparé. Ainsi, toute personne qui obtient l'allocation de vie chère auprès de l'État reçoit automatiquement l'allocation de solidarité communale, ce qui élimine le phénomène de non-recours et garantit que 100 % des ayants droit perçoivent effectivement cette aide.*

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV)**

Deen huele mer eraus.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir stëmmen iwwer d'Punkten 8c), 8d) of, mam Här Tempels heibannen. Oder mir stëmme fir d'éischt iwwer de Punkt 8e) of. Esou ass et. Mir stëmmen iwwer de Punkt 8e) of. An duerno iwwer déi aner, dann huele mer den Här Tempels erëm mat bäi. Okay?

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et nach Wuertmeldungen oder eng Informatioun, oder eng Verbesserung, e Virschlag zu deene Punkten, déi ech Iech virgestallt hunn? Wann net, da kéime mer zum Vott iwwer de Punkt 8e).

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail agricole portant sur les terrains situés à Niederkorn, aux lieudits Am Kannerbongert et Tinnesgruendchen, avec Rachel Fischer.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail agricole portant sur les terrains situés à Niederkorn, aux lieudits Am Kannerbongert et Tinnesgruendchen, avec Guy Tempels.*

---

Ech soen Iech Merci. Wann den Här Tempels dann erëm heibannen ass, da géife mer ofstëmmen iwwer d'Punkten 8c), 8d) an 8f). Elo ass den Här Tempels an der Approche. Hei ass en.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un bureau situé au premier étage dans l'immeuble connu sous la dénomination Markenhaus à Differdange au 7, avenue de la Liberté, avec Luxembourg Art & Fashion Formation.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail relatif à un espace de création au 1535° Creative Hub avec SenseTree Studio SÀRL-S.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail visant la location d'un terrain sis aux abords de la rue Aeppelboesch à Niederkorn avec Inês Faria Lourenco.*

---

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8g). Här Hartung, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei handelt et sech ëm eng reng Formalitéit. Et geet ëm en Avenant fir e Kontrakt am Gravity. D'Composition du ménage bei enger Famill huet sech do changéiert. Dofir musse mer hei en neien Avenant mam Locataire maachen.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à un contrat de bail établi conformément aux dispositions relatives au logement abordable, pour un logement locatif au sein du complexe Gravity à Differdange, avec Manuel Abrantes Coelho.*

Kéime mer zum Punkt 9 vun eisem Ordre du jour. Dat sinn d'Gemengereglementer. Hei géif ech d'Wuert nach eemol un den Här Hartung ginn, deen eis Erklärungen zu enger Dotatioun vun der Attributioun vun der Allocation de solidarité gëtt. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Richteg. Ab dem Joer 2026 proposéiere mer eng wichteg a ganz positiv Ännerung am Beräich vun eiser Allocation de solidarité.

Déi nei Ëmsetzung steet ganz am Zeeche vun der administrativer Vereinfachung an dem Prinzip Once-Only. D'Leit musse just nach eng Demande um Ministère ufroen, domat wier fir si alles erleedegt.

Fir d'Gemeng heescht dat, datt mir op Basis vum Listing vum FNS, dem Fonds national de solidarité, automatesch kënnen eis Allocation de solidarité ausbezuelen, ouni datt d'Leit nach eng Kéier e separate Formulaire oder eng separat Demande bei eis mussen ausfëllen an eraginn.

Dat bedeit, wien eng Allocation de vie chère beim Staat ufreet a se do kritt, kritt dann automatesch och d'Allocation de solidarité vun der Gemeng, esou wéi en d'Recht drop huet. Et gëtt also keng Non-recourse méi. Wat bedeit, datt 100 % vun de Beneficiairen dës Hëllef och wierklech kréien. Dat ass besonnesch wichteg, well grad dës Leit op déi finanziell Ënnerstëtzung ugewise sinn.

Deementspriechend hu mer am Budget déi finanziell Enveloppe däitlech eropgesat. Mir ginn, wann een den Initial just kuckt, vun 2025 op 2026 vun 2,6 op 3,6 Milliounen Euro erop. Wuel wëssend, datt mer awer och dëst Joer schonn ugepasst haten, datt mer do scho bei 3,2 waren, well mer eeben och vill déi Demarchë gemaach hunn a vill Reklamm gemaach hunn, datt d'Leit och wëssen, datt se dat zegutt hunn.

Ech denken, dat ass eng kloer Investitioun an d'sozial Gerechtegkeet an d'Ënnerstëtzung vun eise Biergerinnen a Bierger.

Konkreet fir den Eenzelne bleift de Montant onverännert fir deen, dee se bis elo ugefrot huet. D'Allocation de solidarité fir déi Leit, déi zu Déifferdeng wunnen, entsprécht weiderhi 50 % vum Montant vun der Allocation de vie chère, eebe gerechent op dat Joer virdrun. Awer, wéi gesot, mer erreechen elo 100 % vun de Leit.

An et huet nach weider Virdeeler: D'Ausbezuele geet méi séier a méi transparent, et gëtt eng staark Reduktioun vum administrativen Opwand, wéi gesot, souwuel fir d'Leit wéi fir eis als Verwaltung. Eise Budget ka méi kloer a prezis geplangt ginn. An d'Prozedur garantéiert eng méiglechst héich Anonymitéit vun den Empfänger.

Dir gesitt op der Cloud, datt d'Commission sociale dësen Dossier virgestallt krut, a si huet e positiven Avis ofginn. Déi recommandéiert Aspekter vun hir si berécksiichtegt ginn. Et gëtt natierlech drop opgepasst, datt d'Personen tatsächlech am Joer 2026 zu Déifferdeng wunnen. Dat ass jo u sech awer weiderhin eng Allocatioun vun 2026.

Den Office social bleift natierlech déi Instanz, déi d'Date vum FNS kritt a se un eis Recette weiderleet. Wou dann, wéi vun der Gesetzgeebung virgesinn, och d'Kontroll gemaach gëtt, ier d'Bezuelungsmandater ausgestallt ginn.

Dësen neie Modell ass e groussen a wichtege Schratt no vir. Mir reduzéieren d'Bürokratie, mir vereinfachen d'Prozeduren a mir garantéiere méi Transparenz an eng méi breet sozial Ofdeckung. Virun allem awer suerge mir dofir, datt keen, deen op dës Hëllef ugewisen ass, se net kritt, well e se net géif ufroen.

Dofir bieden ech Iech, dëse Punkt matzestëmmen a soen Iech villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deenen Erklärunge vum Här Hartung? Nee. Mir kommen zum Vott.

*L'enveloppe budgétaire passe de 2,6 à 3,6 millions d'euros entre 2025 et 2026, alors que le montant avait déjà été ajusté à 3,2 millions en cours d'année grâce aux efforts de communication. Le montant individuel reste inchangé pour les bénéficiaires actuels et correspond toujours à 50 % de l'allocation de vie chère calculée sur l'année précédente. Jerry Hartung souligne que le versement devient plus rapide et plus transparent, que la charge administrative diminue considérablement tant pour les citoyens que pour l'administration, que le budget peut être planifié avec plus de précision et que l'anonymat des bénéficiaires est autant que possible garanti. La Commission sociale a rendu un avis favorable et ses recommandations ont été prises en compte. L'office social demeure l'instance qui reçoit les données du Fonds national de solidarité et les transmet à la recette communale, où les contrôles prévus par la législation sont effectués avant l'émission des mandats de paiement. Jerry Hartung conclut en affirmant que ce nouveau modèle réduit la bureaucratie, simplifie les procédures et garantit qu'aucune personne ayant besoin de cette aide n'en soit privée faute de l'avoir demandée. Il invite le conseil à voter en faveur de ce point.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 9b) et donne la parole à madame Charlé pour présenter les règlements d'urgence relatifs à la circulation.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente les règlements de circulation temporaires, qu'elle qualifie de relativement brefs cette fois-ci. Il s'agit d'un chantier dans la rue de l'Hôpital, à proximité immédiate de l'actuelle maison communale et de l'ancien hôpital. Les interdictions de stationnement liées au chantier de l'école de Woiwer sur le parking et les mesures prévues concernant ce chantier sont indiquées. Il y a aussi un chantier sur la Grand-rue concernant une maison privée. Elle invite les conseillers à poser leurs éventuelles questions.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à madame Charlé pour la présentation du programme 2026 du SICONA Sud-Ouest.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *expose le plan annuel 2026 du SICONA, qui comprend, comme les années précédentes, de nombreuses mesures de protection de la nature et de création de nouveaux biotopes. Elle mentionne notamment l'aménagement de nouveaux étangs en tant que biotopes au Vesquenhaff et au Rattem, ainsi que l'entretien des biotopes existants, qui constitue une part importante du programme.*
*Le projet Natur genéissen, qui promeut une alimentation durable et saine dans les cantines scolaires, est reconduit et s'accompagne d'une campagne de sensibilisation et de formation renforcée pour les petits et les grands.*
*La Commune entend d'ailleurs approfondir ce thème au-delà du cadre du SICONA. Une bonne communication est privilégiée, notamment envers les enfants, afin qu'ils puissent mieux se familiariser avec la nature, à l'école comme durant leurs loisirs.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce un changement au sein des commissions : la CSV fait savoir que Josiane Beauchaud est remplacée par Thierry Kintziger à la Commission des séniors.*
*(Vote)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *indique qu'elle n'a pas inscrit de question à l'ordre du jour et qu'elle n'a pas véritablement de nouvelle question à poser, mais qu'elle attend toujours une réponse de monsieur Ulveling à la question qu'elle a formulée la semaine dernière au sujet du Wangert. Elle fait remarquer que cette question n'a pas été abordée dans les communications et rappelle que le règlement communal prévoit que les questions présentées oralement lors d'une séance doivent recevoir une réponse lors de la séance suivante du conseil communal.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation du mode d'attribution de l'allocation de solidarité communale.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 9b). Do géif ech d'Wuert un d'Madamm Charlé weiderginn, fir eis d'Drénglechkeetsreglementer virzestelle vun der Circulatioun. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci. Dës Kéier falen déi e bësse méi kuerz aus, wéi Der vläicht am Dossier gesinn hutt. Mir hunn hei eng Kéier e Chantier an der Rue de l'Hôpital, direkt beim aktuelle Gemengenhaus, beim ale Spidol. Dann hu mer Parkverbueter, opgrond vum Chantier bei der Woiwer Schoul um Parking. Lauter Saachen, déi virgesi waren.

An dann nach e Chantier an der Grand-Rue vun engem privaten Haus. Soss fanne mer elo do weider näischt am Dossier. Wann do awer sollt eng Fro dozou sinn, da kënnt Der mer gär déi stellen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Altmeisch huet keng Fro. Merci, Här Meisch, fir dee klenge Rappell. Ech sinn awer nach ëmmer interesséiert un deem Punkt, dat ass ganz kloer. Et ass vläicht eng Deformatioun, ech weess net, wéi een déi nennt. Mee wann Der do keng Wuertmeldung hutt oder eng Fro hutt, da kéime mer do zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Kéime mer zum Punkt 8c), ech géif nach eng Kéier d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, fir de Programm vum SICONA Sud-Ouest, den Exercice 2026 virzestellen. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci, Här Altmeisch. Am SICONA Joresplang 2026 fanne mer, wéi och déi lescht Joren, vill verschidde Moossnamen, fir eis Natur ze schützen an natierlech och verschidde Moossname fir d'Schafe vun neie Biotoper.

Sou fanne mer hei, zum Beispill, eng nei Uleeung vu Weieren als Biotopen um Vesquenhaff an um Rattem. Donieft mécht den Entretien vu besteeënde Biotopen eng grouss Zomm vum Joresplang aus. Hei ginn deelweis verschidden nei Plantatiounen dobäi geplangt, souwéi awer och den alljärlechen Entretien, dee muss gemaach ginn, virgesinn.

De Projet „Natur genéissen", deen eng nohalteg a gesond Ernärung an eise Schoulkantinne férdert, ass am Plang 2026 erëmzefannen. Hei steet net nëmmen d'Weiderféierung vum Projet un, mee och eng verstäerkt Campagne fir d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vu Grouss a Kleng.

Dëst ass iwwregens en Theema, mat deem mir eis als Gemeng d'nächst Joer wëlle verstäerkt auserneesetzen, och ausserhalb vum SICONA Joresplang.

A ville Beräicher vun der SICONA gëtt op eng gutt Kommunikatioun gesat. Esou solle virun allem d'Kanner méi Méiglechkeete kréien, sech mam Theema Natur auserneenzesetzen, dëst an der Schoul, wéi och an hirer Fräizäit.

Villmools merci, dëst esou matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé, fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen zu deem Punkt? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le programme d'action du Sicona Sud-Ouest pour l'exercice 2026.*

Ech soen Iech Merci. Ier mer zu der Séance non-publique kommen, hätt ech

nach am Punkt 11 e Changement Iech matzedeelen an de Kommissiounen. D'CSV deelt eis mat, d'Madamm Josiane Beauchaud gëtt remplacéiert vum Här Thierry Kintziger an der Seniorekommissioun.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Da kéime mer zu der Séance non-publique.

**MÉI STËMMEN:**

D'Froen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Pardon. Jo, Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat keng Fro ugemellt, ech hunn och net wierklech eng Fro, mee ech erwaarde mer nach eng Äntwert vum Här Ulveling op meng Fro vu leschter Woch iwwer de Wangert. Et war elo net an de Kommunikatiounen drop agaange ginn.

U sech gesäit d'Gemengereglement vir, dass an der nächster Séance vum Conseil communal op d'Froe soll agaange ginn, déi oralement presentéiert gi waren an der Séance virdrun.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech war leider e bëssen éischter gaangen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech weess. Dofir.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dofir konnt ech Iech éischtens d'Fro net lauschteren an och net äntwerten. Mee ech hunn dann elo matkritt, ëm wat et geet.

Also et ass esou, dass mer am Fong mat deem leschten, wou mer nach e Probleem haten am Wangert, en Accord fonnt hunn. Soudass mer elo kënne bei den Nottär goe mat den Akten, fir déi ze maachen. Fir dass déi Leit, déi eis déi Terrainen, déi dann deelweis an der Strooss leien, kënnen oftrieden. Soudass mer do eng propper Situatioun hunn. Well mir jo och am Prinzip net op Privatterrain schaffe loossen oder schaffe ginn.

Den Nottär, deen elo zimmlech vill Aarbecht huet, virun de Feierdeeg, wäert déi Akte warscheinlech am Januar dann all duerchhuelen an dann déi Saach regulariséieren.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay. Villmools merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gär geschitt!

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dierf ech eng Fro stellen, déi ech net ugemellt hat? Et ass eng ganz kuerz.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Mir si jo no bei den hellegen Deeg, bei Chrëschtdag an esou virun, do maache mer da verschidden Ausnamen zu eisem Règlement d'ordre interne.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gären.

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il a malheureusement quitté la salle un peu plus tôt lors de la dernière séance, ce qui l'a empêché d'entendre la question et d'y répondre. Il précise toutefois qu'il est désormais au courant du sujet.*
*Il indique qu'un accord a été trouvé avec la dernière personne avec laquelle la Commune avait encore un problème au Wangert. La Commune peut donc à présent se rendre chez le notaire pour établir les actes permettant aux propriétaires de céder les terrains situés en partie sur la voie publique. Cela permettra de régulariser la situation, car la commune ne fait pas réaliser de travaux sur des terrains privés. Le notaire, qui a une charge de travail considérable avant les fêtes, traitera vraisemblablement l'ensemble des actes en janvier afin de régulariser définitivement l'affaire.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie l'échevin, puis demande s'il lui est possible de poser une question qu'elle n'a pas inscrite au préalable.* **GUY ALTMEISCH (LSAP)** *accepte en soulignant que, la période des fêtes approchant, le collège échevinal consent à faire quelques exceptions au règlement d'ordre intérieur.*

*Laura Pregno (déi gréng) observe alors que plusieurs partis ont relevé, dans leurs discours, que le délai entre la présentation du budget et le vote est très court — sept jours calendaires seulement —, ce qui laisse peu de temps pour étudier le dossier en profondeur. Elle rappelle que monsieur Ulveling a lui-même estimé que certains points n'avaient peut-être pas été suffisamment approfondis par les conseillers, en imputant cela à la brièveté du délai. Elle demande donc si le collège échevinal envisage de réviser le calendrier rendu public la semaine dernière, puisque le même délai de sept jours est prévu pour l'année suivante, et suggère d'accorder davantage de temps aux partis.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reconnait la pertinence de la remarque et s'engage à communiquer, lors de la prochaine séance du conseil com-*

*munal, les modalités d'une meilleure organisation.*
*Il tient cependant à préciser que le délai n'est pas d'une semaine, mais de deux semaines au total : les conseillers reçoivent les chiffres cinq jours calendaires avant la présentation, puis disposent de sept jours supplémentaires pour les analyser. Il ajoute, sur un ton humoristique, que le collège échevinal se montre très réactif dans ses réponses, plus rapide même que le temps dont les conseillers ont besoin pour poser leurs questions.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souligne en outre que l'enregistrement de la séance du conseil communal n'a été mis en ligne qu'aujourd'hui, ce qui empêche les conseillers et les citoyens de réécouter les explications et les précisions apportées lors de la présentation du budget. Elle estime qu'il est dans l'intérêt de toutes les parties — l'opposition, la majorité et les citoyens — de disposer de davantage de temps entre les deux séances, et invite le collège échevinal à y réfléchir.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *conclut en assurant que le collège échevinal profitera de la pause de fin d'année pour mener une réflexion approfondie sur ce sujet et formuler une proposition concrète lors de la prochaine séance du conseil communal. Il propose ensuite de passer à la partie non publique de la séance, en l'absence d'autres questions.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass mir respektiv eis opgefall, dass jo elo verschidde Parteien an hire Rieden drop agaange sinn, dass den Delai vun der Presentatioun vum Budget a vum Vott vum Budget ganz enk wier. Also et ware jo elo siwe Kalennerdeeg, wat jo awer kuerz ass, wann ee sech muss an den Dossier eraschaffen.

Den Här Ulveling huet jo och gesot, mir hätten eis bei verschiddene Punkte vläicht net gutt genuch erageschafft an dat op dee kuerzen Delai zréckgefouert. Do ass d'Fro: Wëllt Der vläicht Är Datume revidéieren, déi Der d'lescht Woch public gemaach hutt? Well deen nämmlechten Delai vu siwen Deeg ass elo fir d'nächst Joer virgesinn. An et wär vläicht flott, ob een do kéint nach eppes dru réckelen an de Parteien e bësse méi Zäit zur Verfügung ze stellen.

Merci

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Se ass richteg, Är Bemierkung. Mir huelen dat elo mat a mer wäerten Iech dann an där nächster Gemengerotssitzung matdeelen, wéi mer dat kënne besser organiséieren.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass et net eng Woch war, mee et sinn am Fong geholl zwou Wochen. Dir kritt jo fënnef Kalennerdeeg virun der Presentatioun d'Chifferen. An da kritt Der siwen Deeg Zäit, fir se ze verschaffen.

An ech wëll awer och drop hiweisen, dass mir als Schäfferot ganz spontan sinn a méi schnell sinn an den Äntwerten, wéi Dir Zäit hutt, fir Iech Froen ze iwwerleeën.

(Gelaachs)

Dat gesot, ech wëll awer gären Är Froe mathuelen an dann eis iwwerleeën, wéi mer dat kënne méi flexibel gestalten, dass jiddwereen heibannen zefridden ass a jiddweree kann eng valabel Aarbecht leeschten.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Well et muss een och bedenken, dass den Enregistrement vum Gemengerot elo haut online war. Dat heescht, wann ech elo wéilt nolauschtere goen, wat Dir eis d'lescht Woch erkläert hutt oder wéi eng Prezisioun Der vläicht zu deem engen oder deem anere Punkt ginn hutt, da kann ech dat net maachen. Respektiv d'Leit an de Parteie kënnen dat och net maachen.

An dat ass awer interessant, och notamment fir de Bierger dobaussen, engersäits d'Presentatioun ze lauschteren an dann herno och dat, wat d'Oppositioun an och d'Majoritéitsparteie soen. A sech wierklech e komplett Bild vun deem ganze Budget ze maachen.

Also et ass, mengen ech, fir all Partei vu Virdeel, wann e bësse méi Zäit dotëschent ass. Mee iwwerleet Iech et. Kuckt et a reflektéiert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir wäerte vun eiser Paus ausganks dës Joers, déi mer da maachen, profitéieren, fir eis do wierklech intensiv Gedanken driwwer ze maachen an dann eng reell Propositioun Iech ze maachen am nächste Gemengerot.

Wa mer weider keng Froe méi hunn, da géife mer an d'Non-publique iwwergoen

# DIFFERDANGE RECHERCHE DES ACCOMPAGNATEURS POUR LE PÉDIBUS

Le pédibus garantit aux écoliers un trajet à pied sécurisé. La Ville de Differdange recherche des personnes pour accompagner à pied les enfants jusqu'à l'école. Rémunération conformément à la convention collective.

**Responsabilités**

- Établir une relation de confiance avec les parents.
- Respecter les horaires de la ligne de pédibus.
- Respecter le Code de la route et les règles de sécurité de base (surveillance, prévention, gestion des urgences).
- Accompagner les enfants jusqu'à la cour de récréation.

**Compétences requises**

- Esprit d'initiative et d'autonomie.
- Sens aigu des responsabilités.
- Esprit d'équipe.

**Langues requises**

- Luxembourgeois (compréhension).
- Français ou allemand.

**Documents requis**

- Extrait récent du casier judiciaire (3 et 5).
- Curriculum vitae indiquant l'adresse complète.
- Lettre de motivation.
- Copie recto verso d'une pièce d'identité en cours de validation.
- Copie de la carte de sécurité sociale.

Envoyez votre candidature au service scolaire de la Ville de Differdange.

**Ville de Differdange**
**Service scolaire**
**B.P. 12**
**L-4501 Differdange**

ou

**pedibus@differdange.lu**

# DIFFMAP : LA CARTE INTERACTIVE POUR TOUT SAVOIR SUR DIFFERDANGE

La Ville de Differdange lance la Diffmap, une carte interactive développée par le service de l'urbanisme. Cet outil en ligne, gratuit et accessible à tous, centralise les informations pratiques dont les Differdangeois et les visiteurs ont besoin au quotidien.

**Cinq rubriques pour explorer Differdange**

**Vie locale —** localisez rapidement les services essentiels (banques, hôpital, poste, pharmacies…), les infrastructures sportives, les sentiers, les parcs et espaces de barbecue, les musées (avec une courte description) et les aires de jeux. Pour chaque aire de jeux, vous saurez d'un coup d'œil si un parking est disponible, s'il existe des places de stationnement PMR, si les chiens sont admis et si des toilettes sont accessibles.

**Mobilité —** obtenez des informations en temps réel sur les emplacements de stationnement (payants ou gratuits, couverts ou découverts, accessibles aux camionnettes), les stations Vël'OK (avec le nombre de vélos ordinaires et électriques disponibles), les stations Flex ainsi que les lignes de Diffbus et leurs horaires. De plus, trouvez les bornes de recharge AC et CC, ainsi que leur puissance et leur disponibilité.

**Urbanisme —** retrouvez les adresses, les noms de rue, la localisation des projets d'aménagement particuliers (PAP), du Plan d'aménagement général (PAG) et des limites communales.

**Éducation —** identifiez les universités, les lycées, les écoles fondamentales et les maisons relais ainsi que leurs coordonnées. Identifiez également les secteurs scolaires et les lignes de pédibus, ainsi que leurs arrêts et leurs horaires.

**Smart City —** visualisez les mesures de température et d'humidité collectées en temps réel sur le territoire communal.

**Un outil pensé pour vous**

Que vous cherchiez une pharmacie ouverte, un endroit où piqueniquer en famille ou les informations sur un projet urbanistique, la Diffmap vous répond. La Commune prévoit en outre d'élargir son offre de données à l'avenir.

**diffmap.differdange.lu**

LA VILLE DE DIFFERDANGE &
L'HMDIFFERDANGE PRÉSENTENT

# LIVE AM PARK

NUIT DU SPORT 2026
ORG. SERVICE DES SPORTS

ENTRÉE GRATUITE

11h30 -22h00

6 JUIN 2026

PARC DE GERLACHE
DIFFERDANGE

CINÉMA
MUSIQUE

11:30 HARMONIE HAUTCHARAGE
12:30 FANFARE NIEDERKORN
13:30 HARMONIE DE SOLEUVRE

17:15 NOJEMER MUSIK
18:15 «LA LYRE» HELLANGE
19:15 HARMONIE KLEINBETTINGEN



15:00
ZOOTOPIE 2
VERSION FRANÇAISE



20:30
LILO & STITCH
LIVE ACTION VERSION FRANÇAISE

Ville de Differdange

HMD HARMONIE MUNICIPALE DE LA VILLE DE DIFFERDANGE

WWW.DIFFERDANGE.LU
WWW.HMDIFFERDANGE.LU

ALL REITZ RESERVED
BC ONE
DE LÄB
EDSUN
FEED THE FOX
IREM
JAYO BRUDJEZ
JOEL MARQUES
LAURENT UNCHAINED
LUCAS FERRAZ
MISS SAPPHO
OKE



GRATIS ENTRÉE

# MADE IN LUXEMBOURG

**27.06.2026** **17:00 - 01:00**

## MAARTPLAZ, DÉIFFERDENG

Ville de Differdange

L' essentiel

Eldoradio